pétange
MOTIVATION COMMUNE


# PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 147 – Abrëll 2022




## Gemengerotssëtzunge

vum 10.12.2021, 13.12.2021, 17.12.2021, 31.01.2022 an 28.02.2022

# Dans ce numéro:


**1** Compte rendu de la séance du conseil communal du 10.12.2021
Gemeinderatssitzung vom 10.12.2021

(Fichier audio)

**14** Compte rendu de la séance du conseil communal du 13.12.2021
**53** Gemeinderatssitzung vom 13.12.2021 (Kurzform)

(Fichier audio)

**54** Compte rendu de la séance du conseil communal du 17.12.2021
**68** Gemeinderatssitzung vom 17.12.2021 (Kurzform)

(Fichier audio)

**70** Compte rendu de la séance du conseil communal du 31.01.2022
**76** Gemeinderatssitzung vom 31.01.2022 (Kurzform)

(Fichier audio)

**78** Compte rendu de la séance du conseil communal du 28.02.2022
**94** Gemeinderatssitzung vom 28.02.2022 (Kurzform)

(Fichier audio)

**97** Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins

**100** Règlements communaux / Morcellements de terrains / L'organique sans plastique



**Péiteng Aktuell**

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.600 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

**Éditeur responsable:**
Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange

+352 50 12 51 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Commune de Pétange

**Rédaction et mise en pages:**
Service Culture et communications de la commune de Pétange

# Conseil communal

## Séance publique du 10 décembre 2021

***Durée de la séance**: 17.00 à 18.30 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absent et excusé:**

**Arendt Patrick** (CSV)

## ORDRE DU JOUR

**Séance publique (17.00 heures)**

Point unique:

Présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins sur le budget rectifié de 2021 et le projet de budget pour 2022 de l'administration communale.

---

## COMPTE RENDU

### Point unique.

**Budget rectifié de 2021 et projet de budget pour 2022.**

Présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins sur le budget rectifié de 2021 et le projet de budget pour 2022 de l'administration communale.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dir Dammen an Hären,

Den initiale Budget 2022 ass, trotz der Pandemie, markéiert duerch eng Reprise vun eiser Wirtschaft, déi sech positiv op d'Gemengefinanzen auswierkt, och wa mir, wat d'Entwécklung vun den net affektéierte Revenuen ubelaangt, nach wesentlech ënner de Prognose vun der Inneministesch vum 11. Dezember 2019 aus der Circulaire 3753 leien. Ech kommen nach méi spéit drop zeréck.

**Données de référence 2022**

- **Excédent au budget 22: 25,66 millions €**
- **Dépenses extraordinaires 22: 65,12 millions €**
- **Dépenses totales 22: 125,5 millions €**
- **Dette communale fin 22: 3,37 millions €**
- **Réserve financière fin 22: 11,7 millions €**
- **Solde financier fin 2022: + 8,3 millions €**

Eng Entwécklung, déi allerdéngs déi ëffentlech Finanzen am Generellen an an eisem Fall d'Finanze vun der Péitenger Gemeng besonnesch staark belaascht, ass sécherlech déi explosiounsaarteg Erhéijung vun de Präisser, déi generell bei +/- 30% leien, an déi eis extraordinär Projete wesentlech méi deier maachen. Verschidden adaptéiert Devisen hu mir Iech schonn an der Sëtzung vum 22. November presentéiert, anerer wäerte mir Iech, esoubal mir fiabel Donnéeën hunn, an der Sëtzung vum 17. Dezember 2021 virleeë resp. um Ufank vum nächste Joer op d'Dagesuerdnung vum Gemengerot setzen.

Eis streng a konsequent Finanzpolitik aus de leschten 20 Joer erlaabt dem Schäfferot, Iech haut op en Neits e Budget 2022 virzestellen, deen sech an d'Budgete vun de leschte Joren areit an deen duerch gutt Parametere gekennzeechent ass. Dat heescht:

1. De Budget 2022 gesäit en zolitten Iwwerschoss vun 25,66 Milliounen € am ordinären Deel vir.

2. Mat 65,12 Milliounen € leien d'Investitiounen op engem Rekordniveau a klammen nach emol par Rapport zum leschte Joer. Och dëst Joer leien déi extraordinär Ausgabe mat 65,12 Milliounen € iwwer den ordinären Ausgabe mat 60,39 Milliounen €, dat heescht ëm 7,8 %. D'Gemeng Péiteng bleift also weider op der Schinn vun hirem ganz ambitiéisen Investitiounsprogramm, deen de Gemengerot sech am Juni 2018 eestëmmeg ginn hat. Méi spéit wäert ech am Detail och op dëse Punkt agoen.

3. Mat ronn 125,5 Milliounen € leien am Budget 2022 d'Gemengenausgaben, déi ordinär an extraordinär zesummen – wäit iwwer dem Seuil vun 100 Milliounen €, dee mir 2021 fir d'éischt depasséiert haten.


4. D'Gemengeschold geet och 2022 ëm 1,36 Milliounen € erof a wäert Enn 2022 nëmme méi bei 3,37 Milliounen € leien.

5. D'Reserven dogéint bleiwe par rapport zum Budget 2021 stabil a leie mat 11,7 Milliounen € däitlech iwwer eiser Gemengeschold. Mat engem erwaarten definitive Boni vu 7,23 Milliounen € Enn 2022, a mat engem „Fonds de réserve Pacte Logement" vu 4,48 Milliounen € Enn 2022 huet d'Péitenger Gemeng net nëmmen nach ëmmer e finanzielle Sputt fir de Finanzement vun hirem Investitiounsprogramm an dëser Mandaatsperiod ze garantéieren, awer bleift doriwwer eraus weiderhi bis Enn 2022 mat enger Netto-Reserve – dat heescht „réserve financière" minus „dette communale" – vun 8,3 Milliounen € de facto scholdefräi. Dëst ass zënter 2018 elo dee 5. Budget, wou d'Finanzreserven um Enn vum Exercice méi héich sinn ewéi eis Gesamtgemengeschold, esou datt eis Gemeng elo scho 5 Joer scholdfräi ass. Am Géigendeel zu deem, wat ech bei der Budgetsdiskussioun vum Joer 2021 an Aussiicht gestallt hat, nämlech, datt d'Gemeng Péiteng spéitstens am Budget 2022 opgrond vun de ganz ville Projeten op en Emprunt zeréckgräife misst fir hir weider Investitiounen ze finanzéieren, ass dat awer elo net noutwenneg gewiescht.

D'Viraarbecht vum Budget 2022, déi opgrond vun der Budgetscirculaire Nummer 4048 vum 25. Oktober 2021 vun der Gemengeverwaltung ënner der Koordinatioun vum Finanzservice, dem Här Thierry Balance an der Madamm Marina Paoletti, gemaach gouf, ass Enn November ofgeschloss ginn an d'Budgetsdokument ass vum Schäfferot a senger Sëtzung vum 26. November arrêtéiert ginn. Dee selwechten Dag ass de rektifizéierte Budget 2021 an den initiale Budget 2022 dem Gemengerot iwwer Sigidrive an iwwer Mail zougestallt ginn. Deemno huet all Conseiller 16 Deeg Zäit, dat voluminéist Dokument iwwer e puer honnert Säite bis zur Diskussioun am Gemengerot, den 13. Dezember ze analyséieren an ze begutachten.

E grousse Merci geet dofir un den Här Thierry Balance an d'Madamm Marina Paoletti vum Finanzservice, déi duerch hir intensiv Aarbecht gesuergt hunn, datt dëst wichtegst Gemengendokument och dëst Joer an engem adäquaten Delai de Gemengeconseilleren zougestallt konnt ginn, ma och allen anere Beamten, déi hinnen an de leschte Wochen déi néideg Ënnerstëtzung ginn hunn.

D'Gemengeconseillere wäerten – wéi dat an eiser Gemeng Traditioun ass no der Presentatioun vun haut duerch de Schäfferot – den nächste Méindeg hir Kommentaren a Froen zum Budget presentéieren an an der drëtter Sëtzung, de 17. Dezember, wäert de rektifizéierte Budget 2021 an den initiale Budget 2022 zum Vote stoen. Dat, nodeems am Virfeld iwwer eng Rei Devise vun extraordinäre Projeten deliberéiert gouf.




Et ass erfreelech festzestellen, datt déi dramatesch Entwécklung, déi d'Inneministesch an hirer Circulaire 3909 vum 15. Oktober 2020 an Aussicht gestallt hat, net agetratt ass, och wa mir déi optimistesch Prognose vun der Evolutioun vun der Haapteinnahmequell, dem „Fond de dotation globale des communes", esouwéi dës an der Circulaire 3753 vum 11. Dezember 2019 vum Inneministère virausgesi ginn ass, natierlech net wäerten erreechen. Effektiv weist den Tableau eis, datt de „Fond de dotation globale des communes" fir d'Joren 2020 bis 2022 wuel e gutt Stéck ënner den Erwaardunge vun der Circulaire vum 11. Dezember 2019 läit. Allerdéngs net an deem Mooss, wéi nach d'Iescht Joer gefaart gouf. Dat heescht:

- Am Joer 2020 - 56,15 Milliounen € par rapport zu 61,14 Milliounen €
- Am Joer 2021 – 60,56 Milliounen € par rapport zu 64,20 Milliounen €
- Am Joer 2022 – 62,88 Milliounen € par rapport zu 68,18 Milliounen €.

Dat bedeit fir eis Gemeng eleng iwwer dës Haapteinnahmequell op Grond vum Kont 2020, vum rektifizéierte Budget 2021 a vum initiale Budget 2022 e Minus vun am Total 13,96 Milliounen €, déi eis sécher fir de Finanzement vun eisen Investitutioune feele wäerten, an déi eventuell am Joer 2023 en Emprunt noutwenneg maache wäerten. Dat weist awer och, wéi wichteg et ass, eng kohärent wäitsiichteg Finanzplanung ze maache wann een net wëll riskéieren, Problemer ze kréien an enger Situatioun, ewéi mir se an dëser Pandemie kennegeléiert hunn.

## Evolution financière

- **Budget 2021 – Budget 2022**

- **Variation des recettes ordinaires:**
  **+ 11,47 %**
- **Variation des dépenses ordinaires:**
  **+ 8,42 %**
- **Variation de l'excédent ordinaire:**
  **+ 19,34 %**

Vergläicht een den ordinäre Budget 2022 par rapport zum ordinäre Budget 2021, esou stellt ee kloer e positiven Trend fest. Effektiv klammen déi ordinär Recette par rapport zum Budget 2021 ëm 11,47%, ma gläichzäiteg ginn awer och déi ordinär Ausgaben zolitt, dat heescht ëm 8,42% erop. Dës positiv Entwécklung op der Recettesäit ass zu engem ganz grousse Deel op d'Erhéijung vun dem „Fond de dotation globale des communes" zeréckzeféieren, déi vun der Inneministesch an hirer Circulaire 4048 op 11,2% par rapport zum Kont 2020 geschat gëtt, eng substanziell Erhéijung, déi sécher engersäits op déi iwwerdriwwe virsiichteg Prognos vum Inneministère an senger Circulaire 3909 vum leschte Joer, esou wéi op d'Relance vun eiser Wirtschaft no der Pandemie zeréckzeféieren ass.

Op där aner Säit klammen déi ordinär Ausgaben och an engem aussergewéinleche Mooss. Dëst ass haaptsächlech duerch d'Erhéijung vun der „Charge salariale" – wat duerch eng Rei Neiastellungen, awer och opgrond vun der Indextranche, déi am Oktober ugefall ass, bedéngt ass - esouwéi och duerch déi steigend Energie- a Spritpräisser a schlussendlech déi méi héich Partizipatioun un de Käschte vun den interkommunale Syndikater ewéi dem SES, dem SIACH, dem SIGI esouwéi vum „Etablissement public" CGDIS.

Den ordinären Iwwerschoss schlussendlech geet am Budget 2022 par rapport zum Budget 2021 ëm 19,34% erop a läit mat 25,66 Milliounen € op engem héijen Niveau. Dëst ass awer haaptsächlech – an ech ka mech nëmme widderhuelen – op déi rigoréis Ausgabepolitik am ordinäre Budget zeréckzeféieren, déi mat knapp 3.000 € pro Awunner senges Gläichen zu Lëtzebuerg sicht.


## Evolution financière

- **Budget 2021 – Budget rectifié 2021**


- **Variation des recettes ordinaires:**
  **+ 7,43 %**
- **Variation des dépenses ordinaires:**
  **- 1,12 %**
- **Variation de l'excédent ordinaire:**
  **+ 29,60 %**

Nom Budget 2021, deen sech éischter op engem ze grousse Pessimismus vum Inneministère baséiert huet, ass et eigentlech logesch, datt de rektifizéierte Budget 2021 eng wesentlech méi positiv Note kritt ewéi dat d'lescht Joer am initiale Budget 2021 virausgesot gouf.

Am Verglach zum ordinären Deel vum initiale Budget 2021 ass am rektifizéierte Budget 2021 op der Recettesäit eng substantiell Erhéijung ze vermierken, an zwar ëm 7,43%. Eng Erhéijung, déi allt erëm haaptsächlech op d'„Dotation globale des communes" zeréckzeféieren ass, well och hei erwaart d'Circulaire 4048 vum Inneministère e Plus vu 7,3% par rapport zum Kont 2020, wat am konkrete Fall vun eiser Gemeng e Plus vu 4,2 Milliounen € par rapport zum initiale Budget duerstellt. Op der Ausgabesäit ass awer mat engem Minus vun 1,12% vum rektifizéierte Budget par rapport zum initiale Budget ze rechnen, eng liicht Variatioun, déi sécher op eng gutt Aschätzung vun eise lafende Käschte fir d'Joer 2021 zeréckzeféieren ass. Déi zwou positiv Entwécklungen, esouwuel op der Recetten ewéi op der Ausgabesäit, droen dann zu enger wesentlecher Verbesserung vum ordinären Iwwerschoss bäi, nämlech eng Erhéijung vun 29,60% esou datt den ordinären Iwwerschoss am Joer 2021 zu de beschten aus de leschte Jore wäert zielen, dat obwuel mir op e schwieregt Joer zeréckkucken.




Den Iwwerschoss am ordinären Deel vum Budget 2022 huet sech deemno erëm zolitt erkritt an erreecht mat 25,66 Milliounen € nom Budget 2020 – do louch den Iwwerschoss bei 27,17 Milliunen € - eng ausgezeechent Situatioun. Tëscht 2012 an 2017 louch dësen Iwwerschoss nämlech all Joer ëm déi 11 Milliounen €, deemno net emol bei der Halschent vum Iwwerschoss, deen am Budget 2022 virgesinn ass. Dëst kënne mir awer nëmmen erreechen duerch eng konsequent Kontroll vun de lafende Käschten - den ordinären Ausgaben -, eng absolut Viraussetzung fir trotz enorme Präiserhéijungen den néidege finanzielle Spillraum fir eisen Investitiounsprogramm ze hunn.




Am Budget 2022 leien déi ordinär Recettë mat 86,06 Milliounen €, 8,86 Milliounen € iwwer den ordinäre Recettë vum Budget 2021.


Déi net zweckgebonne Recetten, d.h. de „Fonds de dotation globale des communes“, déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier bleiwen op engem héijen Niveau a leie bei 75,79%.

Déi affektéiert Revenue maachen hirersäits 7,02% vun allen ordinäre Recetten aus. Dee gréissten Deel dovunner mécht d'Partizipatioun vum Staat un de Fonctionnementskäschte vun de 4 Maison Relaise mat 3,9 Millounen €, dat heescht ronn 65% dovunner, aus. Mat geschaten 1,1 Millounen € stellt déi staatlech Bäihëllef am Kader vun der Musekschoul ronn 18% vun den affektéierte Revenuen duer. Leider hunn d'Gemengen nach ëmmer keng fiabel Informatioune fir dës Partizipatioun vum Staat halbweegs valabel ze schätzen, a mir hoffen, datt dat neit Gesetz iwwer d'Musekschoulen an Zukunft eng besser Planungssécherheet fir d'Gemenge mat sech bréngt.

D'Taxenerhiewunge maachen 11,82% vun de Gesamteinnahme vum ordinäre Budget 2022 aus.

D'Loyeren an d'Chargë vu Gebailechkeeten – sief et vu verschiddene Sozialwunnengen esouwéi d'Raimlechkeeten, déi mir dem Staat, der Police, dem Office social, der Firma „Waagner& Biro“, dem Restaurant „WAX“, dem Exploitant vum QT an zënter dësem Joer och dem Exploitant vum der Brasserie am Home St Hubert asw. deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, grad esou ewéi d'Paschtoueschhaus, dat mir zu Péiteng dem Paschtouer verlounen, maachen 1,02% vun alle Recetten aus. Bekanntlech ass d'Paschtoueschhaus zu Rodange jo zënter enger kuerzer Zäit net méi bewunnt, a mir wäerten dësem Haus an Zukunft eng aner Affektatioun zoukomme loossen.

Déi restlech 4,35% setzen sech aus verschiddenen ordinäre Recetten zesummen, ë.a. d'Remboursementer vun der „Mutualité des Employeurs“, d'Remboursementer vun de Gehälter vum Office social, d'Bankzënsen an d'Remboursementer vun der TVA. Dës lescht genannte Recettë maache mat 1,5 Millounen € am Budget 2022 e gréisseren Deel aus ewéi déi Jore virdrun, dëst opgrond vun de Renovatiounsaarbechten an der Schwämm PiKo.




Am ordinären Deel vum Budget 2022 ginn d'Brutto-Ausgaben ëm 8,4% par rapport zum Budget 2021 erop, dat heescht vu 55,7 op 60,4 Millounen €, a setzen sech esou zesummen:

D'„charge salariale“ klamme vum Budget 2021 op de Budget 2022 vun 29 Millounen € op 31,2 Millounen €, dat entsprécht 51,66% vun allen ordinären Ausgaben.

2022 klëmmt den Undeel un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater an dem CGDIS vu 7,7 Millounen € op 8,6 Millounen €, wat 14,32% vun den ordinären Ausgaben duerstellt. Dëst ass haaptsächlech bedéngt duerch engersäits déi interkommunal Syndikater SIACH mat enger Progressioun vun 18,5%, den SES mat enger Progressioun vun 23,1% a S.I.G.I. mat enger Progressioun vun 13,1%, esouwéi dem CGDIS mat enger Progressioun vun 23,1%.

Mat 2,29% a knapp 1,4 Millounen € stellen d'Annuitéite fir d'Gemengeschold am Budget 2022 weiderhin eng absolut vertrietbar Charge fir eise Gemengebudget duer.

Mat 3,9 Millounen €, dat heescht 6,44% vun den ordinären Ausgaben, leien am nächste Joer d'Ënnerhaltskäschte vun eise Gebaier – ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter, déi an dëse Gebaier schaffen, bei knapp 20% iwwer dem Joer 2021. Déi steigend Energiekäschten droen zu engem gudden Deel zu dëser Erhéijung bäi. Bei der Réouverture vun der PiKo-Schwämm, esou wéi der Ouverture vun dem neie Schoulkomplex zu Rolleng an der neier Musekschoul zu Péiteng wäerten 2023 dës Käschten nach weider klammen.

D'„Prévisions sociales“ stellen am Budget 2022 vun eiser Gemeng weider e wichtege Posten duer, dat heescht de Fonctionnement vum Office social, de „Repas sur roues“, d'Téléassistance, d'Beschäftegung vun CAEen oder Apprentien, d'Subventioune vun den Aktivitéite vum CIGL a vu ProActif, der „Main tendue“ an dem Cent Buttek. 2,8 Millounen € oder 4,61% vun den ordinären Ausgabe sinn heifir am Budget 2022 virgesinn.


D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Bensin oder Diesel, d'Assurancen esouwéi den Ënnerhalt chiffréieren sech am Budget 2022 op 589.400 €, wat 0,98% vun allen ordinären Ausgaben ausmécht. Dës Erhéijung vu knapp 20% par rapport zum Budget 2021 ass gréisstendeels op d'Erhéijung vun de Bensins- an Dieselpräisser zeréckzeféieren.

958.000 € oder 1,59% vun allen ordinären Ausgabe ginn am Budget 2022 als Subsiden an Hëllefen un ASBLe verdeelt. Ronn 332.000 € dovunner gi fir d'Fonctionnementskäschte vun eise Jugendhaiser zu Péiteng a Rodange gebraucht, ronn 70.000 € fir de Minett Park, 21.228 € fir den ORT an 100.000 € fir d'Organisatioun fir d'Schnéiklassen.

Déi lafend Käschte fir den Ënnerhalt vun eise Reseauen a Stroosseninfrastrukture belafen sech am Budget 2022 op 2,5 Millounen €, dat heescht 4,07% vun allen ordinären Ausgaben.

Weiderhi bleiwen am Budget 2022 d'Käschte fir dat politescht Entscheedungsorgan, dat heescht de Gemengen- a Schäfferot mat senge legalen a konsultative Kommissiounen, mat 503.000 € oder 0,83% vun den ordinären Ausgaben op engem niddregen Niveau.

Schlussendlech bleiwen nach ronn 13,21% oder 8 Millounen € fir eng helle Wull vu verschiddenen uerdentlechen Ausgaben, ënner deenen e puer Beispiller: d'Informatik, d'Schoulmaterial, dat de Schüler aus der Grondschoul zur Verfügung gestallt gëtt, de Schoultransport, d'Fonctionnementskäschte vun eise Maison Relaisen an d'Informatiounsmëttel fir eis Biergerinnen a Bierger. Am Joer 2022 wäerten dann och ausnahmsweise 631.077 € am Kader vu Projete fir Esch 2022 am Budget ageschriwwe ginn.



D'Analys, firwat fir Beräicher, déi net zweckgebonne Revenuen, dat heescht de „Fonds de dotation globale des communes“, déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier, agesat ginn, erlaabt eis ewéi all Joer d'Schwéierpunkte vun der Péitenger Gemengepolitik duerzestellen.


Mir behalen d'Entwécklung vun deenen eenzelne Beräicher am Aen, dat am Sënn vun enger laangfristeger Finanzpolitik. Ech hunn dës Ausgaben, ewéi all Joer, an 11 gréisser Kapitelen, déi déi Haaptausgabeberäicher an eiser Gemeng duerstellen, agedeelt.

Déi net affektéiert Revenue vun der Gemeng Péiteng belafen sech am Budget 2022 op 65,2 Milliounen €, eng Erhéijung vu 6,95 Milliounen € oder 11,9% par rapport zum Budget 2021.

Si solle laut Budget 2022 esou verdeelt ginn:


1. Fir d'„Administration générale, ordre public, sécurité“ 15,6 Milliounen € oder 23,90%.
2. Fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold 1,4 Milliounen € oder 2,12%.
3. Fir d'„Prévisions sociales“ 2,2 Milliounen € oder 3,45%.
4. Fir den „Enseignement fondamental“ 6,2 Milliounen € oder 9,58%.
5. Fir eis Maison Relaisen a Crèchen 2,7 Milliounen € oder 4,15%.
6. Fir de Sport, d'Kultur, den Tourismus, d'Jugend an d'Fräizäit 4,8 Milliounen € oder 7,33%.
7. Fir d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter 3 Milliounen € oder 4,61%.
8. Fir de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Müllentsuergung e Minus vun 1,1 Milliounen € oder e Minus vun 1,68%. Och wann een d'Amortissementer nach a Betruecht zéie muss, déi hei net berücksichtegt ginn, wäert de Käschtendeckungsprinzip net zulescht och duerch d'Präisupassung fir Waasser an Ofwaasser ab dem 1. Juli d'nächst Joer an dësen dräi Beräicher weiderhi garantéiert ginn.
9. Fir eis Musekschoul 1,4 Milliounen € oder 2,14%.
10. Fir eis Schwämmen 1,1 Milliounen € oder 1,64%, allerdéngs wäert dee Betrag ab 2023 no der Réouverture vun der Schwämm PiKo erëm wesentlech klammen.
11. Fir den ëffentlechen Transport 2,2 Milliounen € oder 3,40%.

Schlussendlech behale mir awer e groussen Deel vun dësen net zweckgebonnene Recetten, nämlech 25,7 Milliounen € respektiv 39,36% fir nei Investitiounen, spriech extraordinär Ausgaben, zur Verfügung.




Mir sinn elo beim 5. Exercice vum extraordinäre Budget, d'Joer 2022. Dësen extraordinäre Budget vun der lafender Mandatsperiod gesäit fir 2022 Ausgabe vu 65,12 Milliounen € vir, déi sech esou verdeelen:


1. Am Kapitel „Enseignement fondamental, Maison Relais, Crèches“ 14,57 Milliounen €.
2. Am Kapitel „Culture, Sport, Loisirs, Jeunesse, Tourisme“ 29,94 Milliounen €.
3. Am Kapitel „Bâtiments administratifs et logements sociaux“ 1,16 Milliounen €.
4. Am Kapitel „Infrastructures routières, places et réseaux“ 11,92 Milliounen €.
5. Am Kapitel „Syndicats intercommunaux“ 2,13 Milliounen €.
6. Am Kapital „Urbanisation et lotissements" 3,1 Milliounen €.
7. Am Kapitel „Divers“ 2,3 Milliounen €, wou haaptsächlech d'Erneierung vun eisem Fuerpark mat iwwer 1,24 Milliounen € ervirstécht.




Am Budget 2022 ginn déi extraordinär Ausgaben:

- zu 39,4% iwwer den ordinären Iwwerschoss,
- zu 8% iwwer Staatssubsiden,
- zu 0,7% iwwer de Verkaf vun Immobilien,
- zu 0,7% iwwer verschidden extraordinär Recetten,
- zu 4,6% iwwer de „Fonds du Pacte Logement",
- zu 46,6% iwwer d'Reserven, d.h. den iwwerdroene Boni vun 2021

finanzéiert.



Nodeems mir d'Konten 2018 bis 2020 arretéiert hunn an elo de rektifizéierte Budget 2021 an den intiale Budget 2022 virleien hunn, hu mir 5 vu 6 Exercicer vun der aktueller Mandatsperiod 2018-2023 definéiert a gesi relativ kloer awéiwäit mir eise „plan pluriannuel d'investissements“ vum 4. Juni 2018 realiséiere wäerten. De Bilan gesäit méi wéi zefriddestellend aus, eise Programm aus der Schäfferotserklärung an eisem Plan pluriannual d'investissements wäerte mir an engem ganz grousse Deel ëmsetzen, och wa mir alt erëm mat engem onzefriddene Bléck op den Dauerbrenner, d'„Zone d'activité économique Grand-Bis“ kucken.

1. Am Kapitel „Enseignement fondamental, Maison Relais, Crèches“ sinn an de 5 éischte Jore vun der Mandatsperiod 26,13 Milliounen € virgesinn. Dëst entsprécht elo schonn dem globale Betrag vun den Investitioune vun 26 Milliounen €, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements“ virgesi waren. Et muss een allerdéngs elo an dësem Beräich vun engem Gesamtinvest vu ronn 44 Milliounen € fir dës Mandatsperiod 2018-2023 ausgoen.

2. Am Kapitel „Culture, Sport, Loisirs, Jeunesse, Tourisme“ sinn an därselwechter Period 2018-2022 58,07 Milliounen € virgesinn. Domat hu mir d'Zomm vun den Investitioune vu 35,3 Milliounen €, déi fir dëst Kapital am „Plan pluriannuel d'investissements“ virgesi waren, wäit iwwerschratt. Dat opgrond vun enger Rei Projeten, déi ursprénglech entweder net am „Plan pluriannuel d'investissements“ vun 2018 virgesi waren oder entweder wesentlech méi deier gi sinn, an dat wéinst – ma net nëmmen – der aktueller Pandemie. An dësem Beräich wäert laut den haitegen Erkenntnisser den Total-Invest bei ronn 74,5 Milliounen € fir déi ganz Mandatsperiod 2018-2023 leien.

3. Am Kapitel „Bâtiments administratifs et logements sociaux“ sinn no 5 Joer vun der Mandatsperiod 24,63 Milliounen € virgesinn. Dëst entsprécht zum haitegen Zäitpunkt genee deem, wat mat 24,6 Milliounen € am „Plan pluriannuel d'investissements“ virgesi war. Hei wäerte mir mat 25,5 Milliounen € liicht iwwer dem Betrag, dee fir d'Mandaatsperiod 2018-2023 virgesi war, leien.


4. Am Kapitel „Infrastructures routières, places et réseaux“ si bis Enn 2022 37,40 Milliounen € virgesinn. Dëst entsprécht ronn 57% vun den Investissementer vu 66 Milliounen €, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements“ virgesi waren. Hei wäerte mir, esou wéi ech dat d'lescht Joer ugekënnegt hat, sécher net déi 66 Milliounen € erreechen, dëst besonnesch op en neits opgrond vun de Verzögerunge beim „Grand-Bis“. En Total-Invest an dësem Beräich vu ronn 45 Milliounen € schéngt opgrond vun den haitegen Erkenntnisser méi realistesch.

5. Am Kapitel „Syndicats intercommunaux“ ginn tëscht 2018 an 2022 8,5 Milliounen € gebraucht. Hei hu mir d'Zomm vu 6 Milliounen €, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements“ virgesi war, schonn no 5 Joer wäit depasséiert, a mir mussen haut éischter vun enger Totalzomm vun 11 Milliounen € fir dëst Kapitel ausgoen. Dëst ausschliisslech opgrond vun enger onerwaartener Erhéijung vun den extraordinären Apporten, déi eis Gemeng un de SIACH verséiere muss.

6. Am Kapitel „Urbanisation et lotissements" läit dee viraussichtlechen Total vun den extraordinären Ausgaben an den éischte 5 Joer vun dëser Mandaatsperiod bei 5,56 Milliounen €. Dëst entsprécht zwee Drëttel vun den Investitioune vun 8,3 Milliounen €, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements“ virgesi waren. Och hei wäerte mir mat ronn 7 Milliounen € liicht ënner dem „Plan pluriannuel d'investissements“ vum 4. Juni 2018 bleiwen.

7. Am Kapitel „Divers“ sti fir d'Joren 2018-2022 am Total 11,38 Milliounen €, wou haaptsächlech de Kaf vun Immobilie mat 5,63 Milliounen € an d'Erneierung vun eisem Fuerpark mat 3,35 Milliounen € ervirstiechen. Dëst entsprécht quasi 100% vun den Ausgabe vun 11,8 Milliounen €, déi fir dëst Kapitel am „Plan pluriannuel d'investissements“ virgesi waren. Och hei wäerte mir Enn 2023 éischter bei 13 Milliounen € landen.

Mir erreechen deemno mat de Konten 2018 bis 2020, dem rektifizéierte Budget 2021 an dem initiale Budget 2022 en Total vun extraordinären Ausgabe vun 171,67 Milliounen €, wat elo no 5 vu 6 Joer scho 96,4% vum Investitiounsvolumen, dat mir de 4. Juni 2018 am Gemengerot zesumme festgeluecht haten, entsprécht. Am Total wäerten dann d'Investitioune fir dës komplett Mandatsperiod ëm 23,6% klammen, an zwar vun 178 Milliounen €, esou wéi mir dat am Juni 2018 virgesinn haten, op elo ronn 220 Milliounen €.




Fir déi éischt 5 Joer vun dëser Mandaatsperiod, dat heescht fir d'Joren 2018-2020, ass de Finanzement vun den extraordinären Ausgaben esou virgesinn:


- Zu 76,9% iwwer den ordinären Iwwerschoss,
- zu 7,3% iwwer Staatssubsidien,
- zu 5,2% iwwer de Verkaf vun Immobilien,
- zu 2,2% iwwer verschidden extraordinär Recetten, wourënner verschidden extraordinär Taxen ewéi zum Beispill d'„Taxe relative à la participation aux équipements collectifs" oder d'„Taxe de raccordement" falen,
- zu 4,1% iwwer de „Fonds de réserve Pacte Logement",
- zu 4,3% iwwer d'Reserven, dat heescht den iwwerdroene Boni vun der leschter Mandaatsperiod 2011-2017.

## Pacte au logement

- **Situation au 31.12.2022**
- **Années 2007-2020: € 15.488.995,50**
- **(+ 5.054 habitants - 15.017 -> 20.071)**
- **Prélèvement : € 11.000.000,--**
- **Solde: € 4.488.995,50**


Am Laf vun dësem Joer hu mir déi leschten Tranche vum „Pacte Logement 1.0" kritt – eng Zomm vun 977.602,50 € - an deen neie „Pacte Logement 2.0“ ass an der Tëschenzäit lancéiert. Wéi ech d'lescht Joer op dëser Plaz scho betount hunn ass et allerdéngs kloer, datt déi nei Philosophie vun dësem „Pacte Logement 2.0“ a kenger Hisiicht mat där vum „Pacte Logement 1.0“ ze vergläichen ass a sécher net déi Ënnerstëtzung vu sengem Virgänger fir d'Gemenge wäert bréngen. De „Pacte Logement 1.0“, deen d'Gemeng Péiteng de 14. November 2008 réckwierkend fir d'Joren 2007 bis 2020 mat de Ministere Fernand Boden a Jean-Marie Halsdorf ënnerschriwwen hat, huet de Gemengen am Generellen, an der Gemeng Péiteng an Besonnesche gehollef, déi Infrastrukturen am Schoul- a Betreiungsberäich fir eis Schoulkanner ze finanzéieren, déi opgrond vun dem Wuesstem vun der Bevëlkerung awer och opgrond vun den neie Besoinen an dësem Beräich noutwenneg waren. Dat sinn da bis Enn vun dësem Joer 15.488.995,50 € opgrond vun engem Wuesstem vun der Bevëlkerung vu 5.054 Awunner a 14 Joer. Den 31. Dezember 2020 war d'Populatioun vun eiser Gemeng op 20.071 Awunner geklomm.

Mir wäerten am Budget 2022 op weider 3 Milliounen € aus dem „Fonds de réserve" zeréckgräifen, esou datt mir an de Joren 2012 bis 2022 – bis elo am Total 11 Milliounen € - aus dësem Fong gebraucht hunn, an zwar exklusiv fir de Bau vu Schoulen a Maison Relaisen. Enn 2022 bleiwen dann nach knapp 4,5 Milliounen € am „Fonds de réserve Pacte Logement".




2022 brauche mir op en neits net op en Emprunt zeréckzegräife fir de Budget an d'Gläichgewiicht ze bréngen. Dat ass sécher ze engem Deel op d'Relance vun eiser Wirtschaft no der Pandemie zeréckzeféieren, awer natierlech och op déi konsequent Finanzpolitik aus de leschten 20 Joer. Mir hunn eis an de leschten 2 Jorzingten eng zolitt Finanzbasis geschaf duerch eng haaptsächlech rigoréis Ausgabepolitik am ordinären Deel vum Budget, d.h. déi Käschte goufe strikt am A behalen, esou datt mir haut no jorelaanger Aarbecht op extrem niddereg lafend Käschten – d.h. ordinär Ausgabe pro Awunner ukomm sinn – am initiale Budget 2022 leien déi bei knapp 3.000 €, wat eis nees erlaabt, extrem héich Investitiounen am Intressi vun eise Bierger ze realiséieren ouni eis Gemengeschold ze erhéijen. Mir sinn haut effektiv an der Lag, ouni Problemer op een neien Emprunt zeréckzegräife fir zukunftsorientéiert Investitiounen ze tätege wann et noutwenneg ass. Dat opgrond vun eiser niddreger Gemengeschold, esouwéi vun eisem komfortablen Iwwerschoss am ordinäre Budget. Allerdéngs warnen ech virun enger ze grousser Dynamik an deem Sënn, well déi ausgezeechent finanziell Ausgangspositioun, déi mir haut no 20 Joer haarder Aarbecht erwirtschaft hunn, kann een ouni Weideres a ganz kuerzer Zäit verspille wann een déi aktuell finanziell Konsequenz opgëtt.

Zeréckzebehale bleift, datt mir am Budget 2022 weider Remboursementer an Héicht vun 1.359.135,88 € geplangt hunn, esou datt Enn 2022 d'Gemengeschold op 3.365.953,20 € fale wäert – opgedeelt op 6 Emprunten – e Minus vu 34,8 Milliounen € zënter dem 1. Januar 2004.




Enn 2022 wäert d'Pro-Kapp-Verschëldung vun eiser Gemeng da bei 163,40 € leien. Dat bedeit eng wesentlech Verbeserung iwwer déi lescht 18 Joer. 2004 louche mir nach bei enger Pro-Kapp-Verschëldung vun 2.500 €. 2022 leie mir nach just bei 6,6% dovunner, esou datt déi jährlech Belaaschtung duerch eis Gemengeschold lafend zeréckgeet.

**Projets extraordinaires**

- **Lotissements communaux (Lotissement An Atzengen et Extension Lotissement Neiwiss)**
- **Projet ‚Haus bei der Kor‘ Pétange**
- **Projet scolaire à Rodange (école fondamentale et maison-relais)**
- **Projet de restauration vum Bauerenhaff zu Rolleng an der Buergaass**

Zum Schluss ginn ech dann nach kuerz op e puer Projeten an, déi ech perséinlech am Schäfferot begleeden. Wéi d'lescht Joer awer beschränken ech mech op déi gréisser Projeten.

1. D'Gemengelotissementer

   Déi lescht Aarbechten am Lotissement „An Atzengen“ zu Rolleng, de finale Stroosseblag am Lotissement wäerten am Laf vum nächste Fréijoer fäerdeggestallt ginn. Am Juni 2019 sinn déi éischt jonk Familljen do an hir Haiser a Wunnengen erageplënnert, an haut wunne scho 406 nei Biergerinnen a Bierger an dësem neie Quartier. Wann all Logementer bewunnt sinn – wat d'nächst Joer de Fall wäert sinn – wäerten an dësem neien Deel vu Rolleng ronn 450 Matbierger wunnen an d'Awunnerzuel vum klengsten Duerf aus eiser Gemeng, déi haut schonn op 3.172 Awunner geklommen ass, wäert bei iwwer 3.200 leien.

   D'Gemeng Péiteng wäert awer och weider u senger Logementspolitik festhalen an dofir steet d'Lotissement Neiwiss II zu Rodange mat 36 Eefamilljenhaiser a 4 Wunnengen an enger klenger Residenz an de Startlächer. Den 23. November 2020 huet de Gemengerot déi punktuell Modifikatioun vum PAG, déi opgrond vun ökologeschen Iwwerleeungen noutwenneg war, an de PAP „nouveau quartier“ 'A Stacken/Neiwiss II' eestëmmeg

ugeholl. D'Infrastrukturaarbechte fir dëst neit Gemengelotissement war dem Gemengerot an der Sëtzung vum 18. Dezember 2020 zum Vote virgeluecht ginn. D'Ausschreiwung vun dësen Aarbechten ass fir dës Woch programméiert an d'Aarbechte wäerte Mëtt Abrëll d'nächst Joer ufänken. Bedauerlecherweis ass onnëtz Zäit verluer gaangen, well den Inneministère opgrond vum Gemengerot senger Decisioun iwwer d'Verkaafskriterie vum 21. Juni 2021 kloerstelle wollt, datt d'Gemeng an deem Kontext kee Benefiz géif maachen – wat sécher net de Fall ass, awer doriwwer eraus och net gesetzlech verbuede wier.

De 5. Juli 2021 huet d'Gemeng dem Inneministère d'Berechnung virgeluecht, déi kloer beluecht huet, datt d'Gemeng ebe kee Benefiz op dësem Lotissementsprojet géif maachen. An trotzdeem datt d'Zuele kloer an däitlech waren, huet et leider awer bis den 2. November 2021 gedauert ier den Inneministère sech schrëftlech positionnéiert huet. Och de Prefinanzement vun dësen Infrastrukturaarbechten huet onverständlecherweis „redaktionell a Buchungsproblemer" opgeworf, déi bis haut nach ëmmer net geléist konnte ginn, esou datt mir, esou wéi dir am Budgetsdokument erausliese kënnt, definitiv, a fir de Projet net onnëtz ze bremsen, op e Prefinanzement verzichte wäerten.

2. D'Haus bei der Kor

   D'Haus bei der Kor ass de 16. Juli 2021 definitiv senge Bestëmmungen iwwergi ginn. De Rez-de-Chaussée ass fir den Office social vun der Gemeng Péiteng reservéiert a gëtt vun der Gemeng un dësen „établissement public" verlount. Um 1. Stack ass elo zënter ronn engem Joer de Service de l'Aménagement communal ënnerbruecht. Een Deel vum 2. Stack ass fir den „Département de l'Urbanisme" bestëmmt. Fir de Rescht bleiwen nach weider Büroen, déi als Reserv fir déi zukünfteg Entwécklung vun eisen administrative Servicer bereetstinn, reservéiert. Et bleiwen nach e puer kleng Verbesserungsaarbechten ze finaliséieren an duerno wäert am Laf vum nächste Joer den definitiven Dekont dem Gemengerot virgeluecht ginn.

3. De Projet vun der neier Schoul mat Maison-Relais, Sportshal an Parking souterrain bei der Schoul "Am Paesch" zu Rodange

   Och dëse groussen a finanzintensiven Projet, wou de Kader duerch de Jury no enger Consultation rémunérée den 17. November 2020 festgeluegt gouf an deen un d'Architektenbüroen SchemelWirtz Associés an Franz & Sue vergi gouf, ass an der Planung ee gudd Stéck weider komm. Déi noutwenneg Modification ponctuelle vum PAG ass an der Tëschenzäit ofgeschloss. De wichtegen Deel vun den Acquisitiounen vun den noutwennegen Terraine fir dëse Projet ass och quasi ofgeschloss an den Akt fir de wichtegen Echange vun den Terrainen steet de 17. Dezember um Ordre de jour vum Gemengerot. Am Laf vum nächste Joer wäert dann dësen groussen a fir Rodange wichtegen Projet dem Gemengerot virgeluegt ginn mam Zil d'Infrastrukturaarbechten Enn 2022 respektiv Ufank 2023 unzefänken. Hei si mer allerdéngs zum Deel ofhängeg vun dem Lotissementsprojet „Croix cassée".

4. De Projet de restauration vum Bauerenhaff zu Rolleng an der Buergaass

   Mir hu jo d'lescht Joer den Bauerenhaff an der Buergaass zu Rolleng kaaft an och do déi noutwenneg Modification ponctuelle vum PAG ofgeschloss. An deem Kontext ass ët wichteg, dass mir vun dëse Gebailechkeete profitéieren, fir – komplementar zu deem wat op Grond vun dem privaten PAP, deen zwëschen der Buergaass an der Groussgaass an der Planung ass – ee Projet op d'Schinnen ze setzen, den ee liewegen Duerfzentrum zu Rolleng schaaft. Béid Entwécklungsprojete vum Zentrum vu Rolleng sinn an der Ausaarbechtung an esou wärte mir d'nächst Joer nieft dem privaten PAP zwëschen der Buergass an der Groussgaass och d'Konzept vum Projet vun der Revalorisatioun vum Bauerenhaff zu Rolleng an der Buergaass am Gemengerot zur Diskussioun stellen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

No dësem villen Zuelematerial, duerch dat mir ewéi gewinnt e globaalt detailléiert Bild vun eisem Budget gezeechent kruten, dat no engem schwierege Joer a virun engem weidere schwierege Joer, ass et dann ewéi all Joer, datt ech déi Beräicher, ëm déi ech mech speziell als Schäffe këmmeren, kommentéieren.

Fir d'éischt wollt ech awer emol e klengen Ausfluch an den ordinäre Budget maachen. Als Personalschäffen ass et nämlech net einfach, besonnesch an dëse COVID-Zäiten – et ass vläicht nach méi schwiereg a komplex, well et kënnt effektiv keen Dag ouni Ännerungen oder Iwwerraschungen. Déi eng kréien de COVID, déi aner ginn a Quarantän, nees anerer gi krank, awer mir kommen awer duerch. Dat ass awer nëmme méiglech, dat ass och am Buergermeeschter senger Presentatioun erauskomm, well mir hei eng konsequent Astellungspolitik maachen a Fonctioun vun eisem Wuesstem vun eiser Gemeng.

Ech wollt dann och dës Geleeënheet notze fir eisem Gemengerot Merci ze soen, well si eis ëmmer op deem Wee ënnerstëtzt hunn. Dat ass och wichteg. Eis Personalkäschte sinn net kompressibel a leien iwwer 50%. Ech hunn emol gekuckt, wéivill Leit mir an de leschte 5 Joer vun 2017 bis 2020 agestallt hunn. Mir hunn an der Gemeng Péiteng do 152 Leit agestallt. Et sinn 101 Leit, déi eis verlooss hunn duerch Pensioun, Stierffall, Entloossung also duerch Kënnegung. Dat heescht, et ass en Netto vun 51 Leit. Wann een et awer reell kuckt op d'Zuel vu Leit, déi mir hunn, da sinn et der nëmme 45, well ganz vill Leit just hallef Deeg oder „temps partiel" schaffen. Da ginn et heiansdo méi an heiansdo manner Leit, deemno ënner wat fir engem Kontrakt se agestallt goufen. Also déi 51 Leit, déi mir méi hunn, maachen, datt mir 453 Leit an der Gemeng hunn. Mir haten der 408 am Joer 2017, dat ass also e Plus vun 11,2%. A wann ech op 45 kucken, dann ass et e bësse manner. Da sinn et ongeféier 9%, déi mir méi agestallt hunn. Eis Awunnerzuel ass awer och an d'Luucht gaange vun 18.575 – dat kucke mir ëmmer op de Mount Juni – op elo 20.155 (op de Mount Juni), an dat ass och e Plus vun 8,5%.

Wat ech och wollt kucken, dat ass wéi d'Ratio Mann-Fra ass. Déi ass erofgaangen. Mir haten 56,48% Fraen am Joer 2017 géint 43,52% Männer. Elo si mir bei 55,97% Fraen a 44,03% Männer. Et ass net vill, awer et geet liicht zeréck.

Budgetsméisseg, an dat hunn ech mat eisem Finanzspezialist, dem Här Buergermeeschter gekuckt, gi mer effektiv 2022 51,66% oder 31,3 Milliounen € fir Personalkäschten aus. 2017 ware mir bei 44,85% a bei 23,9 Milliounen €. Dir gesidd, dat gesäit schéi biergaus. Ma dee Wee vu Populatiouns- a Personalwuesstem wäert sech net änneren. D'Gemenge kréien ëmmer nees nei Aufgaben. D'Aufgabe ginn ëmmer méi komplex, an do gëtt et keng aner Äntwert ewéi déi, datt een sech esou opstellt fir datt een déi Aufgabe gutt ka maachen.

Ech hu geduecht, kuck emol eng Kéier op den Absenteismus. Et ass natierlech schwéier do fir Konklusiounen ze zéien. 2021 ass nach net ofgeschloss, an do hunn ech d'Joren 2018 an 2020 gekuckt. Wann een d'Beamten, d'Employé privéen,

d'Employé communauxen an „Ouvriers“ kuckt, da kann ee feststellen, datt mir grad esou vill Beamten ewéi Employé privéen hunn, an do ass et vun 3,97% op 5% eropgaangen respektiv vu 4,62% op 7,23%. Da kéime mir bei d'„Ouvriers“, do ass et vun 10,11% op 7,88% zeréckgaangen, a bei den Employé communauxen och vu 5,39% op 3,48%.

Ech hunn iech déi Zuele gesot, ma ech weess, et kann een net vill domat ufänken, well ganz vill Absencë geschéien duerch familiär Grënn, an déi sinn net an dëse Statistiken dran. Et war mir awer derwäert fir deen Exercice eng Kéier ze maachen a fir ze kucken, ob een do kann eppes draus liesen. De Fazit ass awer deen, datt d'Personalkäschten an d'Luucht ginn an eis Gemeng fonctionnéiert weider nach gutt, an dat och a COVID-Zäiten.

Also nach eng Kéier jidderengem nach eng Kéier e grousse Merci, datt mir bis elo esou gutt duerchkomm sinn ewéi bis elo.

Da wollt ech awer och e kuerzen Abléck als Kulturschäffen an déi ordinär Ausgabe maachen. Wësst dir, wéivill Suen datt mir am Joer 2020 fir Subsiden ausginn hunn? Ech hunn nach eng Kéier zeréckgekuckt, well mir jo och dee COVID-Subsid agefouert hunn. Do hu mir am Ganzen 295.858,20 € un d'Veräiner erausginn. Dovunner waren 119.118,17 € COVID-Subsiden. An am Joer 2021, also dëst Joer, wat elo gläich fäerdeg ass, hu mir 334.882,26 € als Subsiden un d'Veräiner ginn. Dovunner waren 146.145,88 € normal Subsiden. Dir gesidd also, mir hunn d'Veräiner ënnerstëtzt, an dat ass och wichteg. Wann een dat kuckt, et ass en décke Batz, well dat si 630.740,46 €, déi mir am zwee Joer an d'Veräiner gestach hu fir datt si duerch d'Kris kommen, well si haten et och net ganz einfach.

Da wollt ech d'Ausgabe kucken am Beräich Kultur an Tourismus, well si jo zum Erscheinungsbild vun eiser Gemeng bäidroen. Am ordinäre Budget, an der Rubrik 810, wou et ëm déi sportlech Manifestatioune geet, hu mir eleng 75.000 € am ordinäre Budget stoen. Deen déckste Batz ass „SX for a Smile“ mat 50.000 €. Dat ass am Kader vun Esch2022. De Rescht si Klengegkeeten, an ech ginn net an d'Detailer, well dat gëtt zevill.

Bei kulturelle Manifestatiounen hu mir 41.000 € ausginn, eleng nëmme fir Manifestatiounen, déi an eiser Gemeng sinn. Dat ouni d'Kavalkad, déi dëst Joer am Budget ass vun Esch2022. Fir sougenannte Gemengenorganisatiounen – do ass d'Gemeng den Initiator – do hu mir 150.000 € am Budget stoen. Dat kënnen Organisatiounen, déi bestinn - de Roland Breyer weess dat -, ma et kënnen och neier sinn. Dat kënne reegelméisseg Organisatiounen hei op der J.F. Kennedy-Plaz sinn, dat kann Nationalfeierdag si mat engem „Food market“, dee mir wëlle maachen, de Festival Rockabilly DeLuxe, dee mir wëlle méi grouss maachen, oder den Nikloosmaart. D.h. mir ginn 260.000 € aus fir Aktivitéiten a Festivitéiten an eiser Gemeng. Dat ass vill, ma et ass noutwenneg an et ass awer wichteg, datt een dat hei emol eng Kéier seet.

Dann Esch2022, Käschtepunkt fir eis Gemeng: 631.077 €. Mir hate 590.000 € am Budgetsartikel. Eleng de KaGePe kritt 395.000 € dovunner an d'FECC 195.000 €. Dat maachen der da 590.000 €. Da kommen nach individuell Projeten, déi mir am Gemengerot haten. Dir erënnert iech nach dorunner. D'Konventioun mam Mara Daro (Déi Wëll danzen am Bësch) – 22.000 €, an d'Konventioun mam Jessica Theis (1001 Tonnen), dat si flott Müllprojeten – 19.077 €. Mir wëssen awer och, datt mir vun der Asbl Esch2022 en 300.000 €-Subsid kréien.

Dann aner Ausgaben, déi och zum Erscheiungsbild vun eiser Gemeng bäidroen, sinn d'„Relations publiques“. Do stinn 180.000 € an der Rubrik 121. An zwar 90.000 € fir d'„Bulletins communaux“, 30.000 € fir d'„Droits d'auteurs et locations bornes“ a 60.000 € fir „Campagnes publicitaires“. Ech wollt präziséieren, dat mir eng nei „campagne publicitaire“ lancéieren, an se heescht „Péiteng an du“ oder „Pétange et toi“. Mir wäerten iech déi an der nächster Zäit méi am Detail virstellen. Weider gëtt nach an RPL TV, Videoreportagen, Fotoen, de Müllkalenner investéiert. An och eisen traditionelle Film, dee schonn e puer Joer um Bockel huet, gëtt frësch gemaach oder ass amgaang, frësch gemaach ze ginn a wäert am Fréijoer fäerdeg ginn. A mir spille mam Gedanken oder sinn amgaangen, méi e flippege Film iwwer eis Gemeng ze maachen, dee bei der Rentrée wäert erauskommen.

Da gi mir am Tourismus 90.000 € aus an der Rubrik 430. 70.000 € fir d'„promotion touristique“, dat ass de „Steampunk“, dat sinn d'Déplianten an d'Publicitéit bei touristeschen Evenementer, asw. an 20.000 € fir Fonctionnementskäschte an deem Beräich, och fir touristesch Aktivitéiten, d'Rollenger Millen – wou jo och Aktivitéite sinn – an de „Point Triple“, asw. Dir gesidd, dës Ausgabe sinn eng Konstant an droe vill zum Erscheinungsbild vun eiser Gemeng bäi an hëllefen eis, datt eis Bierger sech besser mat hirer Gemeng kënnen identifizéieren.

Ech kommen dann elo zum extraordinäre Budget, wou ech déi extraordinär Ausgabe wollt kommentéieren. Do hu mir dës Rubriken. Déi éischt ass d'Rubrik 550, d'Iwwerflächewaasser an der Nidderkuerer Strooss mat 6,5 Milliounen €, an 2 Milliounen € fir d'Aarbechte vum Fonçage. Op der Gare zu Rodange hu mir 900.000 € fir ënner der Gare erduerch. Dat heescht, mir hu 6,5 Milliounen do, et ginn elo 2 Milliounen ausgi fir douewe bei der Bréck ënner der Eisebunn erduerch, an nach eng Kéier 900.000 € bei der Avenue de la Gare zu Rodange, wou mir ënner der Eisebunn erduerch fueren. Dat ass dat, wat d'nächst Joer geschitt.

Dann hunn ech d'Rubrik 621, „Places publiques“, do ass d'Plaz virun der Rodanger Kierch, beim Poarhaus, déi Plaz gëtt fäerdeg. Dat ass eng gutt Saach, an do gi mir 700.000 € aus.

Dann hunn ech d'Rubrik 622, dat ass de Verkéier. Do hu mir de Projet Eucosider Bellevue – de Romain huet deen och op sengem Projet – wou mir 10.000 € ausginn. Mir hunn d'Rubrik Parking Camionnetten, do gi mir an der rue Moscardo 200.000 € fir d'Viraarbechten ze maachen, well mir hätte gären d'Parkhaus fir d'éischt stoen an da maache mir och de Camionnetteparking dernieft. An och op der Nidderkuerer Strooss si 40.000 € agedroen. Dat ass am Fong geholl d'Iddi fir och do e Parkhaus opzeriichte fir Camionnetten. Et soll eng Äntwert sinn op en eventuellen Eisebunnsmusée, deen sech kéint hei zu Péiteng maachen. Et soll och dann eng Äntwert sinn op den Eucosider-Projet, wa mir dee géife kréien. Et stinn och nach Suen an der Rubrik Parking fir „Horodateuren“. Dat si Suen, wéi soll ech elo soen, dat ass eng Geschicht, déi de Romain Mertzig méi am Detail kucke kann. Awer do wäert och esou munches op eis duerkommen.

Dann hu mir nach d'„Voirie vicinale“, dat ass deen déckste Batz. Do hu mir op der Fonderie d'Aarbechten, déi fäerdeg ginn, fir 717.902 €. Dat ass jo eng Zesummenaarbecht mam SIACH. Da kucke mir d'Emprisen an der Kiirchestrooss, dat gëtt an der nächster Mandatsperiod gekuckt. D'Bommert-Strooss an d'rue des Alliés gi fäerdeg. D'Industriestrooss do ënnen, déi gëtt gemaach am Hibléck op de Projet, deem beim P&R CFL soll kommen. Do si mir an Diskussioune fir e risege Projet ze maachen, ma mir wëssen nach net genee, wéi dee soll ausgesinn. Den Uschloss vun der Musekschoul, mat 100.000 €, gëtt och fäerdeg. An der Avenue de la Gare zu Rolleng fänken d'Aarbechten u fir déi Strooss z'erneieren fir 200.000 €.

Fir d'J.F. Kennedy-Plaz, hei virun der Dir, sti 542.000 € am Budget. Do gëtt deemnächst de Pavillon ausgeschriwwen, a mir wëssen nach net genee, wat dee kascht. Wa mir dat wëssen, da wësse mir och, wat dee Projet definitiv wäert kaschten. Et sinn éischt Pläng do, wéi dee Pavillon soll ausgesinn. Dee soll op d'Plaz kommen, wou déi kleng Gemeng stoung, awer e bëssen eriwwer.

Dann d'Bomicht, 50.000 € hu mer do am Budget stoen, do si mir nach ëmmer amgaang mat Ponts et Chaussées ze kucke fir eng Léisung ze fannen fir d'Entrée a Péiteng eran. An der rue Gillardin / rue des Ecoles stinn 100.000 € fir déi Entrée ze maache wou dat Haus do stoung fir bei d'Musekschoul ze kommen.

An de Jenken, do geet d'Phas 2 u mat 425.000 €.

De Reprofilage gëtt 2022 an der rue des Prés zu Lamadelaine gemaach fir 150.000 €, déi am Budget stinn.

Den CFL-Rond-Point doënne, wou de P&R vun der CFL ass, gëtt och mat 200.000 € gemaach.

Am Waasserberäich, do hate mir jo och schonn hei am Gemengerot Diskussiounen. Do schaffe mir am Projet, deen se beim Waasserwirtschaftsamt den „Drëpsi"-Projet nennen. Do maache mir eng „Water Safe"-Etude, d.h. d'Analys vun dem Risiko gëtt gekuckt, an dat kascht 25.000 €. De Waasserbaseng zu Rolleng gëtt och endlech frësch gemaach, an dat, nodeems mir dee Rodanger scho laang frësch gemaach hunn. Do sti 50.000 € am Budget.

Dann hu mir déi Hydraulik-Drénkwaasser-Etude gemaach fir 47.000 €. Do gesi mir wou Problemer sinn, well d'Hydraulik spillt jo eng grouss Roll bei staarkem Reen. Do wäerte mir nach déi eng oder aner Kéier am Gemengerot driwwer diskutéieren.

Mir kafen och 200 nei Waassercompteure fir 100.000 €.

An der Rubrik 640, wou et ëm „Eclairage public" geet, do ginn definitiv déi Zebrasträifen, iwwer déi mir hei schonn e puer Mol diskutéiert hunn, gemaach, an dat an der Korstrooss, an der Kierchestross bei der Seniorie, an der Maragole an an der rue Nic. Biever.

Just e Wuert iwwer d'Rubrik „Terrains de sports", wou et ëm de Parking an der rue Moscardo geet. Dee soll fäerdeg ginn a 5,373 Milliounen € kascht. Da misst dat och gelaf sinn.

Da ginn ech nach an d'Rubrik 831, „Centres culturels / salle des fêtes" an. Bei der Terrass 'A Rousen', déi ass jo fäerdeg. Zu Rodange - dee Projet gëtt och eréischt an der nächster Mandatsperiod gemaach - do soll en neie Lift, en neit Trapenhaus, d'Entrée gëtt nei gemaach, den Theater, d'Bühn, dat gëtt moderniséiert. Wéi gesot, dat kënnt an der nächster Legislaturperiod.

Beim Rouden Haus hu mir och 20.000 € drastoen. Do kréie mir en neien „écran tactile" (Touchscreen) dran an d'Technik gëtt do iwwerkuckt.

An der Rubrik 890 „Loisirs, Culture, Cultes", do gëtt de Gîte Minett Park fäerdeg. Dir wësst jo, datt am Projet Esch2022 do sollen e puer Hotelszëmmeren komme fir d'Leit. Dat leeft.

36.000 € fir d'Chrëschtbeleuchtung, déi wäerten all Joer kommen.

6.000 € fir e Chalet.

An dann hu mir och nach eise Podium, deen och méi wéi 20 Joer um Bockel huet a wou mir elo Problemer hu fir deen eventuell op d'J.F.Kennedy-Plaz ze setzen. Mir wäerten an deenen nächste Méint kucken, ob dat méiglech ass, soss wäerte mir en neie Podium kafen. Dat wäert dann e Punkt sinn, deen an nächster Zäit wäert kommen. Ech mengen, elo sinn derduerch. Ech géif iech Merci soe fir är Opmierksamkeet a si prett fir d'Froen, déi kommen. Ech hu vill Saachen am Schnellduerchgang gemaach, well soss gëtt et ze laang. Ma dir hutt bestëmmt vill Froen, an déi wäerte mir dann e Méindeg beäntwerten. Merci.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären,

D'Ausgaben, d'Einnamen an d'Remarquen, déi de Budget 2022 betreffen, wäert ech zesummeraffend zu menge Ressorte presentéieren. Wéi allgemeng bekannt ass, bleift och eis Gemeng net vun de Präiserhéijunge verschount. Devise vun de grousse Projeten, déi an der Fäerdegstellung sinn, weise Präiserhéijunge vun 20 bis 30% un. Beim Nofroe kréie mir déi Standardäntwert, an zwar datt déi Präisdeirecht duerch de Manktem u Baumaterial ass. D'Präisser vum Holz sinn an de leschte Méint explodéiert bis zu enger Hausse vu 40%. Am technesche Beräich sinn duerch d'Feele vun den Apparaturen immens laang Liwwerzäiten ugekënnegt, esou datt no Alternative muss gekuckt gi fir net d'Bauzäiten nach méi ze verlängeren. Net ze vergiessen eng Erhéijung vum Index, deen d'Salairë verännert huet, déi ugepasst goufen. D'Ausschreiwunge vun den Aarbechten op de Schantercher bleiwen eng Virwëtztut. D'Verspéidungen op de grousse Bauprojete wäerten och net ganz einfach opzefänke sinn. Alles an allem sinn eis Deeg mat Iwwerraschunge gefëllt.

Ech kommen dann elo zu den Einnamen an Ausgabe vu menge Ressorten. Déi grouss Projeten, dat sinn d'Neibaute betreffend Maison Relaisen, Schoulen, Musekschoul, déi an der Bauphas oder an der Planung sinn.

Ech fänken u mat Lamadelaine. Hei si mir amgaangen, déi nei Maison Relais mat Spillschoul a Précoce, eist éischt Gebai mat dëse Synergien, ze bauen. Dëse Schantjen, e groussen innovative Schantjen, deen engem neien edukative Konzept soll gerecht ginn, weist e wäit fortgeschrattene Réibau un. Iwwer de Wanter, deen usteet, kann dëse Bau duerch intern Aarbechte gutt weidergefouert ginn. 5 Milliounen € si fir 2022 virgesinn. Et ass eng stattlech Zomm, déi d'nächst Joer soll verschafft ginn. Mir hoffen natierlech, datt d'Aarbechten deen normale Laf kënnen anhalen. Mir dierfen net aus den A verléieren, datt mir eng ganz grouss Waardelëscht hu vu Kanner, déi op eng Plaz an de Maison Relaise waarden.

Zu Péiteng si mir endlech ukomm fir kënnen eng zousätzlech Maison Relais „An Eigent" ze bauen. Dës nei Struktur ass nieft der Maison Relais „Reebou", déi scho besteet, geplangt. Plaze fir 200 Kanner sinn an dëser Planung virgesinn. Déi gefroten Analyse si positiv vum Ëmweltministär fir de Bau ausgewäert ginn. D'Kompensatioune vu Gréngfläche kënne realiséiert ginn. Mir erhoffen eis, séier duerch déi weider Instanzen ze komme fir de Schantjen unzegoen. 1,5 Milliounen € si virgesi fir dee Bau unzefänken.

Eng Aarbecht, déi am Virfeld realiséiert gëtt, ass d'Versetze vum Trafo, dee beim Gebai „Reebou" steet. Dee kënnt bei d'Sportshal op déi aner Stroossesäit stoen. Well an der Zukunft gi méi héich Kapazitéite gebraucht duerch den Neibau vum „Threeland" a spéider kënnt de Verbrauch vun der zousätzlecher Maison Relais derbäi. Op dëser Plaz beweegen sech vill Kanner. Aus där Ursaach ass nëmmen ee Schantje geduecht. 300.000 € sinn ageschriwwe fir dës Aarbechten.

Fir an „Eigent" ze bleiwen, do solle fir de Weiderausbau vun der vun der „Eigent"-Schoul 2022 verschafft ginn. D'Aarbechte sinn zënter der Rentrée 2021/2022 amgaangen. Dëse Schantje soll bis zu 2 Joer dauere fir zousätzleche Schoulraum ze schafen. E Schoulraum, deen ëmmer méi komplex, spezifesch agesat gëtt. Bei den Neibaute vun de Schoule

muss an den nächste Joren ëmgeduecht ginn. D'Schülerzuel an de Klassen – bedéngt duerch d'Inklusioun vu Kanner mat spezifesche Bedierfnesser, Kanner mat enger Behënnerung, den héije Prozentsaz vun auslännesche Schüler – bréngt mat sech, datt de klassesche Schoulunterrecht anescht ofgehale gëtt an nei Methoden ugewandt ginn. D'Schülerzuel an de Klasse soll sech bei +/- 16 Kanner apendelen. Duerch dës nei Ausriichtunge vum Unterrecht mussen d'Schoulgebaier architektonesch ugepasst ginn. Och eeler Schoulgebaier brauchen, fir dëser Edukatioun gerecht ze ginn, zousätzleche Schoulraum. Déi Ausgaben heizou musse revisitéiert an d'Subsiden ugepasst ginn. Well bei de Subsiden humpele mer – wann een dat esou ka soen – nach ëmmer hannendrun an do muss iergendwéi de Ministère de l'éducation eng Upassung ufeieren. Well d'Bautenausgabe fir d'Schoulen, déi explodéieren och. Dat hu mer jo gesi bei den neien Devisen, déi op eis zoukomm sinn.

„Eigent" ass e Quartier, deen de Moment voll an enger Evolutioun steet. Eng positiv Evolutioun mat engem Neibau vun enger zousätzlecher Maison Relais, e groussen Ausbau vun der „Eigent"-Schoul, a fir de Museksunterrecht den Neibau vun der Musekschoul. 9 Milliounen € sinn agesat fir dësen net einfache Bau vun der Musekschoul d'nächst Joer weider wuessen ze loossen.

Fir zu Péiteng ze bleiwen – an der Park-Schoul ginn nei Chaudièren installéiert. Déi elo do sinn, sinn iwwer 30 Joer al, d'Reparature sinn erheblech, d'Ersatzstécker sinn net méi ze kréien, de Rendement ass och net méi optimal, esou datt sech eng Erneierung hei opdrängt. D'Park-Schoul ass e grousst Gebai. Dat spigelt sech och am Devis erëm, dee mat 158.000 € zu Buch schléit. Mir hu virgesinn, eng duebel Chaudière mat Gas a Pellets anzebauen. Fir de Stockage vun de Pellets, déi gebraucht ginn, ass e Raum nieft de Chaudièrë virgesinn, deen déi néideg Kapazitéiten hiergëtt.

D'Jugendhaus zu Péiteng gëtt vergréissert an a Konformitéit bruecht. Säll kommen derbäi, wou déi Jugendlech sech kënne begéinen, Aktivitéite plangen a Froe beäntwert kréien. En Atelier, wou déi Jugendlech kënne wierkelen, ass geplant an deene Garagen, wou d'Camionettë vum Regiebetrib ënnerbruecht waren. D'Kichen, en zentrale Raum vum Jugendhaus, bleift bestoen, gëtt awer moderniséiert. D'Bürosraim ginn ageriicht fir zousätzlechen Educateuren eng Aarbechtsplaz ze sécheren. D'Sanitärinstallatioune ginn och a Konformitéit gesat. D'Jugendhaus gëtt esou ëmgebaut, datt och Jugendlech mat enger Behënnerung hei kënnen un den Aktivitéiten deelhuelen. 200.000 € soll den Ëmbau kaschten.

Am Gemengenhaus muss den Daach vum alen Trakt isoléiert ginn. Do si 60.000 € virgesinn. Eng Alarmanlag an der Héicht vu 15.000 € gëtt agebaut.

Ech kommen op Rodange, wou mir op den Ufank vun den Aarbechte fir de Campus Maison Relais, Spillschoul an Turnhal zu Rodange hoffen. Mir hunn 1,5 Milliounen € fir 2022 ageplangt. 200 Kanner sollen an nächster Zukunft hei eng Maison Relais kënne besichen. 16 Spillschoulklasse si virgesinn, wou déi Kleng an engem speziellen Ëmfeld kënnen ënnerriicht ginn. An dëser Logik kréie mir Plaze fräi an der „Neiwiss"-Schoul fir déi méi héich Zyklen a kënnen do och am Beräich vun der Schoulinfrastruktur nei Weeër goen.

Zu Rodange si mir mat Proprietaire an dem grousse Bau vum „Fonds de Logement", wou mir d'Maison Relais „Dachse vun der Bich" dran hunn. Des Weidere besteet an dem Komplex och Wunnraum, dee vum „Fonds de Logement" u Privatpersoune verlount ass. Dës Bauten weisen eng Rei vu Schied un, déi grouss Bedenken ervirgeruff hunn. No Expertisen an Analysen si Léisunge presentéiert ginn. D'Assurancë si mat ageschalt, och d'Ingenieuren an d'Architekten, déi un dësem Bau bedeelegt waren, stinn an der Verantwortung fir d'Reparaturen, déi elo ustinn. D'Coursiven, d'Fassaden, de Lift, d'Sécherheet vum Trapentour, asw. musse komplett erneiert a konform gemaach ginn. Fir d'nächst Joer stinn dofir an dësem Budget eng éischt Tranche vun 350.000 €, fir datt d'Aarbechte kënnen ulafen.

Ech kommen zu engem Punkt, dee scho méi laang am Gespréich ass: d'Bëschcrèche. Den Numm seet et, e Gebai, dat an dem Ëmfeld sollt gebaut ginn an deen och dësem Numm gerecht gëtt, d.h. eng Crèche, déi an der Natur soll stoen. Do ass jo gewosst, datt den Ëmweltministär e grousst Wuert matzeschwätzen huet. Mir hu 50.000 € virgesi fir eng Planungsphas unzegoen.

Bei der Maison Relais „Bujellien" stinn nach emol 10.000 € vermierkt. Déi si fir eng Deelerneierung vun der Fassad vum Haus Schütz, déi beschiedegt gouf beim Bau vun dëser Maison Relais. Et ass en Dossier, dee scho méi laang opsteet. Op Wonsch vun de Besëtzer ginn déi Astandsetzungen am Fréijoer, wann d'Wieder et zouléisst, realiséiert.

Extraordinär Recetten erwaarde mir eis vu Säite vun de Ministären. Fir den Neibau vun der Maison Relais zu Péiteng an „Eigent", e Bäitraagsundeel bei der Virfinanzéierung vu 750.000 € a fir de Bau zu Rodange 250.000 €.

Fir den Neibau vu Lamadelaine sinn nach eemol eng Tranche vun 200.000 € ze erwaarden.

Fir den Ausbau vun der „Eigent"-Schoul wier eng Subsidentranche vun 1,4 Milliounen € am Joer 2022 fälleg.

Zu den ordinären Ausgaben.

Eis Maison Relaise sti mat 6.843.187 € am Budget. Deem géintiwwer kréie mir Recettë fir 3.926.726 € vum Ministär an 305.000 € als Participatioun vun den Elteren. Do bleift eng Zomm vun 2.611.461 € zu Laaschte vun der Gemeng ze droen. Wéi dës Zommen sech d'nächst Joer presentéieren ass nach net gewosst. Eng Gratuitéit vun de Bäiträg fir verschidden Eltere steet am Raum. Den Impakt op eise Budget, deen dës Erneierunge soll bréngen muss nach gekläert ginn.

Fir de Roulement an eise Crèchen, déi vun ASBLe geréiert ginn, hu mir trotzdeem 98.306 € agedroen. Well et komme jo emol Reparaturen, déi vun der Gemeng musse gedroe ginn.

165.000 € Subside si festgeluecht fir d'Schüler an d'Studenten aus eiser Gemeng, déi hiirt Joer gutt ofgeschloss hunn.

Eise Bäitrag fir de Fonctionnement vum Jugendhaus, d.h. d'Haus zu Péiteng plus déi Rodanger Antenn, déi sech konstant weiderentwéckelt, steet mat 308.352 € an dësem Budget.

Ausgabe fir Jugendaktivitéite si mat 20.000 € agedroen, do kommen zousätzlech 7.500 € derbäi fir interkommunal Aktivitéiten.

Virgesinn sinn nach emol e Package vun Ausgaben an der Héicht vun 185.464 € ënner der Denominatioun „autre: Jeunesse". Dorënner verbucht sinn: d'Loyere fir d'Appartement an der Gillardin Strooss, dat mir dem SNJ fir seng Jugendaarbecht zur Verfügung stellen, vun der „Main Tendue" fir de Loyer vun de Büroe fir déi zousätzlech sozial Aarbecht, déi dës Associatioun an eiser Gemeng fir d'Jugend an d'Famillje leescht. Doriwwer eraus huet d'„Main Tendue" d'Charge an d'Regie vun de Studioen zu Lamadelaine fir déi jonk Leit, déi an Nout sinn. Zu dësen Ausgaben zielen och de „Late Night Bus" an d'Beschäftegung vu Studente wärend de Schoulvakanzen.

Eng Recette vu 27.080 € erwaarde mir eis vum „Late Night Bus", der „Night Card", vun de Käschte fir d'Appartementer

vum SNJ an der „Main Tendue“, déi mir vun dësen Associatiounen zeréckbezuelt kréien.

D'Ausgabe fir eis Musekschoul, d'Musekscoursen an de Gesang, d.h. do sinn Ausgabe fir eis Museksgesellschafte mat an dësen Zuele verrechent, déi Ausgabe belafen sech op 2.694.538 €. Deem géintiwwer stinn Einname fir d'Musekschoul vun 950.000 € - dës Zomm ass d'Participatioun vum Ministär -, 85.000 € vun den „droits d'inscriptions“, 38.000 € vun de Konventioune mat anere Gemengen an d'Locatioun vun Instrumenter mat 6.000 €.

Ech kommen zum „Enseignement fondamental“.

Eis ordinär Ausgabe fir dësen „Enseignement“ belafen sech op 6.320.813 €. Fir de Précoce si 55.952 € agedroen. Fir de „Préscolaire“ 72.150 €, fir de „Primaire“ 577.109 €, fir de spezialiséierten Unterrecht sinn 10.886 € verbucht. Dann den „autre fondamental“ mat 5.058.473,04 €. An dësen héijen Ausgabe si sämtlech Fonctionnementskäschte vun de Schoulgebaier mat abezunn. D'Ausgabe fir den ausserschouleschen Encadrement ass mat 16.000 € vermierkt an de Schülertransport kascht eis 421.000 €.

Do sinn derbäi d'„Fournitures en nature“ mat 255.000 €, dat sinn déi Ausgabe fir de Schüler gratis Bicher zur Verfügung ze stellen; 142.326 € fir eis Surveillanten am Schülertransport esouwéi 27.737 € u Sozialkäschten, déi mir nach mussen derbäizielen. Mir bidden dëse Kanner, déi net an de Maison Relaise betreit ginn, awer Hëllef brauchen och eng Hausaufgabenhëllfe un. Dës kascht d'Gemeng 45.268 € plus Sozialkäschte vu 7.519 €. Mir bezuelen och Studente fir bei der Vakanzaktioun matzehëllefen an dofir stinn 38.700 € an dësem Budget.

Ënner „occupation pour jeunes chômeurs“ sinn Ausgabe vun 365.565 € verbucht, dobäi kommen d'Sozialkäschte fir déi jonk Leit mat enger Zomm vun 101.715 €. D'Formatioun vun den Apprentien an den administrativen Servicer kascht eis 133.564 € plus Sozialkäschte vun 22.458 €. Bei der Formatioun vu Léierbouwen a –meedercher an de Regiebetriber hu mir Ausgabe vu 65.747 € plus Soziallaschte vun 11.010 €. Vu staatlecher Säit kréie mir do eng Réckgab vun 298.700 € fir déi jonk Chômeuren. Fir déi jonk Leit, déi bei eis an der Léier sinn, kréie mir eng Bäihëllef vun 142.516 €.

Ech kommen zu de Spillplazen. Do sinn d'Ausgabe verschidde gefächert iwwer nei Akeef oder Aarbechten, déi Astandsetzungen ubelaangen, oder wann et gréisser Aarbechte sinn, déi vun enger Firma realiséiert ginn. All déi Ausgaben zesumme belafen sech op 105.000 €.

Ech kommen zu den Ausgabe fir eis Senioren.

De Bäitrag fir de Club Senior, an deem mir zesumme mat de Kordallgemengen Déifferdeng, Käerjeng a Suessem Ausflich, sportlech akulturell Aktivitéiten organiséiere fir déi eeler Matmënschen, beleeft sech op 20.500 € plus Locatiounskäschten an aner Käschten iwwer 25.000 €, esou datt de Club Senior eis am Ganzen 45.000 € kascht.

D'Feier fir eis Pensionäre steet mat 60.000 € agedroen. Hoffentlech kënne mir d'nächst Joer nees dës Zäit normal feieren. Corona bedingt kréien dëst Joer eis ageschriwwe Pensionären en Akaafsbong, deen an de Geschäfter vun der Gemeng kann ageléist ginn.

D'„Fête du grand âge“ steet mat 9.000 € an dësem Budget. Interaktivitéit – fir speziell Projete sinn nach emol 3.500 € virgesinn. De „repas sur roues“ kascht eis 356.340 € an deem entgéint hu mir eng Recette vun 214.000 €. D'„Téléassistance“ steet mat 103.000 € verbucht.

Dir Dammen, dir Hären, mat den Zuelen an Explikatiounen hunn ech gréisstendeels déi méi grouss Schantercher an Ausgaben ëmrass, déi am Budget 2022 virgesi sinn. Klenger Zuele fir Astandsetzungen un de Gemengegebailechkeete sinn net vergiess an dësem Dokument. Déi grouss Zuelen hu mir méi wichteg geschéngt haut ze ernimmen. D'Ausgabe fir eis Senioren, fir d'Schoulen an d'Maison Relaisen, d'Ënnerstëtzung fir déi jonk Leit an den edukativ-kulturelle Volet, dee mir zousteet, si wichteg Volete fir eis Gesellschaft.

Dir Dammen, dir Hären, ewéi all Joer wëll ech vun dëser Plaz profitéieren, de Memberen aus de Kommissiounen – der Jugendkommissioun, der Familljekommissioun, der Musekkommissioun, der Schoulkommissioun an der Chancëgläichheetskommissiun, déi a menge Ressorte matschaffen, e grousse Merci auszeschwätzen. Si bréngen nei Iddien, hëllefe Verbesserungvirschléi auszeschaffen a si präsent, wann Aktivitéiten organiséiert ginn.

E Merci geet och un eis Beamten, déi d'Zuelen zu dësem voluminéisen Dokument zesummebruecht hunn.

Ech erwaarde mir e Joer 2022 an enger gewëssener Normalitéit, esou datt mir eis Pläng, déi an dësem Dokument festgehale sinn, kënne realiséieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären,

Ech presentéieren iech déi Punkte vum Budget 2022, wou ënner mäi Ressort als Schäffe falen an déi op de Virgabe vum „Plan pluriannuel“ baséieren, dee mir fir dës Legislaturperiod festgehalen haten.

Ech fänken u mat den ordinäre Recetten:

Taxe d’empiétement vun der Voirie publique: 175.000 €

Sylviculture – Vente bois suivant plan de Gestion: 16.075 €

Gestion des déchets: 2.316.200 €

Pacte Climat: 235.000 €. Dës Subventioun kënne mir awer just asetze fir Etuden am Kader vum Klimapakt ze realiséieren.

Logements sociaux: 205.292 €

Kierfechter, wou Taxen a Konzessiounen ufalen: 44.800 €

Sportshalen, ë.a. Loyeren an Subside vum Staat: 123.050 €

Schwämmen, d’Recetten an d’Subventiounen: 311.413 €

Da kommen ech zu den ordinären Ausgaben

Ordinär Ausgaben

Agriculture, Sylviculture, Viticulture: 200.715 €, wouvu mer ë.a. dem Staat 24.635 € fir d’Bëschaarbechter zeréckbezuelen

Protection nature: 24.100 €

Gestion de Déchets: 2.524.585 €. Hei hu mer d’Oblgatioun fir den Awunner dat käschtendeckend ze verrechnen.

Autres types de protection de nature: 49.577 €. Dëst ass ë.a. virgesi fir d’Opstellung vun engem Bamkadaster, respektiv fir d’Uschaffung vun engem neien Elektrovëlo.

Logements sociaux: 151.104 €

Kierfechter: 477.721 €

Subside fir eis Sport- a Fräizäitveräiner: 181.800 €, wouvunner 75.000 Euro fir de „Partenariat privilégié“ virgesi sinn an wou déi Projete virdru scho vum Här Halsdorf ugeschwat si ginn.

D’Käschte fir eis Outdoor-Sportsterrainen: 420.063 €

D’Käschte fir eis Sportshalen: 1.190.000 €, wou ë.a. och e Loyer fir de Lycée Mathias Adam vun 23.000 € virgesinn ass.

Bei de Schwämmen hu mer Ausgabe vun 1.383.360 €.

Wann een de Volume vum Gesamtbudget an den ordinären Ausgabe kuckt (60.392.301 €), da mécht déi Zomm vun 2.999.360 € ronn 5% aus vun deem, wat mir dat nächst Joer fir de Sport, de Schoulsport an d'Fräizäit a fir eis Sportveräiner am ordinäre Budget stoen hunn.

Dépenses extraordinaires:

Ecologie:

Primes dans l'intérèt de la Protection de la Nature: 10.000 €

Protection de la Nature: 350.541 €

Diagnostic Qualité de l'Air: 25.000 €. Wéi all Joer gesi mir dës 25.000 € fir Analyse vun der Loftqualitéit iwwer Biomonitor an eiser Gemeng fir de „Plan de Surveillance" 2022 vir, wou och ze soen ass, datt eis Loftwäerter gutt sinn.

Travaux de Rénaturation et de Réaménagement des Rives: 100.000 €. Déi Suen hu mir virgesi fir um Giele Wee a Richtung Péitenger Weiere laanscht d'Kor ze schaffen, wou mir mat dem Waasserwirtschaftsamt an de Ponts et Chaussées dëse Wee, wou plazeweis agefall ass, nees a Stand setze mussen a wou mir no Gespréicher mat der Direktioun vum Waasserwirtschaftsamt hoffen, elo endlech do weider ze kommen.

Projet de réaménagement de la zone verte « Impasse rue de la Fontaine » - Ferme Rongveaux: 135.000 €. Et ass dëst e Projet, deen op 2022 zeréckgestallt ginn ass, well do nach solle Kanalaarbechte gemaach ginn.

Bei de Logements sociaux hu mer 590.000 € virgesinn, ë.a. fir de Bau vun engem Eefamilljenhaus an der rue de la Montagne zu Rolleng fir 500.000 Euro. Op der Fonderie renovéiere mir an deemselwechte Kader 2 Wunnengen, déi mir kaf hunn, fir 90.000 €.

Circulation: 165.000 €. Do hu mer 5.000 Euro virgesi fir d'Réadaptation du règlement genéral de la circulation routière. Dëst si Suen, déi mir brauche fir Bureau d'Études fir Avenanten, Adaptatiounen oder nei Stroossen, déi bäikommen.

Uschafung vun 5 weidere Radars pédagogiques: 30.000 €

Projet de mobilité douce Interreg: 10.000 €

Voirie vicinale:

Système de guidage dynamique vun de Gemengeparkingen : 119.000 €. Do wäerte mer 2022 d'Fäerdegstellung an Dekont virgesinn. Des Weideren hu mer de Rempacement vun den Horodateure virgesinn mat 20.000 Euro.

Concept de mobilité douce: 60.000 €. Do ass e Foussgängerleitsystem an e Vëlosleitsystem virgesinn.

Mobilité douce 3 Frontières: 65.000 €. Do hu mer u sech d'Liaisoun rue Eucosider – rue Belle Vue virgesinn an dofir stinn déi 65.000 Euro am Budget.

Mise en place du système de guidage piétons: 165.000 €. Dëst ass e Projet, deen a Coordinatioun mam ORT-Sud ausgeschafft ginn ass.

Ateliers Communaux. Do hu mer nach eng Kéier 500.000 Euro virgesinn. Dëse Projet gëtt definitiv ofgeschloss an dekontéiert. Mir si frou, datt eis Beleegschaft elo nach besser Aarbechtskonditioune fir ze schaffe virfënnt, an dat mat modernen a funktionellen Installatiounen.

Hygiène publique: Hei hu mer de Kaf vun engem neien Dreckswon, fir dee mer 317.150 € virgesinn hunn. An deene Suen ass och nach eng Soumissioun fir nach en zousätzlechen Dreckswon virgesinn.

Terrains des sports: 5.373.000 €. Dat ass de Projet, deen den Här Halsdorf schonn ugeschwat huet mat den Tribünen an dem Parking zu Rodange. Do ass u sech virgesinn, fir um Stade Jos Philippart zu Rodange d'Fäerdegstellung vun der Tribün a vum Parking fir 2022.

Halls sportifs: 2.005.033 €. Hei gesi mer fir d'Vergréisserung vum Dëschtennissall zu Rolleng 1.858.825 € fir d'Joer 2022 vir. Zu Rodange an der Sportshal gesi mir Casiere fir Visiteure fir 21.000 Euro vir. An der Sportshal Bim Diederich ass eng Alarmanlag fir 25.000 Euro virgesinn. A fir d'Remise en état vum QT hu mer nach eng Kéier 100.208 € virgesinn.

Fir eis Schwämmern hu mer fir 2022 13.000.000 € stoen. Dat sinn d'Travaux de renouvellement an der PIKO-Schwämm. 2021 hu mir an der PiKo 7.000.000 € verschafft.

Duerch d'Käschtenexplosioun wäerte mer awer net derlaanscht komme fir dem Gemengerot verschidden « devis adaptés » virzeleeën, esou wéi dat och scho vu menge Virrriedner ugeschwat ginn ass.

Wéi mir gesinn, investéiere mir lafend an eis Sport- a Fräizäitinfrastrukturen, wat dann och gläichzäiteg en Investissement an eis Veräiner an doduerch och an eis Jugend ass.

Bei den Ausgabe fir Sportinfrastrukture - mat eise Schwämmen derbäi - hu mir 2022 ronn 20.378.000 € am extraordinäre Budget virgesinn, wat iwwer 30% vun dësem Budget, dee mat eppes iwwer 65 Milliounen € festgehale gëtt, géif ausmaachen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

# Gemeinderatssitzung vom 10. Dezember 2021

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Arendt Patrick** (CSV)

**Einziger Punkt.**

**Abgeänderter Haushalt des Jahres 2021 sowie Haushaltsentwurf 2022 der Gemeindeverwaltung.**

Vorstellung und Kommentare durch den Schöffenrat.

---

# Séance publique du 13 décembre 2021

***Durée de la séance**: 14.15 à 20.15 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absent et excusé:**

Néant

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.15 heures)**

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service du secrétariat général – décision.
   1.2. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service des maison relais – décision.

1.3. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département technique - décision.
1.4. Prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.
1.5. Mécanisme temporaire de changement de groupe: Promotion d'un fonctionnaire au groupe de traitement B1, sous-groupe technique – décision.
1.6. Démission volontaire d'une fonctionnaire communale – décision.

2. Enseignement musical: Classement d'un chargé de cours d'une classe de keyboard – décision.

**Séance publique (14.45 heures)**

3. Personnel
   3.1. Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) dans la carrière A4 du concierge pour les besoins du service de l'entretien et nettoyage – décision.
   3.2. Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – décision.
4. Propriétés
   4.1. Convention concernant la réalisation d'une conduite d'eau potable et la pose d'une conduite de gaz entre la rue Bommert et la rue des Romains à Pétange – décision.
   4.2. Convention relative à la réalisation de réseaux d'infrastructures à Pétange, lieu-dit «Am Waelfchen», avec M. Roger Lepage et Mme Ramona Warlies – décision.
   4.3. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck», avec M. Marcel Nilles et Mme Liliane Nilles – décision.
   4.4. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg», de la part de la société HJN SARL – décision.
   4.5. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins», de la part de Mme Dawn Buxton – décision.
   4.6. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus», de la part de la société DS2 Promotions SARL – décision.
   4.7. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck», de la part de M. Edmilson Jair Rocha Monteiro et Mme Samira Monteiro Da Veiga – décision.
5. Dépenses diverses: Membre du personnel à ajouter sur la liste des candidats ayant droit à l'octroi d'un cadeau de service – décision complémentaire.
6. Budget rectifié et budget: Discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses du collège des bourgmestre et échevins.

---

# COMPTE RENDU

## 1. et 2.

**Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Personnel: Nomination d'un employé communal (m/f) du groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service du secrétariat général – décision.

**M. Salvatore Vocaturo, de Lamadelaine, est nommé au poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, vacant au service du secrétariat général.**

Personnel: Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service des maison relais – décision.

**Mme Iris Poensgen, de Pétange, est nommée provisoirement aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif.**

Personnel: Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département technique – décision.

**M. David Cambiotti, de Linger, est nommé définitivement aux fonctions de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif.**

Personnel: Démission volontaire d'une fonctionnaire communale – décision.

**La démission volontaire de ses fonctions auprès de l'administration communale est accordée à Mme Chantal Karels à partir du 1er décembre 2022.**

## 3.1.

**Personnel.**

Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) dans la carrière A4 du concierge pour les besoins du service de l'entretien et nettoyage – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 3.2.

**Personnel.**

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.1.

**Propriétés.**

Convention concernant la réalisation d'une conduite d'eau potable et la pose d'une conduite de gaz entre la rue Bommert et la rue des Romains à Pétange – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

**Propriétés.**

Convention relative à la réalisation de réseaux d'infrastructures à Pétange, lieu-dit «Am Waelfchen», avec M. Roger Lepage et Mme Ramona Warlies – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.3.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck», avec M. Marcel Nilles et Mme Liliane Nilles – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, avec une contenance de 0,74 are, se fait au prix total de 550,00 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.4.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain, sis à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg», de la part de la société HJN SARL – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, d'une contenance estimée à 0,03 are, se fait gratuitement.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.5.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins», de la part de Mme Dawn Buxton – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, d'une contenance de 0,32 are, se fait gratuitement.*

**Accord à l'unanimité.**

## 4.6.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus», de la part de la société DS2 Promotions SARL – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, d'une contenance de 0,04 are, se fait gratuitement.*

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech wollt zu all deene Punkten eng generell Remark maachen. Mir iwwerhuele jo ëmmer déi kleng Parzellen, déi puer Trottoirsplacken. Wann een d'Situatioun awer kuckt, wann déi Residenzen oder Haiser bis fäerdeg gebaut sinn, da stinn deelweis nach d'Trottoiren op oder si sinn net anstänneg gefléckt. Do waren zum Beispill virdrun Trottoirsplacken an den Entrepreneur huet dat elo einfach mat Makadamm zougemaach an dann ass fir si de Problem geléist. Et ass mer an der ganzer Gemeng opgefall, datt esou Situatioune bestinn.

Zum Beispill ass op der Lëtzebuerger Strooss eng Residenz gebaut ginn. Do waren Trottoirsplacken oder méi grouss Placken an do ass elo Makadamm dohinner komm. Dat gesäit net ganz schéin aus an et geet een och net gutt drop. An „op Daessent“ sinn zwee Haiser gebaut ginn, do ass opgerappt ginn an d'Leit wunne schonn am Haus. Do ass awer nach den Trottoir op. Geet ee vun eis aus dat kontrolléieren oder wéi fonctionéiert dat?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass ganz kloer, datt dat misst kontrolléiert ginn. Mir wäerten déi Saachen, déi dir elo hei genannt hutt, nokucken. Prinzipiell ass et esou, an ech weess pertinemmment, datt dat bei anere Leit esou war an et esou gehandhaabt gëtt, datt wann een den Trottoir oprappt, deen och erëm esou muss hierstelle wéi e virdru war. Dat gëtt awer systematesch gemaach. A wann et op der enger oder anerer Plaz net gemaach gëtt, datt ass et natierlech esou, datt mir do mussen nohaken. An dofir maachen ech och hei een Appell an ech wäert och zu eisen Servicer soen, datt se sollen iwwerall op déi Plaze kucke goen, wou mer eng Autorisatioun erausginn hunn, an datt déi Plazen och erëm anstänneg zeréckgesat ginn.

Selbstverständlech ginn et heiansdo Iwwergankssituatioune wou provisoresch zougemaach gëtt, bis et dann definitiv duerno kann zougemaach ginn. Dat muss een da kucken, mä dat soll een natierlech am A behalen an et soll natierlech erëm esou zeréckgesat gi wéi et ursprénglech war. A wann et net esou ass, dann ass et net richteg gaangen an da musse mer do nohaken.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et ass net nëmme bei den Trottoiren de Fall, mä och, wann an der Strooss e Gruef muss gemaach gi fir Uschlëss ze maachen. Si maachen d'Lach zou – wat heiansdo katastrophalesch ass – an de Problem ass fir si aus der Welt. Mä d'Gemeng ass duerno awer responsabel fir d'Strooss.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Et ass kloer, datt mer déi Saachen am A behalen. Et muss een awer och wëssen, datt et zwee verschidden Typpe vu Stroosse gëtt. Bei deenen enge läit d'Responsabilitéit bei den

Ponts et Chaussées, an ech mengen, déi halen et vläicht net esou am Aen ewéi mir dat maachen. Dat ass dat eent. An dat zweet ass, heiansdo muss een nobesseren. Heiansdo ass et an enger éischter Phas gutt an no enger gewëssen Zäit sackt dat an da misst een nach eng Kéier nobesseren. An do si mer schonn drop aus, datt dat anstänneg gemaach gëtt. Mä ganz oft ass dann een Entrepreneur, deen dat gemaach huet, a weiter Ferne, an da musse mer nohaken.

Iwweregens si mer „an Atzéngen" domadder am Gaangen. Do sinn d'Embase vun de Stroosseluuchte fort a mir sinn am Gaangen ze sichen, wien da responsabel ass fir dat gemaach ze hunn. Dat ass natierlech net ëmmer einfach fir dee Schëllegen ze fannen. Et misst ee scho bal permanent um Site sinn. Heiansdo gëtt och samschdes do gewerkelt a sonndes, an dann ass kee vun eise Leit ronderëm. Do sinn natierlech ganz vill där Schantercher, mä esoubal mir esou eppes gesinn, kucke mer fir nom Rechten ze kucken. Op dat eis ëmmer geléngt, dat ass eng aner Geschicht, well et och ganz oft „après coup" ass, wou mer dat feststellen a wou mer dann duerno op der Sich nom Responsabele sinn.

Mä är Remark ass pertinent an se reegt eis och op. Mä dir wësst och, wéi Rechtssspriechung hei zu Lëtzebuerg ass. Wann een et net kann zu 100% engem noweisen, datt hien dat gemaach huet, da gëtt et schwéier un deen erunzekommen. Dat sinn och Situatiounen, wéi mer se hunn a wou mer domadder kämpfen a wou mer och net zefridde si mat deen, wat heiansdo dobäi erauskënnt.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.7.

### Propriétés.

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck», de la part de M. Edmilson Jair Rocha Monteiro et Mme Samira Monteiro Da Veiga – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, d'une contenance de 0,10 are, se fait gratuitement.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.

### Dépenses diverses.

Membre du personnel à ajouter sur la liste des candidats ayant droit à l'octroi d'un cadeau de service – décision complémentaire.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Budget rectifié 2021 et budget initial 2022.

Discussions et appréciations des conseillers communaux – réponses du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da kéime mer zu de Froen a Remarken, déi d'Conseilleren zum Budgetsprojet hunn, a mir versichen als Schäfferot direkt drop ze äntweren. Sollt awer elo e ganz konkreten Dossier net kënne geklaert ginn a mer mussen an eisen Servicer nofroen, da géife mer déi Informatiounen an der nächster Gemengerotssëtzung noreechen.

**Remacle Patrick (CSV):**

Nodeems ech am September dëst Joer an de Gemengerot nogeréckelt sinn, ass et mir eng grouss Éier, meng éischt Budgetsried halen ze dierfen an och nach haut als éischte Gemengeconseiller meng Kommentaren zu dësem bal 400 Säiten décken Dokument kënnen ze maachen a meng Froen ze stellen.

De Budget 2021 war e ganz éiergäizegen an optimistesche Budget. Leider huet awer déi global wirtschaftlech Entwécklung et net erméiglecht, déi verschidden Artikelen esou duerchzezéie wéi et eigentlech geplangt war. Mir wëssen alleguer, datt virun allem am Bausektor e grousse Manktem bei den elementaarste Baustoffer bestanen huet. Am Beräich vun der Elektronik bestinn och elo nach ëmmer grouss Problemer fir Baudeeler erbäizekréien, wat mir an de leschte Wochen a Méint méi ewéi eng Kéier och am private Beräich ze spiere kruten. Dës Problematik spigelt sech natierlech och zum grousse Deel an den Zuele vum rektifizéierte Budget erëm, wou mir awer wëssen, datt do d'Zuele bis Enn Mäerz nach wäerten ugepasst ginn.

Wat elo de Budget 2022 ugeet, esou bréngе mir et trotz héijen Investitiounen erëm eng Kéier fäerdeg, ouni Emprunt auszekommen. Wat mat sech bréngt, datt d'Pro-Kapp-Verschëldung an eiser Gemeng Enn 2022 bei 163 € läit. Dëst ass d'Resultat vun enger wäit- a virsiichteger Finanzpolitik, déi d'Handschreft vun eisem Buergermeeschter Pierre Mellina iwwer déi lescht 2 Joerzéngten dréit.

An och de Budget 2022 ass erëm e ganz éiergäizegen. Ganz héich Investissementer ginn et ë.a. um Niveau vun de Kanner- a Jugendbetreiungsstrukturen, eiser Grondschoul, eiser Museksschoul an och eise Sportinfrastrukturen. D'Vertrieder vun eiser Fraktioun, déi no mir d'Wuert ergräifen, wäerte sécherlech nach méi am Detail op dës Punkten agoen.

D'Kultur, an do speziell déi verschidde Projeten am Kader vun Esch2022, déi an eiser Gemeng oflafen, spillen an dësem Budget eng grouss Roll. Eise Koordinator hei am Gemengerot, de Roland Breyer, huet an Zesummenaarbecht mam Kulturschäffe Jean-Marie Halsdorf e flotte Programm mat de verschiddenen Associatiounen – KaGePe a FECC fir se net ze nennen – op d'Bee gestallt a wéi een et am Budget ka gesinn, sinn och eis Maisons Relaisen an eis Museksschoul mat involvéiert. Och 2 Privatprojeten aus dem ekologeschen a pedagogesche Beräich gi subventionéiert. Et bleift eis elo nach just ze hoffen, datt all déi Planungen net ëmsoss waren a mir kënnen nëmmen d'Daumen drécken, datt d'Pandemie en Ëmsetze vun dëse flotte Projeten net verhënnert an esou eng grouss Unzuel vu Leit an eis Gemeng zitt, wat der Geschäftswelt an dem Horesca-Beräich géing ganz gutt doen.

Weider kulturell Aktivitéiten a Festivitéite gi mat engem Budget vun 290.000 € ënnerstëtzt. Wat d'Organisatiounen ubelaangt, esou stinn 100.000 € méi am Budget ewéi 2021. Dëst fir Aktivitéiten, déi op der Gemengeplaz stattfannen. Ervirstraiche wëll ech hei de Rockabilly Festival, dee mir als Sekretär vum „Syndicat d'Initiative et de Tourisme" besonnesch um Häerz läit. Dëse Festival soll 2022 eng méi grouss Envergure kréien. Mir wëllen eng lieweg Gemeng. Eng Gemeng, wou fir sämtlech Generatiounen eppes gebuede gëtt. Déi budgetär Mëttele sinn deemno 2022 do fir dat duerchzezéien.

E weidere grousse Punkt ass eist Stroossennetz mat all sengen ënnerierdeschen Infrastrukturen. Virun allem d'Reseaue vum Of- an Iwwerflächewaasser. Hei si schonn eng

Rei Projeten am Gaangen, déi weidergefouert ginn, anerer sti kuerz virun der Fäerdegstellung an et kommen och eng Rëtsch neier dobäi. Och déi Aarbechte wäerten, wann se bis ofgeschloss sinn, zu enger besserer Liewensqualitéit vun eise Biergerinnen a Bierger féieren. Ervirsträiche wëll ech hei virun allem 2 Projeten no deenen ech dacks gefrot ginn:

- Avenue de la Gare zu Rolleng, wou no laange Verhandlunge mat Ponts et Chaussées d'Aarbechten tëschent der rue Maragole an der route de Luxembourg dëst Joer kënnen ufänken.
- Och an der rue de la Montagne zu Rolleng ginn d'Infrastrukturen nei gemaach, wat zu enger Verbesserung vun der Ofwaassersituatioun bei staarkem Reen wäert féieren.

Dir Dammen an dir Hären, mir hunn eis an der Fraktioun déi verschidden Themeberäicher opgedeelt, ech hu meng elo duerch, ech hunn awer nach e puer Froen zu verschiddene Punkten:

Ech géif dann ufänke mam ordinären Deel.

- De Projet Shime ass e Projet, deen d'Leit soll sensibiliséieren hier Zigarettestëmp net einfach an d'Natur ze geheien, ma se solle gesammelt ginn an da vun enger spezialiséierter Firma recycléiert ginn. Ech denken, dass de Patrick Arendt och nach op dëse Punkt ze schwätz kënnt. Meng Fro ass awer op wéi enge strategesche Plaze ginn dës Äschenteller opgestallt?
- Agents municipaux: Ass scho gewosst wéini d'Gesetz gestëmmt gëtt fir d'Attributioune vun deenen Agenten ze erweideren?
- Déi Trapp déi bei d'Lénger Weier féiert an déi scho jorelaang gespaart ass, soll dann elo endlech no zéie Verhandlunge mam Ponts et Chaussées an an Zesummenaarbecht mat der Käerjenger Gemeng an d'Rei gesat ginn. Wéini ass hei mam Ufank vun den Aarbechten ze rechnen?

Ech hunn dann nach Froen zum extraordinären Deel:

- De giele Wee, dee laanscht d'Kor bei d'Péitenger Weier féiert, ass op Plazen an engem geféierlechen an desolaten Zoustand. Hei kritt d'Gemeng och ëmmer Virwërf gemaach se wieren net aktiv. Et ass awer ganz kloer esou dass d'Gemeng ouni Accord vun der Administration de la Gestion de l'eau an dem Ponts et Chaussées guer näischt dierf do maachen. Allerdéngs schéint jo awer elo Luucht um Enn vum Tunnel ze sinn, well en Accord fonnt ginn ass. Ass dat richteg? A wéini kënnen d'Aarbechten do lassgoen, esou dass dëse Wee endlech erëm sécher gëtt?
- Zu Rodange gëtt d'Plaz tëschent der Kierch an dem Paschtoueschhaus nei gemaach. Den Här Buergermeeschter sot a senger Presentatioun, dass d'Paschtoueschhaus och säit e puer Méint eidel steet. Wat ass mat dësem Haus geplangt, wéi eng Attributioun soll dat kréien?
- Den Home St Hubert ass säit Ufank vum Joer am Besëtz vun der Gemeng. Et si schonn eng Rei Saache renovéiert ginn an fir 2022 steet dann och eng nei Feiermeldeanlag um Programm. Den Här Halsdorf sot dass d'Bestandsopnam nach géif lafen. Als Member vun der EOC an och vun der Home asbl, sinn ech natierlech nach ëmmer ganz interesséiert un der Entwécklung vun dësem Haus. Virun e puer Joer huet d'Home asbl déi puer Träppleker déi vum Café bei d'sanitär Ariichtunge féieren duerch 2 Rampen ersat, fir de Leit mat enger Mobilitéit reduite et ze erméiglechen déi sanitär Installatiounen ze notzen ouni mussen den Tour ronderëm d'Gebai ze maachen. Säit deem awer elo déi professionell Kichen net méi als Preparatiounskiche ma als Produktiounskiche genotzt gëtt, läit en décke Kabel, dee vun der Elektroverdeelung an d'Kiche féiert, queesch iwwert de Wee. Dëse Kabel ass wierklech richteg geféierlech a stellt och erëm e Problem duer fir déi Leit déi mam Rollstull oder mam Rollator d'Gebailechkeete wëllen notzen. Dofir meng Fro op et net méiglech ass dëse Problem mol op mannst provisoresch esou schnell wéi méiglech ze léisen, ech denken dass dat ouni all ze vill groussen Opwand misst machbar sinn! E weidere Sécherheetsproblem ass d'Aussebeleuchtung vum Home. D'Gebai an de Parking sinn net beliicht an et féiert ganz oft zu geféierleche Situatiounen, virun allem wann et wéi de Moment schonn um 5 Auer däischter ass. Dat gëllt och fir de Wee dee laanscht Crèche Richtung rue Gillardin féiert. Hei och meng Fro op een do net zäitno kéint eng Léisung fannen?
- Wéi scho gesot gëtt zu Rolleng den ënneschten Deel vun der avenue de la Gare komplett nei gemaach. Wéi eng Repercussiounen huet dat op d'Parkméiglechkeeten a wéi gëtt de Verkéier wärend der Dauer vum Chantier gereegelt?

Dir Dammen an dir Hären, dat war et fir mäin Deel. Ech soen dem Schäfferot Merci fir d'Beäntwere vu menge Froen a soen och de Leit aus de verschiddene Gemengeservicer, déi bei der Opstellung vun dësem Budget matgeschafft hunn e grousse Merci. Iech alleguerten soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir soen dem Här Remacle Merci fir seng Interventioun. Hien huet e Kommentar zu dësem Budget gemaach, an och eng ganz Rei konkret Froe gestallt. Ech Saach, déi ech ze beäntweren hunn, ass d'Fro zu den „Agents municipaux" a wéini dat neit Gesetz gestëmmt gëtt fir d'Attributioune vun den Agenten ze erweideren. Mir haten Uganks Dezember eng Entrevue mat der Police, mam Här Kox an och mam Parquet. An do ass eis an Aussiicht gestallt ginn, datt dat Gesetz sollt am 1. Trimester oder am 1. Semester 2022 gestëmmt ginn. Dat bedeit ganz kloer, datt mer a Funktioun vun deem neie Gesetz dëse Pool vun deenen Agents municipauxen opstocke wäerten. Mir wäerten dat awer ganz kloer a Funktioun maache vun deenen neien Attributiounen, déi dësen neien Agenten dann och zoukomme gelooss gëtt. Wann dat net sollt esou erweidert gëtt wéi mer eis dat erhoffen, da musse mer vläicht manner Leit engagéieren. Wann et awer méi erweidert gëtt an et esou ausgesäit, wéi mer eis dat erwaarden, da wäert sécherlech dëse Pool vun deenen Agente wesentlech erweidert an opgestockt ginn. An dat wäerte mer och hei an de Gemengerot komme fir dem Gemengerot eng Propositioun ze maachen, mat engem Organigramm a mat den Aufgaben, déi di Leit sollen iwwerhuelen a wéi déi Leit an Zukunft solle schaffen, en vu vun enger besserer Liewensqualitéit an eisen Uertschaften.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass effektiv esou, datt mer am kulturelle Beräich gutt weiderkommen, an ech weess, datt dir dat och ënnerstëtzt.

Dann hutt der e puer konkret Froe gestallt. Déi éischt ass, wéi et an der Avenue de la Gare mat den Aarbechte geet. Déi Aarbechten, déi d'nächst Joer do solle gemaach ginn, am éischten Trimester, sinn déi vun der Ënnerféierung vun der RN5 ënnert der Eisebunn erduerch. Dat ass en neie Waasserkanal. Duerno gëtt mat den Aarbechten ugefaange fir d'Strooss ze erneieren. Et ass e Renouvellement vun der Strooss. Et ass net eng nei Strooss, déi mer maachen, an dofir bleift d'Parksituatioun déi selwecht. Do waren am Ufank

Iwwerleeunge fir en anere System ze maachen, an déi Rechnung ass net opgaangen, loosse mer dat emol esou soen. Dat heescht, do kréie mer eng Strooss wou alles nei gemaach gëtt, wou d'Trottoiren e bësse méi breet ginn an och d'Strooss e bëssen anescht. Mä d'Parkplaze bleiwen am Prinzip esou bestoe wéi se elo haut sinn.

Dann hat der gefrot, wat mam Paschtoueschhaus geschitt. Dat muss ee kucken. Do ass d'Iddi déi – déi schonn e puer mol gesot ginn ass – vun enger Maison intergénérationelle, fir emol ze kucken, wat dat heescht a wat do ka geschéien. Et ass kloer, datt et en neie Moment ass, datt kee Paschtouer méi dran ass. Dat ass jo eng relativ kuerz Informatioun, déi mer do kritt hunn.

Dann nach Wuert zum Home St Hubert. Do ass et esou, datt dee Kabel effektiv net gutt do läit. Deen huet awer näischt mat der Kichen ze dinn. Ech mengen, dee Kabel läit och do, well verschidde Fleeschmaschinnen an esou Saachen do stinn, a wou déi Amperage gebraucht ginn. Mä et kënnt eng nei Ausriichtung vum Home an deem Sënn, datt do Produktioun gemaach gëtt an doduerch mussen se méi Amperage kréien. Mir mussen awer kucke fir eng Léisung ze sichen.

Et ass och ee vun eisen techneschen Ingenieuren op deem Dossier. Mir hunn eng Bestandsopnam gemaach mat alle Problemer, déi mer hunn, a mir versichen se een nom aneren ze léisen. Et sinn op villen Enner, wou Saachen ufalen. Et si vill Klengegkeeten a mir kucke fir eng Linn doranner ze kréien, wat awer net einfach ass. Well mir kréien aner Oplage wéi virdru bei enger privaten Asbl. Do waren déi Oplagen net esou strikt gekuckt gi wéi elo. An dofir musse mer ganz vill Aarbechten do maachen. Am Laf vum nächste Joer wäerten déi Aarbechte gemaach ginn iwwer den ordinäre Budget.

**Remacle Patrick (CSV):**

Ech wollt just nach eng Kéier op d'Avenue de la Gare zeréckkommen. Ech hat och gefrot, wéi d'Verkéiersféierung da géif lafen. Net nëmmen d'Parkplazen, ma och wéi de Verkéier do gereegelt gëtt.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

De Verkéier bleift „bidirectionnel“. Mir haten en Test maache gelooss, fir ze kucken, ob et eppes géif brénge fir de Verkéier nëmmen an eng Richtung lafen ze loossen. An et ass dobäi erauskomm, datt de Verkéier an der rue du Moulin doduerch géif katastrophal ginn. Dofir bleift de Verkéier elo a béid Richtungen. Et bleift am Fong esou, wéi et elo ass. Et si just d'Reseauen, déi frësch gemaach ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Fir op déi Péitenger Weieren anzegoen, esou hate mer effektiv e Rendez-vous op der Plaz mam Direkter vu Ponts et Chaussées an och mat deem zoustännegen Ingenieur a mam Buergermeeschter vu Käerjeng. D'Situatioun ass déi heiten, datt si eis gesot hunn, si géifen dat maachen. A laut menge leschten Informatioune wiere so och gewëllt, fir d'Käschten z'iwwerhuelen. Wéini datt se elo genee ufänken, kann ech iech net soen. Mir sinn awer emol frou, datt mer op der Plaz de Constat konnte maachen an datt mer eng Zouso vum Direkter vun de Ponts et Chaussées kritt hunn.

Dann hu mer de Projet Shime. Dat ass e Pilotprojet, wou de Moment 10 Äschebechere viru bestëmmte Gebaier opgeriicht ginn a wou een da kann seng Kippen drageheien, déi dann awer musse speziell entsuergt ginn. An enger éischter Phas ginn se an der Entrée an an der Sortie vum Park opgestallt, bei der Schoul do ënnen, virun der Kierch, bei der Seniorie, virum Office social a bei „A Rousen“, beim Busarrêt op der Maartplaz a bei der Eigent-Schoul, bei der Péitenger Sportshal a vis-à-vis bei der Maison Relais. Wann dee Projet erfollegräich ass, da wäerte mer och kucke fir dee Projet op Rodange a Rolleng auszebreeden.

De Giele Wee hutt der ugeschwat. Och do hate mer als Schäfferot eng Versammlung mam Direkter vun der AGE. Mir hunn hinnen déi ganz Problematik erkläert. Fir si ass dat nach net ëmmer esou evident. Mir hunn si awer drop higewisen, datt mir als Gemeng hinne scho 5 verschidde Projete virgeluecht hunn, fir do eng Léisung ze fannen. A wann ech aus der Diskussioun richteg erausheéieren hunn, da soen si eis och elo iergendwann eng Kéier, wat fir ee Projet si zeréckbehalen. Et muss ee wëssen, datt mir hinnen déi Projete presentéiert hunn. Et war kee gutt a si huele keng Decisioun. An ech mengen awer och, datt mer duerch dat Gespréich, dat mer mam Direkter vun der AGE haten, d'Situatioun deblockéiert kréien.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Fir d'éischt soen ech dem Schäfferot an de Beamten, déi um Budget fir d'Presentatioun an d'Opstelle geschafft hunn, Merci.

Esou wéi dir eis bei der Presentatioun de leschte Freideg gesot hutt, si mir elo bei 20.155 Awunner an eiser Gemeng ukomm. Doduerch huet eis Gemeng sech an der Liewensqualitéit net verbessert. Gréisstendeels ginn awer iwwerall Residenze gebaut a mir baue gäre Parkhaiser a kafen eis gär a Residenzen a fir Parkproblemer ze léisen. Mir hu 40.000 € virgesi fir e Parkhaus op der Nidderkuerer Strooss ze plangen, mir hu virun 2 Joer an der Verkéierskommissioun schonn iwwer eng Vignette fir Camionnetten anzeféiere geschwat. Besteet dee Projet nach? Wa jo, gëtt dat dann och an der ganzer Gemeng esou gemaach?

Dir schwätzt ëmmer vu Péiteng a Rodange, ma zu Rolleng stinn d'Camionnetten an der rue du Vieux Moulin scho bis bei de Bullenterrain, obwuel dat nëmmen am Ufank vun der Strooss virgesi war. Fanne mir do keng aner Léisung?

Am Duerf selwer zu Rolleng stinn zum Beispill Autoe vu Päiperlek, déi zwar am Déngscht vun eise Bierger do sinn, an awer fir Parkproblemer suergen. Ech hunn an der Verkéierskommissioun schonn eng Propose gemaach, fir hinnen an enger Iwwergankszäit Plaze beim Bauerenhaff an der rue de la Fontaine zur Verfügung ze stellen. Kéint dat esou séier wéi méiglech ëmgesat ginn, oder fanne mer do och eng aner Léisung?

Bei de Kierfechter si Sue virgesi fir verschidde Projeten. Ass do eppes virgesi fir d'Morgue zu Péiteng, déi an engem schlechten Zoustand ass? Do ass z.B. déi lénks Fënster futti, den Tuerm bréckelt a wann een d'Trap erofgeet, dann ass déi riets Säit e Bändche gespaant. Firwat weess ech och net.

Fir de Projet vun der Bëschcrèche sti 50.000 € am Budget. Soll déi nach ëmmer op Rodange kommen? A wéini soll mam Bau ugefaange ginn?

„Projet de réaménagement zone verte“ rue de la Fontaine zu Rodange – wat genee ass domat gemengt? En Amenagement am Kontext vun der Entwécklung vun deem Quartier oder och de Wee fir an den Zentrum vu Rodange?

Wat stécht hanner der Campagne publicitaire „Coup de poing“, wou en Depliant/Flyer un d'Schüler an d'Eltere soll verdeelt ginn?

Mir ginn nach eng Kéier 36.000 € fir d'Chrëschtbeliichtung, fir en neie Chrëschtbeemche fir op Lamadelaine aus. Wären do déi natierlech Beem net méi einfach wéinst dem Stockage duerno? A wien riicht déi op? Extern Firmen? Kéint een do net op de Wee goe fir en Opruff ze maachen an eiser Gemeng, wien en Dännebam wéilt ofginn?

Wéi ech gesinn, hu mer zu Lamadelaine beim Hondsterrain déi ganz Deenen ewechgemaach. Huet dat e Grond? Do hätte mer dann z.B. scho Beem fir dëst Joer gehat.

Mir begréissen de Projet vun engem Bamkadaster vu 15.500 €. Kënnt dir eis do nach weider Detailer ginn?

Mir begréissen och d'Initiativ vum Projet mat der Firma „Shime“ fir den Zigarettenoffall ze bekämpfen. Kënne mir déi Detailer dozou gewuer ginn?

Peche mer nach weiderhi Plaquettë bei d'Gagulle mam Vermierk „Ici commence la mer“?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op zwee Punkten agoen. Deen éischte Punkt ass dee vun der Augmentatioun vun der Bevëlkerung. Dir hutt vun 20.155 Awunner geschwat. Haut de Muere ware mer scho bei 20.389 Awunner, an eis Populatioun entwéckelt sech esou, wéi mir dat eestëmmeg am September 2017 hei am Gemengerot decidéiert hunn. Ech sinn och net averstanen domat – et ass polemesch sécherlech ganz flott wann ee seet, datt iwwerall Residenze gebaut ginn – datt iwwerall Residenze géife gebaut ginn. Et ginn nëmmen do Residenze gebaut, wou de Gemengerot am September 2017 eestëmmeg dat decidéiert huet. Dat wollt ech emol kloerstellen. Et kann een natierlech ëmmer erëm déi Kritik do maachen. Dat kënnt vläicht gutt un, mä et muss een sech awer och konsequent bleiwen an deenen Decisiounen, déi ee geholl huet a mat deem, wat geschitt.

Kloer ass, datt mer eben net méi iwwerall Residenze bauen. Mir bauen nach just an den Zentrume Residenzen. Op deenen anere Plazen ass et limitéiert. Et ass Zone Hab-1, wann een d’Reglement kuckt, wat mer am September 2017 festgehalen hunn. Do sinn héchstens nach kleng Residenze mat maximal 4 Appartementer virgesinn, a fir de Rescht näischt méi. An dat – géif ech soen – ass bei 85% vum Territoire vun der Gemeng Péiteng de Fall.

Dat war – an do ginn ech iech Recht – am ale PAG, deen 1992 gestëmmt gi war, net de Fall. An dofir hu mer et jo geännert a mir hunn dat poch nogebessert, an ech menge schonn, datt mer zanter 2017 op engem ganz anere Punkt sinn. Virun allem de Buergermeeschter ass elo op engem anere Punkt, well en sech elo emol kann op eppes beruffe wann ee seet, et dierf net gebaut ginn. Well wann de Buergermeeschter dat verbitt, da muss en den Artikel aus dem Reglement erbäizéie fir dat ze klären. Well soss läit en um Réck. An hei hu mer elo Artikelen, déi eis erlabe fir ze soen, datt do keng Residenz méi ka gebaut ginn, wat virun 2017 net de Fall war. Dofir loossen ech dat doten net am Raum stoen an ech sinn absolut géint esou Aussoen. Well wa mir tatsächlech iwwerall Residenze bauen, dann ass dat well déi Gréng dat matgestëmmt hunn. Well si hunn dee PAG do matgestëmmt.

Fir op de Bauerenhaff an der rue de la Fontaine zeréckzekommen, esou fannen ech dat keng gutt Propose. Dat ass awer meng perséinlech Meenung an et kann een dat nach eng Kéier diskutéiere fir virun deem Bauerenhaff Camionen a Camionnetten ze setzen. Ech fannen dat net dee richtege Wee. Mir wëlle gären en zukunftsorientéierte Projet dorausser maachen. Et wäert och geschwënn do gefaange gi mat schaffen an da wëll ech net elo fir 6 Méint eng Noutléisung maachen. Mir mussen aner Léisunge fannen a laangfristeg Propositioune sichen. An net kuerzfristeg Léisungen, déi net méi laang wéi 1 Joer kënnen dauere well mer dann iergendwéi Buerunge musse maachen oder mussen op där Plaz schaffen an de Leit da musse soen, datt déi Solutioun, déi mer hinnen d’lescht Woch gesot hunn, haut schonn net méi gutt ass.

Dofir mengen ech, datt et net déi beschte Léisung wier, mä datt et e Problem ass. An dat wäerten nach aner Leit heibannen erläuteren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dir schwätzt déi 40.000 € un, déi am Budget sti fir e Parkhaus op der Nidderkuerer Strooss. Dat ass och net aus den Ae verluer. Et ass esou, datt mer eng kloer Strategie hunn an déi maachen ech zesumme mam Verkéiersschäffe Romain Mertzig. A mir kënnen eréischt richteg lass fueren – och mat der Vignette – wa mer en éischte Parking hunn, deen „selon les règles de l’art“ gebaut ass am Sënn, datt en esou eppes erlaabt. An dat wäert kommen. Mä mir kënnen dee Rodanger Parking – an dat ass deen éischten, dee mer maachen an der rue Jos. Moscardo – eréischt realiséiere wann dat Parkhaus fäerdeg ass. Well soss gëtt et e Chaos do. A wann dat fäerdeg ass, da gëtt do e Parking gebaut.

D’Iddi ass och déi, fir zu Rolleng eng Plaz ze sichen an dat kann eventuell déi sinn, déi dir elo ugeschwat hutt. Mir wëssen och, datt an der rue de la Minière zu Rodange ganz vill Camionnetten um Parking beim Scoutschalet stinn. Mir sinn eis där Problematik bewosst a mir kënnen awer eréischt richteg duerchgräifen, wa mer e Konzept hu wat d’Strooss hält a wat d’Méiglechkeet gëtt, fir esou Camionnetten och kënnen ënnerzekréien. Esou laang wéi et dat net gëtt, ass Duercherneen. D’Police huet sech och scho mat där ganzer Problematik beschäftegt. Mir kucke fir dee Wee, deen der eis hei virgezeechent hutt mat enger Vignette, esou séier wéi méiglech ze goen. Awer dat kënne mer eréischt maachen, wann d’Infrastrukturen do sinn. An do gëtt et e klore Kader, an deem mer eis beweegen. E muss nach just präziséiert ginn an dee Kader wäert ugoe mat deem Parking, deen zu Rodange beim Fussballterrain gebaut gëtt.

Dann hutt der déi 36.000 € fir d’Chrëschtbeliichtung ugeschwat. Do ass et esou, datt mer der Meenung si fir déi 3 Sektioune mat der Chrëschtbeliichtung d’selwecht unzegoen. Dat heescht, mir hunn dee grousse Chrëschtbeemchen zu Rodange bei der Kierch stoen; mir hunn dee selwechten hei zu Péiteng bei der Gemeng stoen an d’Iddi ass déi, fir dee selwechten och op Rolleng op déi Parkplaz nieft der Schoul ze setzen. Dee wier och schéin op där grousser Plaz. An et ass nohalteg, well déi Beemercher huet ee laang.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

D’Bëschcrèche ass nach ëmmer en Thema. Mir sinn nach ëmmer dru befestegt fir d’Bëschcrèche op Rodange ze placéieren. An zwar an deem selwechte Kontext an an der selwechter Linn wou de Scoutschalet steet. Et ass jo awer och gewosst, datt deen Terrain direkt hannendrun zu engem Deel Natura 2000 ass. Do hoffe mer, datt mer och d’Geneemegung kréie fir déi Gréisst vu Bëschcrèche, déi mer géife brauchen. Wat een och muss mat a Bezuch huele wann een eng Bëschcrèche baut – well den Numm seet et jo, Bësch – datt een och e gudden Zougank muss hunn, d’Sécherheet muss garantéiert sinn, d’Eltere mussen dohinner kommen. Wann emol eng Kéier Nout um Mann wier, da muss een och wëssen, datt emol eng Ambulanz oder e Pompjeeswon och musse ganz séier dohinnerkommen. A wann déi Brëschcrèche och duerno géif vum Ministère de l’environnement geneemegt ginn, da wieren déi dote Punkte schonn emol alleguerte berengegt. An dofir hoffe mer och – mat deenen nächsten Analysen, déi mer am Gaange sinn ze maachen – datt mer Uganks 2022 weider kënne kommen an iech dann am Laf vum Joer e Projet kënne presentéieren. Méi kann ech de Moment net zu där Bëschcrèche soen. Et ass fir eis nach ëmmer en Thema a mir halen och dru fest. Och wa vill Leit mengen, mir wieren nëmmen hallefhäerzeg un enger Bëschcrèche interesséiert. Dat ass awer net de Fall. Mir wëssen, datt mer Plaze brauchen. Mir wëssen, datt d’Leit un enger Bëschcrèche interesséiert sinn. Awer, wéi gesot, et ass net esou einfach wéi déi meescht Leit mengen. Mir kënnen se net egal wouhi

setzen, dat geet net. Ma mir mengen, datt mer hei eng Plaz fonnt hätten, wou mer eng Bëschcrèche kéinten hisetzen.

Wat den Depliant un d'Schüler ugeet, déi „Action coup de poing", esou kënnt dat net aus mengen Servicer. Ech weess net, ob e vläicht mat der Sécherheet oder mam Verkéier ze dinn huet. Mä op jiddwer Fall vum Service enseignement kann ech iech keng Äntwert drop ginn.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Am Budget sti 5.000 Euro vum Här Homan am Budget.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dann huet den Här Homan déi agesat. Ech weess awer net, wat hie mat enger „Action coup de poing" mengt. Mengt hie vläicht domadder nach eemol, datt e wëll drop hiweisen op d'Sécherheet vläicht vun den Elteren, well d'Elteren am léifste wéilten an d'Schoul era parke goen. Mä do ass awer fir de Moment nach näischt virgesinn. Da wäert dat vläicht nach am Laf vum Joer kommen. A wann dat dann esou wäit ass, da wäert der dat och op de Schreifdësch kréien.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Mir proposéiere fir dat dann nach bis den nächste Freideg nozekucken an iech ze soen, wat den Här Homan eis seet.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech wollt nach eng Kéier kuerz op d'Vignetten zeréckkommen. Do huet den Här Halsdorf schonn deelweis eng Äntwert ginn. Effektiv ass et an der rue du Vieux Moulin chaotesch. Mir loossen och reegelméisseg Kontrollen do maachen. Mä ech gesi selwer, datt verschidde Leit dat net verstinn.

Da fir beim Bauerenhaff an der rue de la Fontaine elo Parkplazen ze maachen a mir sollen do schaffen, da sti mer eis selwer am Wee. An ech gesinn och net onbedéngt an, datt mer fir eng Associatioun, déi e „caractère commercial" huet, do Plazen zur Verfügung stellen.

Fir d'Camionetten hu mer effektiv de Parking an der rue de la Minière opgemaach. En plus hu mer och esouguer – bis deen anere Parking fäerdeg ass, well mer zäitgläich bei der PiKo schaffen – do opgemaach, fir datt d'Camionnetten do kënne parken.

Wat d'Kierfechter ugeet, esou ass et esou, datt mer u sech keen neie Projet mat enger Morgue virgesinn hunn. D'Fënster, déi do futti ass, wäerte mer flécken. Firwat dee Bändchen do ass, muss ech nofroen.

Da stellt der nach eng Fro zu der „zone verte – impasse rue de la Fontaine". Do ass et esou, datt mer tëscht dem Rongveaux, wou den Haff stoung, an der Verbindung fir op Rodange, respektiv fir op d'Cité erof, u sech e klenge Park mat Wee a Bänke wäerten uleeën. Dat soll u sech en „espace de récréation" ginn, wou dann d'Leit, déi spadséiere ginn, kënnen notzen. A selbstverständlech bleift do den Accès och fir all Richtung op fir an den Zentrum, de Vullesang, respektiv fir an d'rue Nic. Biever.

Dann hutt der gesot, datt beim Hondsterrain d'Beem ewechgemaach si ginn. Dat ass richteg. De Fierschter ass un eis erugetrueden, well déi Beem al an deelweis krank waren an esouguer eng Gefor duergestallt hunn. An dofir huet hien eis gesot, datt en déi Beem géif ewech maachen.

Beim Projet „Bamkadaster" ass effektiv en Expert, deen sech deem Projet dat nächste Joer wäert unhuelen. An da maache mer dann de Bestand vun eise Beem, déi ronderëm stinn. An da kucke mer, wat dobäi erauskënnt. Wéi gesot, do ass en Expert, deen op d'Plaz kënnt an deen sech d'Beem ukuckt a kategoriséiert.

De Projet „Shime" hat ech scho virdru beäntwert.

Mat de Plaquettë bei de Gagullen, esou ass virgesi fir dee Projet weiderzeféieren. Et ass esou, datt mer hei zu Péiteng u sech als Pilotprojet domadder ugefaangen hunn. Mä et ass och virgesinn, datt mer och an deenen aneren Uertschaften domadder weiderfueren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Beim Projet „Shime" fannen ech et eng gutt Saach, datt mir als Gemeng op de Wee gi fir dat ze maachen. Dir hutt jo elo d'Plazen ernimmt, wou dat soll hikommen. Dat si jo elauter ëffentlech Plaze vun der Gemeng. Ech begréissen och, wa mer dat zu Rodange a Rolleng géife weiderféieren. Et ass nämlech gutt, wa mir mam gudde Beispill virginn, wann ech gesinn, wéi dat viru verschiddene Caféen ausgesäit. Et deet mer leed fir déi Aarbechter vun der Gemeng, déi d'Blummegäert musse botzen. Et ass kee Respekt vun de Leit do, obwuel datt d'Cafetieren en Äschenteller bei der Dier stoen hunn an d'Leit awer net kapabel sinn, fir d'Kippen dran ze geheien. Ech muss scho soen, datt d'Cafetieren Efforte maachen, mä wann d'Leit sech net wëllen drun halen, well se kee Respekt hunn, dann ass dat e bësse schued.

Eng aner Saach ass déi vun der rue de la Fontaine zu Rodange, wou der elo gesot hutt, datt elo dee Wee do gemaach gëtt. Do hoffen ech, datt dat dann deemnächst lass geet. Well ech war mer de Mueren nach eng Kéier déi Saach ukucken. Dee Wee gesäit lamentabel aus. Do si keng Poubellen, do leie Fläschen, do läit massiv Dreck, et ass en Depot do – ech weess net vu wiem -, do läit Bauschutt. Et ass jo Gemengenterrain an da misst der jo och wëssen, wiem dat gehéiert.

Déi aner Saach ass déi, mat der Fontaine-Strooss zu Rolleng, mat Päiperlek, esou hat ech et just gutt gemengt, well mer jo och HELP an Hëllef Doheem Parkplazen hei zu Péiteng zur Verfügung gestallt hunn. Et war net, fir deenen ënner d'Äerm ze gräifen, well et elo Päiperlek ass. An ech wousst och net, datt dat esou weider géif goe mam Bauerenhaus, soss hätt ech déi Propose net gemaach.

Bei de Camionnetten, esou hoffen ech, datt mer zu Rolleng eng aner Léisung fannen. Mir haten och schonn an der Verkéierskommissioun scho Rieds an ech hat dem Polizeikommissär et och scho gesot, datt och Autoen do stinn, déi ëmmer do stinn. Hien huet mer gesot, datt e géif kucke fir dat an de Grëff ze kréien, fir datt déi géifen do fortkommen. Mir versichen och, fir iwwer d'Verkéierskommissioun verschidde Saachen ze reegelen, ouni datt mer dat hei mussen nach eng Kéier ervirbréngen.

Iwwert déi Saach mam Chrëschtbeemchen zu Rolleng, kann een diskutéieren. Dir hutt jo gesot, datt all Uertschaft dee selwechte Beemchen huet. Zu Rolleng steet jo momentan ee bei der Kierch, deen e bësse méi kleng ass. Ech hat et jo gutt gemengt, well déi Beem elo beim Hondsterrain ewechgemaach si ginn, an dann hätt een dovunner ee kënnen huele fir dohinner ze stellen. Ech si jo net deen, deen elo seet, datt mer sollen d'Beem ewechmaache fir e Chrëscht-beemchen ze hunn. Et war nëmmen eng Iddi fir e Bam, dee fortkënnt, fir deen doten Zweck ze huelen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Ganz opmierksam hunn ech mer déi lescht Wochen de Budgetsentworf fir d'Joer 2022 ugekuckt. Global betruecht enthält de Budgetsentworf vill gutt Usätz. Op där aner Säit stellen sech mir awer eng Rei Froen, ob déi ech mer hei Äntwerten erwaarden. Verschidde Froen huet den Här Scheuer scho gestallt a sinn och schonn deelweis beäntwert ginn.

Rezent huet den Educatiounsminister Claude Meisch ugekënnegt, datt d'Mëttegiessen an der Maison Relais fir d'Kanner ab 2022 soll gratis ugebuede ginn. Mëttlerweil gouf den Ufank vun dëser Entscheedung, déi meng Sektioun an ech natierlech begréissen, op déi nächst Schoulrentrée verluecht. Hei wéilt ech vum Schäfferot wëssen, ob e Prezisiounen zu den Auswierkunge vun der Decisioun generell, an och vum Retard vum Akraafttriede vun der Entscheedung op de Gemengebudget ka ginn. Am Budgets-entworf ass ëmmerhin uginn, datt d'Entscheedung en Impakt op der Säit vun den ordinäre Recettë wäert hunn.

Och sinn d'Previsioune vun de Recetten duerch Bedeelegungen u Sudgaz fir d'Joer 2022 ëm een Drëttel manner héich ugesat ewéi fir d'Joer 2021. Steet dëst a Relatioun mat der Erhéijung vun den allgemengen Energie-präisser oder kann de Schäfferot fir dës Previsioune méi Detailer kommunizéieren?

Fir an deem Kontext ze bleiwe stellen ech fest, datt d'Waasser- an Energiepräisser global an d'Luucht ginn, ma och d'Ofwaasserkäschten. Grad an enger Zäit ewéi dëser ginn d'Käschten op d'Bierger ofgewälzt, déi d'Leit zum Deel an nach méi schwiereg Situatioune bréngt. Lafe mir net Gefor, datt d'Bierger hei zousätzlech an Nout geroden, a misst een net drun denken, de Budget vum Office social ze erhéijen? Bedauerlech fannen ech et an deem Zesummenhang och, datt d'Subsiden, déi fir de Kaf vu Bestandsimmobilie virgesi sinn, 2022 sollen erofgoen.

Mam Bléck op d'Hondssteier stellt sech mir dann nach eng Fro. Gëtt et de Moment Subside fir seng Hausdéiere steriliséieren ze loossen, fir onkontrolléiert Iwwerpopulatioun ze vermeiden? An anere Gemenge gëtt et dat schonn. Beispillsweis kéint d'Hondssteier dofir zweckgebonne ginn. Ma och fir d'Propretéit, notamment aus d'Ausstattung vun den Hondstuten, mussen dës Sue fléissen. Well allze oft sinn d'Stännere mat den Tuten eidel, obwuel ech schonn des Ëfteren heirop opmierksam gemaach hunn an elo schonn erëm zanter 3 Wochen zu Rodange iwwerall eidel sinn.

Wat déi ordinär Ausgaben ugeet, muss ech dann awer soen, datt ech mech iwwer déi 130.000 € Negativzënse wonneren, déi mir op Sue solle bezuelen, déi op der Bank schlofen amplaz datt mir mat de Sue schaffen an an d'Gemeng an hir Bierger investéieren. Sécher gëtt et vill Projeten, wou dës Sue vill besser ugeluecht wieren.

Am Zesummenhang mat de méi héije Personalkäschte géif mech konkret interesséieren, wéi e Prozentsaz vun dëse Käschten duerch d'Eropgoe vum Index bedéngt sinn. Da wéilt ech vum Schäfferot awer och Prezisiounen zu der Beschäftegungsinitiativ vu jonke Chômeure kréien. Wéivill Jonker profitéieren aktuell vun dëser Moossnam? Wat sinn d'Erfarungen am spéidere Werdegang vun dëse Jonken? Huet de Schäfferot Informatiounen iwwer den Taux vu Jonken, déi duerch dës Beschäftegungsinitiativen um reguläre Aarbechtsmaart kënnen integréiert ginn? Ass virgesinn, datt d'Gemeng Péiteng Jonker aus der Initiativ dauerhaft iwwerhëlt? Falls jo, wéivill Jonker profitéieren dovunner? Falls nee, firwat gëtt dëst net a Betruecht gezunn?

Am Kader vun de Publikatioune vun der Gemeng géif mech dann interesséieren, ob dës op recycléiertem Pabeier gedréckt ginn? Als grouss Gemeng mussen ëmmerhin och mir eise Bäitrag zur Klimaneutralitéit leeschten.

Weider ganz wesentlech Froe stellen sech mir awer natierlech bei den extraordinären Ausgaben. Ganz wichteg Ausgabe sinn do z.B. ëmmer beim Akaf vun neie Gefierer fir d'Gemengenservicer ze verbuchen. Do fält zënter Joren op, datt d'Käschten deelweis extrem héich ausfalen. Beispillsweis bis zu 70.000 € fir enger Camionnette. Duerch wéi eng Ausstattung sinn dës Ausgaben ze erklären? Denkt de Schäfferot drun, méiglechst ëmweltfrëndlech Gefierer anzekafen? Wéi héich ass den aktuellen Taux vun Elektroautoen am Fuerpark vun der Gemeng? Denkt de Schäfferot och drun, genuch Luetstatiounen z'installéiere fir d'Elektromobilitéit ze fërderen? Wéivill där Bornen hu mir de Moment an eiser Gemeng?

Fir un d'Bautepolitik vun eiser Gemeng ze kommen hunn ech eng ganz Partie Froen zu Projeten, déi entweder schonn amgaang sinn oder nach an de Kannerschong stiechen.

Am Kader vun der Restauratioun vum ale Bauerenhaff am Zentrum vu Lamadelaine – fir den Duerfkär opzewäerten – wëll ech vum Schäfferot wëssen, ob et scho Prezisiounen zum Gesamtbudget vum Projet ginn? Wéini soll dee ganze Projet vun der Ëmgestaltung fäerdeg sinn?

Wéi eng Fortschrëtter goufe bis elo am Projet vum Reamenagement vum Terrain an der rue de la Fontaine zu Rodange gemaach (wann ech mech net ieren am Chauxfour), wou jo e flotte Wee soll entstoen, deen ënnerschiddlech Deeler vu Rodange soll matenee verbannen. Ech hoffen, datt dee Wee dann dëst Joer fäerdeggestallt gëtt. Dëse Punkt gouf jo och scho vum Här Scheuer ugeschwat a gouf schonn deelweis vum Schäfferot beäntwert.

Mat Bléck op d'Transformatioune vum Péitenger Jugendhaus, déi ech an hirer Form begréissen, wëll ech vum Schäfferot wëssen, ob de Schäfferot der Meenung ass, datt dat Rodanger Jugendhaus den Ufuerderunge vun eiser Zäit entsprécht. D'Jugend ass de ganz grousse Verléierer vun dëser Pandemie an ech sinn iwwerzeegt, datt d'Jugendhaiser an Zukunft nach eng vill méi wesentlech Roll wäerte spillen. De Schäfferot soll dofir emol doriwwer nodenken an déi Rodanger Infrastruktur entweder komplett iwwerschaffen oder, an dat halen ech fir déi méi adequat Optioun, eng komplett nei Struktur bauen.

Fir bei der Bautepolitik ze bleiwe muss ech awer hei och ganz kloer soen, datt ech ëmmer erëm op en Neits enttäuscht gi vun der Approche vun eisem Schäfferot fir mat Fusch um Bau ëmzegoen. Méi konkret denken ech do un d'Maison Relais „Dachse bei der Bich". D'Assurance gouf jo ageschalt, ma wéi stinn dann eis Chance fir do effektiv eppes erëmzekréien? Firwat kann de Schäfferot esou Problemer – an Zesummenaarbecht mat sengen techneschen Servicer – net schonn am Viraus vermeiden a besser kontrolléieren?

An engem änleche Kontext wëll ech vum Schäfferot wëssen, ob e mer ka Prezisioune ginn zu der Präisexplosioun vun den Ëmbauaarbechte vun der PiKo-Schwämm zu Rodange an och vum Ausbau vun den Dëschtennissäll zu Lamadelaine.

Iwwerdeems hunn ech bis elo vu villen Doleancë vu Bierger héieren, déi mat der Neigestaltung vun der Gemengeplaz absolut net frou sinn. Besonnesch wéinst dem Choix vu verschiddenen Installatiounen. Ass de Schäfferot um Courant vun dësen Doleancen? Wéi äusseren sech dës, a wéi gedenkt de Schäfferot deem Rechnung ze droen?

Ech hu mech elo de Mëtteg, wou ech heihinner komm sinn, op eng vun de Bänke gesat, an ech kann iech soen, si sinn net kamoud. An déi Jugendlech si scho mat de Féiss iwwert all Bänke gelaf, déi stinn an déi kee Réck hunn.

Wat dann d'Ëmbauaarbechten op der Rodanger Gare ugeet, esou muss ech soen, datt ech de Projet ganz interessant fannen. Mir begréissen ausdrécklech, datt déi verhaasste Barrière endlech an dauerhaft wäert verschwannen. Ma kann de Schäfferot op dëser Plaz och scho soen, ob en um Courant ass wéini dat neit Parkhaus vun den CFL endlech soll opgoen? Well déi Rodanger Leit beschwéieren sech iwwerall iwwer e

Manktem u Parkplazen, well se bal all verschwonne sinn, déi do an deem Quartier waren. D'Geschäftsleit si guer net frou doriwwer.

Op eist éiwegt Suergekand, de Projet „Grand-Bis", wëll ech hei guer net weider agoen. Mir wëssen all, wéi bedauerlech a penibel et ass, datt déi zoustänneg Ministèren et zënter Joerzéngten net hikréie fir eng Léisung ze erméiglechen, déi fir eis Gemeng vill Virdeeler hätt.

Fir dann e positiivt Element ze nenne sinn ech frou, datt mer Etudë maache fir an Zukunft besser op Iwwerschwemmunge virbereet ze sinn. Dass dëst net vu Muttwëll ass, gesi mir Joer fir Joer an ëmmer méi dacks.

Positiv stëmme mech och d'Investissementer an d'Schoul- a Betreiungsinfrastrukturen iwwer déi lescht Joren. Ma wichteg ass et, datt déi Strukturen esou inklusiv a barrièrefräi wéi méiglech gestalt ginn, respektiv adaptéiert ginn, fir datt an eiser Gemeng all Kand ka wierdeg un altersgerechten Aktivitéiten deelhuelen.

An deem Kontext wéilt ech dann och wëssen, wou mir mam Projet Bëschcrèche dru sinn. Gëtt och hei drop opgepasst, datt d'Infrastruktur absolut accessibel ass, well se jo awer an engem speziellen Ëmfeld wäert entstoen? Wéini kritt de Gemengerot de Projet virgestallt? Do si jo elo scho vill Froe beäntwert ginn.

Da riichten ech de Bléck awer och op Esch2022. Mir investéiere vill Suen, ma dëst huet e Méiwäert fir déi ganz Regioun. Och fir Kanner si super Projete virgesinn, beispillsweis de Projet „1001 Tonnen" fir d'Kanner op d'Vermeidung vun Dreck an der Natur ze sensibiliséieren. Och investéiere mir vill Suen an d'Kavalkad an an de „Gîte touristique" fir eisen Image ze verbesseren an eise lokalen Tourismus unzekuerbelen. Dës Engagementer gëllt et och no 2022 héich ze halen, fir datt mir laangfristeg kënne Fouss am Tourismus faassen.

Schliisslech, an ier ech zum Schluss kommen, wëll ech awer och nach e puer weider Umierkungen an Denkustéiss lassginn. Ech si frou, datt mir eis Veräiner als Gemeng wärend der Pandemie mat Subsiden ënnerstëtzt hunn an si net eleng gelooss hunn. Ma ass de Schäfferot gewëllt änlech Moossnamen nees ze proposéiere falls de Verlaf vun der Pandemie et erwaart?

D'Käschte fir de Schülertransport ginn an d'Luucht, d'Bierger an och Vertrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot beschwéieren sech iwwer ze vill Autoe ronderëm d'Schoulen, ma leider ass de Schäfferot nach ëmmer net gewëllt, der Fuerderung vun der DP fir d'Aféierung vun engem Pedibus nozekommen. Dëst Konzept, bei deem d'Kanner a Begleedung zu Fouss an d'Schoul ginn, huet a villen anere Gemengen – notamment an den Nopeschgemengen Esch a Suessem – ganz vill Erfolleg. Datt de Schäfferot dem Projet trotzdeem keng Chance wëll ginn, doriwwer kann ee just de Kapp rëselen.

Wat dann allgemeng d'Inclusioun an eiser Gemeng ugeet, maachen ech mech jo schonn zënter Jore staark fir méi niddreg Trottoire bei Stroosseniwwergäng oder och eng verbessert Accessibilitéit vun ëffentleche Gebaier. Op dëser Plaz hat ech iech schonn eng Kéier opgefuerdert, an engem Rollstull duerch d'Gemeng ze fuere fir besser nozevollzéien, wéi eng Problemer sech Leit mat engem Mobilitéitshandikap kënne stellen. Ma sécher wier et och interessant fir emol esou en Tour an engem „Age Explorer"-Kostüm duerch d'Gemeng ze maachen, deen den Alterungsprozess nostellt an eis eng besser Siicht op d'Alldagsproblemer vun eelere Leit ka vermëttelen.

Och wëll ech nach eng Kéier d'Demande vu ville Bierger widderhuelen, déi sech eng Navette vun eiser Gemeng aus wënschen, fir op aner Manifestatiounen uechter d'Land ze kommen. An anere Gemenge klappt dat jo och. Wa mir keng Navette ubidden, kënne mer et jo net probéieren. Villméi kéinte mir eise Bierger esou e Stéck méi Sécherheet ginn, well si net mussen op hiren Auto zeréckgräifen. Wéinstens eng Pilotphas fir ze kucken, wéi esou Navetten ukommen, kann a muss dach dra sinn.

Schliisslech wëll ech dann hei nach eng Kéier meng Fuerderung no engem onofhängegen Audit widderhuelen. Dobäi geet et net drëms fir eis Mataarbechter ze diskreditéieren, ma esou en Audit kéint der Gemeng hëllefen, Schwaachstellen ze identifizéieren, de Budget an d'Aarbechtsprozesser méi effizient ze maachen, an esou och de Service um Bierger ze verbesseren. Op meng Fro un de Schäfferot vu virun 2 Joer hat ech gesot kritt, d'Gemeng géif dat mat an de Syvicol huele fir eng national Approche unzeviséieren. Ma bis haut gouf och net iwwer de Fortschrëtt heivunner informéiert.

Ech begréissen et op dëser Plaz ausdrécklech, datt de Budget net esou kuerzfristeg un de Gemengerot verschéckt gouf, wéi dat zum Deel an de leschte Joren de Fall war. E grousse Merci soen ech dem Personal, dat un dësem Budget matgeschafft an dozou bäigedroen huet, datt mir eis gutt kënnen op dës Debatt virbereeden.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op e puer Saachen agoen. Dir schwätzt d'Prévisioune vun de Recetten duerch d'Bedeelegung u Sudgaz fir 2022 un. Ech ginn dovunner aus, datt dir vun den Dividende schwätzt, déi mer vu Sudgaz erwaarden. Mir hunn all Joer 100.000 € am Budget stoen. Mir kréien der ganz oft 158.000 €. Mä dat hei si Recetten, déi mer ganz virsiichteg wëllen aschätzen, well et weess ee jo net, a wat fir eng Richtung datt et geet. Mir wiere frou, wa mer och 2022 158.000 € un Dividende géife kréien, mä do wëlle mer eis awer net z vill wäit aus der Fënster erausleeën. Dofir hu mer eigentlech minimal ageschat op 100.000 €. Wann et duerno 158.000 € sinn, dann huele mer déi gären un. Mä et ass eng Optik vun enger virsiichteger Finanzpolitik, wou een d'Recetten eigentlech éischter ënnerschätzt wéi iwwerschätzt, an d'Ausgaben éischter iwwerschätzt wéi ënnerschätzt. Dat ass eigentlech d'Ursaach, firwat mer eigentlech nëmmen 100.000 € un Dividende festgeluecht hunn.

Wat elo de Budget vum Office social ubelaangt, esou ass dat eng Decisioun vum Verwaltungsrot. Dat ass en eege-stännegen Etablissement public, deen de Budget mat guddem Wëssen a Gewëssen opstellt. Si sinn sech och bewosst, datt mat all deenen Haussen – an et ass net nëmmen déi Haussë beim Waasser an Ofwaasser, wou d'Leit a Problemer kommen – a wann ech kucken, wéi vill d'Energiekäschte kaschten, besonnesch beim Hëtzen a fir d'Elektrescht, oder wann een sech muss en Auto leeschte fir op d'Aarbecht ze fueren a wat de Bensinn kascht, da sinn dat sécherlech wesentlech a substantiell Haussë fir déi Leit. An ech sinn iwwerzeegt, datt de Verwaltungsrot och a sengen Iwwerleeunge bei Opstelle vum Budget 2022 deem Rechnung gedroen huet.

Natierlech kann et nach ëmmer méi schlëmm kommen, wéi een sech dat virstellt, an da musse mer kucken, wéi mer dann do kënnen nobesseren. An dat gëtt jo dann och e Budget rectifié.

Dat schwätzt der vun „Kaf vu Bestandsimmobilien", wou ech net weess, wat der domadder konkret mengt. Ma dat kënnt der mer vläicht erklären an da kann ech iech och eng Äntwert drop ginn.

Datt mer elo 130.000 € Negativzënse virsiichtshallwer an eise Budget gesat hunn, dann ass et effektiv esou, datt mer enorm Retarden hunn, wat d'Projeten ubelaangt. Et gëtt ëmmer erëm

de Covid virgeschéckt, mä ech mengen et ass net ëmmer nëmmen de Covid. Dat gëtt gären elo haut esou profitéiert. A wann ee kuckt, wéivill datt mer elo hu missten zeréckgoe par rapport zu eisen „crédits autorisés", déi mer fir 2021 virgesinn hunn – do si mer bei an déi 40 Milliounen a mir haten der an déi 70 Millioune virgesinn – da gesäit een, datt d'Projeten eben net esou virugi wéi mer eis dat virstellen. Et ass just e Problem vun der Tresorie. D'Sue sinn ausginn. D'Sue sinn engagéiert duerch d'Projeten, déi mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn. Just d'Sue ginn net séier genuch ausginn, well mer mat de Projeten net virukommen a well mer mat de Projeten net esou virukomme wéi mer eis dat wënschen. Mir hoffen elo, datt mer dat esou, wéi mer et realiséiere wëllen an et an eisem Budget 2022 stoen hunn, datt mer dat dann och hikréien. A wa mer dat dann esou hikréien, dann ass déi Reserv ganz séier geschmolt an da wäerten déi Zomme vun Negativzënsen, déi mer hei stoen hunn, sécherlech méi niddereg ausfale wéi dat, wat mer elo hei an eisem Budget virgesinn hunn.

Hei si mer och an enger virsiichteger Approche, datt mer soen, mir gesinn130.000 € vir. Wann et da vill méi séier geet a mir brauchen nëmme 70.000 €, dann ass dat jo „en faveur" vun eis alleguerten. Mä wesentlech ass, datt mer an eise Projeten - an do ginn ech iech Recht – net esou virukommen, wéi mer eis dat selwer virgestallt hunn.

Bei de Personalkäschten hutt der gefrot, wat den Index ausmécht. Do kann ech d'Rechnung séier maachen. 30 Milliounen Euro si Paien, déi mer ausbezuelen an 2,5% vun 30 Millioune sinn 750.000 €. Dat ass dat, wat eng Indextranche déi Péitenger Gemeng kascht.

Dir hutt och gefrot, wéivill Jonker an esou eng Mesür vun enger Beschäftegungsinitiativ géife falen. Also déi ganz Jonk falen net an eng Beschäftegungsinitiativ. Si kommen hei an d'Gemeng als CAE, als Contrat d'apprentissage éducation. Do hu mer esou eng Ronn 20 Plazen op a fir de Moment sinn der 12 besat. Dat heescht, a priori wäerte mer eng 20 Leit an esou engem CAE-Kontrakt beschäftegen. Déi Kontrakter sinn och limitéiert op ee Joer. Et ass awer och esou – an dat muss ee ganz kloer soen – datt dat kee Fräifaartsschäin ass fir d'office an d'Gemeng z kommen. Dat schreiwe mer ëmmer an eis Kontrakter. Wa mer awer gutt Leit hunn – an dëst Joer hate mer der – da ginn se och als CAE definitiv agestallt. Mä et ass awer net esou, datt wann een als CAE eng Kéier hei ënnerdaach ass, d'office eng Plaz an der Péitenger Gemeng kritt. Dat ass och net méiglech, well wa mer der 20 op ee Joer hunn, da misste mer 20 Leit pro Joer astellen. An esou vill stelle mer der net an. Esou vill Plazen huet de Gemengerot eis nach net autoriséiert. Et muss een och wëssen, datt wann ee méi Leit astellt, dann huet een déi Suen och net fir aner Zwecker.

Wat elo d'Beschäftegungsinitiative selwer ubelaangt – de CIGL an de ProAktiv – esou huet de CIGL 26 Beneficiairen an de ProAktiv huet der ronn 15. Dat si Leit, déi schonn e gewëssenen Alter hunn an déi do beschäftegt sinn. An do ginn och reegelméisseg Leit op den éischten Aarbechtsmaart integréiert. Nach am leschte Verwaltungsrot vum CIGL hu mer 2 Leit relativ séier verabschit, well se um éischten Aarbechtsmaart eng Plaz kréien. An dat ass och d'Zil vun deenen Initiativen a déi wäerte mer och weiderféieren. Natierlech hänkt et och vun deenen eenzele Leit of, wéi engagéiert se an déi Richtung sichen. Et sinn och Leit – an dat kann ech iech vergewësseren – déi sëtzen am CIGL fir 2 Joer an déi hunn sech net onbedéngt ganz vill beweegt fir an déi dote Richtung eppes ze fannen. An dann ass et natierlech kloer, datt een no 2 Joer keng Plaz huet.

Wat d'Autosgefierer ubelaangt, do hutt der vu 70.000 € geschwat. Ech kann iech soen, datt mer dës Kéier fir d'alleréischt e „plan pluriannuel" iwwer 6 Joer opgestallt hunn, wéi eis Gefierer mussen erneiert ginn. An do huet eise Magasinier eng ganz gutt Aarbecht gemaach an dofir konnte mer 2018 am „plan pluriannuel" ganz kloer soen, wat fir Gefierer wat fir ee Joer ersat ginn. Mir wëssen also och scho wat fir Gefierer am Joer 2023 ersat ginn. Mir hunn emol eng Kéier en Auto virgezunn op ee Joer. Dat war, wann eng gréisser Reparatur géif ustoen a mer da gesot hunn, datt mer schonn e Joer éischter deen Auto géifen ersetze fir net nach esou vill Suen un en aalt Gefier hänken.

70.000 €, déi entstinn op Grond vun de Regiebetriber, déi eis soen, wat se brauche fir e Gefier. An do sinn och ganz oft bannenan Amenagementer, déi musse separat gemaach ginn. Mir kënnen awer nofroen, wat elo genee bei deem heite Gefier virgesinn ass an iech dat noreechen.

A well mer och elo op engem Site sinn, fänke mer un Synergien ze maachen tëschent deenen eenzele Regiebetriber. Net datt all Service säi Gefier huet, mä datt och emol iwwergräifend kann op bestëmmt Gefier zeréckgegraff ginn, wann dat Gefier nëmmen ee Mol an der Woch gebraucht gëtt. Esou kënnen sech z.B. 2 Betriber een Auto deelen. Dat war fréier net méiglech, well mer op verschiddene Sitte waren. Elo si mer gebündelt op der Lénger-Strooss an do ass dat sécherlech wesentlech besser. A mir wäerten do an Zukunft nach méi kënnen aspuere bei de Gefierer, well mer do op der Plaz eng besser Gestioun vun de Gefierer kënne maachen.

Wat de Bauerenhaff am Zentrum vu Rolleng ubelaangt, esou si mer do am Gaangen déi éischt Etüden ze maachen. Mir hunn awer nach kee Projet virleien. Et soll op jiddwer Fall eng Soft-Erneierung ginn. Dee Bauerenhaff an déi Scheier soll esou erhalen a bäibehale ginn – dat ass emol eise Wonsch – wéi en ass an net, datt mer eis net méi erëmerkennen, wa mer do erakommen. Et soll eng Soft-Erneierung ginn. Et soll och eng Erneierung ginn, déi am Intressi vum Liewen am Zentrum soll sinn, mat eventuell enger Brasserie, engem klenge Geschäft oder aner Aktivitéiten, déi eventuell d'Leit interesséiert fir do an dee Bauerenhaff ze kommen. Mir wäerten 2022 eng Rei Buerungen do maachen, mir mussen „études de sol" maache fir déi Aarbechten do kënnen ze definéieren. An dofir ass et och net gutt, wa mer do virun der Dier elo Parkplaze maachen. Wa mer ufänke fir do déi éischt Saachen ze realiséieren, da brauche mer reell och do Plaz. Am Laf vum Joer 2022 oder Ugank s 2023 wäerte mer de Projet da virstellen. Et ass awer ganz kloer, datt de Gros vun deem Projet eréischt an der nächster Mandatsperiod wäert realiséiert ginn, well mer an dëser Mandatsperiod dëse Projet eigentlech ni virgesinn haten. An dofir wäerte mer elo d'Preparatiounsaarbechte maachen en Vue vun deem Reamenagement / Restauratioun vun deem Bauerenhaff. Et ass e flotte Projet, deen och a Kombinatioun mat deem PAP, deen hannendru zur Säit vun der Grousswiss entsteet – realiséiert soll ginn. An dofir musse mer och e bësse kucken, wéi séier dee Projet sech entwéckelt. Ech sinn op jiddwer Fall dovunner iwwerzeegt, datt 2022 de Projet vum Bauerenhaff, mä och vun deem PAP, gemeinsam hei am Gemengerot wäert virgestallt ginn. An da wësse mer a wat fir eng Richtung datt et geet.

Wat d'Parkhaus vum CFL ubelaangt, esou soll dat 2022 opgoen. Ech loosse mer och net gären am Raum stoen, datt dat laang gedauert hätt. Ech fannen, datt et ganz séier gaangen ass. Well dir schreift do „endlech fäerdeg gëtt". Ech mengen, et ass relativ séier gaangen. Rezent sinn ech nach mam Zuch zu Rodange ukomm an ech muss soen, et geet ee schonn iwwer d'Passerell an dat gesäit scho ganz gutt aus. An et ass schonn – an do ginn ech iech Recht – eng Plus-value fir den Zentrum vu Rodange.

Da wéilt ech nach ganz gären um Schluss op eppes agoen. Dir hutt gesot, datt der frou waart fir de Budget esou fréi kritt ze hunn, soss hätt der deen ëmmer kuerzfristeg krut. Also ech kann iech garantéieren, datt an deene leschten 18 Joer de

Gemengerot deen ëmmer 10 Deeg am Viraus krut. Dat heescht, deen normale legalen Delai si 5 Deeg. Mir hunn ëmmer de Budget 10 Deeg am Viraus ginn, esou datt all Gemengeconseiller eng ganz Woch n 2 Weekender hat, fir en ze kucken. Dëst Joer ware mer nach éischter un. Dës Kéiere waren et 15 oder 16 Deeg. Mä ech mengen, mir maachen dat Bescht. Mir wëssen awer och, datt ee muss dat voluminéist Dokument op d'Been stellen a mir ginn ëmmer Gas, fir datt mer dat esou séier wéi méiglech fäerdeg hunn. Ech sinn awer der Meenung, datt mer an deene leschte Joren ëmmer dem Gemengerot genuch Zäit ginn hu fir dat Dokument ze kucken. Och schonn eleng de Fait, datt tëscht dem Moment, wou mer et dem Gemengerot presentéieren, an deem Moment, wou dir är Interventioun maacht, nach e Weekend loossen. Et sinn net vill Gemengen, wou dat de Fall ass. Dat beweist, datt mer hei wëllen eng koherent Diskussioun wëlle féieren, wou jiddereen an der Lag ass fir dat Dokument an déi Diskussioun hei „en bonne connaissance de cause" ze féieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Är Remark, datt d'Publikatioune kéinten op recycléiertem Pabeier sinn, huele mer mat an eisen Service. Mir hu verschidde Saachen, déi mer schonn op recycléiertem Pabeier maachen. Eis Gemengebulletine sinn awer op recycléiertem Pabeier gedréckt.

Elektroauto-Luetstatioune komme bei all Plaz, déi nei gemaach gëtt, dobäi. Do si mer an enger Logik, déi net wäert änneren.

Bei der Gemengeplaz schreift dir, datt d'Leit net frou wiere mat der Plaz. Mir hunn net vill un där Plaz geännert.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Et ass net d'Plaz selwer, mä et sinn déi Bänken, déi op der Plaz stinn. Déi Bänke sinn net kamoud. Wann do sech eng Kéier e Mënsch drop sëtzt a leet sech no hannen, da fält en hannerréck erop. Dee fält jo mam Réck no hannen. Ech hu mech selwer drop gesat, an et sëtzt een net bequeem.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Do gëtt et just warscheinlech nëmmen eng Léisung. Ech erklären iech och, firwat mer déi Bänken dohinner gesat hunn a firwat mer dat gemaach hunn. D'Iddi war, datt d'Plaz net sollt plakeg sinn. Dat heescht, datt een net einfach nëmmen eng grouss Plaz huet, mä datt d'Leit sech kënnen op där Plaz iergendwou sëtzen oder beweegen. An do huet den Architekt, deen dat gemoolt huet, gemengt, datt mer eppes sollen huele wat schéin ass fir d'Aen. An effektiv, déi Saachen, déi schéi si fir d'Aen sinn net schéi fir ze sëtzen. Dat hu mer jo elo dann erausfonnt. A wann déi Doleancë solle weidergoen, da musse mer se leider iergendwou an en Eck setzen an dann ass et fäerdeg. Mä ech wëll awer eppes ganz kloer an däitlech soen: Et sinn awer op mannst 50 oder nach méi Plaze ronderëm, wou een sech ka sëtzen. Et stinn iwwerall Bänken, a wann déi emol all besat sinn, da kann een sech op déi aner sëtzen. Ech si mat där Remark averstanen, mä wann dat doten eis Problemer sinn, dann hu mer effektiv Problemer. Mir huelen et mat a mir kucken am Schäfferot, wat fir eng Decisioun datt mer huelen. Mä wann een op d'Plaz normal Bänke géif hisetzen, da géif dat schrecklech ausgesinn. An dofir huet den Architekt op déi Zort vu Bänken optéiert, well e gesot huet, mir sollen eppes dohinner maache wat e bëssen anstänneg ausgesäit.

Ech hunn déi Bänken och getest an ech muss soen, datt ech kee Problem hu fir mech drop ze setzen. Et sëtzt een net gutt drop, mä et sëtzt een awer drop.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Et sëtzt ee fir de Réck ganz ergonomesch drop. Et sëtzt ee ganz riicht drop, dat ass wonnerbar. Mä wann se elo nach weider esou stoe bleiwen – well ech hu gesinn, datt Jonker do mat de Féiss driwwer lafen – da gesinn se geschwënn schéin eraus.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir decidéieren am Schäfferot wat mer maachen. Wann déi Doleancë wierklech sollen esou schlëmm sinn, wéi dir et sot, an ech wier frou, wann der ei kéint soen, wéivill Leit do reklaméiert hunn. Net datt et ëmmer dee selwechten ass. Well ech hu bis elo nach keng Doleancë kritt, muss ech iech éierlech soen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Dofir hunn ech jo d'Fro gestallt, well am Ufank war jo direkt esou ee grousse Shitstorm op Facebook. An dofir hunn ech elo haut selwer probéiert a selwer gekuckt, an dofir wollt ech dat awer hei soen, fir datt d'Leit awer wëssen, datt doriwwer awer geschwat gëtt.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech hu kee Problem domadder. Wann et e Problem ass fir d'Leit, da musse mer kucke fir dee Problem ze léisen. Et ass eis verdammte Flicht als Schäfferot, fir bei esou Saachen och Léisungen ze sichen.

Da kommen ech nach op de Grand-Bis. Do ass et esou, datt mer am Januar eng Reunioun haten. An doropshin huet missten eng nei Berechnung gemaach gi vum Punktesystem fir ze kompenséieren. Dat wier anscheinend alles fäerdeg an dat géife mer an den nächste Woche kréien. An da kucke mer, wéi mer weiderfueren. Dat heescht, de Grand-Bis wackelt nach. E wackelt zwar net ganz vill, mä e wackelt nach. An ech hoffen, datt mer do iergendwéi och eng Léisung fannen.

Dann hutt der och d'Etüd wéinst den Iwwerschwemmungen ugeschwat. Do maache mer och Neel mat Käpp. Dat ass och noutwenneg. Do hu mer och gutt reagéiert – mengen ech – datt mer déi Hydrauliksetüd gemaach hunn, asw.

Dann d'Subsiden am Kader vun der Pandemie. Do musse mer kucken. Wa mer gesinn, datt d'Veräiner leiden, da wäerte mer dat maachen. Firwat solle mer eis Strategie änneren an deem Sënn, datt mer d'Veräiner elo net méi ënnerstëtzen. Wann de Covid weider esou wütet wéi en dat elo mécht, da musse mer natierlech de Veräiner entgéint kommen.

Da kommt der mat Esch2022, dem Tourismus, asw. Mäi Virgänger an ech och sinn op där Schinn, datt mer an deem Beräich wëlle weiderschaffe bei deenen Evenementer, déi Péiteng huet. A Péiteng huet net vill Evenementer, déi en nationale Charakter hunn. An d'Kavalkad ass dat Evenement, wat nationale Charakter huet an dat wäert och an Zukunft deementspriechend ënnerstëtzt ginn.

Da schwätzt der vun Navette fir Manifestatiounen an datt et Gemenge ginn, déi dat hunn. Kënnt der mer soen, wat fir Gemengen dat sinn. Ech kenne keng. Wann dir der kennt, dann ass dat gutt, an da kucke mer, ob mer dat kënne maachen oder net. Mir hunn eis nach ni virdru gedréckt, fir zum Beispill beim Late Night Bus matzemaachen. Wann esou Saachen op anere Plaze Succès haten, da maache mir dat och a mir striewen eis och net dogéint.

Dann hutt der en Audit fir d'Fonctionnement an d'Gespréich bruecht. Ech hat och scho mam President vum Syvicol doriwwer geschwat, mä hie sot mer, datt d'Gemengen alleguerten aneschters opgestallt sinn. An do gëtt et net eng Reegel, déi ee kann op all Gemeng passt an no där Reegel all Gemeng muss fonctionéieren. Wat ech kann nëmme soen – an de Buergermeeschter huet virdrun drop higewisen – datt mir „learning by doing" maachen. Mir hunn zum Beispill elo

nëmme méi ee Site fir d'Regiebetriber, an da kucke mer fir dat ze organiséieren. Da maache mer zum Beispill eng Bestandsopnam vun alle Gefierer, wat mer virdrun net haten. Dat heescht, mir sinn am Gaange permanent en internen Audit ze maachen. Wa Problemer kommen, da versiche mer Léisungen ze fannen déi nohalteg sinn. Esou datt ech mengen, datt – esou laang et nach esou dréint – mir och esou kënne weiderfueren. Ech mengen net, datt mer als Gemeng schlecht fonctionéieren.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir stellt d'Fro, wéi et am Budget ausgesäit mat deem gratis Mëttegiesse fir d'Kanner an de Maisons relaisen. Dee Projet ass jo elo emol zeréckgesat ginn op de September. Et ass och esou, datt och emol primär de Staatsrot de Projet, wéi e virgeluecht ginn ass, net guttgeheescht huet. Well d'Eltere solle bis 4 Mol de Mindestloun hunn an datt déi dann alleguerte sollen ënner déi Moossnam falen. En plus huet et ëmmer geheescht – wat de Bäitrag vum Ministère géing bedeiten a wat e géif bäileeën – dat hätt u sech keen Impakt op d'Recettë vun de Gemengen. Et ass jo normalerweis ëmmer esou gewiescht, datt déi ganz Depensen, wou déi ganz Maisons relaise geréieren, zu 75% vum Ministère zeréckbezuelt ginn, an déi aner 25% zu Laaschte vun der Gemeng ass. Wéi gesot, mir hu bis elo nach keng Prezisioune kritt. Ech war de leschte Freideg nach mam Syvicol a Verhandlungen, well ech gemengt hat, mir géifen nach eppes iwwer de Syvicol erakréien a wat fir een Impakt dat hätt. Et ass awer nach guer näischt gewosst, esou datt mer haut op är Fro keng definitiv Äntwert kënne ginn. Wa mer bis den nächste Freideg eng hätten, da kommen ech selbstverständlech dorobber zeréck an da géinge mer dat nach eng Kéier op den Ordre du jour huelen.

De Buergermeeschter huet scho ganz vill Indikatioune ginn, wat d'Beschäftegungsinitiativ vun de jonke Chômeuren ubelaangt, an och wat den Taux vun deene Jonken ass a wéi déi Beschäftegungsinitiative sollen ugewannt ginn. Ech wëll nach just nëmmen nach e kuerze Punkt bäifügen. Wann déi Jonk Problemer hu fir eng Aarbecht ze fannen an Hëllef brauchen, esou hu mir jo och en Outreacher, dee ganz vill mam Jugendhaus zesummeschafft an deen och eng ganz gutt Aarbecht mécht, wou vill jonk Leit betreit ginn, wou Hëllef kréie fir eng Aarbecht z sichen, oder déi sporadesch hi ginn, wann se nëmmen eng Informatioun brauchen. En plus hu mer den SNJ hei an der Gemeng, dee vu sech aus och nach Workshoppen organiséiert fir dee Jonken ënner d'Äerm ze gräife wann se an Nout sinn. An doduerch ass och scho ganz vill Hëllef geleescht ginn.

Da kommt der nach op d'Jugendhaiser ze schwätzen. Dat Péitenger Jugendhaus gëtt elo ganz ëmgebaut. Iwwer dat Rodanger Jugendhaus hu mer eis och schonn de Kapp zerbrach. Well d'Ufuerderungen un d'Jugend an un d'Jugendhaiser evoluéiere mat der Zäit. D'Jugend huet aner Uspréch, wann se an e Jugendhaus kënnt. Eis Educateure sinn och mëttlerweil ganz aneschter ausgebilt. Si maache Fortbildunge mat fir méi op d'Besoine vun deene Jonke kënnen anzegoen. Ech géif et net gutt fanne fir dat Jugendhaus, wat de Moment zu Rodange steet, fir do nach vill dran ze investéieren, well et deementspriechend net méi esou der Jugend dat géif erméiglechen wat gebraucht ass. Ech sinn éischter der Meenung, datt mer eis sollen ëmkucke fir an deem nächste 5-Joresplang e ganz neie Projet fir e Jugendhaus zu Rodange mat eranzebréngen. Fir datt mer och deene Jugendlechen eng komplett nei Struktur kënnen dohinnersetzen.

Da schwätzt der de Fusch um Bau un, haaptsächlech bei der Maison relais „Dachse vun der Bich", wou mir jo Matproprietär an engem ganz grousse Komplex sinn. Dir frot, op mer dat an Zesummenaarbecht mat den techneschen Servicen net am Viraus kënnen erkennen. Dat kann een net ëmmer gutt am Viraus erkennen. Mir si jo och ofhängeg – wann en nei Bau gebaut gëtt – vun den Ingenieursbüroen, vun de ganzen techneschen Servicen, déi vun auswäerts kommen an déi vun den Architekten dohinnergesat ginn. Et ass ganz oft esou, datt een esou Saachen duerno eréischt mierkt, esou wéi dat elo hei zu Rodange de Fall ass. Dat ass elo ee Fall bei eis an der Gemeng, deen zimmlech grouss ass. D'Assurancë si jo mat ageschalt. Wéi grouss d'Chancë schlussendlech si bei deem, dat mer duerno erëmkréien, dat sief dohigestallt. Loosse mer elo emol fir d'éischt esou séier wéi méiglech deenen Doleancen nokommen an och emol dat Ganzt erëm esou ausbauen, datt mer erëm konform sinn an a Rou kënnen eis Kanner nees an dat Haus kënnen erabréngen.

Da kommt der op d'Investitiounen an de Schoul- a Betreiungsstrukturen ze schwätzen. Do hätt der gären, datt all Kand wierdeg an altersgerecht un deenen Aktivitéite kann deelhuelen, déi an deene Gebailechkeete stattfannen. Et ass jo esou, datt wa mir nei Schoulen oder nei Betreiungsstrukture bauen, da ginn déi Pläng jo ganz genee de Ministèren ënnerluecht. De Ministère gëtt säin Agrément dozou a mir mussen eis och dorunner halen. Déi Pläng kommen an de Ministère a ginn do kontrolléiert an et gëtt gekuckt, ob se altersgerecht a sécherheetsgerecht sinn, natierlech barrièrefräi fir all Kand. A mir mussen eis ganz genee un déi Pläng halen.

Wat elo déi méi eeler Baute betrëfft, déi scho bei eis an der Gemeng bestinn, esou hunn déi och nach ëmmer hiren Agrément. Well Schoul gëtt jo nach ëmmer an deene Gebailechkeete gehalen, och wann se elo vläicht net grad deene Mesuren entsprieche wéi se an deenen neie Gebaier erfuerdert sinn. Et ass nach net esou wäit, datt e Ministère komm wier an dee gesot huet, zum Beispill an der Parkschoul oder an der Eigent-Schoul dierf keng Schoul gehale ginn.

Déi Mesuren, déi do ëmmer gefrot gi waren, dat war jo haaptsächlech d'Gréisst vun de Schoulklassen. Déi sinn och deementspriechend gemaach ginn. Et ass no der Sécherheet gekuckt ginn. Et gëtt gekuckt, wéi grouss d'Schoulhäff sinn. Dat huet alles seng Richtlinnen. Dat eenzegt, wat elo ass, dat ass datt bei deenen neie Gebaier elo och Opfankstrukturen dobäikommen. Et kommen och nach Säll dobäi, entweder méi Säll oder méi kleng Säll, wou Languager kann da gehale ginn, wou emol kënne Kanner mat „besoins spécifiques" kënnen erausgeholl ginn. An deene méi eelere Gebaier ginn se eben a méi grouss Säll gesat. Do wäerte mer awer an nächster Zäit kucken, ob architektonesch Méiglechkeete si fir déi Gebailechkeeten och unzepassen an do méi kleng Raim ze schafen.

Da schwätzt der de Schülertransport an de Pedibus un. De Schülertransport ass an eisem Budget eng ganz grouss Ausgab. Et ass awer och esou, datt et net de Schäfferot ass, deen engem Projet „Pedibus" keng Chance wëll ginn. Et ass happert haaptsächlech ëmmer dorunner, datt mir keng Eltere fannen, déi mat de Kanner hei an der Gemeng wëlle goen. Dat ass e Projet, deen an der Schoulkommissioun scho ganz oft ugeschwat ginn ass. En ass och ugeschwat gi vun den Elterevertrieder. Mir hunn och zu den Elterevertrieder gesot, datt si jo d'Vertrieder vun den Eltere sinn a se bei den Eltere sollen nofroen. Si sti jo ganz no zu den Elteren, fir ze froen, wien da gewëllt wier fir mat de Kanner moies, mëttes an nomëttes an d'Schoul ze goen. Mir sinn och gewëllt fir de Schoulwee ze zeechnen, wa mir e Plang virleien hunn a si soen eis, do an do sinn déi Haaptachsen. Mä wa mir keng Leit fannen, déi mat de Kanner wëlle goen. De Schäfferot kann d'Kanner jo net mat der Hand huelen a se mueres dohinnerstellen a soen, elo gi mir an d'Schoul. Hei sinn ëmmer

erëm gewësse Leit, déi sech driwwer opreegen, mä wann een se da freet, ob se géinge mat de Kanner an d'Schoul goen, da kréie mer awer keng Äntwert.

Mir hunn hinnen ugebueden, datt mer kënnen de Wee zeechnen. Mir kënne fir hir Sécherheet kucken, mir kënne fir d'Assurancë kucken, mä net musse genuch Leit do sinn. Den Service muss bestoe fir wann deejéinegen, deen normalerweis mat de Kanner geet, net kann untrieden, datt dann d'Kanner eleng do stinn. Et ass e ganze Package, dee bestoe muss, an esoulaang deen net besteet, esoulaang kënne mer d'Kanner net op de Wee schécken.

Da frot der och no engem Audit. Dat sollt jo emol eng Kéier am Syvicol beschwat ginn, fir eng Approche iwwer d'Land ewech ze hunn. Am Syvicol ass deen dote Punkt nach net behandelt ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech ginn dann op de PiKo an op de Rollenger Dëschtennis an, wou der vu Käschtenexplosioun schwätzt. Jo, mir maachen dee Constat. Et ass awer haaptsächlech op Materialkäschten zeréckzeféieren. Et ass awer esou, datt de Schäfferot do ëmmer eng detailléiert Ufro mécht wat d'Hausse duerstellt. Esou datt mer eng spezifesch Analys kënne maachen, wat genau méi deier ginn ass.

Da kommen ech zu de méi nidderegen Trottoire bei Stroosseniwwergäng. Do maache mer permanent Ameliorationen. Wa mer do eppes matgedeelt kréien, da probéiere mer fir dat fir d'éischt mat der Verkéierskommissioun ze beschwätzen. A wann et noutwenneg ass, da maache mer dat och, mä, wéi gesot, mir kréien se net alleguerte beienee gemaach.

Gëtt et Subside fir Hausdéiere steriliséieren ze loossen? Där Subside ginn et keng.

Da kommen ech zu den Tute fir d'Hënn. Am Prinzip sollen déi Spender reegelméisseg opgefëllt ginn, an dat all Woch. Mä ech kann iech awer soen, datt mer de Moment eng „rupture de stock" hunn duerch de Covid, an de Fournisseur kann eis emol keen Delai nennen, wéini datt en der geliwwert kritt. Ech kann iech awer soen, datt mer do all Joers 70.000 Tuten ophänken, well et noutwenneg ass, mat enger steigender Tendenz.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Merci fir d'Äntwerten. Ech reechen iech dat nach no, mat den Immobilien. Ech hunn mer elo d'Ziffer vum Artikel net opgeschriwwen. Ech kucken dat dann no, well ech fannen et emol net eraus.

Mat den Hondstuten, esou deet mer dat leed fir déi, déi iwwerall duerno musse botzen. Ech kann iech soen, et ass net schéin.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech kann iech awer just dat äntweren, wat ass.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Fir d'éischt wëll ech all deene Merci soen, déi beim Opstelle vum Budgetsdokument matgeschafft hunn.

Beim Punkt „Repas sur roues" hu mir eng Recette vun 214.000 € an eng Ausgab vun 356.340 €, wat bei Wäitem d'Onkäschten net deckt. Ech wollt extra drop hiweisen, datt hei d'Gemeng e Service un eis haaptsächlech eeler Matbierger mécht, an net déi ganz Käschte weidergëtt, wat fir mech ganz gutt ass, soss wier dat fir d'Leit net ze bezuelen.

D'selwecht ass et bei den Ausgabe fir eis jonk Chômeuren. Hei gi mir vill méi aus ewéi mir vum Aarbechtsministère erëmkréien.

Och bei de Sozialwunnenge gi mir vill méi aus, wéi mir duerch d'Loyeren erakréien. Domat wëll ech drop hiweisen, datt d'Gemeng Péiteng, an dat do sinn nëmmen e puer Punkten erausgepickt, vill Sue fir sozial deenen ze hëllefen, deene et net esou gutt geet. Am selwechte Kontext kann een eis Ausgabe fir ProAktiv a CIGL gesinn. Och hei ënnerstëtze mir Gemengenorganisatiounen, déi sech haaptsächlech ëm jonk Chômeure këmmeren an dobäi nach Projete maachen, déi eise Bierger zegutt kommen.

Och baue mir en Haus zu Rolleng a maachen 2 Appartementer zu Rodange fäerdeg, fir se an de Pool vun de Sozialwunnengen opzehuelen.

Dann hu mir dëst Joer déi nei Atelieren a Betrib geholl. Hei muss ee soen, datt mir als LSAP ganz frou sinn, datt se elo funktionell sinn an eis Mataarbechter elo do gutt Aarbechtskonditiounen hunn. Ech hunn awer héieren, do géif et dacks Schwieregkeete mam Erausgi vum Geschier aus dem Magaséng ginn. E wier net ëmmer op wann e gebraucht gëtt, an d'Prozedure sinn net ëmmer nozevollzéien, datt d'Aarbechter, wann se erausfueren, net hiert Material kënne kréie fir mussen ze schaffen.

Gutt ass, datt mer op den neie Gebaier, wou et méiglech ass, Fotovoltaikanlagen opriichten. Hei ass och ze begréissen, datt den Daach vum Stadhaus isoléiert gëtt.

De Minettpark an déi domat verbonne Veräiner Minièresbunn an „Train1900" AMTF, ginn och weider geférdert, an dat ass gutt esou, och wann dat mam Besucherzentrum stockt. Kann een do Detailer kréie wéi et weidergeet?

Ech si frou, datt mir no engem Joer Paus nees nei pedagogesch Radaren uschafen an op verschidde Plazen an der Gemeng opstellen. Dat wäert och nach déi nächst Joren esou weidergoen.

Datt mir no engem Schema eise Fuerpark erneieren, ass wichteg fir deen net klenge finanziellen Aspekt esou ëmmer virun Aen ze hunn.

Mam Pedibus kann een och en anere Wee goen – wéi an anere Gemengen – a Leit stonneweis astelle fir dat ze garantéieren. Esouguer Asble sinn do mat agebonne fir dat ze geréieren.

Datt mir nees finanziell Mëttele fir Etudë fir eng Bëschcrèche am Budget hu freet mech.

Datt et virugeet mam Projet fir nei Parkplazen, eng Maison Relais, eng nei Schoul mat Sportshal am Zentrum vu Rodange ass eng gutt Saach. Och datt mir elo séier mam Bau vun enger Maison Relais zu Péiteng ufänken ass wichteg.

Deen neie „Gîte touristique", deen am Fond-de-Gras opgeriicht gëtt am Kader vum Minett-Trail, ass eng gutt Saach fir eisen Tourismus hei am Eck ze férderen.

Déi nei „Unterführung" fir Foussgänger, Vëloen a Rollstullfuerer zu Rodange bei der Gare ass wichteg, well de Moment ass et eng onméiglech Situatioun op där Plaz.

Datt mir weider Suen an eist Kanal- a Waassernetz investéiere gesäit een net, ma et kascht vill Sue fir déi Reseauen z'ënnerhalen.

Dat wiere meng Froen an Ureegungen zum Budget.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op de Fonctionnement vum Magaséng op der Lénger Strooss agoen. Et muss ee wëssen, datt mer nach net alleguerten d'Material op där neier Plaz hunn an datt mer eréischt zanter 4 bis 5 Méint fonctionéieren. Et muss een där

ganzer Saach eng Chance ginn. Et ass ganz kloer an de Wëllen, an och d'Organisatioun gesäit vir, datt mer eventuell op 2 Schichte schaffen an owes schonns d'Preparatioune gemaach gi „en vue“ vum Depart vun den Equippen deen anere Mueren. Esou datt een net muss 1 bis 2 Stonne waarde fir säi Material ze huelen. Well dat ass Zäit, déi verluer geet éier d'Betriber ufänken. An un där Saach gëtt geschafft. Gitt eis eng Chance. D'Organisatioun ass am Umarsch an esoubal wéi mer all eist Material op der Plaz hunn, a wéi mer eis organiséiert hunn, wäert dat nach besser klappen. Mä d'Zil ass effektiv deen, datt mer dat Magaséng anescht organiséiert kréien an datt d'Equippen direkt mueres kënne fortfueren op de Schantjen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt zwee Wierder soen zu der Remark iwwert de Besucherzentrum am Minett-Park. Do hu mer eng kloer Visioun. Mir haten elo Reunioune mat engem franséischen „Maître de rêves“. Dat si Leit, déi e Konzept sollen ausschaffen, wéi an Zukunft dëse Site soll exploitéiert ginn. Déi hunn also e Bild gezeechent. An net méi spéit wéi am Januar hu mer eng Reunioun mam Minister selwer. Si hunn och dës Analys vun der Situatioun mat finanzéiert, esou datt mer dorausser gesinn, wat wou kënnt a wéini. Ech géif soen, datt mer bei deenen nächste Budgetsdiskussioune méi kloer gesinn.

Et gi kloer Iwwerleeunge fir e Besucherzentrum. Do waren Iwwerleeungen am Gespréich an dat gëtt an deem heite Kontext mat gekuckt an da kann ech iech méi kloer drop äntweren.

Dann hutt der vum Gîte touristique geschwat. Ech mengen, do si mer wierklech gutt weiderkomm. Dat kréie mer effektiv 2022 fäerdeg.

Ech fannen et gutt, datt dir gutt fannt, datt mer an d'Kanal- an an d'Waassernetz investéieren. Et ass richteg, datt déi Reseauen deier sinn, mä dat ass noutwenneg. A si mussen och deementspriechend sinn, soss kréie mer duerno d'Katastroph, wann et vill reent.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Här Stoffel begréisst, datt mer nei Schoulen an nei Crèchen a Maisons relaise bauen; datt mer och den Daach vum Stadhaus isoléieren. Et ass haaptsächlech deen eeleren Deel vum Daach, dee muss isoléiert ginn. Hien geet och op d'Fotovoltaikanlagen an. Dat ass éischter dem Här Mertzig säi Ressort, mä op deenen neie Gebaier – Maisons relaisen a Schoulen – kënnt dat och iwwerall drop, esou datt mer och deem gerecht ginn.

Dann de Pedibus mat Leit, déi nëmme just agestallt ginn, wann een se brauch, ass eng Approche. Déi Approche gëtt et och an anere Gemenge fir Maisons relaisen, déi dann och Leit esou huelen an se nëmme just bezuele fir déi Stonnen, wou se schaffen. Mir sinn hei bei eis an der Gemeng nach ëmmer en anere Wee gaange fir de Leit och eng gewësse Sécherheet ze ginn an och ëmmer ze plangen, fir och eng Sécherheet fir eis Kanner ze hunn. Esou datt méi oder wéineger ëmmer Personal do ass, wann een et brauch an net datt ee Freelance huet, déi engem dann och mueres soen, datt se net kommen. Dat ass nämlech och ëmmer e Punkt, wou een ëmmer e wéineg Zweiwel huet. Wéi gesot, dee Pedibus ass op d'Been ze setzen, wa mer Leit kréien, déi e wëlle maachen. An da si mir och déi Lescht, déi sech dogéint géinge wieren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir betount, datt mer effektiv den Akzent op de soziale Volet setzen. Mir probéieren dat esou gutt wéi méiglech ze maachen.

Eng konkret Fro hat der gestallt zu den „radars pédagogiques“. Selbstverständlech wäerte mer dat weiderféieren. Duerch verschidden Ëmstänn si mer net esou virukomm wéi mer wollten. Déi Persoun, déi sech drëms këmmert, ass mëttlerweil ageschafft. Mir haten eis d'Zil gi fir 2 där „radars pédagogiques“ opzesetzen an dat wäert och nach ëmmer eist Zil sinn.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

E Budget virauszegesinn, dat war schonn ëmmer eng besonnesch schwiereg Aufgab an engem Gemengen- a Schäfferot, awer och an der Zäit vun der Pandemie quasi schonn e Konschtstéck, an et gehéiert e grousse Merci u jiddereen, dee mat dru geschafft huet.

De Budget, ewéi mir en elo wäerte matstëmmen, ass eng Momentopnam, anescht ass et net méiglech an enger Pandemie.

De Budget ass ugepasst un déi aktuell Situatioun, ekonomesch ewéi och, wat am Kader vum Covid-Gesetz méiglech ass.

D'Zuelen, déi mir national kruten am Laf vum leschte Joer ware fir esou munch Gemengen am Land net gutt. Duerch déi vill Schléissungen an duerch en Zeréckgoe vum Konsum waren och direkt d'Budgete vun de Gemenge queesch duerch d'Land betraff.

Duerch d'Villzuel un nationale Moossnamen, wou och mir Pirate mat ausgeschafft a gestëmmt hunn am Kader vun den Hëllefen, konnt d'Wirtschaft am ganze Land stabiliséiert ginn.

Fir d'Gemeng Péiteng konnten och esou besser Zuelen, ewéi nach an der éischter Circulaire virausgesot waren, elo an de Budget fir déi nächst Jore geschriwwe ginn.

Mir warnen awer och kloer virdrun, datt een elo ze fest dovun ausgeet, datt net erëm eng méiglech Flaut an der Wirtschaft wäert antrieden, och dat ass mat der neier Variant net ausgeschloss, wat och net ze hoffen ass.

Wéi gewinnt, all Joer sinn d'Finanze vun der Gemeng Péiteng stabil an am grousse ganzen ass de Budget esou, wéi och mir Piraten eis dee virstellen a géingen a grousse Linnen opdeelen, wann och bei eis eng däitlech méi sozial souwéi ëmweltfrëndlech Oder ze erkenne wier.

An der aktueller Zënssituatioun ass et och favorabel fir Projete mat Kreditter ze finanzéieren oder al Kreditter ze refinanzéieren. Dat duerch déi ganz geréng Zënsen, déi aktuell méiglech sinn, an op där aner Säit duerch Negativzënsen, wou och d'Gemenge bezuele mussen. Et ass also elo de Moment fir an d'Zukunft z'investéieren. Do stellt sech och d'Fro un de Schäfferot, wéivill Negativzënsen aktuell bezuelt ginn a wäerte ginn, a wat do d'Auswierkunge sinn? An ob eis Gemeng am nationale Programm matmécht fir keng Nagativzënse bezuelen ze mussen.

Mir befannen eis an enger Klimakris, engem Klimanoutstand, an dat erkenne mir Pirate ganz kloer un. Kuckt een sech awer d'Ëmweltpunkten un am Budget, mierkt ee séier, datt do wéineg dran ass fir d'Äerderwiermung ze stoppen.

D'Renovatioun vun de Gebaier dauert ze laang oder si guer net virgesinn. Et muss een also schnell Energie elo spueren, Gebaier moderniséieren, fort vu fossillem Brennstoff zu ëmweltfrëndlechen Heizunge kommen.

De Fuerpark besteet nach vill ze vill aus fossillem Brennstoff, do gëtt net genuch investéiert fir en emissiounsfräie Fuerpark.

Et ginn nach net genuch Elektrobornen opgestallt fir de Bierger et z'erméigleche fir op nei Techniken ëmzeklammen.

Am Logement vermësse mir als Piraten och d'Baue vu bezuelbarem Wunnraum. Wärend Promoteure riseg Projete bauen, dat zu net bezuelbare Präisser esou datt bal keen sech méi eng Wunneng leeschte kann, feelt et massiv u bezuelbarem Wunnraum vu Gemeng a Staat hei an der Gemeng. Do si mir Pirate bekanntlech ganz anerer Meenung ewéi den aktuellen CSV/LSAP-Schäfferot, a mir géingen d'Reegelen esou änneren, datt Promoteuren net méi déi mat der Hand iwwer d'Wunne sinn, ma datt d'Awunner erëm bezuelbare Wunnraum zur Verfügung gestallt kréien. Duerch de Wuesstem u ville Residenzen an der Gemeng – vill Leit vun ausserhalb kommen hei an d'Gemeng derbäi – wäert och eis Struktur fir d'Kanner op d'Prouf gestallt ginn.

Aktuell, an dat zënter Joren, sinn d'Waardelëschte fir d'Maisons relaisen ze grouss, d'Schoulen ze kleng. Et goufe méi nei Wunnenge gebaut wéi d'Struktur et hir gëtt. Elo kommen nach gratis Plazen an de Maisons relaisen derbäi, dat vum Premier versprach, wat awer d'Gemenge viru grouss Erausfuerderunge stelle wäert. An et ass ze bezweifelen, datt mir als Gemeng wäerten déi Verspéidung ophuele kënnen. Dofir muss een aus dem Krees an der Familljepolitik eraus fir weiderhin ze soen, datt d'Kanner mussen an eng Betreiungsstruktur fir datt d'Eltere genuch Zäit hu fir Suen ze verdéngen, fir d'Liewe vun de Kanner ze finanzéieren. Dat ass eng falsch Familljepolitik. D'Eltere mussen nees d'Wiel kréien, ob si hir Kanner doheem halen oder an eng Betreiungsstruktur ginn.

Wien seng Kanner net an enger Crèche oder Maison Relais umellt, soll kënnen 80% vun dem Budget, wou de Staat géing fir déi Plaz bezuelen, iwwerwise kréien, an dat erméiglecht de Leit doheem ze bleiwen, bei hire Kanner. Dat ass eis mauve Familljepolitik, d'Wiel zeréckginn un d'Elteren an d'Gemengen ze entlaaschten.

Als Deputéierte war ech a leschter Zäit an esou muncher Schoul ënnerwee, ausserhalb vun der Gemeng, a muss soen, et gi grouss Ënnerscheeder.

Am digitale Beräich gouf an der Gemeng Péiteng net genuch investéiert. Vum WIFI bis hin zu digitalen Tafelen, Tablets, Computere fir d'Personal an all Klasseraum, modernt Schaffe sinn an anere Gemengen ze fannen, awer net hei an der Gemeng Péiteng. Déi nächst Generatioun muss och elo schonn digital um neiste Stand an de Schoule sinn, soss verpassen si duerno an der Beruffswelt den Uschloss.

Zu Rolleng gouf vill investéiert, eng nei Spillschoul wäert am September opgoen, ma et dierf ee bei allem Wuesstem net vergiessen, datt Rolleng nach dat eenzegt Duerf an eiser Gemeng ass. Fir eis Pirate soll Rolleng och am Charakter vun engem Duerf bleiwen. Keng grouss Residenzen, keng grouss Bauprojeten, ma de Wuesstem do bremsen, wou een den Duerfcharakter zerstéiert.

All Investitioun an eis Veräiner ass wichteg fir esou een Zesummenhalt an Duerfcharakter ze erhalen. Och wann eis Veräiner et allgemeng net einfach wärend der Pandemie hunn, esou sti mir Pirate weiderhin zu Hëllefen a froen esouguer, datt d'Erneierunge vun de Gebaier solle virgezu ginn.

Esou ass zum Beispill de Fräizäitzenter zu Rolleng kräfteg an den Alter komm. De Festsall misst elo nei gemaach ginn, vun der Technik bis hin zu der Infrastruktur; et wier elo d'Zäit gewiescht wou manner lass war.

Wou mir bei de Renovatiouns- a Bauprojete sinn: mir Pirate sti kritesch géintiwwer de pauschale Präiserhéijungen an der Baubranche.

Op enger anerer Plaz verfollegen ech déi staatlech Bauprojeten, an et fält op, datt et och Profiteure ginn, déi elo denken, bei Staat a Gemeng einfach d'Präisser eropzesetzen, dat mat dem Argument vun der Pandemie.

Bei all den Devisen, wou elo nokommen, muss de Gemengerot wierklech oppassen, ob déi och gerechtfäerdegt sinn op de Materialpräisser an net, datt een seng Marge um Devis eropsetze wëll.

Wéi all Joer ass d'Statistik vun der Pro-Kapp-Verschëldung ze gesinn, déi awer bei engem rasante Wuesstem un der totaler Unzuel un Awunner eben erofgeet, an dat ass u sech e statisteschen Trick, ma no all de Jore verstinn ech awer elo wisou d'CSV déi esou gär weist: Et ass eng Warnung, wou eis Gemeng géing 2023 histeieren an hikomme wann erëm eng LSAP an der Haaptverantwortung wier, well déi héich Verscholdung kënnt aus Zäite vun de Sozialisten. Soumat ass et fir mech och ok, datt d'CSV esou gären der LSAP déi Statistik ënner d'Nues reift, an de Wieler dat als Warnung verstoe kann.

Keng Gemeng kann ouni Geschäftsleit iwwerliewen, dofir wier et och hei wichteg, datt de Schäfferot den Dialog géing siche fir déi puer Geschäftsleit, wou et nach gepackt hunn z'iwwerliewen an eiser Gemeng, net am Reen stoen ze loossen.

Hëlt een do just den Zentrum vu Péiteng, wou Null Kommunikatioun war mat de Geschäftsleit, wéi se einfach parallel 2 grouss Schantercher dohigesat kruten an soumat vill Clienten einfach net méi komm sinn. Do kënne mir Piraten net akzeptéieren, datt de Schäfferot net proaktiv bei esou grousse Projete mat der Geschäftswelt zesummeschafft. Et ass dach am Wuel vun eiser Gemeng.

Eis grouss Schwämm, de PiKo wäert geschwënn erëm seng Dieren opmaachen. En deiere Projet fir eis Gemeng. Mir Pirate ware schonn ëmmer der Meenung, datt ee muss bei den Ticketspräisser eng Reform maachen, an zwar geet eis Virstellung an déi Richtung, datt all Awunner aus der Gemeng eng Remise an der Kees kréie soll, well si hunn als Awunner iwwer d'Steiere schonn hiren Deel vum PiKo bezuelt. An dann awer d'Präisser eropsetze wann een net Awunner an der Gemeng ass, dat op en normalen Niveau, wéi och an aner Schwämmen hei am Land.

Aus de Riede vun e Freideg denken ech och erausheéieren ze hunn, datt d'Ambiance mat der Inneministesch net ëmmer déi bescht ass. Ech schaffe jo och dacks mat hir souwéi mat hire Beamten zesummen an hoffen esou, als Schlusswuert, datt sech déi Ambiance wäert besseren.

Wou mer scho bei der Regierung sinn, nach meng lescht Fro, wéi de Status ass mat dem gemeinsame Policebüro op der Grenz Péiteng/Lénger mat der Gemeng Käerjeng. Déi Fro hat ech och dem Minister Bausch wéi dem Minister Kox gestallt, an d'Äntwerte waren zimmlech näischtsoend bis hin, datt si waarde bis d'Gemeng den Terrain keeft. Dofir meng Fro un de Schäfferot, wéi si et gesinn a wou de Projet fir e grousse Policebüro drun ass.

Wéi schonn ugedeit wäerte mir Piraten, ewéi och déi Jore virdrun, de Budget matstëmme fir esou déi wichteg Projeten am Wuel vun alle Bierger ëmzesetzen. Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op e puer Saachen agoen. Ech ginn dem Här Goergen Recht – an hie warnt dat och an ech hat dat de leschte Freideg och gesot – , datt ee soll ganz gutt oppassen, well d'Tendenz vun de Chiffere vun der Ekonomie ginn an d'Luucht an d'Situatioun gëtt besser, mä et dierf een net iwwer d'Sträng schloe well et kann och eng Kéier sinn, datt de Schoss op eemol no hanne geet an da muss een op esou Situatioune preparéiert sinn. Dat hu mer gemaach, wéi mer 2020 déi Situatioun hate wéi se ebe war. An 2021 hate mer Gott sei Dank eng Situatioun, déi positiv war an déi eis et

erlaabt huet fir ouni grouss Problemer an ouni, datt mer Projeten – wéi aner Gemenge ronderëm – missten zerécksetzen. Dat hu mer mer net brauchen ze maachen a mir konnten do weiderfueren.

Effektiv soll ee fir de Moment an d'Zukunft investéieren. Ee vun eise grousse Problemer ass – an dat ass generell, net nëmme bei de Gemengen, mä och beim Staat – datt mer Schwieregkeeten hu fir déi Aarbechte gemaach ze kréien déi mer wëlle maachen. Wa mir all eis Projeten, déi mer op de Schinnen hunn, esou kéinte weiderentwéckelen an esou weiderdreiwen ewéi mer eis dat wënschen, a mir kéinten dee Rhythmus goen, dee mer eis selwer wënschen, da géife mer haut net vun Negativzënse schwätzen. Dat wiere mer scho wesentlech manner gutt betuucht wéi mer elo sinn. De Fait, datt mer haut musse vun Negativzënse schwätzen ass einfach eleng drop zeréckzeféieren, datt d'Aarbechten net viruginn an datt mer vill ze vill laang Zäit brauche fir d'Aarbechten ze maachen. Dofir huet et kee Wäert fir nach nei Projeten ze maachen, wa mer déi Projeten, déi mer schonn hunn, net virukréien. Dann huet et kee Wäert fir nach nei Projeten ze maachen. Mä ech wier scho frou, wa mer déi Projeten, déi mer an eisem „plan pluriannel" stoen hunn, an déi mer hei am Juni 2018 gestëmmt hunn, kéinte realiséiert kréien. Da wiere mer gutt eraus. Mä dofir brauche mer awer d'Firmaen, déi kommen, an d'Pandemie an de Manktem u „matière première" hunn net onbedéngt dozou bäigedroen, datt et géif séier virugoen. An och – an do ginn ech iech Recht – gëtt och heiansdo vun de Firmaen deen dote Phenomen gebraucht, fir engersäits d'Präisser eropzesetzen an anersäits all Retard kënnen ze justifizéieren. An do muss een a mam Fanger drop weisen a kucken, datt mer do deen néidegen Drock maache fir datt et an deene Projete virugeet.

Wat är Propositioun ugeet, fir eventuell déi Negativzënsen ofzefiederen, esou wäerte mir selbstverständlech an deem nationale Projet matgoen. Ech hu fir de Moment net dee leschten Detail dovunner, mä dir kënnt awer sécher sinn, all Euro, dee mer kënne spueren, do wäert ech alles matmaache fir datt dat och kann de Fall sinn.

Wat d'Baue vu bezuelbarem Wunnraum ubelaangt, esou gëtt „Neiwiss II" elo ugefaangen. Do hu mer effektiv an deem Kontext Zäit verluer, an dat ass net – wéi dir et zum Schluss sot – datt mir a schlechten Dicher mat der Inneministesch wieren, mä et sinn einfach Fakten, datt mer 5 Méint gebraucht hu fir erauszefannen, datt mer kee Benefice op der „Neiwiss II" maachen an dat, obwuel ech dat schonn am Juli dem Inneministère matgedeelt hunn. An ech soen einfach déi Fakte fir dem Gemengerot ze erklären – well dir sot jo elo selwer, datt et net séier géing virugoe mam Baue vu bezuelbarem Wunnraum a mir misste méi maachen – fir wat mer do 5 Méint verluer hunn. Mir hunn et jo elo ausgeschriwwen a mir wäerten elo an deem Kontext virukommen. Am léifsten hätt ech et gären am Juli ausgeschriwwen. Do wier dee richtege Moment gewiescht fir et auszeschreiwen. Mä well mer do nach 2 bis 3 Punkten haten, déi net gekläert waren, ass dat net gaangen. Et ass vläicht eng kleng Kritik, datt mer engersäits ëmmer jäizen, datt mer musse bezuelbare Wunnengsbau maachen an anerersäits sëtzen den Environnement – an net nëmmen den Inneministère – permanent op der Brems. Et sinn iwwerall Problemer fir virunzekommen, an dat ass einfach e Fait, deen ech hei dem Gemengerot wollt erklären, mä ouni elo der Madamm Ministesch oder och dem Inneministère extreem ze kritiséieren. Et ass einfach e Fait.

Wat grouss Residenzen zu Rolleng ubelaangt, esou kann ech iech berouegen. De PAG, deen 2017 gestëmmt ginn ass, gesäit keng grouss Residenzen zu Rolleng vir. Kuckt en nach eng Kéier am Detail no. Do gi keng Residenze gebaut. 2017 hu mer dat am Gemengerot festgehalen an de Buergermeeschter wäert sech och genee an exakt un dat hale wat de Gemengerot decidéiert huet. Esou datt mer do keng Angscht hunn, datt do nach solle grouss Residenze gebaut ginn. An deem fréiere PAG war dat nach méiglech, mä elo ass dat net méi méiglech. Dir kënnt also berouegt sinn, et komme keng grouss Residenze méi an den Zentrum vu Rolleng. Mir hätte gären deen Duerfkär erhalen an dofir hu mer jo och de Bauerenhaff kaf an deen och klasséiert. Well an deem Kontext wëlle mer och gären higoen an deen Duerfkär beliewen. An do si mer alleguerten op där selwechter Wellelängt, wa mer dat kucken.

Wat elo d'Pro-Kapp-Verschëldung ubelaangt, esou ass dat eng Bestandsopnam. Et ass iech jo warscheinlech net entgaangen, datt net nëmmen eleng d'Pro-Kapp-Verschëldung erofgaangen ass, mä datt och d'Gesamtverschëldung an deene leschte 16 Joer erofgaangen ass vu 34 Milliounen. An dat ass net, well mir elo wëllen iergendeng aner Partie wëlle kritiséieren. Neen, et ass einfach e Fait, eng Bestandsopnam, déi mer gemaach hunn, a mir hu gesot, datt trotzdeem mer vill investéiert hunn, mer eng Finanzsituatioun haut geschaf hunn. Et ass wierklech eng blank Analys vun de Finanze vun der Gemeng Péiteng. Mir hu fäerdeg bruecht, fir eis Schold erofzesetzen. An ech schléissen och net aus – wann et muss si fir zukunftsorientéiert Projeten ze maachen – fir eng Schold ze maachen. Mir sinn elo an der glécklecher Lag – dat ware mer 2002 / 2003 net, dat muss ee ganz kloer soen – datt wa mer eng Kéier 10 oder 15 Millioune brauchen, datt mer déi ouni Weideres kënne léine goen, ouni datt mir eis Finanzsituatioun verschlechteren. An dat aus zwou Ursaachen. Eng Ursaach ass ganz kloer, datt eis Schold niddereg ass, an déi zweet Ursaach ass, datt mer eng Iwwerschoss am ordinäre Budget hunn, deen eis et erlaabt, fir weider Schold z maachen. Well wann ech Null Euro Iwwerschoss hunn, da kann ech och Null Emprunt hunn. Ech ka keen Emprunt méi maachen, well den Emprunt huet eng Repercussioun op den Iwwerschoss vum ordinäre Budget. A wann dee fort ass, da kënne mer näischt méi maachen. Dofir sinn et déi zwou Tendenzen, déi et eis erlabe fir och an d'Zukunft ze plangen. An iwweregens, am „plan pluriannuel", déi mer am Juni 2018 festgehalen hunn, war en Emprunt vu 15 Milliounen Euro virgesinn. Mir hunn e bis elo nach net brauchen ze huelen. Ech ginn och dovunner aus, datt mer an där Gréisstenuerdnung warscheinlech net brauchen ze huele bis 2023. Mä wann et muss sinn, dann hunn ech absolut kee Problem, fir iech eng Propose ze maache fir en Emprunt ze maachen. Eng Gemeng ass sécherlech kee Spuerveräin, mä eng Gemeng soll sech wäitsiichteg orientéieren. A wann ech nëmmen op Déifferdeng kucken, dann hunn déi eng ganz Rei Projeten zeréckgesat, well se soen, datt se net gären ze vill déi nächst Generatiounen hypothekéiere mat Projeten, déi se op d'Schinn setzen. Also hunn se eng Rei Projeten elo emol op 2024 zeréckgesat an hu gesot, datt se dat elo net an Ugréff wëllen huelen an net mat enger Gemengeschold hir Gemeng ze vill ze belaaschten.

Mir sinn an der glécklecher Lag, datt mer dat fir de Moment net hunn. Mä nach eng Kéier – wéi ech et virdru gesot hunn – de Risiko ass grouss, wann een ze vill large domadder ëmgeet. An dofir kommen ech nach eng Kéier op dat zeréck, wat der virdru gesot hutt a wou ech iech Recht ginn, wou der sot, datt dir warnt dofir, datt een net zevill optimistesch soll si wéinst enger eventuelle Flaut an der Ekonomie, mä dat een dat sollt realistesch kucken. An ech mengen, do si mer schonn op deem richtege Wee.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech hunn ee Punkt, op deen ech wëll agoen. Dat ass de Centre de loisirs zu Rolleng. Mir hunn do eng kloer Visioun.

Firwat ass elo zu Rolleng nach näischt geschitt? Dat huet och domadder ze dinn, well deen Deel vum Dëschtennis elo gemaach gëtt. Dat géif soss ee Mega-Schantje ginn. Wann dat fäerdeg ass, da kënnt och Rolleng drun. Et ass esou, datt dee Rodanger Centre culturel éischter soll gi fir Theater, dofir hale mer och do déi Struktur bäi. Zu Rodange gëtt et éischter eng „mise à niveau technique", well do si verschidden Elementer net méi zäitgeméiss, wéi zum Beispill d'Trap oder de Lift. Dat gëtt frësch gemaach. Do kommen am leschte Budget vun dëser Mandatsperiod nach méi konkret Projeten. An dee Rollenger Projet gesinn ech éischter fir Baler, Kapesëtzungen oder esou Manifestatiounen ze maachen. An et ass déi nächst Equipe, déi dee Projet ka preparéieren.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Här Goergen, a menge Ressorte kommt der haaptsächlech op d'Schoulen ze schwätzen an op d'Waardelëschte vun de Maisons relaisen. D'Waardelëschten an de Maisons relaisen si wierklech explodéiert an der Lescht. An et ass och net virauszegesinn, datt sech dat géif besseren, well alleguerten déi jonk Koppelen, déi bei eis an d'Gemeng wunne kommen, ginn zu zwee schaffen. Si brauchen onbedéngt eng Plaz an de Maisons relaisen a wa méiglech esouguer dee ganzen Dag. An et gëtt ëmmer méi gefrot. Wann elo sollt déi sougenannte Gratuitéit kommen, esou ass dat natierlech de Moment nach eng Virwëtztut, well mer guer net wëssen, wou dat histeiert a fir ze gesinn, wéi wäit dat geet, wat op eis duerkënnt. Mir si jo am Gaangen ze bauen a mir wëlle jo och nach weiderbauen.

D'Schoulen, datt se ze kleng sinn, dat wëll ech net grad esou stoe loossen. Well déi lescht Joren ass ganz vill an d'Schoulen investéiert ginn. Mir hunn zu Lamadelaine ganz grouss opgestockt mat ville groussen neie Schoulraim. D'Päesch-Schoul ass vergréissert ginn, dat läit schonn e wéineg méi laang zeréck. D'Neiwiss-Schoul ass och vergréissert ginn. Hei zu Péiteng am Park hu mer Schoulraum bäigebaut. Et ass natierlech och esou, datt mer am Gaange sinn d'Eigent-Schoul massiv ze vergréisseren. Mir dierfen och net vergiessen, datt mir bei eis an der Gemeng d'Klassen esou wëllen halen, datt mer eng Moyenne vu Schüler vu 16 bis 19 hunn. Et ass och esou, datt méi gefrot gëtt – a wéi ech dat scho virdru bei der Madamm Berens gesot hunn – well d'Schoul net méi esou gehale gëtt ewéi nach viru Joren. Et ass vill méi komplex ginn. Mir hunn „enfants à besoins spécifiques", et gëtt vun enger Inclusioun an der Schoul geschwat. Mir brauche ganz neie Schoulraum. Mir brauche méi kleng Schoulraim, wou mer d'Kanner kënnen eraushuelen, an de Sproochen, oder déi Kanner, déi wierklech soss Retarden hunn, déi vu wäit hir kommen, déi eng ganz aner Educatioun brauchen ewéi mir dat bei ons gewinnt sinn, an datt déi spezifesch mussen anescht betreit ginn ewéi dat bis elo de Fall war. An dofir wäert an de Schoulen eng ganz aner Method an den nächste Joren ugewannt ginn.

Dat ass och schonn an de Gespréicher an dat wäert och matsechbréngen, datt mer mussen anescht an eis Schoulraim investéieren.

Da kommen ech op den digitale Beräich ze schwätzen. Do hu mer gewësse Gebaier, déi gutt ausstafféiert sinn. Mir hunn och aner Gebailechkeeten, wou mer nach e wéineg hannendran hänken. Ech wëll dat net ënnert den Dësch kieren. Dat ass och allgemeng gewosst. Et muss een och wëssen, datt déi eng Léierpersoune ganz gären domadder schaffen an aner Persounen e bësse méi retizent sinn. Et ass och gewosst, datt de Syvicol och un de Ministère geschriwwen huet, fir datt iwwer d'ganzt Land ewech ee Programm ze kréien, fir esou all Schüler déi selwecht Méiglechkeeten ze ginn. Fir datt all d'Schüler och am digitale Beräich direkt vun Ufank u mat abezu gëtt, datt wann et emol dozou kënnt, datt ee vu Péiteng zum Beispill op Miersch plënnert, datt deen net hannendran ass an datt en ee Programm huet, oder wéinstens eng Notioun vun engem Programm.

Dir wësst jo och genee, datt dat e ganz héije Budget ass. Mir hu jo och fir 2022 eise Budget esou eropgesat, datt mer all Mount nach 10.000 Euro weider zu deem, wat mer schonn hunn, investéieren, fir esou am digitale Beräich bäizekommen an och do nach Erneierungen ze setzen. D'Demande vum Syvicol ass jo och un de Ministère gaangen, fir datt de Gemengen ënnert d'Äerm soll gegraff ginn, fir datt éischtens emol e Programm dohinnergesat gëtt, fir och mat an de budgetären Ausgabe mat eranzegoen an do de Gemengen e wéineg eng besser Recette z ginn. An do wäerte mer an den nächste Méint onbedéngt op eng Äntwert vum Ministère waarden. Wéi se ausfält, dat sief och nach dohinner gestallt.

Zu Rolleng kréie mer déi nei Spillschoul mat enger neier Maison Relais. Ech hoffen, datt d'Aarbechten esou séier wéi méiglech weiderginn an datt mer eis Kanner geschwënn an deenen neie Raim kënnen ëmfänken.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wat d'Ëmweltpunkten am Budget ugeet, esou mengen ech, datt mer do am Klimapakt vill Saachen ëmsetzen, datt mer Fotovoltaikanlagen op eis Gebaier setzen, datt mer kucke fir eis Gebaier ze isoléieren. A mir maache Verbesserungen an der Energieeffizienz. Ech ginn iech net onbedéngt Recht, datt do näischt géing geschéien.

Och an de Syndikater, wou et ëm d'Ëmwelt geet, ass et och eng Rei vu Suen, déi am Budget dra stinn.

D'Renovatioun vun de Gebaier mat ëmweltfrëndlechen Heizungen, esou mengen ech, datt de Moment de Gas och ëmweltfrëndlech ass. Eis Heizunge sinn erneiert an ersat gi mat deem neiste Standard. Mir setzen och do, wou mer kënnen an et nëmme méiglech ass, Wäermepompelen an.

Den emissiounsfräier Fuerpark geet net vun haut op muer. Da kommen ech direkt op d'Elektrobornen ze schwätzen. Dir kënnt vläicht Recht hu mat ärer Ausso, mä do si verschidde Projeten, déi mer vun Enovos versprach kritt hunn, mä wou et awer net richteg weider geet. A kee kann engem esou richteg soen, firwat dat de Fall ass. Wann een dann awer e bëssen hanner de Kulissen nofreet, dann hunn si anscheinend Problemer op verschidde Plazen, well hir Traffoen net performant genuch solle sinn. Mir waarde bei eisen Haaptgebaier op déi Projete vun Enovos, datt se sollen ëmgesat ginn an datt mer do dann och méi performant si fir d'Autoe kënnen opzelueden.

Mir loossen eis och net mat pauschale Präiserhéijungen zefriddestellen. Mir loossen dat iwwert eng Analys préiwen, fir wat datt dat esou ass.

Bei der Geschäftswelt weisen ech drop hin, datt mer leider nach ëmmer keng performant oder eng funktionéierend Union commerciale hunn, an doduerch och leider kee richtegen Uspriechpartner hunn. Mir loossen d'Geschäftsleit net am Reen stoen. Mir maache mat deenen Aktiounen, wou mer och elo an der Lescht gemaach hunn, datt mer Bongen ausgestallt hu fir datt och eise lokale Commerce ka fonctionéieren.

Mat de Schantercher ass et esou, datt fir zwee Deeg déi Parkplazen effektiv verschwonne waren. Et ass awer keng eng Parkplaz verschwonnen duerch déi Schantercher. Déi Plaze sinn erëm do. Ech wëll iech awer just soen, datt mer op 130 Meter vum Zentrum vun der Geschäftswelt e Parking op der Maartplaz hunn. A wann een dann och d'Adolphe-Strooss kuckt – ech weess net, wéi oft der duerch Péiteng gitt – da gesäit een datt iwwer den Dag permanent fräi Plazen do sinn, respektiv fräi ginn.

Bei der PiKo-Schwämm ass et esou, datt ech net weider drop aginn. Well do muss ee wëssen, datt dat als regional Schwämm consideréiert gëtt.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech hat nach e Punkt virdru vergiess. Dir hat de Policebüro ugeschwat. Dir hutt gesot, datt den Här Kox gesot hätt, hie géif drop waarden, datt d'Gemeng sollt fir hien en Terrain kafen. Dat ass dat éischt, wat ech elo héieren. Dat ass vläicht méiglech, mä dann huet e mir dat awer net gesot. De 5. Januar 2022 hu mer eng Entrevue, nodeems datt ech elo schonn zeg Mol bei him intervenéiert sinn, respektiv bei senge Mataarbechter intervenéiert sinn, fir ze kucken, wou mer an deem Dossier dru sinn. D'Iddi ass jo, datt déi zwou Gemenge Péiteng a Käerjeng hanner deem Projet stinn, fir esou wuel de CGDIS wéi och d'Police op de Lénger Strooss op de fréieren Alleva-Site ze bréngen. Dat beinhaltet zwou Saachen. De CGDIS muss den Terrain kafe fir seng Gebailechkeeten opzeriichten. De CGDIS huet am Verwaltungsrot scho virun engem Joer oder 1,5 Joer gesot, datt si bereet wieren. Si hunn och do eng Offer gemaach a si sinn och mam Proprietär iwwer de Präis „plus ou moins" eens.

Bei der Police si mer e bëssen an engem méi schwieregen Ëmfeld, well d'Police déi wëllt oder wëllt och net – dat ass net ëmmer esou kloer – mä mech menge schonn, datt se géife wëllen dohinnerkommen, mä si kënnen den Terrain net kafen. Do ass et eng Commission d'acquisition, déi deen Terrain keeft, an déi mam Proprietär am Gaangen ze verhandele wéinst dem Präis. Ech héieren elo fir d'éischte Kéier, datt d'Gemenge solle fir eng national Institutioun Terrainen zur Verfügung stellen, mä, wéi gesot, bis elo huet nach keen dat zu mir gesot an och nach net d'Gemeng gefrot fir dat ze maachen. Wann dat eventuell eng Demande wier, da musse mer eis eng Kéier hei am Gemengerot eens ginn, fir datt mir als räich Gemeng deem aarme Staat e klengen Terrain vun 30 Ar solle kafen, fir datt se hiert Gebai kënnen drop bauen. Well dat ass schonn eleng e Problem, well se net richteg wëssen, wéi grouss deen Terrain misst sinn, déi se brauchen. Well an de leschte Gespréicher ass vun 20 Ar geschwat ginn, et ass vun 30 Ar geschwat ginn, an et ass nach net esou kloer.

Mir hunn elo gutt Hoffnung, datt de 5. Januar, wou eng Reunioun ass tëscht der Commission d'acquisition, dem CGDIS an deenen zwou Gemengen, datt mer endlech do Neel mat Käpp kënne maachen. Mir hoffen, datt mer do endlech op een Enn kommen, well fir eis alleguerten ass et eng aussergewéinlech fir dohinzekommen an déi zwou Institutiounen tëschent déi zwou Gemengen installéiert kréien. A mir hoffen, datt mer do endlech zu engem Enn kommen. An esouguer wann et elo géif heeschen, datt mer als Gemeng missten deen Terrain do kafe fir hinnen deen dann iergendwéi iwwer Bail emphytheotique zu Verfügung ze stellen. Wann déi Demande dann un eis kënnt, da wäert ech déi Demande dann un iech viruginn. Et muss een och kucken, dat d'Nopeschgemeng dozou seet. Well déi Käerjenger sëtzen och nach e bëssen an enger Obligatioun, well si mussen och deen Terrain op hirer Säit ëmklasséieren. Am Géigesaz zu eisem Terrain, deen ass ëmklasséiert an et dierft kee Problem si fir esou eng Aktivitéit drop ze hunn. Mä op der Käerjenger Säit ass et schonn e Problem, well et och nach muss vun der Ëmwelt gepréift ginn. An déi Käerjenger Gemeng hu gesot, datt se bereet wiere fir dat ëmzeklasséiere wann d'Police an de CGDIS och op déi Plaz géif kommen.

Esou datt mer um Punkt si fir eventuell ze soen, entweder et gëtt eppes oder et gëtt näischt. Ech, op jiddwer Fall, géif et extrem bedaueren, wa mer déi Méiglechkeet hei géife laanschtgoe loossen. An do ass de Staat och gefuerdert, datt hir Police iergendwéi ënnerdaach kënnt. Éischter nach wéi d'Gemeng. D'Gemeng kann do hëllefen, mä de Staat ass als éischt gefuerdert, fir datt dat eppes gëtt.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech hunn hei lénks nieft mer e puer Leit sëtzen, déi hir éischt Budgetsried halen. Ech sinn elo bei der 48ter. Dat heescht, ech kéint vun allem e bësse matschwätzen an eng Stonn laang Froe stellen a Gedanken developpéieren. Ech beschränke mech awer bewosst, an och aus Respekt virun iech, op e puer Punkten, déi mech de Moment speziell interesséieren oder wou ech nach Verantwortung hunn.

Sozialwunnengen an „logements d'urgence"

Ech hat schonn a menge Kommentaren zum Budget 2020 drop higewisen – ech zitéieren – „De Wee kéint een nach méi konsequent goen, fir a gudden Zäiten, bei finanzielle Reserven an niddregen Zënsen, an de Foncier investéieren". Dat ass de Moment nach ëmmer aktuell an och akut. D'Situatioun an d'Demanden an eisen Office sociauxen an deene 4 Kordallgemengen ass bal déiselwecht: Honnerte vun Ufroe fir eng bezuelbar Wunneng; vill vu Famillje mat Kanner, an als Léisung eng 100 Méiglechkeeten ugebueden duerch d'AIS Kordall – duerch de Sikor bedriwwen – a gläich vill vun der AIS National.

Et bleift en Delta vun Demandeuren, deenen d'Zäit fortschwëmmt, well och keng Migratioun an dëse Sozialwunnengen entsteet. Déi Locatairen, déi scho bestinn an déi sech an enger prekärer Situatioun befannen, sollten iwwer dësen AIS-Wee d'Méiglechkeet kréie fir Reserven opzebauen, fir kënnen op den normalen Immobiliëmarché zeréckzekommen. Dat geschitt awer net. D'Präisser schwammen ëmmer fort. Dofir och Mietkontrakter vu maximal 3 Joer, wou dann eng Migratioun stattfanne sollt. Dat ass awer net de Fall, an eis Locatairë vun der AIS sinn och nach no 5-6 Joer an der Basispositioun. A keen traut sech, do eppes z'ënnerhuelen an d'Leit no 3 Joer op d'Strooss ze setzen, wat sécher keng Léisung wier. Also wat maachen?

D'Gemeng kann am Verbond mat der privater Hand Initiative fir sozial Mietwunnengen a mat der Ënnerstëtzung vum Wunnengsbauministère an dëse Foncier investéieren. Dat ass eng interessant Perspektiv, wann ee Suen op eemol ze vill op der Säit huet, da kann ee jo do investéieren. De Staat hëlleft an déi Kontrakter kënnen dann op 25 oder 30 Joer, wéi et am Gesetz virgesinn ass, gemaach ginn. No där Zäit ass et eng finanziell Null-Operatioun fir d'Gemeng, wou dann awer Wunnengen entstinn, déi eventuell duerch eng AIS geréiert géif ginn, an de betraffene Leit eng individuell Berodung a Begleedung zousécheren. Mir maache scho gewëssen Initiativen am Budget 2022, et ass awer nach Loft no uewen, an deen nächste Budget 2023 – och wann dat vläicht net esou präzis am Koalitiounsvertrag virgesi war – kéint awer schonn en Iwwergangsbudget am Waljoer si fir dëser Besuergnes Rechnung ze droen.

Och wat d'„Logements d'urgence" ubelaangt, déi gebraucht gi bei Naturkatastrophen an aner Ursaachen, ass déi rout Luucht un. Mir hunn de Moment do keng Méiglechkeet, eiser gesetzlecher Verantwortung gerecht ze ginn, ausser den Hotelopenthalt unzebidden. Mir hunn dësen Zenario jo eréischt viru kuerzem beim Tornado erlieft. Dat ass och net vill besser bei eisen Nopeschgemengen. Eng Konzentratioun um Niveau vun de Kordall-Gemenge mat enger gemeinsamer Struktur wier do eng interessant Perspektiv.

Waasser an Ofwaasser

Bei der Virstellung vum Budget duerch de Schäfferot ass den Numm SIACH dacks zitéiert ginn an och duerch konsequent

Zuelen an de Fokus geroden. Ech wollt do als President vun dësem Syndikat hei kuerz Erklärunge ginn.

Am ordinäre Budget stinn Ausgabe vun 2.926.624 €, an dovunner eleng eng Rechnung vum SIACH iwwer 2.509.114 €. Dat si 26% méi ewéi am rektifizéierte Budget 2021. Z'erklären ass dat doduerch, datt schonn déi éischt „Tranche d'amortissement“ vun dem aktuellen Ausbau vun der Kläranlag abegraff ass. D'Kläranlag gëtt vläicht eréischt an 3 Joer offiziell ageweit, mä si fonctionéiert awer elo schonn deelweis parallel mat deenen aneren Infrastrukturen. An et muss een déi Tranchen dann och ofrechnen, déi schonn elo investéiert sinn. Et si ronn 45 Millioune schonn investéiert vun deene 70 Milliounen, déi a Fro kommen, soss komme mer do a Verzuch a kommen ni op déi Reserven, déi mer brauchen, wa mer en neien Ausbau musse maachen. Esou war dat mat de Schäfferéit aus de Kordall-Gemengen ofgeschwat, grad ewéi och déi staatlech „taxe de rejet“ an eis Kor-Partnerschaft, déi vum SIACH gegrënnt gouf a Sensibiliséierungsaktioune mat de Gemenge virgesäit.

Am extraordinäre Budget fält awer eis Zomm beim SIACH vun 3.694.608 € am rektifizéierte Budget op aktuell 2.883.186 €, also ëm 811.422 € oder 22% manner. Do läit d'Erklärung haaptsächlech doran, datt de Projet vun enger Kanalentsuergung a Ubannung vum Fond-de-Gras iwwer Rodange vun de Schäfferéit aus Péiteng an Déifferdeng a Fro gestallt gouf, an da vum SIACH gestoppt gouf.

Getrei dem Prinzip an der Verflichtung vun de Gemengen, de Prinzip vum „pollueur payant“ unzewenden, wäerten den Ofwaasserpräis souwéi de Waasserpräis eng Upassung am 2. Semester d'nächst Joer musse virgesinn. No Rechnungen an Aarbechte vun eiser SIACH-Direktioun mat den techneschen Service vun de Gemenge wäert de Präis vum Waasser an Ofwaasser am Secteur „ménager“ 3 € (Waasser) an 2,6 € (Ofwaasser), also zesumme 5,6 € pro Fudder klammen. Dat wat de variabele Präis am „ménager“ ubelaangt. Do kënnt awer nach d'Partie fixe an deelweis d'TVA derbäi. Déi gespierten Erhéijung wäert esou bei 0,5 Cent pro 1.000 Liter gebrauchtem Waasser leien. 10 Liter Drénkwaasser kaschten da ronn 6 Cent an der Gemeng Péiteng.

Drëtten Alter – Servicer an Offerten

Ech sinn am Alter, wou een sech ëmmer méi fir déi Strukturen an Offerten interesséiert, déi bestinn a fir den Drëtten Alter ugebuede ginn. A wéi ech mech kierzlech méi intensiv domat beschäftegt hunn, do hunn ech fonnt, datt d'Kommunikatioun net optimal a komplizéiert ass, speziell fir eis eeler Matbierger. Och eise Budget gëtt net allzevill Opklärung.

Mir hunn zënter 1996 eng Konventioun mat eise Korgemenge wat de „Foyer du jour Hierschtbierg“ ubelaangt. Donieft bidde mir als Gemeng e „Repas sur roues“ grad esou ewéi de Service „Télé-Assistance“ un. Dat ass och relativ bekannt an ëffentlech. Wat awer feelt, dat ass e Gesamtbild vun Déngschter, déi an der Gemeng zur Verfügung stinn.

Mir hunn nach aner Foyer du Jouren an der Gemeng, mir hunn Déngschtleeschtungen doheem an Hëllefe fir déi betraffe Matbierger ewéi de P-Bus. Wat feelt ass eng Zentral, wou eis eeler Bierger sech berode loosse kéinten. Dat geet u mat engem Pabeierdokument oder enger Broschür, wou alles opgelëscht gëtt, wat an der Gemeng méiglech an ofruffbar ass bis zu engem eegenen Service an der Gemeng: „Service 3e âge“, deen sech ëm déi spezifesch Problemer vun eisen eelere Matbierger bekëmmer kéint. D'nächst Joer si Walen, an och déi eeler Matbierger interesséieren sech nach dofir. Mir hunn an der Gemeng ronn 3.750 Leit tëscht 60 an 90 Joer, dat si bal 19% vun eiser Populatioun.

„Fêtes publiques“ a Gemengenorganisatiounen

Ech stelle fest, datt de Kredit fir noutwenneg Material (Zelter, Iwwerdaach, Sanitäranlagen, Tribünen) um Niveau vum initiale Budget 2021 bestoe bleift a weisen drop hin, datt eisen aktuelle Podium, deen elo bal 20 Joer am Déngscht ass, misst duerch en neien a méi handlechen ersat ginn.

De Kredit fir Organisatiounen ënner dem Regime „partenariat privilégié“ gëtt vu 60.000 € am rektifizéierte Budget op 41.000 € am initiale Budget 2022 erofgesat.

Donieft klëmmt de Kredit fir Gemengeorganisatiounen ëm dat Dräifacht vu 50.000 € op 150.000 €, ë.a. fir Summer-manifestatiounen op der J.F. Kennedy-Plaz. Do stellen ech mir d'Fro: wéi geet et do mat der Bereetschaft an der Kollaboratioun vum „Syndicat d'initiative et de Tourisme“ vun der Gemeng Péiteng weider, deen 2021 e puer Organisatiounen op dëser Plaz hat. E Syndicat, deen net mam Numm an dësem Budget steet obwuel en eng Konventioun mat der Gemeng Péiteng huet. Ech mengen, do misst eng Aussprooch an eng Definitioun vun de Kompetenzen an den Aufgabe geschéien.

Esch2022

Heibäi géif ech gären deen aktuelle Bilan als General-koordinator zéien.

D'Konventioune mat de lokale Partner, de KaGePe an d'FECC Lëtzebuerg sinn ënnerschriwwen a vum Gemengerot ofgeseent.

De Gemengerot huet och a senger leschter Sëtzung weider Konventioune mat 2 individuelle Partner guttgeheescht. Alles ass administrativ op der Schinn, an a ronn 100 Deeg lafen déi éischt Organisatiounen hei an eiser Gemeng un.

D'Damoklesschwäert hänkt nach ëmmer geféierlech do, wat de Covid a seng Evolutioun ubelaangt. Kënne mir Organisatioune mat Dausende Leit duerchzéien? Wéi sollen se verlafen? Dat ass momentan, a sécher och an den nächste Wochen, eis primär Suerg nieft deenen anere fir Participanten aus dem Ausland op eis Eventer ze kréien an ze motivéieren.

Ech treffe mech reegelméisseg mat eisem Service „Culture et Communications“, der „Cellule de coordination“ an de Vertrieder vum KaGePe an der FECC Lëtzebuerg an international souwéi de Strukture vun Esch2022 an aner Partner vun der Santé fir de Projet ze gestalten an de Realitéiten unzepassen.

Mir sinn alleguer optimistesch, datt eis dat gutt gelénge ka wa keng Hiobsbotschaften a leschter Minutt opdauchen, déi vläicht net méi adaptéiert kënne ginn. „Wait and see“.

„Culture et Mémoire collective“

Do wollt ech de Projet a PAP am Kär vun der Uertschaft Rolleng uspriechen, wou en zentralen Treff fir d'Bierger vu Rolleng an och vun der Gemeng entstoe soll. Do ënnerstëtzen ech eng Initiativ, déi mat de Bierger an de Veräiner an der Gemeng soll ënnerholl gi fir eng Diskussiounsplattform ze schafen, Iddien ze sammelen an e Konsens ze fanne wat do soll entstoen. D'Bierger sollen do vun Ufank u mat agebonne ginn an d'Diskussiounen, wat fir mech e wichtegt Element schéngt ze sinn.

Weiderhi géif ech dem Gemengen- a Schäfferot virschloen, sech Gedanken ze maachen, ob een net dat Material an déi Aarbecht a Recherche soll notzen, déi fir d'Ausstellung „Lëtzebuerg am 2. Weltkrich“ virun 2 Joer zu Péiteng stattfonnt huet, an de Moment hei an do gelagert sinn, fir eng permanent Struktur an d'Liewen ze ruffen. Déi kéint an eiser Zon „Point Triple“ entstoen - firwat net op enger Plaz am „Grand-Bis“ – duerch franséisch a belsch Bäiträg souwéi temporär Ausstellungen ergänzt ginn. Ech denken, datt esou eng permanent Ausstellung nach net existéiert, weder zu

Lëtzebuerg nach an der Grenzregioun. Wäertvoll Messagen awer kéinten un eis Jugend vermëttelt ginn, an och an der „Mémoire collective et nationale" kéint een e Lach zoumaachen. Eis Ausstellung hei zu Péiteng war en Highlight, an ech weess och, datt d'Regierung amgaangen ass, en Inventaire vun de Gegebenheeten ze maachen, déi un d'Mémoire vum 2. Weltkrich erënneren an ze kucken, wat do nach feelt. Also d'Geleeënheet wier gutt.

Ee Gedankegang, eng weider Diskussioun an Iwwerleeungen zur Machbarkeet kaschten näischt, setzen awer e staarkt Signal a vläicht eng flott Perspektiv.

Industriezonen

Ech hu virdrun de „Grand-Bis" ernimmt a gleewen nach un dëse Projet, obwuel den Dynamismus op Regierungssäit um Nullpunkt läit.

Mir si prett fir eng Konventioun z'ënnerschreiwen als Sikor an och de Projet unzegoe wann:

- De Ministère sech bereet erkläert an eis verséchert, datt d'Prozeduren net méi erëm vu vir un nei gemaach musse ginn (Ëmweltgesetz).
- De Ministère sech bereet erkläert fir d'Auswierkung vum Retard an engem iwwerschafftene Budget matzedroen oder sech asetzt, fir datt de Compactage net an der Form, wéi e virgesinn ass, muss geschéien.
- De Minister eng Kéier eng Stonn Zäit huet fir sech mam Schäfferot an dem Büro vum Sikor auszeschwätzen an d'Konventioun z'ënnerschreiwen.

Et sinn nach genuch Entreprisen do, déi op der Sich no engem Terrain sinn. Dat hu mir festgestallt, wou mir elo de 25.11. als Sikor mat der Gemeng zesumme waren an dee virreservéierten Terrain vu „Voyages Weber" um PED nei konnte besetzen, well d'Entreprise Weber dësen Terrain net méi brauch. Do hu mir elo 3 Entreprisen, déi en „avis favorable" ginn hunn, an eng véiert ass an der Diskussioun.

Dat wier et vu menger Säit gewiescht, mat engem grousse Merci a Kompliment un all déi, déi un dësem Budget matgeschafft hunn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech hu just 2, 3 Saachen. Dat eent ass, effektiv, wat déi Sozialwunnengen ubelaangt, esou fänke mer d'nächst Joer u mat „Neiwiss II". Mir hunn nach 2 Projeten, déi mer och wëlle realiséieren a wou mer engersäits hu missten drop waarden datt d'Gemengenatelieren op Lénger Strooss plënneren. An do wäert déi nächste Gemengerot sech kënnen austoben. A mir sinn nach ëmmer mam Site „Eucosider" am Gaangen, wou de Ministère du Logement déi Terraine jo kaaft huet a wou mir eis och als Gemeng drun hänken. Mä et gesäit awer fir de Moment net esou aus, wéi wa ganz vill Beweegung am Dossier ass. Ech hat nach rezent e Gespréich mam Direkter vun der SNHBM, dee mer op eng Rei Problemer higewisen huet, déi op deem Site bestinn. Besonnesch den Accès op dee Site wier nach ze iwwerpréiwen.

Wat déi „logements d'urgence" ubelaangt, esou muss ech soen, datt mer besonnesch beim Tornado virun 2 Joer gutt Erfarunge gemaach hunn. Ech ka mer net virstellen, datt mir 30 Appartementer prett gehat hätte fir Leit ënnerdaach ze kréien. Do waren esouguer Haiser, déi mer hu missten hunn, well et Famillje mat 10-12 Leit waren. Mir hunn d'Leit kuerzfristeg an en Hotel gesat an dat fannen ech och dee richtege Wee. Well fir do zeg Gebaier fräistoen ze hunn, da kënne mer an enger Zäit vu Penurie vu Wunnenge guer net leeschten. An dann ass natierlech och d'Assurance gefuerdert. Mir waren och Intermediaire an hu mat Leit, déi Proprietär waren, verhandelt hunn a versicht hunn e Wee ze fanne fir déi Leit ënnerdaach ze bréngen. D'Gemeng huet sech ganz staark investéiert an do hu mer an deem Kontext all Kéiers eng Léisung fonnt. Wéi gesot, ech sinn net dee grousse Verwennten, fir eng grouss Zuel vu Wunnenge wärend enger längerer Zäit eidel stoen ze hunn. Well wann deen nächsten Tornado eréischt a 5 oder 10 Joer kënnt, da sti wärend all där Zäit 30 Wunnengen eidel, déi mer da prett hale fir de Fall, wou esou eppes géif kommen.

Wat d'Entwécklung vun de Fraisen ubelaangt, esou ass et kloer, datt d'Waasser an d'Ofwaasser méi deier gëtt. An och de Fait, datt mer drop higewisen hunn, datt och déi Participatioun vum SIACH an och vun anere Syndikater eropginn, esou huet besonnesch de SIACH en direkten Impakt duerch de Käschten-Deckungs-Prinzip, dee mer mussen uwenden, op déi eenzel Contributiounen, déi d'Bierger musse ginn. An dofir war déi Informatioun, fir wat datt mer de Waasserpräis mussen eropsetzen, esou ass dat zeréckzeféieren eben duerch d'Contributioun an den Amortissement vun den Anlage vum SIACH an op der aner Säit och duerch d'Käschtenerhéijung vum SES wat den Akaf vum Waasser ubelaangt. Dofir war déi Explikatioun do. An op der anerer Säit muss ee wëssen – an dat ass net nëmme beim SIACH esou, mä bei eis alleguerten esou – datt den Invest jo wesentlech eropgaangen ass. Well ech hunn den Invest net gekuckt op dat Joer 2022, mä ech hunn et am Ganze gekuckt. An do ass déi Contributioun, déi mer mussen un d'Syndikater bezuelen, wesentlech eropgaangen. An deen eenzege Phenomen, déi mer haten, war well de SIACH säin Invest, deen e gemaach huet vun der Kläranlag – an deen och zum Wuel vun eise Bierger ass – wesentlech méi héich war ewéi dat, wat ursprénglech beim „plan pluriannuel" bekannt war. Dat waren d'Explikatiounen, déi ech wollt ginn an dem Gemengerot erklären, firwat datt dat eent méi deier ass wéi dat anert.

Mir gesinn dat jo och bei eise Projeten, datt alles méi deier gëtt. Mä d'Leit sollen awer wëssen, wou déi Hausse vun 178 Milliounen op 220 Milliounen hierkënnt, déi mer am „plan pluriannuel" iwwer 6 Joer hunn. An déi ass, wéi bei anere Saachen, op d'Deierecht vun de Projeten zeréckzeféieren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Effektiv ass et esou, datt mer beim Waasser- an Ofwaasserpräis versicht haten, fir eventuell am Kordall ee Präis ze kréien, deen identesch ass. Dat ass awer net dran aus verschidden Iwwerleeungen eraus, esou datt da jidderee säi Waasserpräis mécht nom Prinzip, deen de Buergermeeschter, respektiv de Roland Breyer elo just erkläert huet.

Ech wollt nach 2 Wierder zu den „Fêtes publiques et organisations communales" soen. Et ass richteg, wat der sot. An ech hat och de leschte Kéier gesot, datt mer e bëssen nom Prinzip „learning by doing" gemierkt hunn, datt e Problem ass mat deem Podium op der Plaz hei virun der Dier. Wann dat esou ass, da wäerte mer en neie maachen. Hien huet iwwer 20 Joer um Bockel an et ass kee Problem, fir dat kuerzfristeg kënnen ze organiséieren. Mir hunn och scho Präisser ugefrot. Mir kucke gären nach eng Kéier am Januar, wéi dat do ass. Mä och deen ale Podium ass net verluer, well e kann op anere Plaze benotzt ginn, z.B. wa mer eis Kavalkad hunn, da kann een deen als Podium huele fir d'Éieregäscht drop ze setzen. Dat ass eppes, wat mer maache wäerten a mir musse kucken, wéi mer dat finanziell begleeden an op et mat deene Suen, déi do sinn, duergeet oder ob mer mussen eppes nostëmmen.

Et ass effektiv de Partenariat privilégié an déi 100.000 Euro fir „manifestations estivales sur la place J.F. Kennedy" ass eng Propositioun vum Service Culture et communications vun

eiser Gemeng. An déi hu mer proposéiert fir an déi Richtung ze goen. Si hätten do e puer Iddien am Kapp an et ass evident, datt wa mer dat dote wëllen organiséieren, datt dat sécherlech net kann esou organiséiert ginn, datt de Syndicat näischt dovunner wéisst. Do drängt sech effektiv eng Ausprooch op an ech mengen, et hunn och schonn Ausprooche stattfonnt, wann ech dat richteg gesot kritt hu vum Chef de service. Dir sot jo, datt der iech reegelméisseg mat eisem Service Culture et communications trefft, da musse mer kucken an esou engem Gespréich, wat dat genee heescht oder net heescht.

Déi Iddi vun „Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich“ am Grand-Bis oder am Point triple ass eng sympathesch Iddi. Déi kann een sech effektiv am Hannerkapp behalen. Mir hunn de Moment ganz vill Diskussioune mat deene vu Mont-St-Martin an Ibbeng betreffend dee Point triple, dee leider net gutt läit. Et muss ee kucken, wat alles do geschitt.

Wann do dat eppes géif gi mat deem Grand-Bis – wou dir jo och dru gleeft, ech gleewen och nach drun, och wann de Buergermeeschter net méi dru gleeft – an ech mengen och, datt do eppes kënnt. Ech weess aus sécherer Quell, datt mer deemnächst d’Ofrechnung kréie vun deene Punkte vum Kompenséieren. Dat ass en héije Käschtepunkt an da musse mer kucken, wien dat duerno bezilt. An do gesi mer, wéi mer weiderfueren. Ma da si mer esou wäit wéi mer scho laang net méi waren an da musse mer kucken, datt mer de Minister eng Kéier erofkréie fir datt hien dat mat ënnerschreift. Ech sinn och relativ optimistesch. Wa mer fäerdeg sinn, da wäert déi Saach bal 30 Joer um Bockel hu bis et realiséiert ass. Mä ech mengen si brauchen dat och, well do wäert vill Buedem ofgetippt ginn. An et gi vill Plazen a Schantercher am Land, wou Plaze gebraucht gëtt fir Buedem hinzetippen. An dat kéint een dann do maachen. An net méi spéit wéi haut hu mer am CHEM festgestallt, datt mer kuerzfristeg musse 40.000 m3 ofdroen. A wann dee ganze Projet vum Escher Spidol gemaach gëtt – dat sinn 300.000 oder 400.000 m3 Buedem, déi do mussen ewechgeholl ginn – dann ass ee vläicht frou, datt een esou Plazen huet fir opzetippen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Här Breyer huet haaptsächlech den 3. Alter ugeschwat, dee jo och a meng Ressorte fält. Effektiv, am 3. Alter muss een e wéineg am Budgetsdokument duerchbliedere fir erauszefannen, wat mir alles fir den 3. Alter ubidden. Déi ASBLen an déi Déngschtleeschtungsservicer, déi net grad ënnert eisem Hutt stinn, sinn natierlech net do opgelëscht. Et ginn der zwar scho ganz vill bei eis an der Gemeng. Dat kéint een awer – wéi dir et och proposéiert – bündelen an et kéint een esou eng Zort Guide fir den 3. Alter erausginn, wou dat alles opgelëscht ass, fir einfach deene Senioren, déi net esou op Zack sinn, déi net esou mam Internet all Dag kënne schaffen – well um Internet kann een dat jo och alles erausfanne wat sech hei bei eis an der Gemeng nach deet – an deenen eng Hëllefsstellung ze ginn. Wat mer awer och elo nach an der leschter Egalitéitskommissioun beschwat haten, war d’Sécherheet vun den eelere Matbierger a wéi et mat der Sécherheet fir déi eeler Matbierger hei an der Gemeng steet. D’Familljekommissioun bekëmmert sech och ëm déi eeler Matbierger. Do sinn u sech 2 Kommissiounen, déi doranner involvéiert sinn. Wat natierlech ganz interessant wier a wou ech mer scho selwer Gedanken driwwer gemaach hunn, dat wier wa mer eventuell emol e Questionnaire géifen ausschaffen, mat deem déi eeler Matbierger eis kéinte soen, wat si nach géife brauchen, wat hir Doleancë sinn a wou et eventuell hei happert. Mir hu jo och elo an der Lescht mam Club Senior e relativ grousse Club, wou aner Gemenge mat dra sinn. D’Kordallgemenge sinn do mat dran, an d’Senioren, wann se sech wëllen an eng aner Gemeng beweegen, kënnen och mam P-Bus dohinnerfueren an och u ganz flotten Aktivitéiten deelhuelen. Si kënnen do och Informatiounen iwwer den 3. Alter kréien. Si kënnen u Forumen deelhuelen. Viru Kuerzem war e Forum iwwer den 3. Alter.

Et sinn natierlech och eng Rei vun eelere Leit, déi net méi kënnen oder net méi wëllen sech am Land beweegen. Mä iwwer den Internet an iwwer eis Kommunikatioun, iwwert eise Site vun der Gemeng kënne mer scho ganz vill maachen. Mä hei si gewëssen Iddien drun, wou mer sollen drun denken an déi mer kënnen an deene Kommissioune – Egalitéit a Familljen – kënne mat eranhuelen an do eventuell nach Projeten ausschaffen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech ginn nach eng Kéier kuerz op d’Sozialwunnengen an, wourop och schonn de Buergermeeschter agaangen ass. Wéi der richteg sot, si mer vir bäi an hanne widder. Dofir kënne mer eis och net erlabe fir vill Wunnengen eidel stoen e loossen. Et ass weiderhi grousse Bedarf do. Just fir verschidden Zuelen ze nennen:

Mir schaffen zesumme mat der AIS an der AIK, mat der SNHBM, mam Fond du logement, mat Ënnerdaach asbl, a mir selwer och hu Sozialwunnengen. Dat sinn der 162 am Ganzen „à charactère social“, wat awer de Moment iwwer 2% vun de Wunnengen, déi mer um Territoire hunn, duerstellt. Dat ass vläicht net vill, mä et ass awer och net schlecht. Wéi gesot, et ass nach Bedarf do fir datt der nach bäikommen. Ech mengen, datt mer eis awer emol an enger éischter Phas net brauchen ze schumme mat 2% Wunnengen „à charactère social“.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wéilt virausschécken, datt vun all deene Saachen, déi ech mer opgeschriwwen hat, schonn eng ganz Rei Saache behandelt gi sinn. Ech mengen, dat bleift net aus, wann esou vill Kolleegen a Kolleeginnen am Virfeld zu Wuert komm sinn. Ech loossen dat einfach elo stoen a mir sprangen dann iwwert déi Saachen ewech.

Ech wéilt fir d'éischt alle Bedeelegten e grousse Merci soen, déi un dësem Dokument matgeschafft hunn.

Et ass dëst schonn den zweete Budget, deen huet mussen an enger weltwäiter Pandemie zesummegebaut ginn. An et ass esou wouer ewéi d'lescht Joer, datt et un eis all ass, fir Solidaritéit net nëmmen op de Fändel ze schreiwen, ma och solidaresch ze handelen. Mir sollten dankbar sinn, datt mir d'Méiglechkeet hu fir eis gratis impfen ze kënne fir eis selwer an och eis Matbierger ze schützen. Mir sollten och een op deen aneren oppassen.

Ech hätt dann och e puer Froen an Iwwerleeungen zu dësem Dokument.

Säit 21 – Bei den „aides au réemploi“ sinn d'Recetten ëm bal dat Duebelt méi héich ewéi virgesinn. Wat ass d'Erklärung dofir? Dat selwecht gëllt och fir d'Formatioun vun den Apprentien, woubäi do eng eemoleg COVID-Primm matspillt.

Säit 51 – 3.250 € fir „cours de formation pour les conseillers communaux“, dat kléngt villverspriechend. Wat soll dat sinn? Ëm wéi eng Zort vu Formatiounen handelt et sech hei?

Säit 54 – „Achat et fournitures de matériel divers – matériel requis en cas de catastrophes climatiques“ vun 0 op 20.000 €. Léint dir eis soen, ëm wat et do geet?

Säit 69 – „Infopoint Differdange-Pétange – My Energy“. An eisen Ae gëtt fir dës Offer net genuch Reklamm an eiser Gemeng gemaach. D'Leit musse besser a méi informéiert ginn, esou datt si dësen Service kënnen an Usproch huelen.

Säit 71 – Kontroll a Reparatur vum „éclairage de secours“ an eise Gebaier vun 0 op 85.000 €. Firwat soll dësen héije Chiffer gebraucht ginn?

Säit 73 – Wat ass de Projet „Shime“? Well do stinn am Budget 2022 op eemol 6.000 €.

Säit 99 – „Aides aux personnes dans le besoin“ ass vu 6.000 € op 11.000 € eropgesat ginn. Ass dat, well d'Gemeng nach méi Leit, déi aus hirem Doheem op d'Strooss gesat goufen, muss hëllefe fir hir Miwwelen ënnerdaach ze kréien? Oder rechent de Schäfferot domat, datt déi Zuel an d'Luucht geet?

Säit 113 – Vun 20.000 € op Null. Firwat klamme mir als Gemeng aus der Online-Plattform Letzshop eraus? Wat ass d'Ursaach fir dëse Schrëtt? An eisen Aen ass et nach ëmmer besser datt, wann d'Leit schonn online bestellen, si dat bei Lëtzebuergesche Firmen online maachen an net bei Amazon.

Säit 122 – „Frais occasionnés dans l'organisation des fêtes en utilisant du matériel écologique“ gi mir vun 1.000 € op 5.000 € erop. Ma dat heescht jo sécher, datt all déi nächst grouss Fester hei virun der Dier mat ökologeschem Material, ouni Plastiksfläschen a mat nees benotzbare Glasfläsche wäerte stattfannen. Dat war genee dat, wat mir Gréng an eiser schrëftlecher Fro vum 20. September bemängelt haten. Do sief och drun erënnert, wann een esou Fester als „green events“ umellt, een nach richteg Sue vum Staat kritt.

Säit 122 – Firwat sinn net méi Sue fir de Klimapakt virgesinn? Konkretiséiert de Klimapakt sech elo, geet virun am 2.0?

Säit 123 – Mir Gréng ënnerstëtzen de Projet Bamkadaster ausdrécklech. Dëst ass e Projet, dee scho laang iwwerfälleg ass, a mir hoffen, datt dat elo schëtzeg virugeet.

Säit 123 – Mir Gréng ënnerstëtzen och, datt de Kaf vu Pedelecs subventionéiert gëtt a wollten an deem Sënn nach eng Kéier nohaken, nodeems mir schonn heibanne gefrot haten, firwat de Kaf vun normale Vëloen net subventionéiert gëtt. Mir kënnen dat net ganz novollzéien.

Säit 133 – „Entretien cimetières et morgues“, do gi mer vu 70.962 € op 146.976 € erop. Gi mat deene Suen eis Morguen emol erëm a Stand gesat? Déi zu Péiteng ass an engem erbäermlechen Zoustand. Dëst ass e richteg schlecht Aushängeschëld wa Leit vun auswäerts op e Begriefnes kommen. Ginn och d'Audioanlagen nei gemaach, well déi schéngen och net méi alleguer ze fonctionéieren ewéi se sollen?

Säit 156 – „Fournitures de bureaux, centres culturels et salles de fêtes: tables, chaises et autres" fir 26.000 €. Wéi ee Sall kritt dann elo nei Still? Wat geschitt mat deenen alen, déi jo awer nach ze gebrauche wäerte sinn?

Säit 183 – Aktioun „Coup de poing“ – 5.000 €, wat soll dat sinn?

Säit 211 – „Restauration et transformation du corps de ferme, rue de la Fontaine“ zu Rolleng. Hei si 70.000 € virgesinn. Weess de Schäfferot scho wat an deem fréieren Haff soll geschéien? Mir Gréng géifen et begréissen, wann eng Méiglechkeet kéint bestoe fir eng Epicerie respektiv eng Annexe vum Kuerbuttek an deem fréieren Haff anzeriichten. Dëst kéint et den Awunner vu Rolleng erméiglechen, nees am Duerf anzekafen, sech ze begéinen an sech ënnereneen auszetauschen.

Säit 216 – „Hôtel de ville – travaux d'isolation de la toiture" fir 50.000 €. Dës Isolatioun hate mir Gréng och virun enger Zäit schonn hei am Sall ugeschwat a gefuerdert, zesumme mat den Diech vun eise Kierchen, déi jo anscheinend der Gemeng gehéieren, an zesumme mat den Diech vun eise verschiddenen Zentren a vum fréiere Pompjeesbau. No der Isolatioun vum Daach sollt da w.e.g. och an d'A gefaasst gi fir Solarpanneauen op dës Diech z'installéieren.

Säit 220 – Hei sinn erëm 50.000 € virgesi fir Etudeskäschte fir eng Bëschcrèche zu Rodange. Wuel wëssend, datt de Schäfferot nëmmen hallefhäerzeg hanner dem Projet Bëschcrèche steet, wollt ech wëssen, wou mir do dru sinn a wéini mer kënne mat engem fäerdege Projet, Plang a Konzept rechnen.

Säit 236 – Et freet eis och, datt et mat der Renaturéierung vun der Kor endlech virugeet, an dat an Zesummenaarbecht mam Waasserwirtschaftsamt.

Säit 238 – All nei Wunneng fir sozial schwaach Leit ass noutwenneg a gëtt dréngend gebraucht. Dofir ënnerstëtze mir all Wunneng, déi d'Gemeng wëll bauen, kafen oder loune fir Leit an der Nout e wierdegen Ënnerdaach kënnen unzebidden. Mir fuerderen des Weidere fir de Bau vu Sozialwunnenge weiderzeféieren, well et feelen der nach richteg vill.

Säit 239 – „Travaux d'aménagement d'une place publique entre l'église et le presbytère à Rodange". Kënnt dir eis soen, wat är Iddie si fir d'Paschtoueschhaus zu Rodange, wéi eng Affektatioun wëll de Schäfferot fir dat imposant Haus?

Säit 248 – „Renouvellement des infrastructures dans la rue des Alliés à Pétange". Rechent de Schäfferot dermat, datt déi Aarbechten am Delai kënne fäerdeggestallt ginn? Vill Awunner hunn sech bei eis beschwéiert, datt keng Informatiounsversammlung mat den Awunner aus der betraffener Strooss organiséiert gouf. Mir hale Biergerbedeelegung grouss a géifen dem Schäfferot mat op de Wee gi fir esou Informatiounsversammlunge bei alle gréissere Stroossenerneierunge virzegesinn.

Säit 250 – „Travaux de réaménagement de la place J.F. Kennedy" fir nach eng Kéier 542.000 €. Also wat déi riseg Betonsplaz hei virun der Dir ugeet, do ass net nëmmen de President vum Syndicat enttäuscht, ma och mir Gréng. Mir haten dach nach bis zulescht gehofft, datt op d'mannst ronderëm kéinte Beem geplanzt ginn, déi am décke Summer der Plaz e bësse Schied géife spenden. Wéi mir all wëssen, huele mat der Klimaerwiermung déi schiedlech UV-Strahle vun der sonn zou a flott, natierlech Schiedspender wieren d'Kroune vun de Beem. Am Summer hëtzen d'Betonsplacken sech nach op a ginn d'Hëtzt nees no uewen of an et gëtt onerdréiglech op dëser Plaz. Schued.

Säit 251 – „Concept de mobilité" fir nach eng Kéier 60.000 €. Do gëtt jo och sécher op Biergerbedeelegung gesat andeems eis Bierger kënnen hiren Input liwwere respektiv mat hirer Erfarung eng grouss Hëllef kéinte sinn. Bis wéini wäert dee ganze Package virleien?

Säit 254 – „Mise en place d'un système de guidage piétons" fir 165.000 €. Wat kënne mir eis dorënner virstellen? Ech selwer ginn, säit ech denke kann, zu Fouss duerch eis Gemeng a gesinn an héiere Saachen, et ass bal net méiglech. Wier et net emol un der Zäit, datt der méi vun den Decideure géifen zu Fouss duerch d'Gemeng goen?

Säit 260 - „Construction de garages an der Léier“. Hei sinn nach eng Kéier 500.000 € virgesinn. Ass dat déi lescht Tranche a fir wat ginn déi nach gebraucht?

Bei dësem Projet géife mir Gréng dem Schäfferot proposéiere fir eng Kéier eng „porte ouverte“ fir d’Urainer, dat heescht fir d’Leit aus der rue Belair an aus der rue de Linger, ze organiséieren. Et sinn déi Noperen déi am meeschte mam Kaméidi geplot sinn, virun allem vun all deene schwéiere Gefierer wann se hannerzeg fueren. Et wär dach e flotte Geste fir deene Leit ze weisen, wat do vir sech geet. Eppes Friemes, wat een net kennt, ass ëmmer suspekt an et mécht Kaméidi.

Säit 265 – „Mise en conformité des passages à piétons, mise à niveau des bordures" fir nach eng Kéier 20.000 €. Ma hei freet eis besonnesch, datt den Dauerbrenner, den Iwwergang, wou ech selwer schonn e puer Mol hei am Sall drop agaange sinn – nämlech bei der Seniorie, rue de l'Eglise – mat derbäi ass. Deen ass net nëmmen ze héich fir Rollstill, ma en ass och nach schrecklech geféierlech, well en zum Deel ëmmer zougeparkt ass an dofir vum Automobilist net oder eréischt ganz spéit ze gesinn ass. D'Awunner, d'Personal a mir soe Merci.

Mir froen och de Schäfferot fir d'Budgetsdokument ë.a. a méi transparent Forme kéinten ze kréien. D'Conseillere sollten dëst Dokument net just am statesche PDF-Format kréien, well se dat net kënnen ausernee ventiléieren ewéi z.B. alleguer de Mazout zesummen, alleguer den Diesel zesummen an den Akaf vu rullendem Material, wat an dësem Dokument op 7 verschidde Poste queesch duerch d'Dokument verdeelt ass. Dëst géif méi en detailléiert Liese vum Dokument erlaben, dat anengems och vill méi iwwersiichtlech wier. Well Dreifstoff, Diesel, Elektresch steet op ville Plazen a bei de verschiddene Betriber, grad wéi de Kaf vu verschiddene Gefierer.

Bei der „Gestion des déchets" steet näischt Ausdréckleches am Budget fir de Pabeier zu Rolleng an zu Rodange anzesammelen. Mir Conseillere sinn aus der Zeitung „Meng Gemeng", Editioun Dezember 2021 gewuer ginn, datt d'Gemeng dat elo géif vun de Scouten iwwerhuelen. Esouvill fir d'Transparenz vum Schäfferot vis-à-vis vun de gewielte Vertrieder.

Wëll d'Gemeng dat och an noer Zukunft fir Péiteng esou maachen? Wéi gedenkt dir fir ärem Optrag als Déngschtleeschter am Asammele vun ë.a. dem Pabeier gerecht ze ginn?

Souwéi ech dat d'lescht Joer scho gesot hunn, musse mir dem Klimawandel an der Äerderwiermung trotzen a mir musse séier handelen. Eis Äerd hëtzt sech ëmmer méi op, an dat virun allem ëmmer méi séier, wat ufänkt richteg Angscht ze maachen. Well de Mënsch um Klimawandel Schold ass, kann et och de Mënsch sinn, deen dee ganze Prozess nach e bësse gebremst kritt. Dofir loosse mir als Péitenger Gemeng ufänken, manner fossil Brennstoffer, domat manner Pëtrol, Bensinn, Mazout, Gas, asw. a vill méi erneierbar Energië gebrauchen. Loosse mir als Péitenger Gemeng mam gudde Beispill virgoen an eisen CO2-Verbrauch reduzéieren.

Nom Solarkadaster, wat e wichtegen Outil ass, ass et elo un der Gemeng fir och emol op de Solarstroum ëmzeklammen. Mir hunn eng etlech grouss Diech, hei uewendriwwer zum Beispill, all eis Kierchen, eisen ale Pompjeesbau, all eis Schoulen, an esou weider. Am Solarkadaster fënnt een nämlech eraus, wéi eng Plazen a wéi eng Säite vun deenen Diech richteg gëeegent sinn.

Bei de sëllegen Neikeef vum rullende Material muss ëmmer am Virfeld ofgewie ginn ob een net kann elektresch fueren. Ech denken, datt de „Pool Portiers“ fir hiren neien Auto roueg kann en Elektroauto kréien, an et ginn der nach. Och Notzgefierer ginn et ëmmer méi als elektresch um Maart. Léiwe Schäfferot, hëlleft mat a gitt op den ökologesche Wee.

Well d'Gemeng e Koup Wise kaf huet an nach weider keeft – dëst am Kader vun engem Ausgläich fir déi, déi zougebaut ginn – géife mir wëlle mat op de Wee ginn, fir aus eenzelen, déi am beschte gëeegent sinn, Spillwise fir Hënn draus ze maachen, esou wéi et dat scho méi dacks am Ausland an a ville Lëtzebuerger Gemenge gëtt. Dëst géif eventuell hëllefe fir d'Hondsmeeschtere mat hiren Hënn aus eise Parken ze halen.

Och hale mir Gréng nach ëmmer um Konzept vun ëffentleche Gaardeparzelle fest. Mir bauen ëmmer méi Residenzen, wou ëmmer méi Leit ouni Gaart wunnen. Vill vun deene Leit wiere frou, wann d'Gemeng eng Méiglechkeet géif bidde fir hinnen zu engem klenge Präis esou eng Parzell Gaart ze verlounen. Dës Gäert bidden en immense Facteur fir Inclusioun an Zesummenhalt. Firwat denkt de Schäfferot nach net an déi Richtung?

Mir fuerderen och nach ëmmer e Klimaberoder an der Gemeng, an dat scho bal zënter 20 Joer. Och fuerdere mir nach ëmmer, datt Péiteng als fënneftgréisst Gemeng mat iwwer 20.000 Awunner misst Fairtrade-Gemeng ginn, och dat schonn zënter bal 20 Joer.

Och denke mir, datt mir mat iwwer 20.000 Awunner roueg kéinten eng Vermëttlerin oder e Vermëttler op der Gemeng astelle fir eise Bierger ze hëllefe wann se sech an engem Noperschaftssträit oder engem Sträit mat der Verwaltung verrannt hunn.

Et bleift weiderhin nach vill ze maachen. Et ass nach Sputt no uewen. Mir bleiwen op jiddwer Fall um Ball an ech soen iech e grousse Merci.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Aides aux réemploi, respektiv d’Formatioun vun den Apprentie geet erop. Mir hu méi Leit. Dir wäert gesinn, op der Depensesäit geet et och erop, esou datt sech dat iergendwéi am Equiliber hält.

Wat „cours de formation pour les conseillers communaux“ ubelaangt, esou war dat eng Demande, déi vu Leit aus dem Gemengerot komm ass. A mir hunn emol einfach déi Suen an de Budget gesat an et ass elo un iech, als Gemengeconseiller, fir vläicht op déi eng oder aner Saach dropzesprangen an ze soen, dat géif eis interesséieren. Et sinn elo emol Suen do fir dat kënnen ze finanzéieren.

„Matériel requis en cas de catastrophes climatiques“ hu mer vun Null op 20.000 € eropgesat. Firwat ass dat gemaach ginn? Mir hate jo de Problem bei den Iwwerschwemmungen, datt mer iwwer aner Kreditter hu misste fueren, well mer kee Kredit do haten. Do ass dann zum Beispill iwwer Kreditter vun der Voirie gefuer ginn, deemno wat mer dann do kaaft hunn. Fir eng Transparenz ze erhalen, hu mer gemengt fir dat elo vum nächste Joer separat am Budget opzeféieren an net an deenen eenzele Budgetsartikelen ënnerdaach ze bréngen.

Wat den „éclairage de secours“ ubelaangt, esou hu mer elo eng „Cellule de sécurité“, déi lues mä sécher un d’Dréine kënnt. Si hunn eng Rei Analyse gemaach a festgestallt, datt a verschidde Gebaier den „éclairage de secours“ net esou ass wéi e soll sinn a muss verbessert ginn. An hei sinn déi éischt Gebaier, déi mer wëllen a Stand setzen. Mir musse kucken, wéi wäit mer mat deene Sue kommen. Mir mussen elo Devisen ufroen. Mä mir weisen hei een Zeechen, datt mer wëlle gären an deenen nächste Joren deen Dossier ugoen an déi Gebaier, op Grond vun den Iwwerleeunge vun der „Cellule de sécurité“, à jour wëlle setzen.

Wat d’ “Aides pour personnes dans le besoin“ vu 6.000 € op 11.000 € ubelaangt, esou hu mer dee Betrag eropgesat well mer der Meenung sinn, datt mer warscheinlech an nächster Zukunft méi Sue brauchen. Wa mer se net brauchen. Ëmsou besser, mä mir wollten awer Kreditter hu fir de Fall, wou mer se brauchen.

Wat de Bauerenhaff zu Rolleng ubelaangt, esou si mer am Gaangen déi Saach ze kucken. Mir verschléissen eis och net fir näischt. Mir sinn elo emol am Gaange fir mat der Statik ze kucken, wat een do muss bannendra maachen. Do sinn d’Büroen am Gaange fir Analysen ze maachen. Mir hunn déi eng oder aner Iwwerleeung wou mer gesot hunn, och eng Brasserie kéint mer do hunn. Och wa mer Plaz hätte fir e

Geschäft. Et muss een dat awer och komplementar gesi mat deem Projet vun deem private PAP, deen hannendrun entsteet. Et soll een dat zesumme kucken an ech mengen, mir kréien an nächster Zäit nach Diskussiounsstoff hei am Gemengerot, fir ze kucken a wat fir eng Richtung datt mer ginn. Mä d'Iddi ass ëmmer, fir eng Beliewung vum Duerfkär ze hunn. An do sinn ech der Meenung, datt éischter eppes, wat sech owes oder nom Feierowend erëmspillt, méi dozou bäidroe wäert wéi e Geschäft, wat um 16 Auer zoumécht a wann d'Leit vun der Aarbecht Heem kommen ass alles zou.

Mä mir sinn awer op fir all Diskussiounen. Et muss ee kucken, wat do machbar ass an a Funktioun vun deem wat machbar ass, wäerte mer déi eng oder aner Propositiounen op den Dësch leeën.

Wat elo d'Transparenz vum Budgetsdokument ubelaangt, esou sinn de Carburant, Diesel, Elektresch Sammelartikelen. Op de Säiten hannen am Budget huet een den Detail. Firwat stinn se an deenen eenzele Rubricken? Ma well mer och wëllen d'Transparenz hunn. Dat heescht, den Diesel, dee mer brauche fir d'Müll ze fueren, musse mer och an där Rubrik vum Müll stoen hunn, well dat jo och Käschte sinn, déi iergendwéi ofgedeckt musse sinn. An dofir hu mer se hannenno gesammelt an do gesäit een hannen am Sammelartikel, wou mer landen, esouwuel beim Diesel, wéi beim Carburant, dem Gas oder dem Elektreschen. Déi Saache sinn alleguerten hannen am Budgetsdokument opgefouert.

Ech weess net, wéi een et kéint anescht maachen. Wann een et net esou mécht, da weess een duerno net, wat zum Beispill den Diesel kascht, dee mer fir eise Müll brauchen, oder wat zum Beispill d'Hëtze vun eise Sportshale kascht. Wa mer dat an engem Artikel opgelëscht hunn, dann hu mer d'Sportshalen, d'Stadhaus, d'Atelieren, alles an engem. Dofir deele mer dat op an dofir hu mer hannen awer de Gesamtbetrag. An do gesitt der dann och, datt d'Gesamtausgabe fir den Diesel, fir d'Elektrescht an de Gas eropgeet, well alleguerten déi Energiekäschten an d'Luucht ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dir frot, fir wat fir ee Sall mer nei Still kafen. Dat si Still fir an d'Kulturhaus ‚A Rousen'. Mir hunn Devise virleien an et gëtt sécherlech och gekuckt, wat mat deenen ale Still geschitt. Dat soen ech iech dann „en temps utile".

Bei der Place J.F. Kennedy ginn et vill Virstellungen. Dir hutt jo gesinn, déi eng wëlle Bänken drop an anerer wëll keng. Mir hunn e Kompromëss gemaach, Ech wëll dat nach eng Kéier hei soen, fir datt dat ganz kloer ass. Et war esou, datt déi Leit, déi Manifestatiounen hei op der Plaz maachen, am léifsten nëmmen en Zelt dohinner gesat hätten, mat esou mann wéi méiglech ronderëm fir datt een och gutt bäikënnt. Well de Problem zum Beispill mat deem Podium ass deen – well scho verschidde Saachen do stinn – datt net genuch Plaz do ass. A wa mer nach Beem setzen, da gëtt et nach méi kleng an da gëtt et nach méi schwiereg, fir do Festivitéiten ze maachen ouni groussen Opwand.

Wat mir gemaach hunn, dat ass awer korrekt. Déi eng an déi aner Säit hu mer all d'Beem gehalen, esou datt d'Gemeng elo an engem „écran de verdure" läit. A virdru kann een net ganz vill maachen. Et kéint ee Beem dohinnersetzen, déi ee ka réckele wann eng Manifestatioun op der Plaz ass. Dat wier eng Iddi. Da setze mer d'Bänken net dohinner, mä Beem. Ech wëll einfach domadder soen, datt et vill Meenunge gëtt. Ech verstinn är Iwwerleeung, mä ech fannen awer, datt mer d'Plaz awer net verbetonéiert hunn. Mir hunn se net méi verbetonéiert wéi virdrun. Mir hu just dat Bushaische geréckelt an et kënnt elo en neie Pavillon dohinner. A laanscht déi ganz Strooss hu mer nach déi Blummebacke gesat. Dat gëtt jo alles voller Gréngs. An do gëtt sech schonn erëm opgereegt, datt déi ze grouss wieren, well een dann net gutt en Zelt kéint op der Plaz opriichten, asw.

Ech mengen, mir hunn e gudde Kompromëss do gemaach. Ech mengen, datt d'Plaz flott ass an datt se ka benotzt gi fir anstänneg Festivitéiten ze maachen. A si ass och representativ fir eis Bierger. Mir mussen eis nach eppes afale loosse mat de Bänken an dat gesi mer dann am Schäfferot, wat mer do dann decidéieren.

Mat den „passages à piétons" sinn ech och frou, datt dat elo endlech soll iwwer d'Bün goen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir hutt nach eng Kéier dee „coup de poing" ernimmt an ech hunn nach eng Kéier driwwer nogeduecht. Mir hate schonn eng Kéier bei de Schoulen esou Flyeren ausgedeelt an do ass et och haaptsächlech deemools ëm d'Sécherheet an den Trafic bei de Schoule gaangen. Wou mer deemools d'Elteren opgefuerdert hu fir mat den Autoen opzepassen an de Parking ze benotzen. Ech ka mer ganz gutt denken, datt déi 5.000 € nach eng Kéier dofir geduecht sinn. Mä, wéi gesot, e Freideg bréngen ech iech déi definitiv Äntwert do drop.

Da gitt der nach op d'Isolatiounsaarbechte vum Stadhaus an. Do hu mer 50.000 € virgesinn an déi Isolatioun ass och néideg. Dir fuerdert och nach emol, datt mer op de Kierchen an op deenen anere Gemengebauten och nach sollen Isolatiounsaarbechte maachen. Op deenen neie Baute maache mer et jo souwisou, dat ass jo schonn ëmmer mat ageplangt. Op deene méi eelere Baute muss een natierlech kucken, wéi Machbarkeet ass. Net datt, wann een do op den Daach klëmmt an do werkele geet, een heiansdo méi Schued um Daach mécht wéi dat wat een duerno dobäi erauszitt. Dat ass ëmmer ganz geféierlech. Och un eise Kierchen, déi jo net esou isoléiert sinn, do muss een emol kucken. Et ass jo och net esou geduecht, datt eng Kierch deementspriechend soll isoléiert sinn. Natierlech, wann ee seet, mir maachen eng Isolatioun drop oder mir maachen eng Fotovoltaik drop, esou ass dat jo nach ëmmer ugeduecht. Mä wéi gesot, et muss ee kucken, ob et machbar ass. Dat kann ee jo dann emol an deenen nächste Jore kontrolléieren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Den Info-Punkt myenergy. Do gi reegelméisseg Informatiounsversammlunge gemaach mat leider relativ wéineg Zoulaf. Ech war zweemol selwer an esou enger Versammlung an et war e bëssen en Trauerspill. Ech muss awer soen, datt elo vu Januar bis November um Energy-Info-Point Péiteng/Déifferdeng 33 Stéit vu Péiteng a 36 Stéit vun Déifferdeng e Rendez-vous geholl hu fir eng Berodung ze kréien. Dat fannen ech awer net esou schlecht.

Zum Projet „Shime" hu mer scho geschwat.

Beim Letzshop setze mer de Montant vun 20.000 € op Null. Et muss ee soen, datt normalerweis fir d'nächst Joer 30.000 € virgesi gewiescht wieren, well si fir pro Awunner vun 1 € op 1,5 € eropgaange sinn. Leider war et esou, datt och just ee Geschäft hei zu Péiteng matgemaach huet an datt mer dann déi 30.000 € net méi onbedéngt an der Relatioun fannen.

„Green events", selbstverständlech sollen d'Veräiner dovunner profitéieren. Wéi gesot, vill maachen der et nach net, mä et ass awer scho lukrativ, wéi der hei ernimmt.

Beim Klimapakt hu mer u sech déi Sue virgesi fir de Klimapakt 2.0. Mir wäerte mat eisem neie Klimateam och nei Objektiver festhalen an da kucke mer, wéi mer dat hikréien. Beim Klimapakt musse mer och wëssen, datt mer déi Sue just

kënnen huele fir Publikatiounen ze maache fir dovunner ze profitéieren. Ech mengen, datt mer do awer esou kéinten auskommen. An ech erwaarde mer einfach och relativ vill vun deem neie Klimateam. Och wann ech elo kucken, déi zwee jonk Leit, déi mer do als Klimaberoder hunn, datt mer mat hinne weiderkommen.

Bei de Subventioune fir Véloen hu mer am Schäfferot schonn driwwer geschwat. Dat ass virgesinn a mir sinn am Gaangen dat auszeschaffen, well et eis och logesch schéngt fir en normale Vëlo u sech eng Subventioun ze ginn.

146.900 € hu mer fir den Ënnerhalt vun de Morguen op de Kierfechter virgesinn. Et ass net esou, datt do eppes Spezifesches virgesinn ass. De Programm rechent, wat mer an deene leschte Jore fir Personalkäschte gebraucht hunn, an dee Chiffer aus ausgerechent ginn op deem, wat mer zanter 2017 all Joer gebraucht hunn. D'lescht Joer hate mer 135.000 € am Budget drastoen, am Rectifié hu mer nach just déi 70.926 € drop, esou datt mer mat der Käschtenerhéijung a mam Index op déi 146.900 € kommen.

Effektiv si punktuell Problemer mat den Audioanlagen um Kierfecht. Ech muss awer soen, datt déi Anlage relativ dezent sinn. A well déi och all Wieder ausgesat sinn, sinn heiansdo Adaptatiounen ze maachen. A wann dann eppes um Kierfecht ass, ass dat relativ ongléckelech. Et soll net virkommen, mä leider kënnt et heiansdo vir. Et ass net virgesi fir déi ze ersetzen, mä éischter punktuell z kucken, datt se fonctionéieren. Oft hänkt et net u vill a wéi gesot sinn se relativ dezent.

Op der Säit 236 schwätzt der vun der Renaturéierung vun der Kor. Ech ginn dovunner aus, datt der vun der Befestegung vum Ufer vun der Kor wëllt schwätzen. Dorobber sinn ech och scho virdrun agaangen.

Och op d'Sozialwunnenge si mer schonn agaangen.

D'Mobilitéitskonzept gëtt ofgeschloss. Mir hunn dat awer zesumme mam ORT a mat Esch2022 ausgeschafft, mat engem Büro zesummen, an do ass de Foussgängerkonzept an de Vëloskonzept virgesinn.

Mat deenen 165.000 € ass virgesinn, datt mer an eiser Gemeng op Haaptplazen 124 Wegweiser – wéi der se och aus anere Gemenge kennt – opriichten. Esou weise mer zum Beispill hei bei der Gemeng d'Gare, Rousen, d'Kierch, asw, un. Et muss ee wëssen, datt eis Gemeng relativ grouss ass an dofir hu mer 124 där Wegweiser virgesinn, déi awer haaptsächlech op Plaze kommen, wou scho Schëlter sinn a se just brauchen dobäigehaangen ze ginn.

Déi 500.000 € soll eng lescht Tranche sinn. Do sinn nach Rechnungen, déi opstinn an déi musse bezuelt gi mat deene Suen an dann hoffe mer och, datt mer de Gemengenatelier kënnen 2022 dekontéieren. Dir schwätzt hei vun enger „Porte ouverte" fir d'Noperen. Ech soen do ganz kloer, fir wat mer dat de Moment net maachen. Et muss een natierlech elo kucken, wéi d'Ëmstänn ëmmer waren. Mir si jo och elo eréischt just fäerdeg. Ech mengen awer, datt mer – wéi de Buergermeeschter gesot huet – solle jidderengem d'Chance gi fir definitiv ze plënneren an da kann een dat dote roueg eng Kéier envisagéieren.

Op d'Foussgängerweeër si mer schonn drop agaangen.

Bei der Pabeiersammlung sinn d'lescht Joer déi Rodange/Rollenger Scouten un eis erugetrueden, datt si dat net méi kënne bewältegen an där Tâche net méi kënnen nokommen. Wat och ze gesi war, well se bis owes spéit ëmmer ënnerwee waren. An do hu mer gekuckt, fir mat hinnen zesummen e Wee ze fannen. Et muss een och verschidde Saache kucken. Et geet net duer, datt een einfach an der Theorie Saachen huet an et kéint een hinne Gefierer vun der Gemeng zur Verfügung stellen. Wat se awer dobäi vergiess hunn, datt een do muss speziell Führerschäiner hunn. An dat ass net opgaangen, esou datt se u sech drop renoncéiert hunn. Mir kucken awer, ob mer net kënne mat hinnen en anere Projet ausschaffen, well dat doten eng historesch Saach war, déi gewuess war, an eng vun hiren Haaptrecettë war. Et muss ee kucken, wéi mer an de Gespréicher mat hinne weiderkommen.

Zu Péiteng ass d'Situatioun e bëssen anescht. Och déi Péitenger Scoute souzen zesumme mat eis um Dësch. Si hunn eis gesot, datt se dat fir de Moment nach anstandslos hikréien an doduerch wäert hei zu Péiteng d'Pabeier-sammlung duerch déi Péitenger Scoute stattfannen.

Mat de Spillwise fir d'Hënn gesinn ech éischter, datt mer op deene Plaze wou mer dat vläicht kéinte maachen, e klenge Park fir d'Leit maachen. Et muss ee soen, datt mer 2 grouss Terrainen hunn, wou d'Leit mat hiren Hënn kënnen higoen. Dat ass een zu Rolleng an een zu Péiteng. Esou datt ech éischter gesinn, datt se dovunner solle profitéiere fir mat hiren Hënn dohinner ze goen.

Mat de Gäert si mer och am Gaangen e Projet mat der Ëmweltkommissioun a mam CTF ze plangen. Bei den CTFen ass et esou, datt si eis dobäi hëllefen. Si hunn nach Gäert fräi, mä den Usproch ass och net méi esou grouss, wat schued ass. Déi Projete sinn awer duerch d'Pandemie leider un stocke komm. Mir wäerten awer probéiere fir weiderzekommen an esou Saachen och an eisen Uertschafte selwer kënnen ze realiséieren.

Dir schwätzt eng Mediatrice un. Mir hunn eis och Gedanken doriwwer gemaach. Mir sinn och mat engem Projet um Wee. Mir hate Gespréicher mat Leit fir dat ze maachen. Mir hunn do eng éischt Bestandsopnam gemaach a mir wäerten och op dee Wee goen. Fir d'éischt an enger softer Form an da kucken, wéi den Uklang ass. An da wäerte mer dat och duerno an enger méi grousser Form wëlle maachen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech soen dem Schäfferot Merci fir d'Äntwerten, déi net alleguerten esou zefriddestellend sinn. Virun allem mat der Plaz hi virun der Gemeng, wou mer da froe fir Beem mat Krounen ze kréie fir Schied ze maachen. Do krute mer dann als Äntwert, datt Backe mat Blumme géife ronderëm gestallt ginn. Déi maachen awer net genuch Schied.

Mat all deenen anere Saache kann ech averstane sinn. Wat de Romain Mertzig geäntwert huet iwwer d'Sozialwunnengen an de Buergermeeschter iwwer d'Acquisitioun fir bi Klimakatastrophen, ass alles verständlech gewiescht.

Dat eenzegt, wou mer net esou direkt kënnen domadder averstane sinn a wou dir och net drop agaange sidd, dat ass, datt d'Gemeng Péiteng nach ëmmer keng Fairetrade-Gemeng ass. Eppes wat mer scho säit 20 Joer, vun do u wou et Fairetrade gëtt, hei froen.

An dann. Wéi gesot, mat de Beem ronderëm déi grouss Plaz heibaussen, vermësse mer, ma dann ass et esou.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et ass schonn a viregte Sëtzungen, wou de Fairetrade ugeschwat ginn ass, an do ware mer schonn drop agaangen. Et si fir eis als Gemeng nach Saachen, déi nach ze vill onkloer sinn. An den Haaptproblem ass, datt mir da verschidde Fournisseure carrement imposéiert kréien a mir alles musse bei deene bestellen. An dat stellt sech awer als Problem eraus.

**Welter Christian (Piratepartei):**

Deen heite Budget ass elo dee véierte mat deem ech mech hei an der Gemeng als Conseiller ka befaassen an en ass och – ewéi d'lescht Joren – ganz detailléiert opgestallt. Et muss ee vill Gedold a Konzentratioun opbrénge fir sech duerch alles ze liesen.

Merci un de Schäfferot an un d'Gemengenaarbechter fir d'Ausschaffe vun deem Dokument.

Ech wëll op där heite Plaz nach eng Kéier umierken, datt een och an der Oppositioun seng Verantwortung iwwerhëlt wann een de Budget matdréit. Deemno ass eng Zoustëmmung vu menger Säit och als ganz vill Vertrauen an de Schäfferot ze bewäerten.

Ech wäert hei a menger Interventioun op e puer Punkten agoen, déi ech besonnesch gutt fannen an dofir nach eng Kéier ervirhiewe wëll, ma awer och op anerer, wou mir perséinlech Verbesserungsvirschléi hunn. Dat Ganzt natierlech wéi ëmmer op eng konstruktiv Manéier.

Leider steet och dëst Joer genee ewéi dat Joer virdrun eis Gesellschaft nach ëmmer virun der Erausfuerderung, déi elo schonn zënter gläicht zwee Joer unhält: der Bekämpfung vum Coronavirus, deen, ewéi et schéngt, komm ass fir ze bleiwen. Dofir schwätze mir eis och ganz kloer fir d'Subsiden, déi mir als Gemeng eise Veräiner zur Verfügung stellen, aus.

Da wëll ech gären eppes zum Thema Tanktourismus soe well Péiteng nach ëmmer eng signifikant Zuel u Camionen huet, déi extra Ëmweeër maache fir hei op Rodange tanken ze kommen. Dat bréngt vläicht Sue fir d'Gewerbesteier, ma sécher keng Liewensqualitéit fir eis Uertschaft an et verschmotzt eis Ëmwelt. Ech mengen, wann een d'Gesamtkäschten an den Ëmweltschued souwéi de Verkéier an d'Benotzung vun eise Stroosse kuckt, da gi méi Sue verluer ewéi gewonnen. All Euro, wou haut ëmweltschiedlech verdéngt ginn ass, muss duerno mat 100 € reparéiert ginn, esou „Climate Action Tracker" an hirem Bilan. Dat ass et fir eis net wäert. Dofir sti mir Pirate kloer fir den Exit aus dem Tanktourismus, a mir als Gemeng, wou esou vill Tankstellen huet, missten elo schonn ufänke fir déi Géigend onattraktiv fir esou vill Verkéier ze maachen.

Dofir och eis Propose fir eng Verbesserung op der Fonderie, wou mir d'Petrolière mat zur Verantwortung zéien. Déi Motioun gouf leider hei virun 2 Joer ofgewisen.

Méi flott wier et fir eis, wa mer do op aner nohalteg Geschäfter ewéi Tankstelle géife setzen. Z.B. an Infrastrukturen ewéi Schnellluedestatiounen, Butteker ouni Verpackungsmüll a lokal Handwierksbetriber, well grad där feelen hei am Land eng ganz Rëtsch.

Zum Klimapakt. 2021 hu mir 235.000 € vum Staat kritt an 2022 idem. Am Klimapakt 2.0 ginn d'Zommen elo awer erhéicht. Wäerte mir hei op eng besser Kategorie ofzielen? Mir kéinten hei fir 2022 ronn 450.000 € kréien, also d'Zomm verduebelen.

Bei der Recette vun der Taxe fir de Müll läit d'„Partie fixe" bei 2,2 Milliounen € an déi variabel bei 625.000 €. Dee Ratio misst een eiser Meenung no ännere fir méi engem „pollueur-payeur"-System nozekommen.

Beim Ofwaasser, zum Beispill, gefält eis dat scho besser. Do läit d'„Partie fixe" bei 830.000 € an déi variabel bei 3,2 Milliounen €. Beim Waasser läit den „taux fixe" bei 892.000 € an dee variable bei 2,8 Milliounen €. Dofir géinge mir begréisse wann dat beim Müll och méi an déi „pollueur-payeur" Richtung géif goen.

Elo no all deene genannte Punkte fält vläicht op, datt fir eis ass a punkto Ëmweltschutz d'Investitiounsstrategie vun der Gemeng einfach net koherent genuch ass. Ech hunn elo e puer Verbesserungsvirschléi genannt, a mir wäerten natierlech och an Zukunft bei den Ofstëmmunge sécher kenge Projeten am Wee stoen, wou eis Ëmweltbilanz verbessere wäerten.

Des Weidere wëll ech nach eng Kéier umierken, datt mir déi 45.000 € Recettë vun der Hondssteier net gutt fannen. Och wann et „just " e symbolesche Präis ass, esou steet déi Tax dofir, datt mer déi Leit, déi sech dofir entscheeden, engem Hond e schéint Liewen ze bidden, nach zousätzlech bestrofen.

Datt mir mat der Juegd an där Form wéi se elo am Moment stattfënnt net averstane si wësst dir sécherlech och mëttlerweil. Mir Pirate géingen alles dru setze fir d'Klappjuegd ze verbidden op dem Terrain vun der Gemeng Péiteng.

Déi héich Investissementer an eis Educatioun an an d'Jugendhaiser begréisse mir natierlech. Eis feelt et awer nach u „Streetworker", well grad elo wärend dem Corona brauche vill Jonker eng zousätzlech Stäip. Sport ass wichteg, ma bei verschidde Jonker geet en als Inclusiounsfaktor einfach net duer. Mir waarden och nach ëmmer op e Plang fir e Jugendhaus zu Rodange. Wéi d'lescht Joer scho gesot, ass do dat aalt Paschtoueschhaus net eng Optioun?

Do wëlle mer och just drun umierken an drun erënneren, datt beim Bau vun all eisen Infrastrukturen ëmmer muss mat abezu ginn, datt se och zougänglech si fir Persoune mat enger Behënnerung.

Beim „Repas sur roues" ass eis och opgefall, datt um Site vun der Gemeng net ernimmt gëtt, ob do d'Iesse regional a Bio ass oder net, a mir fannen do och, datt de Präis zimmlech no un deem vun engem „Menu du jour" an engem Restaurant erukënnt. Mir géifen do eng Erofsetzung vum Präis begréissen, op d'mannst fir Persounen, déi scho keng héich Rent hunn. Ech notzen déi Geleeënheet hei dann och nach fir eng Kéier unzemierken, datt generell d'Iessqualitéit an eisen Infrastrukture Verbesserungspotential huet an un engem Konzept fir manner Iessverschwendung misst geschafft ginn.

Planzlech baséiert Alternativen dierfen natierlech och net vergiess ginn, well ëmmer méi Persounen sech géint Produkter aus der Déierenindustrie entscheeden.

Dann huet den Här Halsdorf bei senger Opléschtung, wéivill Prozent Männer a Fraen hei fir d'Gemeng schaffen, nach den Ureiz ginn, eng kleng Bemierkung ze maachen. Verstitt mech elo net falsch, et ass absolut net meng Absicht, eppes ze ënnerstellen. Ech hoffe just, datt an den nächste Joren och Leit an där Statistik opdauchen, déi kengem bipolare Geschlecht ugehéieren.

Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wëll just op den Tanktourismus agoen. Ech mengen, mir hunn eng éischt Aktioun 2017 gestart, wéi mer eigentlech all Tankstellen um Site vun der Gemeng Péiteng verbueden hunn. Déi eenzeg déi do sinn, dat sinn déi, déi de Moment am Zentrum sinn an déi eenzeg, déi nach erlaabt sinn, dat sinn déi op der RN 5, hanne bei der franséischer Grenz.

Et kann een natierlech nach e Schratt méi wäit goen an och dat a Fro stellen an et kann een dat an enger nächster Modification générale vum PAG komplett verbidden. Et verhënnert awer net – an dat ass bei all PAG esou – datt déi Betriber, déi do sinn, do bleiwen. Well hei am Zentrum vu Péiteng, op der Athuser Strooss, do sinn Tankstellen, a wann déi eng Kéier fortkommen, da kënnt keng nei méi dohinner. Mä esoulaang se do sinn, kënnen se och net vergréisseren. Dat geet och net. Mä esoulaang wéi se do sinn, bleiwen déi.

Et sief dann, mir géifen hinnen als Gemeng eng Alternativ bidden op eisem Territoire a wou mer soen, datt se sech do kënnen installéieren. Dat wäert awer net esou einfach sinn, well wann ech iech richteg verstinn, der néierens méi Tankstelle wëllt.

Mir wëssen awer och, datt mer och Leit hunn, déi tanke musse goen. An ech sinn an der leschter Zäit méi dacks op Rodange gefuer an ech stellen awer fest, datt d'Zuel vun deene Camionen awer wesentlech zeréckgaangen ass. Net well mir dat iergendwéi schlecht geriet hunn, mä einfach well de Präis ronderëm eigentlech en Ëmwee iwwer Péiteng ëmmer manner attraktiv mécht. An ech géif och mengen, et ass kaum méi een, deen duerch Péiteng fir just fir ze tanken. Déi meescht fueren hei duerch, a well et awer nach e bësse méi bëlleg ass wéi hannendrun, tanken se hei. Mä d'Camione géifen awer nach ëmmer iwwer d'RN 5, respektiv iwwer de Boulevard de l'Europe fueren. Dat géife mer warscheinlech net geännert kréien. Do misst ee schonn national iergendwéi eppes maachen. An do si jo eng Rei Iddien, déi um Dësch leien, wéi zum Beispill datt méi iwwer d'Eisebunn géif lafen. An do droe mer dann och erëm dozou bäi, datt mer op der anerer Säit zu Rodange déi nei Gare kréien an eis och virstelle kënnen an eise Prinzipienaccord ginn hunn, fir wann déi nei Ramme komme vun den CFL, déi och eventuell wachten hannen op der Fonderie.

Dat sinn éischt Schrëtt, déi mer ginn, mä fir elo vun haut op muer ze mengen, datt mer d'Tankstellen op der Grenz ewechkréien, ass utopesch. Mir sollen drop hischaffen an déi éischt Etapp si gemaach ginn um Niveau vum PAG 2017. An all 6 bis 7 Joer soll dee PAG erëm nei op de Leescht geholl ginn an da soll dee Moment gekuckt ginn, ob mer an déi Richtung weiderfueren an op de Wonsch do ass fir an déi Richtung weiderzefueren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech ka komplementar zu deem soe wat de Buergermeeschter gesot huet, datt mer effektiv semestriell Chiffere gewise kréien an der Budgetskommissioun an an der Kontrollkommissioun vun der Chamber, wéi d'Recettë sinn. An d'Recettë vum Tanktourismus gi massiv zeréck, esou datt sech dat warscheinlech vum selwe reegele wäert.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir begréisst déi héich Investissementer an der Educatioun an an de Jugendhaiser. Et ass och positiv, och fir d'Gemeng, well mir denke jo och un eis Jugend an eis Kanner an de Schoulen. Dir schreift awer, datt et nach ëmmer un engem Streetworker feelt. Wann der gutt opgepasst hutt, dann hu mer d'leschtJoer schonn am Januar de Streetworker gefrot an op der leschter Plattform, déi mer haten, hu mer vum Ministère gesot kritt, datt mer nach misste bis den Dezember waarden. Mir sinn elo Dezember. Mir hoffen, datt mer elo praktesch no engem Joer Waardezäit endlech gréng Luucht kréie fir deen neie Streetworker, dee mer scho méi laang froen, och endlech kënnen anzestellen.

Da waart der nach ëmmer op e Plang fir e Jugendhaus. Do hunn ech mech jo schonn ausgedréckt, datt dat och fir mech eng Optioun ass fir en neit Jugendhaus op Rodange ze bauen. Wéi gesot, do musse mer eis dann am nächste 5-Joresplang Gedanke maachen, wou, wat a wéi dat sollt a kéint ausgesinn.

Da schreift der nach, datt an eisen Infrastrukture Verbesserungspotential an der Iessqualitéit wier. Ech wëll awer drop hiweisen, datt mer haaptsächlech bei eis an de Maisons Relaisen – wann et nëmme méiglech ass – regional gekacht kréien. Wann ee fir 600 Kanner muss kachen, dann ass dat awer net ëmmer esou einfach fir ze soen, mir kache regional. Well wann der da bei eis Leit hei ronderëm gitt, déi eis kéinte beliwweren, da si ganz oft déi grouss Liwwerungen net méiglech. Esou datt mer awer e wéineg iwwer d'Regioun ewech musse goen. Reegelméisseg hu mer awer och Bio-Produiten, déi bei eis op den Dësch kommen. Dat kënnt ëmmer méi reegelméisseg. Et ass vläicht awer net ëmmer de Goût vun de Kanner, fir se mussen un dat erunzebrénge wat net aus der Dous ass. Mä et ass awer derwäert fir de Kanner dat ze bidden.

Verbesserungspotential ass ëmmer do, mä mir sinn awer ganz gutt opgestallt fir de Kanner mat deene Mëttelen, déi mer hunn, dat ze bidde wat se brauche fir gutt erwuesse Mënschen a Leit ze ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dir schwätzt Butteker ouni Verpackungsmüll a lokal Handwierksbetriber un. Ech sinn zu 100% mat iech averstanen. Ech wier esouguer frou, wa mer esou eppes hei hätten. Et wier nëmme begréissenswäert. Mä et muss een natierlech och déi Geschäftsleit fannen, déi drun interesséiert si fir esou eppes ze maachen. Ech mengen, datt mer als Gemeng wierklech Abnehmer wieren, wa mer esou Geschäfter an eis Gemeng géinge kréien.

Beim Klimapakt wäerte mer op eng besser Kategorie ofzilen. Selbstverständlech muss dat d'Zil sinn, wat awer net einfach ass, well mer duerch d'Industrie nach ëmmer e grousse Pollueur hei hunn. An dat deet eis och ëmmer enorm wéi am Klimapakt, am negative Sënn. Mä wéi gesot, d'Zil muss natierlech si fir nach eng besser Kategorie oder eng aner Kategorie ze kréien.

D'Taxe vum Müll si käschtendeckend. Si sollen dat och sinn. Wéi gesot, do si mer nach net esouwäit, datt mer de Pollueur-Payeur-System kënnen nokommen. Ech sinn awer frou, datt der eis ënnerstëtzt fir d'Ëmweltbilanz kënnen ze verbesseren.

Beim Repas sur roues schléissen ech mech der Madamm Conter hir Wierder un, well mer och an där Kiche fir eise Repas sur roues kachen, an dat mat Bio-Produiten. Et muss een awer ëmmer wëssen, datt e Restaurant vläicht manner Personalkäschten huet. Mir hu Ween lafen, déi och musse finanzéiert ginn, mat Personal. Et muss een nämlech wëssen, datt mer do och gebonne sinn an datt mer de Repas sur roues mussen an enger gewëssener Zäittranche ausliwweren, soss geet dat net. Well och do geet et net, datt déi eng hiert Iessen um 10.30 Auer kréien an déi aner eréischt um 14.30 Auer. An dofir ass dat relativ opwenneg. Wéi gesot, mir leie scho beim Menü wäit ënnert dem Präis a fir deen nach erofzesetze wäert och an Zukunft eng Saach vun der Onméiglechkeet sinn. Et muss ee wëssen, datt wann een de Leit Bio-Produite proposéiert, datt déi Produite leider och e Stéck méi deier sinn. Hoffe mer, datt dat och eng Kéier anescht gëtt. Et ass awer positiv, datt awer och beim Repas sur roues esougutt wéi méiglech mat Bio-Produite geschafft gëtt.

Wat d'Iessqualitéit ugeet, esou kann een doriwwer ëmmer diskutéieren. Mir kréien awer net vill Reklamatiounen eran. Ma et kann een ëmmer driwwer diskutéieren. Deem enge schmaacht emol eppes besser oder net. Et ka sinn, datt emol déi eng oder aner Reklamatioun wäert kommen, ma ech mengen awer net, datt dat Iwwerhand hëlt.

Och fir manner Iessensverschwendung hu mer eng Charta, déi virgesäit, datt mer mat der Iessensverschwendung sollen oppassen a wou mer eis och drun halen.

**Birtz Gaby (LSAP):**

Als éischt wëll ech déi gutt Finanzpolitik aus de leschte Joren ervirhiewen, déi dozougefouert huet, datt eis Gemeng haut esou gutt do steet.

Wat eis Wunnengsbaupolitik ubelaangt, esou ass an der leschter Period de Lotissement „An Atzengen“ praktesch fäerdeggestallt ginn, dat mat erschwéngleche Wunnengen an Appartementer, an dat an Zesummenaarbecht vun der Gemeng an der SNHBM. Dëst war e Projet, dee groussen Erfolleg ze verbuchen hat a wou dëst Joer déi lescht Haiser bewunnt ginn.

Awer och am neie Budget ass kee Stëllstand virgesinn. An och wann déi Envergure net grad esou grouss ass, gëtt awer weiderhin op erschwéngleche Wunnraum gesat an d'Gemeng baut mam Projet „Neiwiss II“ e méi klengt Lotissement mat Haiser fir Familljen, an dëst ouni drun ze verdéngen oder Profit drop ze maachen.

Nieft dem Wunnengsraum soll a muss awer och onbedéngt d'Offer u Maisons Relaisen a Schoule parallel dozou weidergefouert ginn. An dësem Sënn gëtt an der neier Budgetsperiod e grousse Projet zu Rodange ugaangen, wou ë.a. d’Schoul Am Paesch vergréissert gëtt, an eng Sportshal esou wéi eng Maison Relais derbäi kënnt.

An deem Sënn ass och fir Lamadelaine 2022 e grousse Projet am Budget virgesinn, an dat mat der Maison Relais, der Spillschoul an dem Précoce, déi zesumme solle verbonne ginn. Deen éischte Projet, deen eis Gemeng an déi Richtung baut.

An zu Péiteng soll och eng zousätzlech Maison Relais entstoen, a mir hoffen an den Delaie kënnen ze bleiwen. Well wéi mir jo all wëssen, ass d'Waardeléscht fir Kanner, déi op eng Plaz an enger Maison Relais waarden, net grad kleng.

E weidere grousse Projet mat bedeitendem Budget, dee mir schonn d'lescht Joer ugaange sinn, ass dee vun eiser neier Museksschoul zu Péiteng. Deen ass sécherlech net vu Muttwëll, well och hei eng grouss Demande ass fir bei eis spillen ze kommen.

Erschwéierend kënnt bei all dëse Bauprojeten derbäi, datt den Akafspräis vun de Rohstoffer méi héich ginn ass, d'Waardezäiten sech dramatesch verlängert hunn, an dofir muss hei no Léisunge gesicht gi fir datt eventuell Verspéidungen net nach méi laang ginn.

Bei enger Gemeng, déi lafend wiisst, däerf een d'Astellung vu Personal awer och net vergiessen, an dëst ass aus der Presentatioun och gutt ervirgaangen. Och hei muss de Budget 2022 deem Rechnung droen, datt duerch d'Neiastellungen an den Index d'Personalkäschte kräfteg geklomme sinn an domat ugepasst musse ginn.

Ebenfalls ze begréissen ass, datt eise Fuerpark stänneg „à jour“ gehale gëtt an datt och weiderhi grouss Gefierer (wéi ë.a. Dreckswon, Camione mat Hebebühnen a Camionnetten, etc.) bestallt ginn an soumat den „Outsourcing“ vun deene Posten ënnerbonne gëtt.

Um Erscheinungsbild vun der Gemeng gëtt och dauernd weider geschafft an deemno ass am Joer 2022 och e Posten am Budget virgesinn, sief dat am Kader vun Esch2022 oder der neier Campagne „Péiteng an Du“. An dësem Zesummenhang ass ze bemierken, datt déi Campagnen och eise Geschäftsleit nach emol kéinten zegutt kommen, déi iwwer de Wee vu Videoreportagen, déi op deene verschiddene Mediekanäl vun der Gemeng ausgestraalt ginn, sech selwer schonn emol konnte virstellen.

Um soziale Plang, wat de soziale Wunnengsbau, d'Astelle vu Leit, déi am Chômage sinn, an den Office social ugeet, ass d'Gemeng och gutt opgestallt. Do soll een ëmmer drun denken, datt an dëse Beräicher op kee Fall soll gespuert ginn, well mir all kënnen emol séier eng Kéier an esou mësslech Lag geroden. A wéi d'Pandemie déi lescht 2 Joer däitlech gewisen huet, kann dat dacks méi séier goen ewéi een sech dat virstellt.

Alles an allem kann ee soen, datt dee leschte Budget gutt geréiert ginn ass an deen neien, deen elo an de Startlächer steet, och allem Rechnung dréit.

Ier ech awer zum Schluss komme wollt ech nach eemol nofroen, wéi mir opgestallt si fir déi Méikäschten, déi vun de Rohstoffer vun eise Schantercher wäerten op eis duerkommen, ze stemmen, well mir jo ganz vill grouss Projeten um Lafen hunn. A wann do sollt eng Erhéijung vu bal 30% op eis duerkommen, da ginn dat jo sécherlech enorm Zommen. Kënne mir an deem Fall op eis Reserven zeréckgräifen, a ginn déi duer?

Des Weidere wollt ech nofroen – ewéi d'Madamm Bouché scho gefrot huet – ob scho gekläert ass, wann am September d'Iessen an de Maisons Relaise soll gratis ginn, wien déi Méikäschten dréit, ob déi um Staat hänke bleiwen, deen déi Entscheedung geholl huet oder un de Gemengen, an ob een do scho kann ofgesinn, wéi dat de Budget ab da géing belaaschten. Dorop hate mir jo scho virdrun eng Äntwert kritt, an ech soe Merci fir déi.

An ofschléissend wollt ech betounen, datt et mech als Presidentin vun der Kommissioun fir déi lokal Geschäftswelt gefreet huet, datt ë.a. am Kader vun Esch2022 an der Campagne „Péiteng an Du“ e Budget virgesinn ass fir d'Gemeng méi bekannt ze maachen. An ech wollt emol froen, ob do vläicht och virgesinn ass, eis lokal Geschäfter an déi Aktioune mat anzebannen an esou déi lokal Geschäftswelt ze férderen an z'ënnerstëtzen?

Ech soen deene Leit Merci, déi un dësem Budget dru geschafft hunn an och Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech géif alles ënnerschreiwen, wat d’Madamm Birtz elo hei gesot huet. Dir frot, wann elo alles méi dier gëtt, wou mer dann do stinn. Ech ka soen, datt mer schonn eng Rei Haussen an eisem Budget 2022 mat dran hunn. Mir kréie jo och elo déi Haussen am nächste Gemengerot zum Deel nach presentéiert. Mir haten se och schonn am leschte Gemengerot zum Deel presentéiert. Mir wëssen net genee, wou et higeet. Ech géi mengen, datt et kéint erausgoen. Mä wann et net géif erausgoen – well mer jo, wéi ech virdru gesot hunn, kee Spuerveräin sinn – da misste mer d’nächst Joer op en Emprunt zeréckgräife fir d’Projete kënne virunzedreiwen. Mä dat gesi mer d’nächst Joer. Esou wéi et elo ausgesäit, wann et net nach méi knëppeldéck kënnt wéi et elo scho komm ass, da kéinte mer d’Enner nach bis un d’Enn vun dëser Mandatsperiod zesummebehalen. An da sinn d’Reserven awer all opgebraucht an da misst een no den nächste Wale kucken, wéi et weidergeet. De Spillraum ass do, fir en Emprunt ze maachen an da gi mer och eens. An ech mengen, do léisst sech och an d‘Zukunft plangen an och fir déi nächst Period gréisser Projete plangen am Intressi vun eise Biergerinnen a Bierger.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Déi Campagne „Péiteng an Du“ ass am Fong eng Iddi, déi eis soll hëllefen, éischtens datt eis Gemeng nach besser ka kommunikéieren. All déi Plattformen, déi mer an der Gemenbg hunn, solle vernetzt ginn. An automatesch ass dat e Konzept. Wann déi all vernetzt ginn, da sinn déi Geschäfter och an enger Form iergendwéi mat dran. Dat ass d’Grondiddi.

An déi aner Iddi ass déi, fir d’Erscheinungsbild ze verbesseren, respektiv eng besser Kommunikatioun ze maachen. An dat soll alles kommen. An dat ass och eng Erausfuerderung vum Service „Culture, communications et tourisme“. Mir mussen eis Gemeng wierklech besser verkafen

an och besser un d'Leit erukommen. D'Iddi vu „Péiteng an Du" ass déi, fir datt d'Leit et méi einfach fanne fir mat der Gemeng a Kontakt ze kommen. Datt dat keng kompliz éiert Weeër ginn. Haut ginn et vill Leit, déi net méi zu Fouss an d'Gemeng kommen, mä si versichen iwwert aner Medie mat eis ze kommunikéieren. A mir wëllen déi Plattforme verbesseren a méi no un d'Leit erukommen. Mir sinn eréischt am Ufanksstadium vun där Campagne, mä déi wäert awer a 6 Méint stoen.

**Agostino Maria (CSV):**

Nodeems ech och, grad esou ewéi mäi Parteikolleeg Patrick Remacle, dëst Joer an de Gemengerot geréckelt sinn, ass et fir mech haut och eng Éier fir meng alleréischt Budgetsried ze halen. Ech si keng Fra vu grousse Rieden, ma gesi léiwer konkret Resultater um Terrain. Ech kommen ëmmer gär direkt op de Punkt an dofir halen ech mech och kuerz an äussere mech zu deenen heiten 3 Themen: Wunnengspolitik, Sport an Drëtten Alter.

Déi streng a konsequent Budgetspolitik aus de leschten 20 Joer erlaabt eis, ouni Emprunt weider an d'Zukunft z'investéieren.

Ech stellen am extraordinäre Budget fest, datt eng Zomm vu 590.000 € virgesinn ass fir Sozialwunnengen zu Rolleng an zu Rodange ze schafen. D'Erweiderung vum Lotissement „Neiwiss II" soll am Fréijoer mat den Infrastrukturaarbechten ufänken. Mir sinn also um gudde Wee, ma wann een d'Waardelëscht vun eisem Office social kuckt, ass dëst eng Drëps um waarme Steen. Misste mir net vläicht als Gemeng mat deene Perspektiven déi eis de „Pacte Logement 2" gëtt, méi aggressiv ugoe fir am soziale Wunnengsbau z'investéieren? Misste mir net och vläicht elo scho mam Ministère du Logement Kontakt opbauen an d'Prozedure vum PAP ufroe fir de Site um Eucosider oder esouguer de Site vun de fréiere Gemengenatelieren op de Wee ze bréngen? Mir wësse jo, datt eng Prozedur PAP heiansdo bis 2 Joer dauere kann. Wier et net gutt, wa sämtlech Prozeduren ewéi PAP a Commodo/Incommodo elo schonn ugefrot géife ginn?

Mir wëssen, datt déi ëffentlech Hand net alles eleng ka maachen an datt déi privat Hand muss mathëllefen. Et ginn awer gutt Perspektiven a Resultater an aner Gemengen, déi dat scho gemaach hunn. Et ass also illusoresch, datt déi ëffentlech Hand eleng d'Problemer vun der Wunnengsnout léist. Dofir brauche mer och déi privat Investoren, an et ass um Gemengerot duerch de PAG an déi eenzel PAPen de Kader vum Wunnengsbau ze schafen. Esouwäit meng Bemierkungen zum Thema soziale Wunnengsbau.

Mäin Häerz läit awer och beim Sport, an do hätt ech dëst Uleies zu den Infrastrukturen a de Käschten, déi domat verbonne sinn. Nieft enger Rei flott Projeten, déi um Lafe sinn – Projeten, déi och zu engem groussen Deel eiser Jugend, a mä Fraktiounskolleeg Patrick Arendt geet duerno nach méi genee drop an, an och de Schoulen zegutt kommen,– stellen ech awer fest, datt déi vill Renovatioune vu sportlechen Infrastrukturen ewéi z.B. d'PiKo-Schwämm oder de QT vill Sue kaschten. D'Leit dobausse verstinn net, wisou esou vill Suen no knapp 10 bis 15 Joer mussen investéiert gi fir nees alles nei ze maachen. Et läit un engem schlechte Management, d'Gemenge kréie manner gutt Qualitéit a musse méi bezuelen. Wéi kënne mir eis besser ofséchere fir méi Garantië bei engem Neibau oder esouguer bei enger grousser Renovatioun ze hunn?

Bei der PiKo-Schwämm an der Rodanger Maison Relais sinn et z.B. Bauschied. Kéinte mir kee Projektmanager bei esou gréisser Projete konsequent asetze fir eng besser Qualitéit a präislech Virdeeler ze gesinn?

Laut Konventioun mat de Fussballveräiner ass all Sous-Locatioun verbueden. Wisou verlounen d'Fussballveräiner awer reegelméisseg d'Buvettë fir Privatfeieren an d'Gemeng däerf d'Heiz- an d'Elektrizitéitskäschte bezuelen? Firwat ginn dës Infrastrukturen, déi jo der Gemeng gehéieren, net direkt vun der Gemeng verlount an d'Taxe géifen d'Käschten ofdecken?

Op reng sportlechem Niveau begréissen ech, datt d'Gemeng vill Efforte mécht an hir Veräin zolidd ënnerstëtzt ewéi z.B. mat Veräinssubsiden, a virun allem de COVID-Subsid vun dësem a leschte Joer. Ass keen esou e COVID-Subsid virgesinn am Joer 2022?

Och sinn ech frou, datt d'Gemeng de Veräiner d'Méiglechkeet gëtt fir an de Lycée Mathias Adam trainéieren ze goe wéinst Plazmanktem an eise Sportinfrastrukturen, an dofir de Loyer iwwerhëlt.

Ofschléissend e puer Iwwerleeungen zum Drëtten Alter. Wéi och scho vum Roland Breyer gesot ginn ass, kéint d'Gemeng méi investéiere fir d'Seniore méi z'encadréieren z.B. och d'Offer vum P-Bus erweideren a méi Reklamm maache wat et alles gëtt fir den Drëtten Alter. Speziell fir d'Leit, déi eleng doheem sinn.

Fir de Club Senior bezuele mir eise Bäitrag vu 45.000 € d'Joer, ma mir verwalten näischt selwer. Och hunn ech gesinn, datt fir déi interkommunal Aktivitéite fir Senioren näischt méi am Budget 2022 virgesinn ass a wollt froen, wisou dat esou ass.

Zum Schluss wëll ech soen, datt vollst Vertrauen hunn an dëse Budget an dësen och natierlech matstëmme wäert. Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wollt op zwee Punkten agoen. Dat eent ass de Projet um Site Eucosider an d'Gemengenatelieren, wou och e Projet virgesinn ass. Do läit schonn e Plan directeur vir op deenen zwou Plazen.

Beim Eucosider si mir leider net de Leader vun deem Projet. Do ass de Ministère du Logement, deen de gréissten Deel vun deem Projet geréiert. Dofir hu mir hinnen de Lead ginn. Ech hunn awer uganks vun dësem Mount nach eng Kéier e Gespréich gefouert mat dem Direkter vun SNHBM. An do schéngt awer nach net onbedéngt en Enn vum Tunnel ze sinn.

Deen anere Projet ass e renge Gemengeprojet an do si mir eleng Meeschter. Wa mer elo emol alles op deem Site geraumt hunn – mir haten eis jo ee Joer ginn – an am Laf vum Fréijoer 2022 wäerte mer dee Projet fäerdeg hunn. Da musse mer de PAP lancéieren. An ech géif soen, datt mer dat och 2022 maachen. Mir hu jo och soen am Budget stoe fir PAPen. A wa mer dee PAP lancéieren, da musse mer och do Mesure fir d'Ëmwelt huelen. Do ass esou eng kleng Maischen, déi do leeft, an déi muss fir d'éischt delogéiert ginn ier mer kënne Leit dohinner logéiere goen. An dat ass déi éischt Etüd, déi mer musse maache fir ze kucken, wat mer mat deenen Déieren do kënne maachen. An dat wäert iergendwéi am Laf vum nächste Joer entaméiert ginn. Esou datt d'Iddi déi ass, fir am Laf vun 2022 oder Uganks 2023 de PAP op de Schinnen hunn. An da fänke mer un dat Ganzt ze lotisséieren.

D'Iddi ass och, datt mer musse kucken, datt eis Personal do ass fir dat ze maachen. D'nächst Joer wäerte mer eis Ingenieurin haaptsächlech op dem PAP Neiwiss II hunn. Do rechne mer mat 15 bis 18 Méint Bauphas. Esou datt mer – wann déi bis op de Schinne steet – uschléissend deen nächste Projet ugoen. An ech mengen, dat kéint sech relativ enchainéieren, wa mer elo d'nächst Joer déi Prozeduren entaméieren.

Mä dat éischt, wat mer musse maachen, ass fir den Terrain fräizekréien. An da wäerte mer urappe mam PAP. An da muss

jo och déi Hal ofgerappt ginn. Et muss gekuckt gi wat sanéiert muss ginn. Och déi Saache mussen alleguerte gekuckt ginn. Si mer do op engem propperen Terrain a wat muss nach alles op deem Terrain geschéien.

Do wäerte mer 2 Joer ënnerwee si bis mer dee Projet definitiv op de Schinne stoen hunn an de Bagger ka rullen.

Ech ginn nach ganz kuerz op de Projektmanager an. Mir hunn elo e Projet, wou mer e Projektmanager mat bäihuelen. Dat ass zu Rodange bei deem ganze grousse Projet bei der Paesch-Schoul, mat Schoul, Maison Relais a Sportshal, wou mer esou ee mat bäihuelen. Ech verstoppen iech awer net, datt den Architekt net esou ganz glécklech doriwwer ass. Si géifen dat och léiwer an Eegeregie maachen. Mä mir hunn do – well et wierklech e grousse Projet ass – gesot, datt mer wëllen e Projektmanager dropsetzen. Dat kascht natierlech eppes, ma op der anerer Säit kréie mer do e vill méi zolitte Suivi vun deem Projet a sinn net grad dem Architektebüro komplett eleng ausgeliwwert.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Zu de Subsiden ass ze soen, datt mer sécher versiche fir de Veräiner ze hëllefen. Ech hat dat jo schonn eng Kéier gesot a wollt et dann och hei nach eng Kéier soen.

Vum P-Bus hutt der gesot, datt mer dee solle bäibehalen. Dat maache mer och an dee kritt och warscheinlech méi Visibilitéit. Mir kréien en neie P-Bus, déi vill méi schéin an och méi visibel ass. An dofir kann ech mer virstellen, datt e méi wäert opfalen an doduerch och méi genotzt wäert gi wéi bis elo. An da muss ee kucken, wéi sech dat an den nächste Joren entwéckelt an da kann een dee vläicht nach ausbauen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir sidd jo haaptsächlech op den Drëtten Alter agaangen. Do ass et natierlech esou, datt et aner Gemenge ginn, déi am Drëtten Alter e speziellen Service hunn; déi och an d'Haiser gi fir d'Leit ze besichen. Dat ass natierlech en Service, deen ee kann an d'Ae faassen an deen ausbaufäeg ass an deenen anere Gemengen an deen och zum Deel e gutt Resultat huet. Ma e weist awer och nach gewësse Mängel op. Dat stécht och nach alles an de Kannerschong. Et ass emol interessant ze kucken, wéi sech dat weiderentwéckelt.

Mir sinn am Club Senior mat dran, wou mer 45.000 € d'Joer investéieren. Mä mir sinn och am Comité administratif, esou datt mer awer do eist Wuert matzeschwätzen hunn, genee wéi déi aner Gemengen och, an och kënne mat decidéieren iwwer d'Aktivitéiten, déi do zustane kommen. An natierlech kënne mir och nach eis Publicitéit, déi mer an eisem Gemenge-bulletin ‚Meng Gemeng' an eisem Site zustane kënnt, nach ausbauen, fir eisen Senioren ze weisen, datt si och kënnen am Club Senior oder an aneren Institutiounen deelhuelen. Mir hu jo an eiser Gemeng och d'Péitenger Senioren oder d'Amiperas, wou sech eis Seniore kënnen treffen an am Drëtten Alter e puer flotter Stonne verbréngen.

Dir sot, de Budget 2022 géing déi interkommunal Aktivitéiten net méi opweisen. Dach, do stinn 3.500 € am Budget. Déi sti fir Interaktivitéiten dran. Dat ass geduecht, fir interkommunal Aktivitéiten ze organiséieren. Et sinn nach emol ënnert „Senioren" 3.500 € opgezeechent. Et ass kee rise Budget, mä domadder kann een awer schonn esou allerhand maachen, wann een déi bei déi aner Zommen, déi mer hunn, bäigëtt.

Wann elo eng Associatioun bei eis an der Gemeng, wéi d'Amiperas oder wéi d'Péitenger Senioren, e ganz grousse Projet wéilten organiséieren an eng extra Ufro maachen un eis Gemeng, da si mir och déi lescht déi sech dogéint géife striewen. Do géif mer awer kucken, fir aus iergendengem Projet aus dem Budget awer hinnen nach kënne Munches zur Verfügung ze stellen.

Mir hoffen op jiddwer Fall, wann elo emol déi Covid-Zäit eriwwer ass, datt mer eis Leit aus dem Drëtten Alter erëm e wéineg méi an de Fokus kënne setzen a si selwer och erëm e wéineg méi aktiv ginn. Well an deene leschten zwee Joer ass net vill gelaf fir déi Leit, a si haten och eng gewëssen Angscht fir eraus-zegoen. Dofir hoffe mer, datt 2022, wann emol de gréissten Deel vun de Leit geimpft ass, och erëm méi Organisatioune fir eisen Drëtten Alter kënnen op d'Been gesat ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Zum QT wëll ech just soen, datt mer do probéiert hate fir eis Garantie décenale spillen ze loossen. Mir hunn och eng juristesch Prozedur lancéiert, wou eis relativ vill Geld kascht huet, mam „fin mot" datt verschidde Leit gemengt hunn, si hätte keng Schold drun an eis zeréck ugesicht hunn an datt mer an där Prozedur net weiderkomm sinn. Ech muss awer soen, datt dat Projete waren, wou ech nach net dobäi war an dofir kann ech elo net an deen absolutten Detail agoen, wat do ganz genee schif gaangen ass.

Eppes muss een awer wëssen, datt an deenen zwee Fäll – bei der Piko ewéi och beim QT – et wichteg ass, datt mer funktionell an adequat Raimlechkeeten hu fir do ze funktionéieren. A mir sinn net derlaanscht komm fir do ze reagéieren an d'Renovatioun unzegoen.

Da schwätzt der d'Konventioun mat de Fussballveräiner un. Wann esou eppes un eis erugedroe ginn ass, dann hu mer als Schäfferot bis elo och ëmmer adequat gehandelt an och direkt bei de Veräiner reagéiert.

**Arendt Patrick (CSV):**

Dëst Joer – wat leider nach ëmmer ganz vill vu Pandemie oder solle mer soen Endemie bestëmmt war – kënnt esou lues zum Enn an et steet dat wichtegst Dokument vum Joer un: de Budget. Wat bedeit de Budget konkret fir d'Matbierger dobaussen? Dat ass d'Fro vun de Froen, an ech sinn all Joer nees houfreg fir mech do duerch ze schlängele fir och kënne mäi Pefferkär derbäizeginn a kënnen e Gesamtbild ze kréien. Et gesäit een all Joer nees Theme mat deenen een sech am Alldag net esou beschäftegt, awer d'Zil muss et sinn, d'Wuelbefanne vun eise Matbierger ënner d'Lupp ze huelen, an dat eben net nëmmen a sengen eegene Stäerkten. D'Zil muss et sinn, datt d'Leit an Aklang mat hirer Ëmwelt gären hei zu Péiteng wunnen, an datt mir eng liewenswäert Gemeng hunn. Et ass sécherlech e gewëssene Spillraum do fir politesch Akzenter ze setze wann ee bedenkt, datt mir iwwer 120.000.000 € Ausgaben hunn an awer mat 7 Milliounen € Boni Enn 2022 ofschléisse kënnen. Eng Gemengeschold, déi nees ronn 1,5 Milliounen € erofgeet, an da weess een, datt ee finanziell mam Réck widder der Wand steet – dofir e grousse Merci un déi, déi dësen zukunftsorientéierte Wee ginn – mat eisem Buergermeeschter un der Spëtz.

Wann ee weess, datt zwee Joer Pandemie verluergaange si wat de Wuesstem ubelaangt, da mussen a sollen och déi kommunal Investitiounen héich bleiwen, wat op kommunalem Niveau éischter deene klengen a mëttelstännegen Entreprisen hëlleft um Liewen ze bleiwen. D'Gemenge stellen an deem Kader sécherlech e ganz wichtege Partner duer, wat gutt fir d'Wirtschaft, d'Aarbechtsplazen an déi strukturell Entwécklung ass.

Och wann de politesche Wëlle ganz kloer an dësem Budgetsdokument erkennbar ass, mussen d'Aen op d'Inflatioun gehale ginn. Well och mir Gemenge sinn net geschützt viru Präiserhéijunge vum réie Material, déi domat

och en direkte Link zu de Bauprojeten hu wat d'Explosioun vun de Käschten ubelaangt. An de Rateschwanz dovunner – d'Upassung vun de Gehälter, wat d'Indextranche ubelaangt - ass och an engem Gemengebudget net ze vernoléissegen. Virun allem wann ee weess, datt där an der nächster Zäit nach solle falen, wat awer kloer e Meilesteen zu Lëtzebuerg ass a vun ausseruerdentlechem Wäert fir d'Kafkraaft an domat de soziale Fridden an de Wuelstand vun de Leit ze halen oder auszegläichen an doduerch nees eng Repercussioun op d'Stäerkung vun der Wirtschaft ausüübt.

Wann ech virdru vu Liewensqualitéit geschwat hunn, da schéngt et mir evident ze sinn - ewéi di Jore virdrun - mäin Haaptakzent op d'Biodiversitéit an dem Mateneen tëscht dem Mënsch a senger Ëmwelt genee esou wéi d'Thema vu Famill an Aarbecht ënner een Hutt ze bréngen, ze beliichten.

Immens frou sinn ech iwwer de Virstouss vun der Ëmweltkommissioun, de Budgetsartikel am ordinären Deel vum Budget, de Projet Shime, dee mat 6.000 € zu Buch schléit. En Exklusivpartner vun der Firma MéGO, déi a Frankräich eng eenzegaarteg Léisung fonnt hu fir aus de sougenannte „mégots“ an hirer Biomass Miwwel hierzestellen, woubäi déi aner Produkter mat Hëllef vu Champignone sollen zersat ginn. Hei kritt d'Lëtzebuerger Spréchwuert „aus enger Méck en Elefant maachen“ eng aner Nues, well zu esou enger Mass, wéi se iwwregens net nëmmen hei zu Péiteng, ma iwwerall ronderëm leien, gëtt et e Riseproblem, net nëmme fir eis zukünfteg Generatiounen. An hei huet mäi Fraktiounspartner Patrick Remacle schonn eng pertinent Fro gestallt, mat de strategesche Plazen, a wou jo schonn eng Äntwert gesprach gouf. Elo hu mir mat dësem Projet eng vu villen Etappen dogéint an d'Weeër geleet. Aner Piste sinn déi sëllegen Aktivitéiten, déi mir an der Ëmweltkommissioun un d'Rulle bruecht hunn. Ech schwätze vum Plogging, an ech kann iech soen, datt mir all Kéier eng Strooss komplett vun all „mégot“ befreit hunn. Vun de Bam- a Beetpatenschaften, wou verschidde Beeter méi engem Zigarettenteppech gläichen ewéi soss eppes, an och d'Initiativ „Ici commence la mer“, wou der schonn op verschidde Gullien opgepasst hutt. D'Zigarett bleift dee gréisste Verschmotzer mat sengen 12 Joer bis se sech zersetzt, an dat virun de Stréihällem an de Plastikstuten. Wa mir wëssen, datt ronn 2.500 chemesch Substanzen an enger Zigarett verschafft sinn – ë.a. Godrong a Schwéiermetaller –, datt ee Stomp 500 Liter Waasser verschmotzt an all Sekonn fléien der 137.000 där op de Buedem op eiser Welt, da wësse mir, datt et héich Zäit gëtt ze handelen. Hei hunn ech eng konkret Fro zu den ordinären Ausgaben zu engem Budgetsartikel, deen ënner dem Numm „Subsides écologiques“ vertrueden ass. Do sti 500 € dran. Et ass awer laut Budgetsdokument kee Veräin, deen déi ustrieft oder wéi? Well ech kann ech direkt ee Veräin nennen, deen all éischte Sonndeg am Mount dobäi ass wann et heescht „eis Gemeng ökologesch an nohalteg méi fit ze maachen an den Dreck vun deenen anere Matbierger opzerafen" – den RBUAP -, deen de Plogging mat organiséiert.

An demselwechten Otemzuch hunn ech awer gesinn, datt reegelméisseg Subside fir Privatleit ausbezuelt ginn, déi sech engem Komposter widmen an esou hëllefen, mat hirem klengen Ökosystem, wou Bakterien, Schimmelpilzen a Klengdéieren ewéi Wierm oder Schleeken déi gréng Offäll an nährstoffräich Ressourcë fir eis Planzen ëmzewandelen.

Iwwer de Bamkadaster, deen eis net nëmmen hëlleft bei der Verkéierssécherheet, awer och déi néideg Infoe gëtt, wat fir Fleegemoossnamen de Bam an Zäite vum Klimawandel brauch, genee esou ewéi den ökologesche Projet zu Esch2022 „1000 an 1 Tonnen“, dee mat ronn 20.000 € chiffréiert ass, freeën ech mech, datt dat budgetiséiert gouf. Wann ech dem kierzlech nach vun eisem Gemengesekretär Mike Braun zoukommende Projet duerchgelies hunn an ënner anerem vun der Madamm Jessica Theis beschriwwe gëtt, datt si Plaze wëll fannen, wou sougenannte „wëllen“ Dreck läit, a mat Matbierger a Verbindung komme wëll, déi d'Plaze kennen, hunn ech mir d'Fräiheet geholl, déi Madamm ze kontaktéieren, well mir et net vu Muttwëll wier, datt déi Madamm am Engagement géint de „Littering“ eng Kéier eng Invitatioun krut fir beim Plogging matzemaachen. Ech géif déi Saach gären an d'Hand huelen an an Zesummenaarbecht och geziilt eng Sensibiliséierungscampagne lancéieren.

Eng gréng Long hu mir jo scho mat der „trame verte“. Domat geet et net duer, anerer sinn a Planung – dat steet an eisem Bëschplang, wou – an ech kommen zeréck op déi lescht Gemengerotssëtzung – „tiny forests“ geplangt sinn. Mëttlerweil weess ech, wat domat gemengt ass, an zwar, datt an neie Citéen, déi sollen erschloss ginn, wéi den Numm et scho seet, kleng Bëscher geplangt si mat Bamzorten, déi ugepasst sinn, fir dem Klimawandel an deene Summeren, déi ëmmer méi waarm ginn, mat positiven Aspekter ewéi Schied a Verdonstung iwwer d'Blieder entgéint ze trieden. Wann ee vum Klimawandel schwätzt, da schwätzt een och am selwechten Otemzuch déi néideg Energien un, déi mir brauche fir eisen Alldag ze meeschteren. „My Energy Infopoint“ gëtt ëmmer pauschal mat 5.000 € beziffert. Wéi sinn d'Statistiken do? Maachen d'Leit dovunner Gebrauch? 33 Stéit, huet de Schäffe Romain Mertzig jo geäntwert. Et misst awer an deem Sënn och eng Kéier eng Sensibiliséierungscampagne gestart ginn. Um Thema alternativ Energien a klimaneutral ukomm, wëll ech d'Beispill, wat mir opgefall ass, eng Kéier beliichten: de Verbrauch vun Elektresch an de Maison Relaisen. Hie hu mir eng Ausgab vun 38.000 € op där enger Säit, an duerch eis Photovoltaikanlag op der Maison Relais Péiteng kréie mir awer erëm ronn 9.000 € op där aner Säit eran. A wann ee weess, datt mir 4 Maison Relaisen hunn, da si mir quasi „elektroneutral“, wat de Péitenger Site ugeet. An där Weeër musse mir lafend méi goen – och a virun allem fir eis nächst Generatiounen, wéi mir et jo elo z.B. och op eisem neie Site „an der Léier“ ëmgesat hunn. Gëtt et an deem Kontext do schonn eng Statistik oder Réckmeldung ob eisen Tool vum 3D-Solarkadaster vill vun de Leit benotzt gëtt?

235.000 € sinn an de Recettë virgesi fir de Klimapakt, an do si mir jo amgaang, Neel mat Käpp ze maachen. Ech hoffen, datt sech nach e puer interesséiert Matbierger fanne loossen, déi éierenamtlech hei wëllen aktiv ginn. En anert Thema vermëssen ech awer grondsätzlech – ech hat et schonn d'lescht Joer a menger Budgetsdebatt ugeschnidden – an hoffen, mat dëser Interventioun, datt de Radar sech och elo an déi Richtung beweegt, en Thema, dat sengem Brudder, dem Klimapakt, um Réck sëtzt. Wa vu Klimakris rieds ass, da geet et eben och ëm d'Biodiversitéit, et geet ëm d'Aartestierwen an domat och ëm den Naturpakt.

Kierzlech haten d'Maria Agostino als Vertriederin vum Sicona a meng Wéinegkeet als Präsident vun der Ëmweltkommissioun dozou eng „question communale" eraginn. D'Gesetz vum 30. Juli 2017 zum Naturpakt ass nom Modell vum Klimpakt opgebaut. D'Gemenge ginn hei als onentbierleche Partner ugesinn, déi onbedéngt musse mat an d'Boot geholl gi fir national Ziler z'erreechen. Mam neien Naturpakt ginn deemno och d'Beméiungen an der Vergaangenheet belount. Den Naturpakt besteet aus 6 Haaptthemefelder:

1. Aus Kommunikatioun a Kooperatioun mat 8%.
2. Aus der Opstellung an Ëmsetzung vun der Naturschutz-strategie mat 15%, wou een och kann op professionell Hëllef zeréckgräifen.
3. Aus dem Bësch an dem Waasser (Dëmpelen, etc.) mat 18%
4. Aus dem Wunnengsberäich mat 20%.

5. Aus der Offenlandschaft, déi mat 21% chiffréiert ass, a wou mir jo z.B. schonn deen een oder anere Bauer hei an der Gemeng, deen d'Randberäicher notzt fir der Natur fräie Laf ze loossen.
6. Aus anere Pisten, wou Privatleit z.B. Projeten ausschaffe mam Sicona ewéi Uebstbeemusiidlung, an domat eis als Gemeng e Virbild sinn an hiren Deel dozou bäidroen, konkret dem Biodiversitéitsverloscht entgéintzetrieden.

Fir all Moossnam sinn tëscht engem a 5 Punkte virgesinn, jee nodeems wat den Impakt vum Aarbechtsopwand duergestallt huet. Am Total kënnen 233 Punkte gesammelt ginn, an et gëtt reegelméisseg en Update gemaach. Jee nodeems wéivill Punkten ee sammelt, kann een sech den Titel vun enger Naturpaktgemeng sécheren, an dat géif eis duerch genannte Grënn an duerch ugrenzend Noerhuelungsgebidder ewéi z.B. de Giele Botter (Minett – Unesco Biosphère) dach gutt zu Gesiicht stoen. Fir all dës Erausfuerderungen unzegoe musse mir en Naturpaktberoder ernennen, dee sécherlech där Fuerderung nokënnt, datt mer en Ëmweltberoder an eiser Gemeng kréien. Eng Fuerderung, déi ë.a. och vum honorabele Conseiller Carlo Gira gemaach gouf. Hei géif de Sicona en Naturpaktberoder stelle fir seng Membersgemengen, wat sécherlech eng optimal Léisung wier wann een eleng nëmmen d'Erfarung an där Thematik unhëlt. Och d'Käschte vun der Berodung géifen integral vum Staat iwwerholl ginn. Dat gesot, hoffen ech, datt et Uklang beim zoustännege Schäffe fënnt a vläicht d'nächst Joer dës wichteg Thematik an dësem 372 Säite groussen Dokument erëmzefannen ass. Well d'Äntwert op eis Question communale krute mer net méi spéit wéi haut de Mëtteg, wou och drasteet, datt den Här Mertzig eis um Lafende géif halen.

En anert Thema, wat an déi Richtung geet, a wou et drëms geet vu Klengem un de Sënn an d'Wichtegkeet vun eiser Ëmwelt de Kanner méi no ze bréngen, ass d'Thema Bëschcrèche. Do musse mir elo kucke fir mat den Enner zesummen ze komme wa mer bis d'Äntwert vum Ëmweltministère hunn. An da kéint een nach ëmmer op dem Site z.B. eng Crèche virgesinn, déi mat hirer Ëmwelt verschmëlzt. Ech schwätze vun engem Daach, dee ganz an den Hang gebaut gëtt a dee begréngt gëtt – no un der „Natura 2000“ geleeë géife mir esou op jiddwer Fall keng Fläch versigelen. A wann eppes zu dësem Thema passt wéi d'Fauscht op d'Aen, dann ass et de Budgetsartikel vun de Projeten an eise Maison Relaisen, dee mat 8.000 € chiffréiert ass a wou ë.a. de Kannergemengerot dra steet, dee mir jo elo kierzlech nees no laangen Deeg – dat kann ech iech soen – un d'Rulle bruecht hunn an der Jugendkommissioun. E Projet, deen déi lescht Mandatsperiod geschaf gouf an en enorme Méiwäert a senger 3. Séance elo scho fir den Demokratieverständnes vun eise Kanner vu klengem u bedeit. Ausserdeem ass eng Kooperatioun mat Esch 2022 virgesinn. Wat ass dat genee? An ech wéilt och gär wëssen, wat soss nach fir pedagogesch Projeten ugebuede ginn. Wier et do vläicht méiglech, eng Kéier eng Zesummefaassung ze kréien, datt mir eis an eisem Gremium och kënnen domat vertraut maache wat fir wäertvoll Aarbechten am Numm vun eise Kanner um Terrain gemaach ginn.

Wann een de Budget duerchgeknat huet, da fält engem op, datt nawell vill um soziale Plang um Rullen ass: eng nei Maison Relais zu Rodange, zu Rolleng an zu Péiteng. D'Madamm Conter huet e Freideg gesot, mir dierfen d'Waardelëscht net aus den A verléieren, an hei maache mir eist Méiglechst fir dem Matbierger entgéintzekommen, wat ech um Ufank vu menger Ried gesot hunn, nämlech d'Famill an d'Aarbecht ënner een Hutt ze bréngen an d'Suerge vun de Matbierger héieren an eescht huelen. Och eist Jugendhaus gëtt vergréissert an a Konformitéit gesat, an de Budgetsartikel fir d'Aktivitéite fir jonk Matbierger gëtt eropgesat, dat well mir an der Jugendkommissioun proposéiert hu fir den „Hip Hop Open Air“ vun enger professioneller Grupp - wat den „Hip Hop“ ubelaangt – aus dem Süde begleeden ze loossen. Alles dat sinn Ëmsetzungen, déi ee just begréisse kann.

Vun der net formeller Bildung eriwwer zum „Life Long Learning“, dee mat ronn 3.000 € chiffréiert ass a wou et dem Conseiller duerch een neie Budgetsartikel erméiglecht gëtt, sech an deene komplexe Saachgebidder, déi d'Politik am Alldag all Eenzele vun eis konfrontéiert, weiderzebilden. Dat mengen ech, gëtt queesch iwwer den Dësch geschat.

Dëst Joer ware mir fir d'zweete Kéier fir d'Familljekommissioun an der Gemeng ënnerwee, well duerch d'Pandemie d'„Fête du Grand Âge“, déi nees mat 3.000 € chiffréiert ass, ausgefall ass. Ech hat dat Gléck ewéi d'lescht Joer, och als Member ze hëllefen, bei Leit Heem ze fueren, an de Leit bei engem klenge Gespréich „zwischen Tür und Angel“ e Kaddo ze iwwerreechen an doduerch e Laachen an d'Gesiicht ze zauberen.

D'Madamm Conter, Schäffin vum Ressort, huet och e Freideg iwwer d'Spillplaze geschwat, wou all d'Ausgaben sech géifen op 105.000 € belafen. Ass hei eng Astandsetzung vun der „Zauberschoul“ zu Rodange, wou ech schonn eng Kéier am Gremium geschwat hat, ugeduecht ginn? Da stellen ech fest, datt de Budgetsartikel vum Desinfektiounsmëttel am Kader vun der Pandemie vu 50.000 € op 30.000 € erofgesat ginn ass. Datselwecht Phänomen gesi mir bei de Subventioune – Pandemiebedéngt – vun eise Clibb, wat jo och vun der Madamm Agostino ugeschwat ginn ass. Ech hoffen et jo net, ma e weidere Kredit ass do 2022 net ausgeschloss. Ech hätt nach zu ganz villen Theme mäi Pefferkär bäizesetzen, besonnesch am Sport oder an der Kultur. Ma mir sinn och an eiser Fraktioun gutt opgestallt wat déi eenzel Interessegebidder ubelaangt fir gréisstméiglechst d'Suergen an d'Interesse vun eiser Bevëlkerung an eiser Agglomeratioun hei ze debattéieren.

Zum Schluss wëll ech soen, datt eis Gemeng finanziell exemplaresch do steet, an den Här Martins als eise Fraktiounspresident wäert duerno nach op d'Meenung vun der Finanzkommissioun agoen. Aus deem Grond an am vollste Vertrauen an eis Politiker un der Spëtz vun dësem Gremium mat de Beamten, dem Personal an dem ganzen Team, déi dat heiten Dokument erstallt hunn, wäert ech dësen Zukunftspak-Budget matstëmmen. Ech iech Merci fir d'Nolauschteren an hoffen, datt déi Méi, déi ech mir gemaach hunn, net op daf Ouere stéisst. Wéi all Joer dann nach e klenge Schlussstatement, dat mech a meng Kolleegen hei ronderëm vereent: „Tout est possible à qui rêve, ose, travaille et n'abandonne jamais“.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech kann am Resumé soen, datt ech dem Här Arendt seng Analys vun der Finanzlag vun der Gemeng Péiteng och esou gesinn an datt ech déi nëmme kann ënnersträichen. An dat wier schonn alles, wat ech zu senger Interventioun ze soen hunn, well hien huet mer eigentlech aus dem Häerz geschwat.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech sinn och séier fäerdeg. Et ass vum Projet „1000 an eng Tonn“ geschwat ginn. Dat ass e Projet, deen iwwer dem Roland Breyer seng Equipe komm ass. A wéi mer gesinn hunn, datt de Projet Ëmweltcharakter hätt, hu mer en och weider als Projet vun Esch2022 geholl. An et bleift awer trotzdeem en Ëmweltprojet.

Dat selwecht gëllt och fir deen anere Projet, dee mer am Fond-de-Gras maachen, deen en edukative Charakter huet. Do

sollen d'Kanner da verschidde Figuren an de Beem maachen. Dat gëtt ganz schéin an et ass dat e Projet, dee mer zesumme mat der Gemeng Déifferdeng maachen.

Hei huet ee wierklech Suen investéiert, wou eppes dobäi erauskënnt. Dat fannen ech gutt an dee Moment kann ee ganz gutt domadder liewen.

Fir de Rescht sinn et just Kommentaren, déi ech och deelen. An der Interventioun steet villes dran, wat ech och hätt kënne geschriwwen hunn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Den Här Arendt sot, datt mer mat der Fotovoltaikanlag an der Maison Relais hei zu Péiteng schonn 9.000 Euro Recetten hunn, wat jo ganz positiv ass. Mir si jo och am Gaange fir op deenen anere Maisons Relaisen, déi mer bauen, och an déi dot Richtung ze goen, fir klimaneutral ze ginn.

Zum Thema Bëschcrèche hat ech jo schonn Äntwerte ginn a wëll elo net méi weider drop agoen.

De Kannergemengerot ass och eng Saach, déi mer elo no der Pandemie erëm wëllen urulle loossen. Do hoffe mer och, datt eis Kanner erëm dat sougenannten Demokratieverständnes dohinnergeluecht kréien. Et waren och ganz vill Kanner, déi sech dëst Joer gemellt hate fir an deem Kannergemengerot eng Roll matzespillen.

Mat de Baute fir eis Maisons Relaisen zu Rolleng, Péiteng a Rodange si mer de Moment am Gaangen alles an d'Rullen ze bréngen, an d'Jugendhaus och e Konformitéit ze setzen.

Leider konnte mer dëst Joer keng „Journée du Grand Âge" maachen, Covid bedéngt. Loosse mer hoffen, datt mer dat nächst Joer erëm esou kënne feiere wéi déi Jore virdrun.

Wat d'Ausgabe vun de Spillplazen ubelaangt, do frot der, wéi et mat der Astandsetzung vun der Zauberschoul zu Rodange ass. Alleguerten déi Materialien, déi mer do kënnen ofbauen, wäerten iwwer de Wanter an den Atelieren nei gemaach ersat oder verschéinert ginn. Alles wat op der Plaz muss gemaach ginn, musse mer ofwaarde bis d'Wieder eis dat erlaabt. Esou datt mer d'nächst Joer d'Zauberschoul erëm e bësse méi faarweg do stoen hunn. Et ass natierlech gewosst, datt wann een am Rubinienholz eppes dohinnersetzt, datt dat no enger gewësse Rei vu Joren net méi esou dat schéint Bild gëtt wéi ganz am Ufank. Dat wëll awer net soen, datt dat Holz deementspriechend net méi konform wier. Et ass eben, datt mer wëllen de Kanner méi eng lieweg a méi eng faarweg Spillplaz dohinnerbauen.

Wéi gesot, et gëtt iwwer de Wanter dorunner geschafft, sief et an den Atelieren oder nächst Joer dobaussen um Terrain.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dee Subside écologique vu 500 € ass u sech näischt aneres cibléiert wéi de Cup-System. Dee kann all Veräin ufroen.

De Bamkadaster hate mer scho beäntwert. Dann hutt der nach „tiny" Bëscher ugeschwat, wat eng ganz flott Saach ass. U sech ass dat näischt aneres wéi e Mini-Bësch. Dat ass effektiv am Bëschplang fir d'Joer 2022 virgesinn. Mir hu geplangt fir esou ee Mini-Bësch an engem moderne Wunnlotissement um Territoire vun der Gemeng unzeleeën. Wou dat genee soll sinn, dat muss een nach kucken, well et muss ee wëssen, datt déi néideg Gréisst fir esou ee Mini-Bësch unzeleeën ass minimum d'Gréisst vun engem Tennisterrain, also ongeféier 200 m2.

Myenergie hate mer och schonn ugeschwat. De Klimapakt och. An da komme mer zum Naturpakt. Do ass et u sech esou, datt net méi spéit wéi de leschte Freideg, 9. Dezember, en Informatiounsowend zu deem Thema vun der Ëmweltministesch, der Madamm Dieschbourg, war. Do war och e Vetrieder vun eiser Gemeng do fir ze kucken, wat d'Contrainte fir Bäitriede vum Naturpakt fir d'Gemenge kéinte sinn. A mir sollten awer do vun eventuellen Opportunitéite profitéieren. D'Propositioun vum Naturschutzsyndikat Sicona-Ouest wäerte mer probéieren anzegoen a mir schléissen net aus, datt mer e gemeinsamen Naturpaktberoder mat Déifferdeng iwwer de Sicona wäerten astellen.

Wéi gesot, et ass wichteg, datt mer och do den Naturschutz an d'Erhale vun der Biodiversitéit an eiser Gemengepolitik ënnerstëtzen.

**Arendt Patrick (CSV):**

Et ass just nach ee Punkt, deen ech ganz kuerz wollt uschwätzen an dat sinn déi allgemeng Projeten, déi an de Maisons Relaise lafen. Fir do eng Kéier e Resumé ze kréien an deen hei um Dësch virzestellen. Esou datt d'Leit ronderëm sech dat eng Kéier kënnen ulauschteren a sech e Bild maachen, wat do fir wäertvoll Aarbecht um Terrain geleescht gëtt.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mengt der déi allgemeng gréisser Projeten oder déi Projeten, déi esou am Dag lafen?

**Arendt Patrick (CSV):**

Also déi gréisser Projeten.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Déi gréisser Projete vun de Maisons Relaisen, déi d'nächst Joer ulafen, si Projeten, déi och heiansdo spontan entstinn. Et si Projeten, déi mat eisem Konzept ze dinn hunn. De Moment ass et jo esou, datt mer agëenkt si mat de Projeten an de Maisons Relaisen, well mer jo net alles kënne maachen a mer mussen a Gruppe schaffen. Mir kënne jo net dat sougenannte grousst Konzept de Moment erëm un d'Lafe kréien, esoulaang d'Pandemie nach ass. Mä wa mer aus der Pandemie eraus kommen an et kommen erëm gréisser Projete vun de Maisons Relaisen, da wäerte mer iech dat Bild selbstverständlech zoukomme loossen. Dat kënnt jo souwisou och budgetär hei op den Dësch.

Wat natierlech awer ëmmer erëm ass, dat ass d'Vakanz-aktioun. Mir hoffe jo, datt déi bleift an datt mer se och esou kënnen ausféiere wéi mer se gären hätten. Wat och all Joers erëm ass, dat sinn déi e bësse méi kleng Projeten, déi iwwer Chrëschtdag lafen a wou an de Maisons Relaisen – haaptsächlech hei zu Péiteng – e Projet leeft iwwer Chrëschtdag an der Welt a wou de Kanner e wéineg erkläert gëtt, wéi Chrëschtdag ofleeft bei eis an Europa an an der Welt.

Dann ass och erëm „eng Nuecht an der Maison Relais" geplangt, mat Geschichte fir Kanner a wou se och speziell kachen a no där Nuecht mueres nom Kaffi erëm vun den Elteren empfaange ginn.

Da kommen och erëm déi Projete mat den Ausflich, wou se an en Déierepark oder an e Musée fueren. Dat sinn awer méi déi spontan Projeten, wou mer mussen ofwaarde wéi et nächst Joer leeft.

Mä wa mer nach weider Projeten ulafe loossen, dann deele mer iech dat mat. An iwwer de Kannergemengerot – dee ganz intensiv mat der Maison Relais zesummeschafft – kënnt der och nach dat eent oder anert ufroen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Erlaabt mer awer, fir viru menger Budgetsried eng kleng Replik ze ginn op dat, wat den Här Goergen virdru gesot huet. Ech adresséiere mech direkt un den Här Goergen. Ech weess net,

firwat den Här Goergen ëmmer op d'LSAP klappt. Hunn d'Piraten no der leschter Ilres-Ëmfro e klenge Fierzchen an de Kapp kritt a gesinn sech elo schonn an der Responsabilitéit fir déi nächst Legislaturperiod? Oder ass et nach ëmmer drop zeréckzeféieren, datt virun e puer Joer an engem Interview am Home gesot ass ginn, datt d'LSAP net wéilt mat der Piratepartei an engem Boot sëtzen? Oder hätten d'Piraten sech léiwer an enger Majoritéit mat enger CSV hei gesinn? Mä dann hätt den Här Buergermeeschter mer awer schrecklech leed gedoen. Eng Ursaach misst et jo awer ginn. Hei an der Gemeng fonctionéiert déi schwaarz-rout Koalitioun „à merveille". Mir hunn och heiansdo Diskussiounen, well mer als LSAP vläicht eng aner Approche zu engem Projet hunn wéi eise Koalitiounspartner, awer ëmmer gëtt et eng Léisung fonnt. Ech mengen, et wier besser dir géift virun ärer Dier kieren, a Plaz ëmmer op d'LSAP ze klappen. Well dir sidd net déi eenzeg, déi an dëser Ilres-Ëmfro bäigeluecht hunn. An déi Prozenter kritt een net bäi, wann een – wéi dir et vun der LSAP behaapt – guer näischt mécht oder alles falsch mécht.

An da komme mer zu der eigentlecher Budgetsried.

Fir d'alleréischt well ech all deene Beamte Merci soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn. Des Weideren och e grousse Merci un den Här Buergermeeschter an de Schäfferot fir dës präzis Presentatioun de leschte Freideg. Et war dëst Joer bestëmmt net esou einfach fir dëse Budget opzestelle well mir eis am Moment e bëssen an enger schwéierer Situatioun befanne wat déi enorm Erhéijung vun de Präisser betrëfft.

Am ordinären Deel vun dësem Budget leie mir bei engem Iwwerschoss vu 25,66 Milliounen €. Wa mir d'lescht Joer scho vun engem Rekordjoer geschwat hunn, da klammen dës Zuelen nach eng Kéier, an zwar op 65,12 Milliounen €, wat d'Investissementer betrëfft. Dat heescht, datt mir am Joer 2022 vum Januar u méi wéi 5 Milliounen € all Mount musse verschaffen. Eng gigantesch Zomm.

Eis extraordinär Ausgabe klammen och ëm déi 7,8% an dobäi hale mir eis minutiéis un deen éiergäizege „plan pluriannuel", deen dës Majoritéit sech 2018 ginn hat.

Wat d'Gemengeschold betrëfft, déi geet och erëm erof a kéint elo Enn 2022 bei 3,37 Milliounen € leien. Et war zwar net dee grousse Sprong ewéi déi Jore virdrun, ma trotzdeem ass eis Gemengeschold zënter 2003 vun 38,14 Milliounen op 3,37 Milliounen € erofgaangen, an dat bei héijen Investissementer vu Joer zu Joer. Wa mir Enn 2020 vun engem neien Emprunt geschwat haten, esou kënne mir deen nach e Joer aussëtzen. Eis Gemeng ass, an dat well eis Reserve méi héich sinn ewéi eis Schold, scholdefräi. An dat ass, trotz de schwieregen Zäiten, op eng virsiichteg Finanzpolitik zeréckzeféieren. Dës Majoritéit bréngt et also färdeg – an dat trotz héijen Investissementer – nach all Joer Suen ze spueren an d'Reserven opzefréschen. „Vollek, wat wëlls de méi?" Dobäi hu mir och nach e „Fonds de réserve Pacte Logement" vu 4,48 Milliounen € virgesi fir Enn 2022. Eis Pro-Kapp-Verschëldung Enn 2022 wäert bei méi oder manner 163 € leien.

Gott sei Dank huet sech déi pessimistesch Prognos vum Inneministère net erfëllt, ma wéi seet een ëmmer esou schéin „mieux vaut prévenir que guérir". Dofir huet sech awer déi optimistesch Prognos vum Inneministère, wat d'Haapteinnahmequell „Fonds de dotation globale des communes" ugeet, net bestätegt, esou datt mir do manner erakréie wéi erhofft. An dat hat jo de Buergermeeschter wärend der Budgetsvirstellung vun 2021 schonn des laangen an des breeden erkläert. Dat trotzdeem gutt Resultat vun dësem Exercice kann een zu engem groussen Deel op den Opschwong vun der Wirtschaft no der Pandemie erklären. Ma, an dat wësst dir sécher alleguer, mir sinn nach laang net iwwer de Bierg, well wann d'Präisser weider esou unzéien, da riskéiere vill Leit un de Rand vun der Aarmutsgrenz ze falen. Dann ass et eis Flicht, duerch eise performanten Office social déi Leit opzefänken ier et zu enger Katastroph kënnt. Wa mir scho bei eisem Office social sinn, an ech d'Chance hu fir mam Romain Becker Member vum Verwaltungsrot ze sinn, kann ech iech just soen, wann ee mengt, et hätt een alles gesinn an héieren, da gëtt een erëm mat enger Affär befaasst, wou een aus dem Staunen net méi erauskënnt. Jo, dir Dammen an dir Hären, mir hunn nach vill Aarmut an eiser Gemeng, an dat an deem sougenannte räiche Lëtzebuerg.

Vill vun eise grousse Projete sinn deelweis ofgeschloss oder nach an der Aarbecht, ewéi d'Neigestaltung vun der Uertschaft Péiteng mat der John F. Kennedy-Plaz an eise Gemengenatelieren; mam Dëschtennissall zu Rolleng; mam Fussballterrain Jos. Philippart a mam PiKo zu Rodange, dee mir allerdéngs nach ëmmer béis eropstéisst; mat der Museksschoul zu Péiteng – fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen.

Zënter Joren hu mir eng grouss Waardelëscht wat d'Ophuele vu Kanner an d'Maisons Relaisen an d'Crèchen ubelaangt. Ech wollt do d'Madamm Conter froen, firwat dat esou ass. Si mer do wierklech esou iwwerrascht gi wat d'Evolutioun vun eiser Gemeng ubelaangt oder wat ass de Grond?

Eis als sozialistesch Fraktioun freet et awer, datt esou vill Wäert op dat soziaalt an eiser Gemeng geluecht gëtt. Office social, Cent Buttek, CIGL, ProAktif, asw. gi voll aus de Gemengekeesen ënnerstëtzt. Idem de Bau vu soziale Wunnengen, wou mir an de leschte Joren awer voll op eise Soll komm sinn.

Mir sinn och net derlaanscht komm fir eng nei Schoul ze plange mat Maison Relais a Sportshal, mat ënnerierdeschem Parking zu Rodange bei der Päesch-Schoul.

Des Weidere wäert eist Jugendhaus eng Moderniséierung erfueren, wat deene Jugendleche bestëmmt zegutt kënnt, well och do eng aussergewéinlech gutt Aarbecht geleescht gëtt. Bei derselwechter Geleeënheet wollt ech da froen, wéi et ëm eis Antenn zu Rodange steet. Bleift déi elo bestoen oder net. Wann ech den Ausdrock Antenn elo benotzt hunn, heescht dat selbstverständlech eist Jugendhaus zu Rodange.

Wat d'Subside fir eis Veräiner ubelaangt, esou huet d'Gemeng sech et net huele gelooss fir de Veräiner wärend der Pandemie dräi Mol en extraordinäre Subsid z'iwwerweise fir déi Ausfäll vu Manifestatiounen ze kompenséieren. E puer vun eise Veräiner an der Gemeng fonctionéieren ewéi e klenge Betrib, a wann näischt erakënnt, huet dat och Konsequenzen. Ma Gott sei Dank ass gehandelt ginn an déi Subside si mat grousser Freed vun de Veräiner ugeholl ginn.

Zum Här Halsdorf senge Ressorte wollt ech just bemierken, datt déi Anlag zu Rodange am Centre culturel schonn eng etlech Joren um Bockel huet an den haitege Gegebenheeten net méi gerecht gëtt. E Freiden hu mer jo gesot, dat wier en Thema fir déi nächst Legislaturperiod, ma eng kleng Revisioun wier virdrun op jiddwer Fall batter néideg. Hoffentlech sëtzen an der nächster Legislaturperiod kulturbewosst Leit hei am Sall, déi sech un är Wierder erënnere wäerten. Méi oder manner 1.000 Leit, déi d'Theatervirstellungen all Joer besiche kommen, wieren iech op jiddwer Fall dankbar.

Iwwer de Verkéier, den Naturschutz, d'Ëmwelt asw. ass de Mëtteg scho genuch geschwat ginn an dofir ginn ech och direkt doriwwer ewech.

Wat mech nach feet ass de Fakt, datt esou vill an de Volet Sport, Jugend a Kultur gestach gëtt, woubäi de Stade Jos. Philippart an de PiKo besonnesch ervirstiechen.

Op Esch2022 wëll ech dëst Joer net méi agoen, well ech dat schonn 2020 gemaach hat. Just vläicht dat hei. Et herrscht am Moment eng gewësse Skepsis wat déi séllege Manifestatiounen ubelaangt. Kënnen se esou iwwer d'Bün goen ewéi mir eis dat haut nach virstellen? Dat steet nach an de Stären.

Dir Dammen an dir Hären. De Budget 2022 ass nees en aussergewéinlecht Dokument. D'Gemeng Péiteng kuckt an d'Zukunft, d'Gemeng Péiteng ass gerüst fir déi nächste Joren, jo esouguer Joerzéngten, wat verschidde Projeten ugeet. An dofir wäert et eiser Fraktioun net schwéier falen, dëse Budget matzestëmmen, well och mir eise Stempel konnten opdrécken. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Wat dem Här Brecht seng Analys vun der Finanzsituatioun ubelaangt, ginn ech him Recht an ech kann och nëmmen dat ënnerschreiwen, wat hie gesot huet.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Alles dat, wat den Här Brecht gesot huet, kann ech deelen. Dat vum Rodanger Kulturzentrum, do verstinn ech seng Iwwerleeungen, mä ech wëll awer nach eng Kéier ganz kloer soen, datt wa mer elo d'Säll um éischte Stack ëmverdeelt hunn – dat hu mer wëlles am Laf vum Joer 2022 ze maachen – da kann een éischt Saachen ënnerhuelen. An näischt hënnert eis dru fir iwwer den ordinäre Budget esou eng Anlag ze ersetzen. Och am Kulturhaus ‚A Rousen' hu mer eng nei Anlag dragesat. Hei kënne mer dat eventuell och maachen. Dat si jo oft mobil Anlagen, déi een eventuell kann ewechhuelen. Dat gesi mer. Mä mir kommen net derlaanscht an dee Projet misst an dëser Mandatsperiod lancéiert gi fir dann an der nächster Period fäerdeggestallt z ginn. Dat ass u sech d'Iddi. Dat heescht, mir brauche keng kulturbewosst Leit fir herno, well bis dohinner misst de Projet theoretesch um Wee sinn.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

De Här Brecht wëll wëssen, wéi grouss d'Waardelëscht fir d'Kanner an de Maisons Relaisen ass a firwat datt dat esou ass.

Dat ass schrecklech explodéiert, wéi de Chèque-Service agefouert ginn ass. Dee Moment si jo ganz aner Bäiträg op d'Elteren erofkomm an dunn ass natierlech all d'Demande un d'Gemenge komm, well bei privaten Dagesmammen, déi fréier an haut nach ëmmer hir Berechtegung haten an hunn, d'Tariffer ganz anescht si wéi an de Maisons Relaisen. Dat selwecht gëllt och fir déi privat Crèchen. Du koum natierlech déi Explosioun. Mir mussen elo domadder zerechtkommen an dofir bauen a baue mer.

Dann hutt der mer och d'Fro gestallt, wéi et mat der Antenne vum Jugendhaus zu Rodange steet. Do kann een nëmme just soen, datt déi sech konstant erweidert. Wéi mer elo déi lescht Plattform haten, hu mer vun den Educateure gesot kritt, datt wierklech elo eng grouss Zuel vu Jugendleche vu Rodange sech do afannen, reegelméisseg kommen, a wat och ganz positiv ass, well dat jo och Kanner sinn, déi Hëllef brauchen. Et kommen och méi Meedercher. Eng Zäit hate mer méi Jongen an de Jugendhaiser, ma dat Bild schéngt sech iergendwéi e wandelen. Et ass och eng gutt Entente, wat natierlech och op déi kontinuéierlech gutt Aarbecht vun eisen Educateuren zeréckzeféieren ass. Esou datt mer och hoffen, datt dat esou weidergeet an datt mer och weider kënnen ausbauen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Dat ass richteg, Madamm Conter. Mir konnten eis selwer dovunner iwwerzeegen – wou mer eis do opgestallt hate fir de Bärbelendag – datt do ganz vill Jugendlecher do waren.

**Martins Dias André (CSV):**

D'lescht Joer hunn ech dierften als alleréischte Conseiller nom Schäfferot meng Bemierkungen a Froen zum Budget 2021 virdroen. Dëst Joer hunn ech mech dann awer misste bis ganz zum Schluss gedëllege fir dëst ronn 400 Säiten déckt Dokument mat 3 verschiddene Kapen ze kommentéieren.

Fir d'éischt wäert ech meng perséinlech Bemierkungen a Froe virdroen. Da ginn ech op den Avis vun der Finanzkommissioun an, an zu gudder Lescht wäert ech als Fraktiounsspriecher vun der CSV och d'Konklusioune vun onser Fraktioun duerleeën, wou, wéi dir gemierkt hutt, meng Kolleegen an ech ons d'Dossieren opgedeelt hunn, fir datt et net zu onnéidege Widderhuelunge kënnt. Et wäert also e bësse méi kuerz sinn ewéi soss.

Am ordinären Service hätt ech dës Bemierkungen a Froen:

Bei de Recettë vun de Maison Relaise liest een, datt d'Participatioun vun den Elteren doduerch erofgeet, datt d'Moolzechten an der Mëttesstonn ab nächstem Joer vum Ministère sollen iwwerholl ginn, esou wéi d'Madamm Bouché an d'Madamm Birtz dëst virdru schonn nogefrot hunn.

Op der Ausgabesäit hu mir do e separate Budgetsartikel, wou 860.000 € virgesi gi just fir d'Iessen. D'Erhéijung vum Bäitrag vum Ministère beleeft sech awer just op 560.000 €. Soll do d'Gemeng Péiteng déi reschtlech 300.000 € selwer droen oder wéi ass dat vum Ministère virgesinn? Madamm Conter, dir hat virdru gesot, datt dëst nach eng grouss „Inconnue" ass, dofir erwaarden ech elo net direkt eng Äntwert. Ech fäerten awer ganz, datt dëst nees e Kaddo ass, deen d'Regierung gären de Leit mécht, awer op Käschte vun der Gemeng.

Bei der Contributioun zum Finanzement vum CGDIS hu mir fir 2022 ronn 936.000 € virgesinn, wou am rektifizéierte Budget 2021 just ronn 757.000 € virgesi waren. Dëst kënnt sécherlech doduerch zustanen, datt de PNOS, esou wéi en ons alleguer virun engem gudden hallwe Joer presentéiert ginn ass, eng ganz Rei Käschte mat sech bréngt, déi insgesamt d'Gemengen an Zukunft ëmmer méi belaaschten.

An deem Kontext wollt ech nofroen, ob d'Gemeng Péiteng eng Äntwert op den Avis zum PNOS kritt huet, dee mir als Gemengerot un de Ministère de l'intérieur formuléiert hunn no der Sëtzung vum 17. Mee 2021.

Bei de Recettë betreffend de Loyer vun der Wiertschaft am Centre QT ass mir opgefall, datt de Loyer zënter Mee 2021 elo nach all déi Méint normal verrechent ginn ass, an dëst obwuel de Keelenzenter nach viraussiichtlech bis an d'Fréijoer 2022 a Renovatiounsaarbechte stécht an esou keng Leit reegelméisseg dës Anlag besichen.

Ech verstinn, datt d'Keelebunne kee Bestanddeel vun der Wiertschaft sinn, ech sinn awer der Meenung, datt d'Wiertschaft sécherlech eng ganz Rei Cliente manner huet duerch dëse Schantjen. Dowéinst froen ech mech, ob een hei net d'Gespréich mam Wiert sollt siche fir him hei eventuell mam Loyer entgéintzekommen, esou wéi mir dat och wärend der Pandemie gemaach hu mat all eise Locatairen, déi nëmmen e reduzéiert Akommes bedéngt duerch déi sanitär Moossnamen haten.

Eng weider Fro betrëfft d'Subventioune fir de Kaf vun engem Pedelec. Den Här Becker huet se virdru scho lancéiert, ma hie krut, wann ech et richteg héieren hunn, keng Äntwert. Et schéngt mir awer wichteg, hei nach e puer Prezisiounen ze ginn. An zwar, wéi dat Reglement den 21. September 2021 gestëmmt ginn ass, hat ech am Numm vun der Finanzkommissioun gefrot fir bei dëser Moossnam och normal Véloen, d.h. ouni elektresche Motor, ze subventionéieren,

wouropshin ech d’Äntwert kritt hunn, datt een dat an noer Zukunft kéint virgesinn. Ech hat dorophi schonn d'lescht Joer am Dezember a menger Interventioun zum Budget nogefrot, wéi et do weidergeet a wéini dat géif integréiert ginn, an do hunn ech geäntwert kritt, datt et net vergiess gi wier. Ech stellen awer fest, datt mir ee Joer méi spéit nach ëmmer kee Subsid fir normal Vëloen hunn, an dëst elo wou de Subsid vum Staat geschwënn ofleeft. De Stéchdatum ass den 31.03.2022. Wou si mir do drun?

Bei den Aschreiwunge vun der Museksschoul si 85.000 € virgesinn, déi d’Schüler bezuele wann si sech fir Coursen aschreiwen. Dëst entsprécht net grad 10 % vun de Käschten, déi de Ministère de l’intérieur iwwerhëlt.

Donieft ass mir bei Gespréicher mat Leit aus onse lokalen Harmonien zougedroe ginn, datt anscheinend eng ganz Rei Schüler aus der Museksschoul, déi och hei an der Gemeng wunnen, an Harmonië vun anere Gemenge spillen. Dëst ass natierlech hiert gutt Recht. Ech denken awer, datt mir als Gemeng all Interesse hätten, datt dës Musikante bei ons an den Harmonië géife musizéieren, virun allem wann et dorëms geet fir Cortègen a Festivitéiten ze encadréieren.

Wa mir wëssen, datt esouwuel d’Harmonie Municipale vu Péiteng, wéi och d’Harmonie Municipale Rodange-Lamadelaine Problemer hu fir jonk Leit ze fannen, déi bei hinne Musek maachen, wollt ech deemno proposéieren, datt een e reduzéierten Tarif aféiere soll fir déi Schüler, déi och hei bei ons an der Gemeng an enger Harmonie spillen. Vun dëser Moossnam si sécherlech net all d’Schüler betraff, dëst kéint awer menger Meenung no eng effikass Method si fir datt ons Harmonië méi Zoulaf kréien.

„Classes de neige“: Obwuel mir kierzlech informéiert gi sinn, dat d'Schnéiklasse fir dëst Schouljoer net stattfanne well d’Asbl se ofgesot huet, stinn hei fir d’Joer 2022 100.000 € dran. Ginn dës Sue gebraucht oder handelt et sech hei ëm e Feeler?

Déiselwecht Fro stellt sech, denken ech, och bei den „Activités intercommunales pour seniors“. D’Madamm Agostino huet do virdru berechtegterweis d’Fro gestallt, wisou keng Sue méi drastinn a krut geäntwert, datt d'Sue virgesi wieren. Mir hunn dëst nach eng Kéier nogekuckt a festgestallt, datt op der Säit 171 vum Budgetsdokument de Montant am rektifizéierte Budget 2021 op 0 € erofgeet an och 0 € fir 2022 drastinn.

Beim Schoultransport hunn ech gesinn dat den Transport vun de Précoce-Kanner vu Rolleng an d’Eigent-Schoul op Péiteng mat dra vermierkt ass fir d’Joer 2022.

An deem Zesummenhang wollt ech froen, ob scho gewosst ass, wéi d’Rentrée 2022 vum Précoce zu Rolleng wäert stattfannen? Kommen d’Klassen nees op Rolleng an de Fräizäitzenter (wann de Schantje vun der Dëschtennishal fäerdeg ass) oder bleiwen si zu Péiteng bis déi nei Schoul zu Rolleng opgeet?

Beim extraordinäre Service hätt ech da just nach eng Fro zum „Système de guidage dynamique des parkings communaux“, wou ech deemools, wéi mir d’Parkkonzept virgestallt kritt hunn, gefrot hat, ob dëse Guidage-System et erlabe géif fir online ze kucke wou Plazen disponibel sinn iert een doheem fortfiert. Kënnt dir ons dozou mëttlerweil Prezisioune ginn ob dëst méiglech ass? An der Kommissioun war gefrot ginn, ob dat iwwert eng App oder éischter iwwer den Internet soll lafen.

Wéi virdrun ugekënnegt géif ech dann zum Avis vun der Finanzkommissioun kommen.

Wéi schonn déi lescht Joren, hu mir an der Finanzkommissioun de Budget am Detail duerchgekuckt an all Member konnt zu all Punkt seng Bemierkunge maachen a Froe stellen. Ech hu mech beméit fir déi Froen ze beäntwerte wou ech d’Informatioune virleien hat duerch Decisiounen, déi am Gemengerot geholl gi sinn.

Dës Commentairë sinn zum Budgetsdokument gemaach ginn:

1) D’Kommissioun begréisst, datt beim Kaf vun neie Gefierer op Elektromobilitéit gesat gëtt, do wou et méiglech ass an et och Sënn mécht. Dëst ass eng Informatioun, déi scho méi laang bekannt ass, an déi ech och esou weiderginn hunn un d’Membere vun der Kommissioun. Et wonnert mech dowéinst ëmsou méi, datt Conseilleren heibannen dëst nach ëmmer fuerderen, obwuel et scho längst gemaach gëtt.
2) D’Kommissioun bedauert, datt den Dossier Bëschcrèche schleeft, virun allem wann ee bedenkt, wéi héich d’Nofro fir Crèchëplazen ass, hofft dann awer, datt een dëst Joer virukënnt fir datt een optimalerweis nach 2023 en definitive Projet huet, deen een approuvéiere kéint.

   Ech selwer si frou ze héieren, datt d’Membere vun all de Parteien heibannen a besonnesch vun deene Gréngen a vun der DP grad esou ongedëlleg sinn ewéi mir, fir datt et séier soll virugoen. Dëst sinn nämlech d’Parteien, déi aktuell den Ëmweltminister an och den Educatiouns-minister stellen. Dëst versprécht sécherlech, datt dir der Majoritéit eng Hand upake kënnt fir déi néideg Kontakter ze vereinfachen am Hibléck op dësen Dossier a bei de richtege Leit virunzedreiwen.
3) De Bau vu Sozialwunnenge misst hautdesdaags absolut Prioritéit hunn, virun allem wann een d’Entwécklung vun de Präisser um Immobiliemarché gesäit. Déi 2 Projeten, déi 2021 am Budget stoungen, sinn nach guer net oder nëmmen zum Deel realiséiert ginn. D’Kommissioun freet, datt dës 2 Projeten absolut prioritär solle behandelt ginn an datt am beschten nach weider Projete fir Sozialwunnenge solle realiséiert ginn.

Eng Fro déi dann nach opstoe bliwwen ass, betrëfft déi al Gemengenatelieren:

Wisou ginn déi al Gemengenatelieren net schonn 2022 ofgerappt wann elo scho gewosst ass, datt spéiderhin e Lotissement dohinner komme soll? Bréngt dëst net just onnéideg Verzögerungen? Do huet de Buergermeeschter schonn der Madamm Agostino drop geäntwert, datt een d’nächst Joer de PAP ufänke kéint, esou datt déi Fro dann och gekläert wier.

D’Kommissiounssëtzung vum leschtem Dënschdeg ass no 3 Stonnen zu Enn gaange mat der Konklusioun, datt ee begréisst, datt d’Investissementer héich gehale ginn, och wann een dovun ausgeet, datt am Hibléck vun dem wat 2021 verschafft ginn ass, déi ambitiéis Zuelen, déi fir 2022 virleien, nëmme ganz schwéier wäerte kënnen erreecht ginn.

D’Kommissioun begréisst allefalls, datt d’Situatioun vun de Scholde favorabel ass an och, datt déi ordinär Ausgabe rigouréis am A behale gi fir esou och fir déi nächst Joren nach genuch Sputt ze hunn fir déi néideg Investissementer ze maache fir d’Gemeng an hier Awunner virunzebréngen. D’Membere vun der Finanzkommissioun schwätzen sech soumat eestëmmeg fir de Budgetsprojet 2022 aus.

Ofschléissend géif ech mech op d’Riede vun der Madamm Agostino a vun den Häre Remacle, Breyer an Arendt bezéien, déi iech haut de Mëtteg duergeluecht hunn, datt an de sëllegen Dossiere sécherlech nach dat eent oder anert verbessert gi kann oder och einfach emol méi séier ëmgesat kéint ginn. Wat op alle Fall zu dësem Budget muss gesot ginn, dat ass, datt en a ville Beräicher ambitiéis ass, dëst mat Investissementer an enger Héicht vu 65.000.000 €.

Investissementer, fir déi mir op ee gesonden Haushalt ziele kënnen, wou onse Buergermeeschter Pierre Mellina mat der néideger Erfarung an Disziplin dofir suergt, datt ëmmer en Apel fir den Duuscht iwwereg bleift. D'Scholde si soumat déi lescht 20 Joer vu Joer zu Joer ofgebaut ginn, an erlaben ons et haut, op eng komfortabel Situatioun ze blécke wou Enn 2022 nach ronn 11,7 Milliounen € Reserven do wäerte sinn. Dëst huet sécherlech den Nodeel, datt mir aktuell mat Negativzënse konfrontéiert sinn. Op där aner Säit erlaabt dat ons grad elo, déi Präiserhéijungen ze stëmmen, déi duerch d'Verdeierung vun de Baustoffer kënnt. Ech denken och, datt méi ewéi eng Gemeng léiwer an dësem Fall wier, wéi dass se vir an hanne kee Su huet a muss léine goe well d'Käschte vun eenzele Projeten eropginn. Dëse finanzielle Sputt erlaabt, datt, zesumme mat dem järlechen ordinären Iwwerschoss vun aktuell ronn 26.000.000 € genuch Fongen do si fir weiderhi laangfristeg d'Entwécklung vun onser Gemeng Péiteng ze begleeden, an datt een och emol en Emprunt maache ka wann dëst sech als néideg erweist.

De Plan pluriannuel d'investissement vun 2018 gëtt soumat konsequent ëmgesat an et bleiwen net méi ganz vill Punkten, déi nach net an Ugrëff geholl gi sinn.

Mir als CSV-Fraktioun soen all de Beamten, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren, en décke Merci. Mir sti voll a ganz hanner dësem Budgetsprojet 2022 a wäerten e selbstverständlech matstëmmen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen dem Här Martins Merci fir seng Interventioun an och fir den Avis, deen hien eis vun der Finanzkommissioun iwwerbruecht huet. Ech muss soen, ech deelen der Finanzkommissioun hir Iwwerleeung, datt et ganz schwéier gëtt, déi ganz héich Zuelen 2022 ze realiséieren. Dir wësst, an dir wäert dat och gesi wann der eng Kéier am Schäfferot sidd an eng Kéier responsabel sidd fir dat heiten opzestellen, wann een d'Fonctionnairen a verschidde Leit héiert, da gëtt net genuch an de Budget gesat. A wann et bis Januar ass an de Budget ass approuvéiert, dann op eemol entschléift erëm alles. Sécherlech sinn déi 65 Millioune ganz schwéier ze realiséieren. Ech géif mer et wënschen, wa mer dat géifen hikréien, well da wiere mer mat eise Projete ganz wäit fort an da géife mer och zur Zäit richteg fäerdeg ginn.

Wat är Iwwerleeungen zum CGDIS ubelaangen, esou si mer nach laang net um Enn vum Bësch. Et ass sécherlech de PNOS, wou mer als Gemeng de Fanger op d'Wonn geluecht hunn a keng Äntwert kritt hunn. Déi eenzeg Äntwert, déi ech indirekt héieren hunn, datt déi nei Opdeelung tëscht dem Staat an de Gemengen an déi och vun engem Deputéierte gefuerdert ginn ass, a wat och esou änlech geschriwwe ginn ass wéi dat, wat mir an eisem Avis geschriwwen hunn, datt déi warscheinlech net kënnt. Datt déi Ongläichheet vun der Opdeelung vun de Fraisen tëscht de Gemengen an dem Staat Bestand behält. Dat ass eng vun deene Saachen, wou der virdrun och ugedeit hutt an de Maisons Relaisen, datt et do net ëmmer ganz fein mat de Gemengen ëmgaange ginn ass. An et wonnert een eigentlech, wann ee weess, datt méi wéi d'Hallschent vun deene Leit, déi an de Gemenge sinn, och an der Chamber sëtzen. Do dierf eigentlech esou eppes wéi dat net duerchgoen.

Beim Finanzement vum CGDIS ass kloer, wou d'Gesetz geschriwwe ginn ass, no allem gekuckt gi mä net no de Suen. A vum éischten Dag un hunn ech gesot, datt dat ni kann opgoen. An elo si mer hei eréischt am Ufank. Well wann een déi Gebailechkeete kuckt, déi mer hunn; wann een dat Personal kuckt, wat mer nach brauche fir de PNOS an och déi 15 Minutten ze erreechen; wa mer wëssen, datt nach ganz vill Leit am Benevolat schaffen an dat warscheinlech an nächster Zukunft nach ofhëlt; datt mer besonnesch als Gemeng déi ganz Sekuristen an Ambulancieren iwwerholl hunn, wat wierklech och personalopwenneg ass, wougéint d'Pompjeeën – wou mer virdrun eleng zoustänneg waren – wesentlech manner Professioneller do waren; wa mer wëssen, datt mer als Gemengen der Gemeng Lëtzebuerg zolidd ënnert d'Äerm gräife well d'Beruffspompjeeë vun eis matgedroe ginn; wann een dat alles weess, da weess een, datt mer hei nach laang net um Enn ukomm sinn. Et huet säi Präis. Ech ginn der Madamm Ministesch Rescht, wann se seet, datt wann ee gäre Sécherheet hätt an een dat do gäre garantéiert hätt, datt d'Leit esou séier wéi méiglech gehollef kréien an esou kuerz Weeër wéi méiglech musse gefuer ginn, wann eng Persoun an Nout ass, da muss een sech dat eppes kaschte loossen. Ech muss just feststellen, datt et de Gemenge méi kascht ewéi dem Staat.

Schlussendlech wëll ech nach op d'Wiertschaft am Centre QT agoen. Mir hunn eigentlech kee Kontrakt am Wiert, mä mir hunn e Kontrakt mat Munhowen. A mir waren zesumme mat Munhowen, a si hunn eis gesot, datt si der Meenung wieren, datt dee Loyer richteg wier. A mir ginn esouguer esou wäit – an dat hu mer erausfonnt, wou mer dat Gespréich haten – datt de Munhowen méi dem Wiert als Loyer freet wéi mir dem Munhowen froen. An dat, well si hire Loyer indexéiert hunn a mir net. Dat heescht, mir sinn 12 Joer – also vun Ufank un – mam Loyer d'selwecht bliwwen, an si hunn den Index matgeholl a leien elo 80 bis 90 Euro méi héich wéi mir. An dat hu mer och ugeschwat an hu gesot, datt dat net onbedéngt déi beschten Aart a Weis. Wou mer eis och eens sinn, datt bei deene Fraisen, déi do ufalen, am Januar soll ganz genee kucken, wat déi Fraisen duerstellen, déi si do musse bezuelen. De Gros vun deene Fraisen ass Elektresch an Heizen. Ech mengen, mir fänken awer net u fir dem Wiert dat och nach z bezuelen. Dat analyséiere mer. Am Prinzip ware mer eis awer ronderëm den Dësch eens, datt dee Loyer – wat de Loyer selwer ugeet – net ze héich wier. Mir bleiwen awer do um Ball. Am Januar wäerte mer nach eng Kéier e Gespréich féieren. Mir sinn déi lescht, déi eis wëlle verwieren, wa mer fest géife stellen, datt mer do wierklech wäit iwwer dem Präis géife leien. Wann ech awer aner Servicer kucken a wann ech kucken, wat mer beim Home froen, dat froe mer do scho méi an déi Raimlechkeete si manner grouss wéi déi, déi mer dem Centre QT zur Verfügung stellen. An ech géif och soen, datt fir de Moment ee vun de gréisste Problemer, déi ëmmer waren, war datt net ganz vill Eegeninitiativ do war vun deenen, déi dee Site exploitéiert hunn. Do ass méi dran, wann een sech e bësse géif op d'hënnescht Patte setzen. An ech mengen, dat war an de leschte Joren net garantéiert. Ech hoffen, datt mer elo eng Persoun dra kréien, déi vläicht e bësse méi Initiativ weist. An da gi mer och eens mam Loyer. Mä et ass kloer, datt et kaum verständlech wier, wa mir mam Loyer géifen erofgoen an den Zwëschemann, deen dat da weiderverlount, dee géif op sengem Loyer stoe bleiwen. Da géife mer dem Wiert net vill hëllefen.

Mir bleiwen do um Ball. Mä u sech ware mer eis awer eens, datt dat Ganzt vum Loyer hir net iwwerdriwwe wier. Och wann de Centre QT zou ass. An dee soll jo am Februar / Mäerz erëm opgoen an da si mer erëm e bëssen an enger normaler Situatioun.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech wollt just nach e puer Wierder hannendru soen. Mir waren zesummen an där Reunioun mat der Brauerei an do hu mer nach zwou Saachen decidéiert. Dat éischt ass, wa mer e Kontrakt mat der Brasserie nationale hunn, dass mir an d'Bild gesat ginn, wien wéivill weiderverrechent kritt. Dat hu mer ni gesot kritt an dat hätte mer elo gären an Zukunft. A mir hätten och gären, wa Leit dragesat ginn, datt mer beim Choix vun de

Leit mat agebonne ginn. Esou datt mer gesinn, wat op eis zoukënnt an datt mer dat besser kënne steieren.

A firwat geet dat net mam Loyer? Ma de Loyer ass dat eent an d'Keelebunn ass dat anert. An dee Lien gëtt et net. D'Argument, fir him manner Loyer ze froen, ass u sech kontraktuell net an deem Loyer dran dee mer froen. Well de Loyer fir déi Surface, dee mer froen ass dat eent an dat anert ass separat. Mir halen iech um Lafende wéi et weidergeet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Ech géif nach eng Kéier op d'Participatioun vum Ministère agoen, wat d'Moolzechte vun de Maisons Relaisen ubelaangt. Do hate mir natierlech op der Ausgabesäit bei deenen 860.000 € den Index mat agerechent. Natierlech bleift déi Virwëtztut, wéi de Ministère sech wäert do verhalen. Wat kënnt elo nach do, wéi héich gëtt de Bäitrag vum Ministère? Mir haten elo just nëmme 560.000 € do dran. Normalerweis misst dat jo dann och ugepasst ginn. Et ass jo ëmmer vu ministerieller Säit bemierkt ginn, datt wann d'Mëttegiesse fir d'Kanner sollt gratis sinn, dat keen Impakt op d'Revenue vun de Gemengen hätt. Da misst natierlech och de Ministère deementspriechend seng Bäiträg erhéijen. Mä well jo elo alles vertaagt ginn ass op de September, sëtze mer elo do an der Luucht. Mir wëssen net, wat elo kënnt a mussen ofwaarden a kucken, wéi de Ministère seng Berechnunge mécht.

Da wëll ech nach eng Kéier op de Bäitrag vun deenen 3.500 € fir „activités intercommunales" fir Senioren agoen. Dat steet a mengem Dokument nach ënner „autres loisirs, culture et cultes" an der Rubrik 890. Ech kucken no, firwat datt et an ärem Dokument net dra steet.

Da kommen ech zu der Interventioun a Bezuch op d'Museksschoul. Do ass et esou, wann elo dat neit Gesetz vun der Museksschoul gestëmmt ass, da wäert de Minerval fir d'Cycles inférieurs komplett ewechfalen. Well dat ass esou an deem neie Gesetz ugeduecht, wou mer awer elo nach an den Diskussioune mam Ministère waren, well mer do och déi Inconnue hunn, wéi et da mam Bäitrag fir d'Gemeng ausgesäit. Well dat soll komplett ewechfalen. Da kënnt eng ganz nei Opdeelung fir de Cycle moyen an et kënnt eng nei Opdeelung fir déi méi grouss Cyclen, fir déi, déi an de Moyen ginn, fir déi, déi e gewëssenen Alter hunn, deemno wéi se och aus anere Gemenge kommen. Esou datt e Minerval festgeluecht gëtt, deen net iwwer 100 Euro pro Cours soll erausgoen, egal vu wou d'Kand kënnt. Ob et hei aus der Gemeng kënnt oder aus enger anerer Gemeng kënnt. An do si mer nach effektiv a Gespréicher. Well do sinn nach Inconnuen, well mer do als Museksschoule fäerten, datt mer eng Abouss an de Recettë kréien an datt do d'Charge vun der Gemeng nach vill méi héich gëtt.

Dofir kann ech iech elo do nach keng ganz konkret Äntwert ginn. Do musse mer elo nach ofwaarden. Well mir haten déi doten Thematik elo nach am Syvicol beschwat an de Syvicol huet elo nach eng Kéier eng Demande un de Ministère gemaach – no der leschter Entrevue, déi war – fir ze kucke fir dat doten ze berengegen, fir ganz genee d'Zuelen elo eranzekréie wéi d'Gemeng duerno do stinn. Well dat gëtt e Batz. Dat gëtt wierklech e grousse Chiffer. A wéi mer deen erëm wëllen opfänken a sollen opfänken, dat ass de Moment nach wierklech eng ganz grouss Virwëtztut.

Datt Kanner vun hei an aner Museke spille ginn, esou kënne mir schlecht d'Kanner forcéieren, datt se sollen an der Gemeng bleiwen. Do kann een nëmme just zu deene Museksgesellschafte soen, datt se sollen de Kanner an de Jugendlechen esou eng Thematik ubidden, datt se bei se spille ginn. Maacht mat hinnen esou Projeten, datt se gäre kommen, datt se gären an eng Clique spille kommen, organiséiert hinnen eng Jugendmusek, wou der se wierklech mat Projeten erunzitt. Esou datt déi Kanner och gären dohinner ginn. Well wann d'Kanner nëmme Wiener Walzer solle spillen, da ginn se net dohinner. D'Kanner hätte gäre modern Musek an dofir si mer jo och schonn an der Museksschoul esou wäit gaange fir hinne modern Musek ze bidden, moderne Gesank, aner Instrumenter. Si brauche wuel eng klassesch Ausbildung fir hiert Instrument duerno wierklech gutt kënnen ze harmoniséieren an ze spillen, mä si mussen awer elo kënnen higoen an hir Musek kënne léieren a spillen. Well soss hunn se guer keen Intressi méi fir ze goen.

Déi 100.000 €, déi fir d'Classes de neige do stinn, si geduecht fir een Deel Avancen ze bezuelen. Wann d'Classes de neige geet, da musse mer jo ëmmer am Viraus e gewëssenen Acompte bezuelen an dofir loosse mer och déi 100.000 € am Budget stoen. Mir hunn de Schoulen och erlaabt, fir am Summer eng gewësse Kolonie ze organiséieren. Do sinn och schonn Iddien erakomm, wat se wéilte maachen a wou se wéilte goen. Dat soll en Ausgläich sinn, fir de Kanner ze erméiglechen fir an eng Kolonie ze goen. Well soss géifen se jo bestrooft ginn.

Op d'Bëschcrèche sinn ech jo scho virdrun agaangen.

Beim Précoce zu Lamadelaine hunn ech mat eisen Techniker geschwat. Wann dee Schantjen esou weidergeet wéi en decidéiert ginn ass, da wäerten d'Precoce-Klasse fir d'Rentrée 2022 erëm kënnen zu Lamadelaine an de Centre de loisirs goen. An dat fir déi puer Méint, bis déi nei Schoul mat Maison Relais opgeet a se dann do kënnen eraplënneren. Esou datt mer dann den Transport op Péiteng net méi brauchen ze maachen. Loosse mer hoffen, datt mer duerch Pandemie net erëm zeréckgehäit ginn an datt dee Projet fäerdeg gëtt ewéi ugeduecht.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Beim Pedelec hutt der gesot, datt ech dem Här Becker net geäntwert hätt. Déi Ausso ass net richteg, an ech widderhuelen dann nach eng Kéier dat, wat ech dem Här Becker gesot hat. Ech hat dem Här Becker geäntwert, datt mer dat schonn am Schäfferot thematiséiert hätten an datt et och logesch wier, datt mer och dofir eng Primm géif ginn, an datt d'Reglement am Gaange wier ausgeschafft ze ginn. An da ginn ech och dovunner aus – dat ass nach en Zousaz dozou – datt mer dat wäerten an engem vun den éischte Gemengeréit vum neie Joer dem Gemengerot virleeën.

Bei Système de guidage stelle mer fest, ob et fonctionéiert, wa mer d'Mise en place maachen. Et misst awer technesch méiglech si fir dat ze maachen. Dat sinn op jiddwer Fall déi Äntwerten, déi ech kritt hunn, an dofir ginn ech och dovunner aus, datt dat ze realiséieren ass.

Zu der Remark vun der Finanzkommissioun zu de Sozialwunnenge ginn ech iech komplett Recht, datt déi Projete mussen absolut prioritär realiséiert ginn. Ech denken awer, datt mer um gudde Wee si fir mat deem Haus unzefänken, an dat trotz verschidden Ëmstänn, iwwer déi mer als Schäfferot och net frou waren.

# Gemeinderatssitzung vom 13. Dezember 2021

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

/

### 1. und 2.

Die Punkte 1 und 2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidung zu veröffentlichen:

Personal: Ernennung eines Gemeindeangestellten (m/w) in der Gehaltsklasse C1 für das Generalsekretariat – Beschluss.

Herr Salvatore Vocaturo aus Lamadelaine wurde als Gemeindeangestellter (m/w) in der Gehaltsklasse C1 auf den freien Posten im Generalsekretariat ernannt.

Personal: Ernennung eines Beamten (m/w) in der Gehaltsklasse B1 für die Abteilung für Kindertagesstätten – Beschluss.

Frau Iris Poensgen aus Petingen wird provisorisch als Beamtin in der Gehaltsklasse B1 ernannt.

Personal: Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsklasse B1 im Technischen Amt – Beschluss.

Herr David Cambiotti aus Linger wird als Beamter in der Gehaltsklasse B1 im Technischen Amt ernannt.

Personal: Rücktrittsgesuch eines Gemeindebeamten – Beschluss.

Dem Rücktrittsgesuch von Frau Chantal Karels bezüglich ihres Amtes bei der Gemeindeverwaltung wird ab dem 1. Dezember 2022 stattgegeben.

### 3.1. - Personal.

Schaffung eines Angestelltenpostens (ehemals Arbeiter) in der Laufbahn A4 des Pförtners für die Unterhalts- und Reinigungsdienststelle - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 3.2. - Personal.

Festlegung der Posten des „cadre fermé“ der Gemeindebeamtenlaufbahnen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.1. - Liegenschaften.

Konvention in Bezug auf die Installation einer Trinkwasserleitung und einer Gasleitung zwischen der rue Bommert und der rue des Romain in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.2. - Liegenschaften.

Konvention in Bezug auf die Installation von Versorgungsnetzen am Standort „Am Waelfchen“ in Petingen mit Herr Roger Lepage und Frau Ramona Warlies - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.3. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“ in Rodange mit Herr Marcel Nilles und Frau Liliane Nilles - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.4. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den kostenfreien Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Prinzenberg“ in Petingen von der Gesellschaft HJN GmbH - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.5. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den kostenfreien Erwerb am Standort „rue des Jardins“ von Frau Dawn Buxton - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.6. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den kostenfreien Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue d'Athus“ von der Gesellschaft DS2 Promotions GmbH - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**4.7. - Liegenschaften.**

Akt in Bezug auf den kostenfreien Erwerb eines Grundstücks am Standort „chemin de Brouck“ von Herr Edmilson Jair Rocha Monteiro und Frau Samira Monteiro Da Veiga - Beschluss.

| Beschluss einstimmig. |
|---|

**5. - Verschiedene Ausgaben.**

Personalmitglied, das auf die Kandidatenliste hinzugefügt wird und Recht auf ein Geschenk haben – zusätzlicher Beschluss.

| Beschluss einstimmig. |
|---|

**6. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Diskussionen und Beurteilungen der Gemeinderäte – Antworten des Schöffenrates.

---

# Séance publique du 17 décembre 2021

***Durée de la séance****: 14.15 à 16.50 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absent et excusé:**

| Néant |
|---|

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (14.15 heures)**

1. Personnel: Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières, pour les besoins du service circulation et éclairage public – décision.
2. Enseignement: Approbation de la liste d'ancienneté des instituteurs (m/f) pour l'année scolaire 2021/2022 – décision.

**Séance publique (14.30 heures)**

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   4.1. Désignation d'un délégué aux transports publics – décision.
   4.2. Règlement général des tarifs: modification du chapitre I «Service eau», 2e lecture - décision.
5. Personnel: Protocole d'accord en vue du renouvellement de la convention collective des salariés des communes du sud (CCT-Sud) – décision.
6. Environnement: Programme d'action annuel pour l'exercice 2022 du syndicat SICONA Sud-Ouest – décision.
7. Propriétés: Actes concernant l'échange et l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée», avec les sociétés Kalista Immo SA et Horizon Sud Properties SA – décision.

8. Canalisation: Règlement communal relatif à l'assainissement des eaux – décision.
9. Urbanisation
   9.1. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Lamadelaine, lieu-dit «Im Plon» - décision.
   9.2. Droit de préemption relatif à deux parcelles cadastrales situées à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Montagne» - décision.
   9.3. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, lieu-dit «rue des Jardins» - décision.
   9.4. Droit de préemption relatif à deux parcelles cadastrales situées à Rodange, lieu-dit «Rue de Schiffweiler» – décision.
   9.5. Demande de lotissement / morcellement de la part de Mme Marie-Thérèse Ettinger en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Robert Krieps» - décision.
   9.6. Demande de lotissement / morcellement de la part de PRL SARL en vue du morcellement de trois terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart» - décision.
   9.7. Demande de lotissement / morcellement de la part de M. Alen Miftari en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Guillaume» décision.
10. Vie associative: Modification du règlement sur l'octroi des subsides aux sociétés – décision.
11. Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022
   11.1. Travaux extraordinaires
      11.1.1. Installation d'un système de guidage pour piétons: vote du devis – décision.
      11.1.2. Travaux à exécuter dans l'intérêt de la voirie rurale: vote du devis – décision.
      11.1.3. Travaux d'agrandissement de la salle de tennis de table à Lamadelaine: vote du devis adapté – décision.
      11.1.4. Travaux d'isolation de la toiture de l'Hôtel de Ville à Pétange: vote du devis – décision.
      11.1.5. Travaux d'installation de deux nouvelles chaudières à l'école «Am Park» à Pétange: vote du devis – décision.
      11.1.6. Installation d'un nouvel écran tactile à l'espace muséologique «9/44 - We shall never forget» en la Maison Rouge à Pétange: vote du devis – décision.
      11.1.7. Travaux de remise en état des pistes de quilles du centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du devis adapté – décision.
      11.1.8. Travaux de renouvellement des installations électriques et de l'éclairage des pistes de quilles et des tribunes du Centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du devis – décision.
      11.1.9. Travaux de renouvellement des installations techniques et des bassins de la piscine «PIKO» à Rodange: vote du devis adapté – décision.
      11.1.10. Travaux de remise en état et d'amélioration de la façade et des coursives de la maison relais «Dachse vun der Bich» à Rodange: vote du devis – décision.

11.2. Votes du budget rectifié de l'exercice 2021 et du budget initial de l'exercice 2022 – décisions.

---

# COMPTE RENDU

## 1. et 2.

**Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

Le conseil communal a décidé de rendre public la décision suivante:

Personnel: Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières, pour les besoins du service circulation et éclairage public – décision.

**M. Martins Ferreira Marco, de Rodange, est nommé provisoirement aux fonctions de fonctionnaire dans le groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal).**

## 3.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hunn u sech 2 Äntwerten ze ginn, wou ech vun de Conseillere Patrick Arendt a Romain Becker eng Fro gestallt krut. Den Här Arendt huet mir am November e puer Froe gestallt an ech wëll him dann och dorop äntweren.

Déi éischt Fro, déi hie mir gestallt hat, ass ëm de Projet vun engem „tiny forest“ gaangen. Deen hu mir effektiv 2022 virgesinn. Mir hu geplangt, esou e Minibësch an engem moderne Wunnlotissement um Gebitt vun der Gemeng Péiteng unzeleeën. Wou genee, dat musse mir nach kucken, dat muss nach definéiert ginn. An déi néideg Gréisst vun engem Minibësch ass méi oder manner d'Gréisst vun engem Tennisfeld. Also méi oder manner 200 m2.

Déi aner Fro zum Weier „Partunika“, deen ass an der Cité „An de Jenken“ a gouf als „Rückhaltebecken“ ugeluecht. Hei sinn Ënnerhaltsaarbechten ëm de Weier virgesinn. Déi lescht Woch ass do mat ProActif ugefaange gi mat schaffen, a mir fannen dee Punkt och nach eng Kéier bei der Presentatioun vum Budget vum Sicona erëm.

De japanesche Knöterich souwéi d'indesch Springkraut sinn invasiv Aarten a kënnt beim Bëschweier um Hierschtbierg vir. Mir gi beim indesche Springkraut esou vir, datt mir déi ganz Planz mat der Wuerzel erausrappen.

Dat mam Waasser, dat musse mir nach nokucken, dat schéngt nach onkloer ze sinn. Do komme mir nach zu engem spéideren Zäitpunkt zeréck, an do musse mir eng Kéier selwer op der Plaz kucken.

Dann hat den Här Becker iwwer d'Projete vun „Aides au Tiers Monde" gefrot. Mir hunn iech d'Ufroen, déi mir fir 2021 kruten, an den Dossier derbäi geluecht. Dat waren 12 Demanden, et sinn der 4 zeréckbehale ginn. D'ASTM ass d'office all Joer virgesinn. Am Dossier hutt dir awer och virfonnt, datt mer eng Opléschtung gemaach hunn, wien alles do eppes kritt huet vun 2000 un. Fir et kuerz zesummenzefaassen, wou mir Hëllef zoukomme gelooss hunn: dat ware 17 Mol um afrikanesche Kontinent, 9 Mol um Amerikaneschen, 3 Mol um Asiateschen an 2 Mol an Europa. Et ware bis elo 30 verschidde Länner ugepeilt, an et si ronn 623.000 € den ONGe bis elo zegutt komm.

**Becker Romain (déi gréng):**

Här Mertzig, ech soen iech villmools Merci fir déi Informatiounen. Ech hat et schonn e puer Mol gefrot. Hei sinn déi, déi mir ënnerstëtzen. Wat mir feelt dat wier e Gesamtlisting vun den Demanden, och mat deenen, déi mir net ënnerstëtzen. Einfach well mir dobaussen als Conseiller ugeschwat ginn, ob mir hir Demande kritt hu vun iergendenger ONG. An da muss ech soen, ech weess et net, ech ginn dat net gewuer. A wann si froen ob si eppes kréien, dat weess ech och net, well dat gi mir och net gewuer. Meng Fro war fir eng Lëscht ze kréie mat den ONGen, déi eng Demande maachen. An da gesi mir duerno jo, wien ënnerstëtzt gëtt, well mir dat jo selwer hei mat stëmmen. Einfach all déi ONGen, déi eng Demande maachen. Dat war u sech meng ursprénglech Fro.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dofir hu mir déi emol vun 2021 bäigeluecht. Mir sinn an enger Budgetswoch, an dat anert war mir zevill zäitopwänneg fir dat nach ze maachen. Elo muss een och kucken, wéi wäit mir dat nach zeréckfannen. Ech mengen awer, datt mir do déi lescht 5 oder 6 Joer ouni Problemer zeréckfannen an datt ech iech dat dann ufanks 2022 maache mat all deenen ONGen, déi eng Demande gemaach hunn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech soen iech villmools Merci. Denkt net, et wier fir iech all z'emmerdéieren, ma et ass einfach eng Saach vun Transparenz. Ech fannen net, datt mir als Conseiller dobausse mam Fanger am Mond solle stoe wa mir vu Kolleegen aus ONGe gefrot ginn, wéi dat ass a wat do geschitt.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech mengen, ech hunn iech jo an deem Sënn do eppes gesot. Et ass jo net verbueden, eppes nozefroen oder och emol fir deen een oder aneren eng Lanz ze briechen.

## 4.1.

### Administration générale.

Désignation d'un délégué aux transports publics – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Do ass effektiv de Staat un eis erugetrueden, datt mir sollten en „Délégué aux transports publics" designéieren, deen u sech d'Koordinatioun mécht wat am Kapitel 4 virgesinn ass. Ech liesen iech dat kuerz vir: „Les interventions des communes. Le conseil communal désigne pour la durée de son mandat, parmi ses membres, un délégue aux transports publics. Le délégué communal aux transports publics a pour mission d'assurer la communication entre la commune et ses habitants et l'administration pour toute question des transports publics et d'information afférente du public concerné." Do hu mir u sech dat wouer geholl. Dat ass awer, an dat muss ee wëssen, esou, datt een dat net alles ka selwer maachen an dat ech schonn do wäert déi Verantwortung droen, ma datt duerno sech e Beamten dorëms wäert këmmeren. Dofir géif ech och virschloen, hei en Delegéierten ze designéieren. A mir géifen da virschloen, datt dat meng Persoun wier, déi deen Titel da géif kréien an dat dann och géif koordinéieren.

**Par 14 voix 'Oui', 1 voix 'Non' et 2 abstentions, M. Romain Mertzig, échevin, est nommé délégué aux transports publics.**

## 4.2.

### Administration générale.

Règlement général des tarifs: modification du chapitre I «Service eau», 2e lecture – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Do geet et ëm eng „rélecture" vum „Règlement général des tarifs: modification du chapitre I - Service eau". Do hate mir entscheet, fir d'Präisser vun deenen eenzele Compteuren – jee nodeem ob et een oder zwee Compteure sinn oder ob et der méi si bei enger Residenz – ze definéieren. Mir haten dat ageschéckt an de Ministère huet eis gesot, mir missten am Virfeld en Avis vum Waasserwirtschaftsamt hunn. Dat wousste mir am Kader vum Waasserpräis. Mir haten awer net geduecht, datt dat och noutwenneg wier am Kader vum Präis vun den eenzele Compteuren. Well a ville Gemenge ginn déi Compteure jo vu Privatbetriber opgehaangen an ech gleewen net, datt déi d'Waasserwirtschaftsamt froen, wat se kënne berechnen. Bon, hei maache mir et, an dofir si mir anere Reegelen ausgesat. Mir hunn den Avis ugefrot, den Avis ass och positiv. Et war och net vill anescht z'erlaben, well en ass käschtendeckend. Elo, fir all Diskussioun aus de Féiss ze goen, wollte mir datselwecht an enger zweeter Lecture guttheesche loossen. Mat deemno eisem Avis vum Waasserwirtschaftsamt, dee positiv ass. An da kënne mir definitiv dat Reglement applizéieren.

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 5.

### Personnel.

Protocole d'accord en vue du renouvellement de la convention collective des salariés des communes du sud (CCT-Sud) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Net méi spéit ewéi den 2. Dezember hu mir de „protocole d'accord" fir déi nei Konventioun vum Kollektivvertrag vun de Südgemengen ënnerschriwwen. Deen ass da gülteg vum 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2021. Mir si relativ spéit an där Zäit, wou mir elo ukomm sinn. Mir sinn awer ukomm, wat awer och gutt ass. De Covid huet och esou munches dozou bäigedroen, datt mir net esou gutt weiderkomm sinn ewéi mir wollten.

Wat hu mir gemaach? Dat kann een an de 16 Artikele vum Protokoll liesen. Et kann een dat esou zesummefaassen, datt ee seet, mir hunn am Fong Dispositiounen eriwwergeholl, déi et beim Staat an eventuell bei de Beamte gëtt. An zwar hu mir den CET agefouert. Dann hu mir och d'„frais de déplacement" mat 0,3 € pro Kilometer ugeféiert. Dat anert si ganz vill

technesch Saachen. Wann dir Froen hutt, ech géif iech gären dorop äntweren. Wichteg ass och ze soen, datt et eng gutt Diskussioun war. Mir sinn eis duerno eens ginn. Si hate méi Fuerderungen, also si wollte méi kréien ewéi si kritt hunn.

Wat wichteg ass, dat dass, datt mer, esoubal déi nei Period ufänkt op den 1. Januar, eis mat deene Punkte befaassen, déi mir reportéiert hunn ewéi zum Beispill iwwer d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbecht, fir eng „prime de permanence" vun 20 Punkten anzeféieren, fir den Tuteur ze generaliséieren.

Wat wichteg ass, d'„plans d'organisation de travail" solle kommen. Et gi verschidde Carrièren ewéi d'W-Carrière, déi ginn ofgeschaf. An da gëtt och eng sougenannte „Prime de responsabilité particulière", déi et jo och scho beim Staat, bei der Polizei gëtt, agefouert. Dat heescht, déi zwee Regime komme mateneen. Wat et d'Gemengen elo kascht, dat hänkt vun de Gemengen of. Fir déi eng kascht et méi, fir déi aner kascht et manner. Mir haten um Ufank 1% gesot, mat et gëtt éischter eng 3 bis 4% Erhéijung. Da wësst dir ongeféier global wat et heescht.

Wéi gesot, et war eng gutt Diskussioun. Heiansdo eng hefteg Diskussioun, awer trotzdeem gutt a konstruktiv. Dir hatt jo och an der Press gelies, et wieren net genuch Leit vun de Schäfferéit do, ma dat war éischter Taktik. Ech mengen, et ass hei drëm gaangen, datt mir eis eens goufen. Mir waren all frou, an den 2. Dezember hu mir dat Ganzt ënnerschriwwen a mir wäerten elo am Fréijoer schonn erëm zesummekomme fir deen nächste Kollektivvertrag.

**Breyer Roland (CSV):**

Et ass scho bal eng Traditioun, datt d'Kollektivverträg praktesch ëmmer fäerdeg gi wann se sollen nei ufänken. Et ass en Enchainement. Praktesch 5 Joer gëtt dru geschafft, da gëtt ofgeschloss, an da geet et schonn nees nei un. Dat bedéngt natierlech ëmmer, datt vill Saache retroaktiv gerechent musse ginn, wat net gutt ass.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dës Kéier net, neen.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech hat gemengt, ech hätt eppes fonnt dran.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et ass déi eng oder aner Saach dran. Si wollte ganz vill Saache retroaktiv kréien. Wat awer ganz wichteg ass, a mir hunn eis d'Wuert ginn, datt et esou séier ewéi méiglech an 2 oder 3 Méint lass geet. Dat heescht mir wëllen net nach eng Kéier déi Situatioun hei kréien. Si hate vill méi Saache retroaktiv gefrot. Et sinn der e puer, déi retroaktiv sinn, awer se kaschten net deier, well se just e puer Leit betreffen. Ë.a. den éischte Punkt, den Artikel 1 mengen ech.

**Breyer Roland (CSV):**

Den Artikel 7 op alle Fall.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Z. B. „Le paiement d'une prime unique pour les salarié(e)s n'ayant pas bénéficié immédiatement de l'augmentation de l'échelon fin de carrière", oder och „Aquisition de la prime spéciale mensuelle", déi op den 1. Januar 2022 bezuelt gëtt. Also et sinn der dran. Mir hunn an e puer Punkten noginn, awer am grousse ganzen hu mir hinnen net generell all déi Dispositiounen, déi si gefrot hunn, ginn. Ma mir hunn e gutt globaalt Bild kritt, e gudde Kompromëss gemaach. A wéi gesot, ech ginn dovunner aus, datt ech schonn am Februar oder Mäerz mat hinnen um Dësch sëtze fir als Personalvertrieder vun der Gemeng. An da kucke mer weider.

**Breyer Roland (CSV):**

Et ass jo kee schlechte Kollektivvertrag gewiescht. Et si Politiker, déi an der Zäit gesot hunn, de Kollektivvertrag vun de Südgemenge wier dee beschte vun der ganzer Welt an den „alentours".

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Wann een deene Gewerkschaften, déi um Dësch sëtzen, dat seet, da soen si, et wier net méi wouer.

**Breyer Roland (CSV):**

Et sinn anerer, déi soen, et ass eng „surenchère" gemaach ginn. Just nach eng Fro. Et huet mech e bësse gewonnert, datt et elo 10 Congésdeeg gëtt wann een eng Gebuert huet. Dat ass déck an d'Luucht gaangen. Ob wat ass dat begrënnt?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech hat dat och an der Aleedung gesot. Mir hunn eis de Fonctionnairen ugepasst. Dat heescht, dat gëtt et bei de Beamten. Den CET ass jo och éischter eng Ausnam bei engem Salarié par rapport zu engem Beamten. Mir hunn et awer agefouert. Et ginn aner Primme bei de Salariéen, mir hunn awer elo d'Primm vun 0,30 € agefouert well et se bei de Beamte gëtt. Dat heescht, mir hunn se un de Beamtesystem ugepasst.

**Accord à l'unanimité.**

## 6.

### Environnement.

Programme d'action annuel pour l'exercice 2022 du syndicat SICONA Sud-Ouest – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei hu mir de „programme d'action annuel" fir den Exercice 2022 vum Sicona Sud-Ouest virleien. Mir hunn en ordinäre Budgetsprojet virleien, deen sech op 18 Artikele bezitt an déi och hei am Tableau eenzel festgehale sinn. Et ass esou, datt dat sech mat engem Budget nidderschléit vun 309.242,45 €, wou awer 124.000 € zu Laaschte vum ordinäre Budget vun der Gemeng sinn. Well d'Subsiden, déi mir vum Staat kréien, ginn direkt un de Syndikat iwwerwisen, esou datt dann nach déi 124.000 €, déi mir och am Budget fir 2022 virgesinn hunn, op eise Budget zeréckschloen. Ech géif iech bieden, averstanen ze sinn, datt dës Aarbechten ausgefouert ginn an och de Budget guttzeheeschen iwwer 309.000 €, an domat 124.000 € zu Laaschte vun der Gemeng.

**Arendt Patrick (CSV):**

Ech si fir d'éischt emol immens frou, wann ech gesinn, datt d'Bestandsanalys vun den Amphibien dran ass an den Inventar vun der Waasserflora, eppes wat ech an deene leschte Joren ëmmer erëm gefuerdert hunn. Ech sinn och elo frou, datt dat dës Kéier drasteet. An da wollt ech awer froen, wéi et ass mat der Kooperatioun mat de Baueren. Ech hat dat d'lescht Kéier an der Budgetsdebatt ugeschwat. Et ass jo ganz kloer, datt d'Baueren d'Randsträifen der Natur e bësse sollen zeréckginn, datt d'Natur do eng Plaz fënnt, wou se sech kann entfalen. Ech weess, datt mäin Namensvetter, de Biobauer Arendt, do matmécht. Ma do ass einfach meng konkret Fro, Här Mertzig, wien do alles hei an der Gemeng involvéiert ass an ob do eng Campagne gestart gëtt fir do ëmmer méi Baueren un déi Moossnamen erunzezéien?

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Et ass richteg, wéi dir sot, mat deem Projet Fauna Flora. Ech sinn och frou, datt deen drakomm ass. Dat gëtt ëmmer an

Zesummenaarbecht mat der Sicona festgeluecht. Wat d'Kooperatioun mat de Baueren ugeet, do ass just ee konkreten, vun deem ech weess, well hien och nach selwer an deem Beruff schafft. Et ass effektiv virgesinn, d'Randsträifen, déi Hecken z'erhale respektiv Hecken ze setzen, well dat e wichtege Raum ass fir kleng Déieren a Villercher. Wat elo déi aner Leit ugeet, do kann ech iech keng Nimm nennen a soe wéivill Leit do matmaachen, well mir u sech hei an der Gemeng d'Situatioun hunn, datt vill Terraine verpacht sinn an ech keng Nimm kann op déi Terrain setzen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

D'lescht Joer stoung schonn am Budget vun der Sicona dran, datt se am Park Maragole, dat ass am Plon bei eis, soll e Weier ugeluecht ginn. Dee sollt schonn d'lescht Joer ugeluecht ginn an elo steet en nees dran. D'Leit froen da wéini e kënnt. Dat ass déi Fro, déi ech wollt stellen.

An dann, wann eppes do futti ass, hunn d'Leit bei d'Sicona ugeruff an dann huet d'Sicona gesot, si wieren net dofir zoustänneg, si géifen net do schaffen. Jo, rifft een dann d'Sicona oder de Fierschter un? Wann een de Fierschter urifft, dee kënnt och kucken. Awer wann d'Sicona do mat betraff ass, da kënnen se dach net soen, si hätten näischt domat ze goen. Dat ass just meng Fro, déi ech wëll stellen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Esouwäit ech matkritt hunn, ass dëst Joer effektiv virgesinn, datt déi Weieren ugeluecht ginn. Och Sicona hat d'lescht Joer Problemer, alles realiséiert ze kréien duerch déi Ëmstänn, déi mir kennen. Am Prinzip ass et d'Sicona, déi do schafft an de Fierschter weess dacks Bescheed. Dat Ganzt soll awer eng Zesummenaarbecht tëscht deene verschiddenen Instanze si wat d'Gemeng, d'ANF an d'Sicona ugeet. Ech géif iech och proposéieren – wann dir keng kloer Äntwerte kritt – op mech zeréckzegräifen, well da kann ech och nach eng Kéier nofroen. Ma am Prinzip ass d'Aufgabegebitt, datt do geschafft gëtt, ganz kloer opgedeelt, datt dat de Sicona sollt sinn.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Jo, et hat eng Damm mech drop ugeschwat, well jo ëmmer deen Drot futti ass. Schonn d'lescht Joer. Ech sot, normalerweis wier de Sicona zoustänneg. Si huet och dohinner ugeruff, well si war zweemol gefall, an d'Sicona huet hir geäntwert, si géifen do net schaffen, dat wéissten si net an si hätten domat näischt ze dinn. Si huet duerno bei de Fierschter ugeruff, an do ass et och an d'Rei gaangen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Wat och wichteg ass - an dat huet näischt direkt mam Sicona ze doen – ass, wa Reklamatiounen um Telefon gemaach ginn, da kritt een och Äntwerten um Telefon. Wichteg ze wëssen ass: wéini war et a mat wiem hunn ech geschwat. Well mer wëssen, datt ëmmer méi Leit do schaffen, dann ass et heiansdo schwéier nozevollzéien, wien et war. Heiansdo kann et awer och sinn, datt d'Leit et vläicht net woussten, an da kann een awer soen, si sollen hir Leit an d'Bild setzen. Natierlech wann een net weess, wien et war, dann ass et och schwéier fir eppes dropzesetzen. Schlussendlech hale mer jo fest, datt et an d'Rei gaangen ass, wat do dat Wichtegst dobäi war.

**Accord à l'unanimité.**

## 7.

### Propriétés.

Actes concernant l'échange et l'acquisition de terrains sis à Rodange, lieu-dit «A la Croix Cassée», avec les sociétés Kalista Immo SA et Horizon Sud Properties SA – décision.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Hei geet et ëm Akten am Kontext vun engem Compromis, dee mir de 15. Mäerz 2019 ënnerschriwwen an den 29. Abréll 2019 am Gemengerot haten. Do geet et ëm en Tosch vun Terrainen tëscht eis an engem Promoteur. Engersäits kritt deen Terraine fir weider Eefamilljenhaiser opzeriichten, an anersäits kréie mir Terrainen, déi eis wichteg si fir zesummenhänkend Terrainen ze hunn an der „Croix cassée" hanner der Päesch-Schoul fir do kënnen eis Schoul, eis Maison Relais, eis Sportshal an eise Parking ze bauen. Et ass eng „Win-Win"-Situatioun fir béid. Mir hunn elo d'Akten – et sinn 2 Akten – an den Notaire huet eis drop opmierksam gemaach, datt d'Terrainen net alleguer an enger Societéit sinn. Dat huet et esou un sech wann ee mat Promoteuren ze doen huet. Do hunn ëmmer méi Gesellschaften hir Fanger am Spill. Dat heescht, datt mir en éischten Akt maache mat enger Firma, wou mir en Tosch maachen a mat enger zweeter, wou mir Terraine kafen. Ma dat ass just eng Fro vun der gesellschaftlecher Opdeelung vun deem Betrib. Wichteg ass fir eis, datt mir déi Terraine kréien an datt mir dee Projet, dee mir och an eisem Budget stoen hunn, kënne realiséieren. Et ass e Projet, dee wichteg ass fir d'Entwécklung vun eiser Péitenger Gemeng.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et huet zwar vläicht näischt direkt mam Akt ze doen, awer mat dem ganze Site. Dee leschte Méindeg hat ech gefrot, datt vun der Fontaine-Strooss jo e Wee dohinner geet. Dat stéisst jo alles do zesummen. Dat heescht deen een Deel ass jo duerno mat der Cité verbonnen. Do hat ech keng Äntwert kritt. Kéinte mir do scho vläicht elo Dreckskëschten dohinner setzen, ier d'Cité gebaut gëtt. Well et grenzt jo alles un dee Site, wou mir elo Akte maachen. Et dauert jo bis dat alles do gebaut gëtt, mä elo schonn Dreckskëschten op deem Wee ze hunn, wier net schlecht.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat do schéngt mir keng Saach vun der Onméiglechkeet ze sinn. Et schéngt mir och eng Evidenz ze sinn, datt mir dat kënne maachen. Sot mir duerno eng Kéier genee, wou.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Mir wäerten et och dës Kéier net matstëmmen, well et net am Kontext vun eiser Logementspolitik ass fir e Projet ze maachen, wou duerno keen erschwéngleche Wunnraum entsteet, mä de Promoteur duerno de grousse Beneficiaire ass, deen do säi Profit draus kann zéien. Wann ee schonn esou Terrainen huet, da muss et déi ëffentlech Hand sinn, déi do muss baue fir datt d'Leit kënne bezuelbare Wunnraum hunn an net déi Terrainen nach un e Promoteur ofginn, deen e schéine grousse Projet mécht, wou awer just sengem Bilan wäert déngen an net de Leit d'Méiglechkeet gëtt fir do ze wunnen.

Ech hat iech och virun annerhallwem Joer, wéi mir de Projet haten, gefrot, wéi et ass mat deenen zwee gréisseren Haiser ganz ënnen um Projet. Do hate mir nach iwwer déi Strooss geschwat an esou weider. Elo hunn ech am Dokument, dat mir kruten, gesinn, datt et just nach een Haus mat engem grousse Gaart ronderëm ass. Vläicht hutt dir do e puer Erklärungen, wéi dat do geännert ass. Ganz ënnen um Plang gesitt dir, datt e Risenhaus do gebaut gëtt. Et ass elo nëmmen eng Strooss. E muss elo net méi mam Noper eens gi wéinst der Strooss, déi, wéi mir gesot hunn, e bësse kleng war. Ma elo ass do e Risenhaus. Wéi kann dat eigentlech sinn, wa mir schonn eng Knappheet u Wunnraum hunn? Firwat entsteet do esou e Risenhaus, wou mir eigentlech kéinten esou vill méi Wunnunitéite baue wa mir et schonn engem Promoteur an e Projet ginn. Allgemeng si mir Piraten der Meenung, datt déi

ëffentlech Hand soll baue fir bezuelbare Wunnraum an net d'Promoteuren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ma da muss ech soen, datt dir Piraten är Meenung musst geännert hunn, well den 29. Abrëll 2019 hutt dir iech mat deem Tosch averstanen erkläert. Ech wëll dat just hei erkläert hunn. Ech mengen, et sinn och nach vläicht aner Leit heibannen, déi sech nach dorunner kënnen erënneren. Dir vläicht net méi. Dat ass dat eent.

Mir schwätzen och net nëmmen iwwer de PAP a wat do gebaut gëtt. Ech hunn iech gesot, do ginn Eefamilljenhaiser gebaut – ob grouss oder kleng, et ginn Eefamilljenhaiser – an dat war d'Basis dovunner. Mir sinn elo hei net am Kader vun deem PAP. Ob dee gutt oder net gutt ass, dat hu mir virun enger Zäit diskutéiert. Mir schwätzen hei vun engem Tosch. Engem Tosch, dee fir mech primordial ass fir d'Entwécklung vun eise Schoulen an eiser Gemeng. A wann dir mengt, mir bréichte keng Schoulen ze bauen, dann ass dat är Vue vun der Saach. Da musst dir de Leit erkläre firwat mir déi Terrainen, déi mir brauche fir Schoulen ze bauen, net wëlle kafen. Well et muss ee wëssen, am Liewe kritt een net nëmmen alles geschenkt. Wann een heiansdo en Deal mécht, da mécht een en Deal. An den Deal, deen de Gemengerot a sengem Compromis vum 29. Abrëll 2019 festgehalen huet - mat de Votte vum Här Goergen an dem Här Welter – war, datt mir hinnen Terraine ginn hu fir Eefamilljenhaiser ze bauen, an datt mir onëmgänglech Terraine krute fir eng Schoul ze bauen. Wann dir elo definitiv sot, mir brauchen déi Schoul net, da kann een doriwwer nach eng Kéier diskutéieren. Dat hätt een awer vläicht am Kader vum Compromis missten diskutéieren an net am Kader vum Akt. Well den Akt ass eigentlech eng Konkretiséierung vun enger Entscheedung, déi de Gemengerot eng Kéier hei eestëmmeg – an ech wëll dat nach eng Kéier hei präziséieren – geholl huet. Mir kënnen natierlech net als Schäfferot anescht entscheede fir dat ze aktéiere wann dir eng Kéier esou an eng Kéier esou sot. Mir hunn een Optrag krut, wéi mer de Compromis decidéiert hunn an approuvéiert krute vum Minister, fir dat ze aktéieren. An da kënne mir natierlech net op eemol soen, mir haten dat net esou gemengt. Neen, mir hunn dat hei entscheet. An ech maachen e groussen Appell hei un all Member vum Gemengerot, datt, wann en eng Kéier eng Entscheedung getraff huet, en op d'mannst de Courage huet zu där Entscheedung ze stoen an net all zwou Minutte seng Meenung ze änneren. Well dat gëtt et ganz schwéier als Schäfferot ze wëssen, a wat fir eng Richtung mir dat sollen exekutéieren. Dat wëll ech hei gesot hunn.

Nach eng Kéier: mir hunn den 29. Abrëll eestëmmeg hei am Gemengerot entscheet, deen Tosch vun Terrainen ze maachen. De Schäfferot huet doropshin seng Demarchë gemaach fir dat ze aktéieren, an da kënne mir net, wann den Akt um Dësch läit, net soen, dat wollte mir net. Esou kann ee keng Politik maachen. Definitiv net. An der Oppositioun kann een dat maachen, ma wann een an der Majoritéit ass, da kann een dat definitiv net maachen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Ech géif awer gären dorop reagéieren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da sinn ech gespaant.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Dir kënnt gespaant sinn. Ech mengen, mir sti jo zu eiser Politik, datt mir dat kritesch gesi mat esou Promoteuren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Neen, dir stitt net zu ärer Politik. Dir hutt den 29. Abrëll entscheet ... .

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Loosst mech dach ausschwätzen. Ech hunn iech och ausschwätze gelooss.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Jo, 't ass gutt.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Mir hunn dat jo deemools am Gemengerot erkläert kritt, dat stëmmt. Et war och vläicht eise Feeler, datt mir deemools net scho Recherchë gemaach an dat nogekuckt hunn. Wéi dësen Dossier awer elo komm ass, do hu mir nach eng Kéier alles nogekuckt a gesinn, datt déi Terrainen do vun enger Valeur, wou mir och elo eng aner Valeur gesot kruten – ech wollt dat awer alles guer net an deem dote Kontext zielen – a mir hu bei enger Agence nogefrot, wat d'Valeur ass. An déi hunn eis en aneren Devis, eng aner Expertise gemaach wéi dat, wat hei am Dokument ass.

Dir musst iech dat awer och emol virstellen. Dir als Schäfferot hutt vill méi Informatiounen. Mir hunn deemools, nodeems mir deen dote Punkt gestëmmt hunn, dat och bei eis intern nach eng Kéier gekuckt. An natierlech ware mir deemools noléisseg a gegleeft a gesot, OK, et geet ëm d'Schoul. Datt et awer drëm gaangen ass, datt dee Promoteur déi Terrainen duerno hëlt fir datt hien do säi Profit ka vergréisseren, dat ass eis duerno eréischt opgefall. An dat ass sécherlech och e Feeler, dee mir gemaach hu mat der „Croix cassée“. An dat ass sécherlech e Feeler, datt mir am Ufank net genuch gepréift hunn, an dozou sti mir och.

Mir hunn dat Ganzt elo nogesicht, mir hunn déi Firmekonstrukter vun deem Här nogesicht. An ech kann iech soen, dat sinn Honnerte Säiten am Dossier. Et ass eise Feeler, datt mir dat deemools net gemaach hunn. Ma mir sinn awer elo drun, a mir kucken déi Dossiere vun deem Här nach weider no.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech soen iech Merci fir dat Zougeständnes, datt dir e Feeler gemaach hutt. „On prend acte“, datt dir e Feeler gemaach hutt. Trotzdeem muss ech iech soen, datt mir als Schäfferot den Exekutiv vum Gemengerot sinn. A mir mussen – an dat misst dir eigentlech als Parlamentarier wëssen –, a mir sinn dozou ugehale fir dat, wat de Gemengerot entscheet, ëmzesetzen. A wann de Gemengerot hei e Compromis eestëmmeg decidéiert, dann ass et dem Schäfferot seng Flicht fir dat ëmzesetzen. An da wëll ech hei keng Kritik vu Leit, déi dann hei e Feeler gemaach hunn – „j'en prends acte“ – ma da musst dir fir déi Feeler riicht stoen an da musst dir och riicht stoe fir dat, wat dir deemools entscheet hutt. Dir hutt deemools entscheet, den Tosch ze maachen. Vläicht „sans connaissance de cause“, dat ass äert Recht fir Entscheedungen hei ze huelen ouni am Bild ze sinn. Ech deelen awer déi Konklusioun, déi dir maacht, definitiv net. Et ass kee Geschäft, wou am Intressi vum Promoteur ass. Et ass e rengen Tosch vun Terrainen, deen am Intressi vun der Allgemengheet ass. Dat ass meng Vue. Är Vue ass vläicht eng aner, dat akzeptéieren ech. Ma déi hätt dir mussen huelen am Compromis. An dann nach, wann dann d'Majoritéit géint är Stëmm entscheet, dat ze maachen, dann ass dat hiert gutt Recht. Wat ech awer definitiv net akzeptéieren, dat ass, datt een haut bei engem Akt eppes a Fro stellt, wat ee selwer mat entscheet huet. An dee Reproche, wou dir dat jo elo agestanen hutt, musst dir iech gefale loossen. Dir fänkt un, hei eng Decisioun, déi dir geholl hutt, 2 Joer duerno a Fro ze

stellen. „J'en prends acte“. Ech akzeptéieren, datt dir do e Feeler gemaach hutt. Dat ass an der Rei. Ech fannen et awer net gutt als deejéinegen, deen am Numm vun der Gemeng muss verhandele mat Leit an am Numm vun der Gemeng mat de Leit muss en Akt maachen, wou de Gemengerot dat entscheet huet. Wéi sti mir als Gemeng do? Mir sti jo do ewéi Daboen. Mir entscheeden hei eppes, mir aktéieren dat beim Notaire an da soe mir op eemol, mir sinn net averstane mat deem, wat mir entscheet hunn. Ech mengen, do steet een awer net méi ganz glaubhaft do. Awer dat ass är Responsabilitéit, ob dir esou wëllt stoen. Ech wëll dat awer hei ganz kloer soe loossen, datt mir eis als Schäfferot dat do net kënnen an däerfe gefale loossen, well mir aktéieren hei just eppes, wat de Gemengerot hei – an ech betounen et nach eng Kéier – eestëmmeg decidéiert huet. A fir dann e Reproche gemaach ze kréien, datt een hei en Akt mécht, deen een elo op eemol net méi gutt fënnt, well een sech elo op eemol Gedanke gemaach huet iwwer dat, wat ee virun 2 Joer entscheet huet, dat ass är Approche, ma dat fannen ech net an der Rei. A wann een eng Kéier esou eng Entscheedung getraff huet, da muss een och zu esou enger Decisioun stoen. Dat gehéiert zu engem politeschen „Know-how“. An da seet ee vläicht, déi nächste Kéier muss ech et besser maachen. Awer fir elo am Nachhinein dat a Fro ze stelle wat ech selwer entscheet hunn, dat fannen ech net gutt. Dat wëll ech hei just gesot hunn.

**Martins Dias André (CSV):**

Mir stëmmen haut hei den Notairesakt betreffend den Tosch vun de besoten Terrainen, esou wéi dat schonn 2019 mam Ënnerschreiwe vum Compromis vum Gemengerot – eestëmmeg – ofgeseent gouf. Wéi dir wësst, ware verschidde Memberen aus eiser Partei nach net derbäi, ech selwer mat abegraff. Mir sinn awer frou, datt mir haut dierfen derbäi sinn, wou e wichtege Meilestee geluecht gëtt fir laangfristeg d'Kapazitéiten ofzeséchere fir eise Kanner eng gutt Bildung kënnen ze garantéieren. Mam Bau vun engem neie Schoulgebai mat 16 Klassesäll, enger Maison Relais fir 200 Kanner, enger neier Sportshal an engem ënnerierdesche Parking wäerten d'Konditioune fir d'Awunner vu Rodange, awer och fir all déi Leit aus eise Veräiner, déi reegelméisseg Sportinfrastrukture brauchen, verbessert ginn.

Den 2. Dezember 2021 huet den Här Goergen dëse Verkaf vun de Gemengenterrainen un e Promoteur op de soziale Medien un de Pranger gestallt an esou den Tosch bei de Bierger an en däischtert Liicht geréckelt. An dëst obwuel hie selwer de Compromis den 29. Abrëll 2019 selwer matgestëmmt huet. Wat hien natierlech net bei säi Kommentar dobäigeschriwwen huet. Deemools, 2019 an och haut dësem Tosch zouzestëmmen ass déi eenzeg richteg Entscheedung, déi een huele ka wann ee bedenkt, datt d'Gemeng soss keng Méiglechkeet gehat hätt fir hei dës Infrastrukturen ze bauen. An op där aner Säit hätten héchstens 2 bis 3 Haiser op Gemengenterraine kënne gebaut gi well eng Rei Parzelle gefeelt hunn. Woubäi duerch d'Zesummeleeë vun den Terrainen elo 6 Eefamilljenhaiser kënne gebaut ginn. Wunnraum, op deen een hautdesdaags op kee Fall verzichte ka wann ee weess, wéivill Leit op der Sich si fir sech den Dram vum Eegenheem z'erfëllen. Ech si just gespaant, ob den Här Goergen och elo säi Facebook-Kommentar vu virun 2 Woche vervollstännegt an dës Erklärungen, déi dir Här Buergermeeschter an och ech nach eemol ervirgehuewen hunn, fir datt d'Bierger dobausse verstinn, datt et eis alleguer heibannen ëm d'Allgemengwuel geet an net dorëm fir just engem Promoteur z'erméiglechen, egal wou Residenzen ze bauen. Wann hien dëst net mécht, da weist dat all erëm eng Kéier, mat wat fir Tricken hien a seng Partei schaffe fir d'Bierger dobaussen ze beieren. Dat mat dem eenzegen Zil fir deenen anere Parteien déi eng oder aner Stëmm ofzeknäppe bei den nächste Walen. Merci fir d'Nolauschteren.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Voilà. Ech wousst net, wat den Här Martins gesot huet, ma hien hat sech warscheinlech scho geduecht, wat fir eng Diskussioun hei géif kommen. An ech kann et nëmmen ënnerstëtzen, wat hie gesot huet. Mir mussen hei definitiv am Intressi vun eise Bierger eng Entscheedung huelen an zu där Entscheedung stoen. An ech sinn net frou driwwer, wann ee permanent seng Meenung ännert well ee mengt, datt dat aus populistesche Grënn vläicht interessant ass. Dat hei schéngt mir och – an do ginn ech dem Här Martins Recht – genee an déi Richtung ze goen. Hei geet et net ëm d'Saach selwer, hei geet et drëm fir eis als Majoritéit an doriwwer eraus als Schäfferot duerzestellen ewéi wa mir de Promoteuren eng Extrawurscht wéilte broden. Neen, mir hunn hei eng Entscheedung getraff – selbstverständlech hätt ee kënnen „en due forme“ am Abrëll 2019 diskutéieren, an dann hätte mir eis ausgeschwat. A wann dann de Gemengerot awer entscheet hätt – trotz anere Meenunge vu verschidden anere Leit -, dann ass et dem Schäfferot seng Aufgab fir dat z'exekutéieren, well de Gemengerot hien domat beoptraagt huet. An ech fänken un et definitiv genuch fir permanent gesot ze kréien, de Schäfferot mécht hei, an haaptsächlech och nach de Buergermeeschter de Leit lénks a riets Faveuren, wou dee just dat exekutéiert, wat hei an dësem Haus diskutéiert gëtt. An da muss een sech selwer mat der eegener Nues huele wann een dat verschlof huet. Dann ass dat eben esou. Ech war ëmmer der Meenung datt, wann ech eppes verschlof hunn, dann hunn ech et ebe verschlof an da muss ech kucken, et déi nächste Kéier besser ze maachen an net réckwierkend aner Leit e Reproche ze maache fir dat, wat ee selwer net fäerdegbruecht huet ze maachen.

An da bleiwen ech nach eng Kéier dobäi an ech wëll och nach eng Kéier soen – an domat ënnerstëtzen ech wat den Här Martins gesot huet – , datt, wat mir hei maachen, am Intressi vun der Allgemengheet ass. Et hëlleft eis hei e Problem ze léise vun dem ganze Volet vun de Schoulen, Maisons Relaisen, wou mir wëssen a virun e puer Deeg, e Méindeg, gekrasch hunn, datt mir net genuch Maisons Relaisen hunn. Hei kréie mir Plaz fir eng ze bauen, an déi kréie mir duerch deen Tosch vun den Terrainen, duerch dat Geschäft, dat mir do maachen.

Dofir soll jiddereen sech bewosst sinn, datt, wa mir dat hei elo net gemaach hätten, da musse mir eis bei de Leit nach eng Kéier erkläre firwat mir keng Plazen an de Maisons Relaisen hunn, firwat mir keng Schoulklassen hunn, firwat mir keng Parkplazen hunn - well déi an der Géigend vun der „Croix Cassée“ hunn natierlech all reklaméiert, datt se keng Parkplazen hunn -, firwat mer keng Sportplaz hu fir Sport ze maachen. All déi Saachen hänken un dësem Tosch a ginn op Grond vun deem Deal oder deem Arrangement, dat mir mat deem Promoteur gemaach hunn a wou mir scho laang am Viraus, scho virum PAG, versicht hunn, dat do hinzekréien. An dat elo nach hei ze kritiséiere wann een et virdru guttgeheescht huet, dat fannen ech net an der Rei. An dofir nach eng Kéier, ech maachen e waarmen Appell un iech all fir dat do ze stëmmen, well dat do ass eng Méiglechkeet fir eng ganz Rei Problemer fir Rodange ze léisen. A jiddereen, deen hei dergéint stëmmt, dee muss duerno och riicht stoe wa gesot gëtt, mir hunn net genuch Klassesäll, mir hunn net genuch Plazen an de Maisons Relaisen, mir hunn net genuch Sportplazen. Well deen ass amgaange mat sengem Vott hei dat ze torpedéieren nodeems mir eis hei eens waren, dat hei „en due forme“ an anstänneg iwwer d'Bün ze kréien. Dat ass méi lescht Konklusioun an elo kucken ech, wéi d'Leit ofstëmmen. Da kënnen d'Leit sech selwer e Bild maachen, wat fir en Intressi déi eenzel Leit hei hunn.

**Accord par 15 voix ‘Oui’ contre 2 voix ‘Non’ (Piratepartei).**

## 8.

### Canalisation.

Règlement communal relatif à l'assainissement des eaux – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mat der Entscheedung vun haut kréie mer eng Reglementéierung am Beräich vum Ofwaasser. Bis elo stoungen esou Dispositiounen am Polizeigesetz. Elo hu mer wierklech eng Reglementéierung an déi orientéiert sech an ass eng Emanatioun vum Waassergesetz vum 19.12.2008. D'Definitioune sinn do eraus, an all déi Dispositiounen, déi do dra stinn, déi stinn och bei eis am Reglement. Et ass eng gutt Saach, an domat hu mir kloer Situatiounen an da wäert et net méi virkommen, wéi et soss virkomm ass, datt, wa verschidde Kanaluschlëss stattfannen, déi da vläicht stattfanne wann emol déi eng oder aner Persoun net present war, asw. Hei sinn elo kloer Dispositiounen a mir kréien elo Uerdnung an dat Ganzt.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech schléisse mech gären un dee positiven Aspekt un, dee vum Här Halsdorf hei iwwert dat Reglement gesot ginn ass. Et gëtt Zäit, datt mir eent hunn, well mir haten eng Zäit guer keent méi. Et war einfach nom Polizeireglement gemaach an do war dat hei op eemol verschwonnen. Dat war awer net gutt, well mir an enger Period sinn, wou vill verschmotzt gëtt dorëmmer a wou vill iergefouert gëtt an der Publicitéit, wat een däerf an d'Toilettë geheien a wat een däerf an den Hauskanal geheien a wat ganz vill Problemer mécht. Dat gesi mir op der Kläranlag, wat do alles ukënnt. D'Leit sinn sech net bewosst, datt si eppes falsch maachen. Bei all deenen intimen Dicher, déi Lingetten, do steet dropgeschriwwen, se wiere recyclabel, ma et ass guer net wouer. Dat gi Bullen a Bullen do ënnen an et verstoppt eis dee ganze Parcours. Dat ass och deelweis hei an deem Reglement opgeschriwwen, wat een däerf drageheien. Och bei den Iessoffäll, wou d'Leit ëmmer mengen, si géifen dat richteg maachen, ma wou se da ganz vill Schued maachen. A mir maachen et och selwer iwwer déi Kor-Partnerschaft, déi mir hunn – mir hu jo eng extra Persoun agestallt dofir – an déi och mat den Ëmweltämter vun der Gemeng a mat den interesséierte Bierger Opklärungsaktioune mécht, och bei de Kanner, wat dra gehäit a wat net dra gehäit dierf ginn.

Et ass gutt, datt mir dat hunn an datt ee mat Fachleit do ze doen hat, déi dat Reglement ausgeschafft hunn. Et ass e „règlement type", wat praktesch an alle Gemengen hei am Süden zirkuléiert an dann am ganze Land. Hei ass d'Aluseau, d'„Associatioun luxembourgeois des services d'eau", déi do ganz vill matgeschafft an hir Erfarungswäerter do mat erabruecht huet. Dat ass eng gutt Saach, wa mir dat hei duerchkréien an et och uwenden.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat ass richteg. Den Artikel 52 gesäit „sanctions pénales" vir bis 2.500 €.

**Accord à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.1.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Lamadelaine, lieu-dit «Im Plon» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.2.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à deux parcelles cadastrales situées à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Montagne» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.3.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, lieu-dit «rue des Jardins» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.4.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à deux parcelles cadastrales situées à Rodange, lieu-dit «Rue de Schiffweiler» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.5.

### Urbanisation.

Demande de lotissement / morcellement de la part de Mme Marie-Thérèse Ettinger en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Robert Krieps» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.6.

### Urbanisation.

Demande de lotissement / morcellement de la part de PRL SARL en vue du morcellement de trois terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue Joseph Philippart» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.7.

### Urbanisation.

Demande de lotissement / morcellement de la part de M. Alen Miftari en vue du morcellement de deux terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Guillaume» décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 10.

### Vie associative.

Modification du règlement sur l'octroi des subsides aux sociétés – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 11.1.1.

### Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.

Travaux extraordinaires.

Installation d'un système de guidage pour piétons: vote du devis au montant de 165.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei geet et ëm d'Asetze fir e „sytème de guidage" fir Foussgänger, wou mir en Devis vun 165.000 € virleien hunn. Et ass u sech geduecht fir d'Promotioun vun der „mobilité douce" wat och e Guidage ass, deen exklusiv fir d'Fouss-gänger virgesi soll sinn. De Guidage soll dann och déi touristesch Haaptattraktioune mat Piktogrammer an och Zäiten uweisen, déi ee brauch, fir dohinner ze kommen. De Projet gesäit u sech d'Installatioun vun 11 Stelen op strategesche Plaze vir an 110 Pottoe mat 250 Panneauen, wou dann d'Direktiounen an d'Distanzen ugewise ginn.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass sécher eng gutt Saach. D'Stele fannen ech ganz flott, well déi net esou vill Plaz ewechhuelen. Ma dann déi 120 Pottoe mat Schëlter drop, do géif ech iech awer wäermstens un d'Häerz leeën, datt mir net eng Schëlterverschmotzung kréien – och dat gëtt et. Et ass en neien Ausdrock an Däitschland gewiescht, datt se do ufänke vun deem ganze Balisage ewechzekommen an der Schëlterverschmotzung entgéintzewierken. Net datt een duerno de Bësch vun elauter Schëlter net méi gesäit respektiv d'Gemeng net méi gesäit. Awer déi Stelen, déi fannen ech awer ganz agreabel, dat ka ganz flott sinn. Virun allem op deem Beispill, dat am Text ass, do ass och nach e QR-Code drop. An dat ass flott, well een dann iwwer de QR-Code eng Kaart vun der Gemeng kann erausfannen oder gesinn. An do hätt ech awer nach eng Fro iwwer wéi e Portail dat duerno géif funktionéieren. Bon, ech weess elo net, ob dir mir elo direkt kënnt drop äntweren oder ob dat déi Firma duerno ka beäntwerten. Ob et iwwer de Geoportail wier oder iwwer de Bing. Ech hu gesinn, datt déi Péitenger Gemeng mat Bing Maps zesummeschafft, an do sinn awer op eenzele Kaarte Reklamme vu Geschäfter, déi schonn net méi an der Gemeng sinn, déi et schonn net méi gëtt. Ech géif iech dann un d'Häerz leeën, wann der mat Bing Maps zesummeschafft, fir dann eng Kéier dran ze raumen an da virun allem déi Geschäfter, déi Reklammen erauszehuele vu Geschäfter, déi et net méi gëtt.

Da géif ech iech och nach eng Kéier un d'Häerz leeë fir déi Kaart, déi op der Maartplaz hänkt, eng Kéier z'iwwerschaffen, well do ass och ronderëm eng Rumm vu Reklamme vu Geschäfter. Do misst ee kucken, wéivill vun deene Geschäfter nach an der Gemeng sinn. Och dat ass net flott. Oder et sinn och Geschäfter do, déi mëttlerweil den Numm oder de Proprietär gewiesselt hunn oder wéi och ëmmer. Wa mir esou Saache maachen, da musse mir um Ball bleiwen, well soss gesäit dat duerno aus wéi wa mir et eng Kéier gemaach an da verkomme gelooss hunn. Och dat hei. Et ass eng flott Saach, ma et soll kee Schëlterbësch ginn, ma déi Stelen, dat fannen ech relativ interessant.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Effektiv, et kënnt engem vläicht esou vir ewéi wann dat der vill sinn. Et sinn awer Pilieren, déi schonn deelweis do sinn. Et muss ee jo och wëssen, wann ee kuckt, déi 110 Stroossepottoen oder Pottoe mat Stroosseschëlter sinn iwwer déi ganz Gemeng verdeelt. Eppes muss een awer och wëssen: wa mir esou eppes installéieren, da soll et natierlech och effikass sinn. Mir hunn natierlech och Gëecks an et huet awer och kee Wäert, datt mir hei d'Leit a Richtung Gare schécken, an da sinn se uewen an der rue de la Gare ukomm a wëssen net méi wou se sollen higoen. Mir hunn dat scho gekuckt, et schéngt eis awer néideg ze sinn, datt mir dat esou maachen ewéi mir dat virgesinn hunn. Dir gesitt jo och hei am Dossier, wou dat Ganzt virgesinn ass. D'Zuel kënnt engem vläicht als vill vir, ma hannenno wann dat iwwer dat ganzt Gebitt, iwwer déi 3 Uertschafte verdeelt ass, da mengen ech net, datt dat esou schlëmm ass oder datt et manner ofschreckend ass ewéi déi Zuel ausseet.

De Portail, dat reechen ech iech no. Warscheinlech, wéi ech mat him geschwat hat, maache mir eng Kaart drop, déi einfach iwwer QR-Code ze liesen ass, esou datt mer net onbedéngt ee mussen hannendrun hunn. Ech ginn dovunner aus, datt d'Firma, wou mir dee ganze Konzept gemaach hunn, dat mécht. Ech kann iech awer net ganz konkret op déi Fro äntweren.

A mat der Kaart op der Maartplaz, do sinn ech ganz averstane mat iech.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech fannen, et ass eng gutt Saach um Pabeier. An der Praxis muss een elo kucken, wéi een dat kann ëmsetzen an déi Saach e bëssen intelligent abauen déi mer schonn hunn an déi mer nach gären hätten. Do maachen ech opmierksam op Aarbechten an Iwwerleeungen, déi am „Syndicat d'initiative et du tourisme" vu Péiteng de Moment lafen. Si hu schonn e ganze Koup Guidagen an Trajeten, déi ee ka mat abannen. Dat sinn Trajete vu Monumenter an anerer, wou ee kann trëppele goen a wou een domat verbanne kann. Et soll een dat emol op alle Fall opwerfen a wann et méiglech ass, da soll een dat mathuelen. Dann huet een eng Signalisatioun, nach eng Kéier déiselwecht, fir alles. Déi QR-Codë wëll de „Comité du Souvenir de la Commune de Pétange" an deem Sënn och bei de Monumenter aféieren. Duerch e QR-Code brauch ee keng Plaquettë mat Explikatiounen anzebauen, déi och net alles kënne ginn an och net an alle Sprooche kënne reagéieren. Do hate mir also laangfristeg virgesinn, QR-Coden anzebauen. Hei wier eng Méiglechkeet – wann ee schonn z.B. d'Monument vum éischten amerikaneschen Zaldot huet, da kéint een do e Code abauen an dat iwwerliesen. Do soll ee Kontakt hale mat deenen Initiativen, déi schonn do sinn an eventuell mat deene Kontakt ophuelen ier een dat do definitiv léist. Da kann ee vläicht eppes ganz Intelligentes draus maachen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Just fir e bësse virzegräifen. Dat Ganzt ass opgebaut ginn – wéi ech déi leschte Kéier scho gesot hat – mam ORT, mat eisem Service Communication zesummen. Wat interessant bei deem System ass, dat ass, datt déi Panneauen op de Stelen net fix sinn, déi sinn austauschbar, esou datt mir u sech d'Méiglechkeet hu fir ëmmer eppes derbäizesetzen. Oder, wa mer hei kucken, op deene grousse Panneauen, do kënne mir zäitweileg – wa grouss Manifestatioune sinn – dat derbäisetzen, esou datt ech elo keng Bedenken hu mat deem, wat dir gesot hunn. Komm mir ginn eis elo mol d'Chance, well mir dat jo awer an Zesummenaarbecht mat deenen Servicer gemaach hunn, datt mir eng „mise en place“ gemaach hunn, an da kann een duerno nach ëmmer kucken – well mir jo d'Méiglechkeet hunn duerch dee System - wann et noutwenneg wier, fir Upassungen ze maachen.

Ech fannen, mir sinn do iwwer de Service Communication relativ gutt drop agaangen. Et kann een nach eng Kéier driwwer schwätzen. Mir mussen awer och elo wëssen, datt mir elo kuerz virun enger „mise en place“ sinn, a wa mir elo nees eng Kéier d'Diskussioun vu vir ufänken, da gëtt duerno reklaméiert firwat et net „en place“ ass. Mir mussen och wëssen, datt Esch2022 virun der Dier steet an datt mir da wëllen eppes do stoen hunn.

**Accord à l'unanimité. M. Welter, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 11.1.2.

### Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.

Travaux extraordinaires.

Travaux à exécuter dans l'intérêt de la voirie rurale: vote du devis au montant de 55.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

*Il est proposé de faire procéder à des travaux d'enduisage et de nettoyage des chemins ruraux sis aux lieux-dits «Hierschtbierg», «Gieschtefeld» et «Duel».*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.3.

### Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.

Travaux extraordinaires.

Travaux d'agrandissement de la salle de tennis de table à Lamadelaine: vote du devis adapté au montant de 2.900.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*Les coûts supplémentaires résultent surtout de la hausse extraordinaire des prix de matériaux et de matières premières à laquelle est confronté le secteur de construction ces derniers mois, ce qui est dû aux effets de la crise liée à la pandémie Covid-19 et aux effets d'une reprise économique mondiale particulièrement vigoureuse.*

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 11.1.4.

### Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.

Travaux extraordinaires.

Travaux d'isolation de la toiture de l'Hôtel de Ville à Pétange: vote du devis au montant de 60.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

*Les travaux d'isolation de la toiture de l'ancienne partie de l'Hôtel de Ville font partie des mesures retenues dans le cadre du Pacte Climat afin de réduire les déperditions énergétiques.*

**Becker Romain (déi gréng):**

Et kann een nëmme begréissen – „was lange währt, wird endlich gut“. Mir sollte mam gudde Beispill virgoen an all eis Gemengelokaler isoléieren, well mir dat jo och vun de Leit dobausse froen. Eng zweet Etapp wier jo dann, wann dat dann eng Kéier isoléiert ass, fir Panneauen drop ze maachen.

Eng aner Saach ass déi. Wann elo dee Kran do steet, da grault et mir schonn, well wéi 3 Mol e Camion dobaussen iwwer eis Placke gefuer ass, do waren se futti. Mir grault et schonn, wann e Kran op där neier Plaz steet, datt d'Placken dann nees fir ewech ze geheie sinn. Ech hoffen, datt mir dat awer geléist kréien ouni gréissere Schued op deene Placken op der Plaz ze hannerloossen. Wéini geet dat un? Wéini kann dat ugoen? Muss do eng Virbereedung op der Plaz geschéien?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Haut stëmme mir emol den Devis dozou an dann hoffe mir, datt mir eben, wann d'Wieder et erlaabt, ukommen. Well mir gi no net gär un den Daach schaffe wa mir net wëssen, wéi am Januar oder Februar d'Wieder ass. Op jiddwer Fall musse mir dat am Virfeld beschwätzen, wéi se am beschten drukommen a wou se sech stelle ginn? Vläicht dobaussen op d'Haaptstrooss mat enger grousser Lieder. Mir musse kucken. Oder mir mussen eben deementspriechend kucken, datt mir net matten an de Schantje gerode wann duerno heibaussen op der Plaz geschafft gëtt, well do soll jo och nach dee klenge Chalet hikommen. Do musse mir kucken, datt mir mat den Aarbechte laanschtenee kommen an dat koordinéieren. Ech sinn der Meenung, datt déi grouss Firme Méiglechkeeten hu fir iwwer esou Terrainen ze fueren, deen ofzedecken an ze schützen. Just eben déi Stonnen, wou se do stinn. Se komme jo net ganz Deeg do stoen, si bréngе jo Material a fuere jo dann nees fort. Wa mir dat am Virfeld gutt virbereeden, da kéint ech mir awer denken, datt mir do esou mann ewéi méiglech Schued do maachen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass bestëmmt méiglech. Awer wann dir déi Koordinatioun do maacht da maacht et och mat de Festlechkeeten, déi do op der Plaz solle stattfannen. Net datt do grad e Veräin e groussen Happening geplangt huet wann de Camion soll komme fir den Daach ofzedecken.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dat kann et net sinn. Do musse mir kucken, de ganze Kalenner kucken an da mat der Firma ausmaachen, wéini si schaffen a wéivill Deeg se schaffen. Wann si dat ganz genee analyséiert hunn, da kënnen si eis och soen, wéivill Schaffdeeg si brauche fir déi Isolatioun ze maachen.

**Becker Romain (déi gréng):**

An da kréie mir nach ganz Klimapunkten am Klimapakt well d'Gemengegebaier, wann déi isoléiert ginn, dat gi ganz vill

Punkten. An iergendwann wäerte mir jo dann do och e Präis kréien.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech hunn déiselwecht Saach mat de Panneauen. Dat soll een net aus den Ae verléieren. A wa mir dat jo isoléiert hunn, da mécht et och Sënn fir dann eventuell doriwwer nozedenken an op der Gemeng där ze maachen. Ass schonn dru geduecht fir bannenan en Ausbau ze maache fir weider z'amenagéieren oder ass do elo näischt weider geplangt?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Am Späicher si mir net esou wäit gaangen. Wat elo praktesch fäerdeg ass a wou elo geplënnert gëtt déi aner Woch, dat ass do wou eis „Relations publiques" waren. Déi grouss Raimlechkeete si praktesch fäerdeg a wann elo déi Plënneraktioun iwwer d'Bün gaangen ass, da kënne mir ufänken, eist Sekretariat hei ënnen ze vergréisseren. Dat sinn elo mol déi Haaptprojeten, déi hei am Haus selwer ugeduecht waren.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.5.

**Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.**

Travaux extraordinaires.

Travaux d'installation de deux nouvelles chaudières à l'école «Am Park» à Pétange: vote du devis au montant de 158.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.6.

**Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.**

Travaux extraordinaires.

Installation d'un nouvel écran tactile à l'espace muséologique «9/44 – We shall never forget» en la Maison Rouge à Pétange: vote du devis au montant de 20.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Wat hei geschitt, dat ass eppes wat mir an d'Kollaboratioun mat där Ekipp maachen, déi eis Liewen an eise Musée erabréngen. Do ass de Roland Breyer, d'Viviane Daman, de Raymong Kimmes, de Roger Klein, de Guy Kummer an d'Pia Hansel, wat d'Rapporte vun deene Sëtzunge mécht. A mir hunn e bësse gekuckt, wéi mir kënnen dee ganze Site reaktivéieren. An deem Kontext sinn hinnen do e puer Iwwerleeunge komm, an eng vun deenen Iwwerleeunge war eben déi, fir deen Ecran, dee mer do hunn an dee jo esou ëm d'Kéier geet, mat engem Touchscreen a mat méi engem groussen Ecran z'ersetzen. Et sinn nach aner technesch Saachen, déi mir wäerten an deenen nächste Méint a Joer änneren. Mir wëllen och den M8 eriwwer huelen an net méi beim Monument stoe loossen, ma deen nieft de Musée stelle fir deem méi Visibilitéit ze ginn. Wéi gesot, et ass eng Aktioun, déi perséinlech am Numm vum Schäfferot zesumme mat deene Leit ënner der Presidentschaft vum Roland Breyer gemaach gëtt. Dat bréngen ech dann elo heihinner.

**Breyer Roland (CSV):**

Den Här Halsdorf huet et jo elo gesot. Dee Kommitee, deen do responsabel ass fir d'Liewen dran ze kréien an dran z'erhalen, dat ass de „Comité de pilotage 9'44" an deen ënner de Fittiche vum „Comité du Souvenir de la Commune de Pétange" operéiert, an deen ass reegelméisseg zesumme fir deen historesche Bestanddeel vum Musée nach auszebauen an opzefëllen. Et si jo e ganze Koup nei Saachen entdeckt ginn, wat och nei Saache si vum 9. September an doriwwer ewech. Déi Kommissioun këmmert sech dorëm fir sichen a wullen ze goen an déi Reportagen a 4 Sproochen z'iwwersetzen an do ze deponéieren, esou datt dat ëmmer méi grouss gëtt.

Den touristeschen Interesse war net méi esou grouss. Et war och keng Permanence méi do. Fréier souz den Här Kummer do an huet d'Gäscht empfaangen. Elo ass dat e bëssi méi kompliziéiert. Et muss een sech bei der Gemeng umellen, d'Gemeng telefonéiert dann dem „Comité du Souvenir", déi stellen e Guide zur Verfügung. Et ass méiglech, mir kënne Gruppen empfänken. Ma mir stellen awer och fest, datt déi Gruppen, déi mir empfänken, meeschtens eeler Leit sinn, déi un deene Saachen interesséiert sinn. Et ass och emol eng Schoulklass derbäi, ma d'Sëtzgeleeënheete si quasi inexistent. An deem „espace muséoloqique" ware 4 Leit, déi sech konnte setzen, déi aner hu musse stoe bleiwen. Dat war schonn en Handicap.

Dat zweet war, wann se stoungen, dann haten se net deselwechte Bléckwénkel mat der Installatioun, déi do war. Dat war e Beamer, deen do gekreest ass. Dat war spektakulär, ma et war net esou, ewéi wa Leit hätten eppes kënne mathuelen an dat verschaffen an diskutéieren.

Mir wëllen eng e wéineg méi traditionell Saach do maachen. E Schierm ewéi deen doten awer manner grouss, wou d'Leit sech virdru sëtzen an eppes projezéiert gëtt wat se sech kënnen eraussichen. Et si Saachen, déi do sinn an déi och emol lafen. Ma wann se komme wéinst dem Léon Keiser senger Reportage, déi si wëlle gesinn, dann drécken se op dee Knäppchen oder si ginn assistéiert an da kënnen se dat kucken. Grad esou ewéi d'Geschicht vum Amerikaner oder vun engem aneren. Also et ass vill méi interaktiv, an et bréngt méi no deenen Erkenntnisser, déi mir haut hunn, ewéi dat wat mer hunn. Dat war hate war spektakulär, awer net spektakulär genuch fir déi Leit, déi sech dofir interesséieren. Déi haten eng aner Virstellung. Hei komme mir vläicht besser un d'Leit erun.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Jo, wat den Här Breyer seet, ass richteg. An der Diskussioun, déi mir gefouert hunn, si mir zur Konklusioun komm, datt dat Konzept iwwerholl ass oder datt et vläicht net déi Erwaardungen erfëllt huet, déi mir eis erwaart haten an datt mir mussen en neit Konzept do maachen, zäitgeméiss maachen. Et muss – wann ech dierf esou soen – sexy ginn, datt en usprécht, datt et Leit unzitt. Aus deene Gedanke kënnt jo och d'Iddi fir den M8 eriwwer ze setze fir dat Ganzt méi attraktiv ze maachen. Do si verschidden Ännerungen, déi kommen. Mir maachen hei „learning by doing". Do gi verschidde Saache gemaach a verschidde Saache geännert. Dann hoffe mir, datt mir dann och vläicht d'Konzept kënnen änneren an deem Sënn datt et elo esou ass, datt just dee Guide ka mat Gruppe maachen. Vläicht kann een dat méi opmaachen. Dat si mir amgaang ze kucken an ze diskutéieren. Ech mengen, hei ass deen éischte Schrëtt an eng aner Richtung. An ech mengen, et ass dee richtege Schrëtt.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech soen dem Här Breyer an dem Här Halsdorf villmools Merci fir déi Ausféierungen. Et war dat, wou ech och ëmmer e

bëssen drop higewisen hunn, datt mir net grad glécklech wiere mat deem Ecran, dee mir bis elo haten. Ech war an der Normandie op ville Plazen ewéi Arromanches oder Ste Mère Eglise. Bon, mat deenen Ecrane kënne mir eis net vergläichen, well déi ginn iwwer déi ganz Breet. E richtege Schratt an d'Zukunft ass scho mat deem Ecran hei gemaach. Well virdrun, dat wësst dir jo selwer, uewe bei der Verkleedung vum Daach huet een d'Käpp gesinn, ënnen d'Féiss an op der Leinwand de Rescht vum Kierper. Dat war zimmlech schwéier ze kucken, an dofir begléckwënschen ech iech, datt dir op déi Iddi komm sidd fir den Ecran ze ersetzen.

Wat natierlech e Problem ass, et ass awer och gutt, datt en do ass, dat ass de Lift. De Lift ass riseg do, an deen hëlt e groussen Deel vum Sall an. Den Här Breyer sot jo och, d'Sëtzplazen, dat wier elo gereegelt ginn. Virum Lift hate mir jo och eng Bänk, wou 5 oder 6 Leit konnte sëtzen, an dat war awer och alles.

Ech hat emol eng Kéier proposéiert fir déi Wand, wou et d'Trapen eropgeet, méi ze dekoréiere mat Evenementer. Et kéint een emol doriwwer nodenken. Schued, datt mir de Panzer hu mussen zeréckginn. Ma mam M8, dee mir do opstellen, ass och eng Léisung fonnt ginn.

Wier et net méiglech – dat hunn ech och op ville Plaze gesinn – eng Maquette ze maachen. Eng Maquette, déi mir géifen opstelle mat deem Evenement, dat mir hei zu Péiteng haten. Also mat deem Panzer, deen ofgeschoss gouf. Et muss jo net grouss sinn. Et muss ee just déi richteg Leit fannen, déi engem dat géife maachen. Dat géif explizéieren, wat wierklech an eisem Eck hei geschitt ass. Voilà dat war alles. Mä op jiddwer Fall villmools Merci, datt dir op de Wee gaange sidd fir dat auszebesseren.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Also datt mir op dee Wee gaange sinn, dat louch op der Hand. An et war jo och esou, datt, wéi mir entscheet hunn, déi Equipe oder dee „Comité de pilotage“, wéi de Roland dat nennt, ënner d'Ophutt vum „Comité du Souvenir“ ze stellen, do ass gefrot ginn, wat d'Aufgabe vun deene Leit wier. Do ass gesot ginn, datt een dat Ganzt muss valoriséieren, Iwwersetzunge maachen, aner Zäitzeien ophuelen an dat iwwersetzen. De Roger Klein, d'Viviane Daman an och de Raymond Kimmes maache jo och do vill Saachen. Anerer, déi do hëllefen, och. An do ass gesot ginn, et missten nei Weeër gesicht ginn. An hei ass en neie Wee. Déi Iddi, déi dir do sot, ass net schlecht. Mir hu jo schonn zum Beispill de Kiosk, deen hannendrun ass, wou schonn all eis Monumenter drop sinn. Dat ass schonn eng flott Saach. An da kann ee weiderdenken. Et kéint ee méi eng Konzentratioun vu verschiddenen Elementer, déi am Fong d'Geschicht vum 2. Weltkrich an d'Geschicht vu Péiteng um 9. September 1944 beschreiwen, huelen. Déi Iddi do kënne mir emol mathuelen an da kucke mir, ob mir déi kënnen an iergendenger Form realiséieren.

**Brecht Guy (LSAP):**

Et ass schéin, datt op der Tribün déi Souveniren all opgehaange sinn. Awer dir musst duerno kucken, well d'Saache fänken un ze verbleechen. An och leider Knascht. Ech mengen, den Här Arendt hat eng Kéier drop opmierksam drop gemaach, datt Jugendlecher sech vun der Skate-Pist do e bëssen op déi Tribün verlagert hunn. Do misst een emol heiansdo Kontrolle maachen, well et gesäit heiansdo ganz schlëmm do aus.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Merci fir déi Informatiounen do.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.7.

**Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.**

Travaux extraordinaires.

Travaux de remise en état des pistes de quilles du centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du devis définitif au montant de 410.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei wëlle mir dem Gemengerot den definitive Vott virleeën. Et muss ee wëssе bei där ganzer Saach, datt déi Firma, déi dat Ganzt opgeriicht huet an dat Ganzt elo, an enger zweeter Phas, ofgeriicht huet fir déi Renovatioun ze maachen, huet keng Erlabnis méi vun der ITM fir kënnen hei zu Lëtzebuerg ze schaffen. Da kënnt dir iech jo virstellen, wat dat fir eis bedeit huet. Do hu mir, d'Keelefederatioun, mir als Gemeng an de Ministère eis zesummegesat fir eng Léisung do kënnen ze fannen. Wat awer net esou einfach ass, well et gëtt keng grouss Firmen ewéi déi, déi dat do gemaach huet, déi dat opgeriicht huet. An eng kleng Firma kann dat net bewältegen. Duerch Connaissancë vun der Keelefederatioun hunn si verschidde Leit ugeschwat a mir hunn eis mam Ministère zesumme mat deene Leit um Terrain gesinn. Déi hunn eis gesot, datt et fir si eenzel onméiglech wier esou e Schantjen iwwerhaapt ze maachen. Do ass et awer esou gaangen, datt si eng Associatioun vun zwou Firme gemaach hunn an déi eis dann och en Devis virgeluecht hu fir dat eventuell kënnen ze maachen. Natierlech hunn si gesot, si hätten déi Bunnen net ofgerappt a wësse schonn, ewéi si se opriichten, awer et ass net dat néidegt Material, wat op der Plaz ass. Si hunn eis en Devis gemaach, dee méi héich war ewéi dee vun der initialer Firma. An dëst aus Garantiesgrënn an och aus Kompatibilitéitsgrënn fir datt dat duerno soll anstänneg gemaach ginn. Mir sinn u sech an der Situatioun, datt den Devis, dee mir de 16. Dezember 2019 hei gestëmmt haten an dee bei 350.000 € louch, sech mëttlerweil op 410.000 € chiffréiert.

Mir musse wëssen, datt mir elo 2 Joer do ënnerwee sinn. Och duerch d'Ëmstänn. Fir d'éischt duerch de COVID an dann duerch déi Grënn, déi ech iech elo gesot huet. Ech mengen, et ass en „no-go“, datt en ëffentlecht Gebai esou laang zou ass. Awer gutt, mir haten de Choix net. Ech géif de Gemengerot froen, ob se sech averstane weise fir déi Aarbechten ze maachen, fir den definitiven Devis vu 410.000 € unzepassen an e Kredit iwwer 60.209 € am Budget 2022 ënner dem Artikel 4/822/222100/20021 opzehuelen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Do war jo d'leschte Kéier schonn d'Diskussioun an ech hat och d'leschte Kéier e puer Froe gestallt. Ma d'leschte Kéier ass dat mam Restaurant an dem Kaffi beim Keelenzenter och opkomm. Hutt dir an der Tëschenzäit och scho sprochräif nei Noriichten do kritt, déi dir eis kéint matdeelen, well et anscheinend net esou einfach ass fir deen neie Locataire, wa mir jo elo nach e bësse verlängeren a wéi d'Situatioun do nach soll weidergoen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir hate Gespréicher mat der Brauerei fir ze kucken, wéi mir an Zukunft, wa mir esou Saachen hunn, matenee funktionéieren. Déi Gespréicher sinn nach amgaang. D'Brauerei weess och elo, wou d'Problemer leien. Mir hunn hinnen dat gesot, a mir kucken emol, wat dobäi eraus kënnt. Méi kann ech elo net dozou soen, well et ass nach näischt entscheet.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.8.

**Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.**

Travaux extraordinaires.

Travaux de renouvellement des installations électriques et de l'éclairage des pistes de quilles et des tribunes du Centre national de jeux de quilles à Pétange: vote du devis au montant de 150.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dëst ass eng Suite vun dem Punkt, dee mir elo grad gestëmmt hunn. Well mir op der Plaz waren an et och mam Ministère gekuckt hunn, wou mir dru sinn, a well de Moment nach keng Bunne leien, géing et sech de Moment erginn, datt mir do d'Beliichtung mat enger LED-Beliichtung nei maachen. Da spuere mir och Energie an et kënnt eis och fir de Klimapakt zegutt. Do hu mir d'Diskussioun gefouert. Do ass awer eng Bedingung derbäi koum. D'Firma, déi bereet wier, d'Pisten ze maachen, déi huet eis gesot, datt déi Informatik mat där mir schaffen, komplett iwwerholl wier – just fir iech ze soen, do fuere mir nach mat Windows 4 – an dat wier absolut net méi adaptéiert, och d'„Anzeige". Do si mir awer iwwer d'Diskussioun mam Ministère dozou komm, datt si soten, mir sollten dat net an den initiale Projet mat eranhuelen, well d'Subventiounen, déi mir kënne kréien, schonn am initiale Projet festgeluecht goufen a mir da keng Subventiounen op deen heite Projet méi kéinte kréien. Do hunn si eis un d'Häerz geluecht, en extrae Projet ze maachen – wat mir och hei gemaach hunn – a wou mir de Gemengerot froe fir dës Aarbechte guttzeheeschen a mir en Devis vun 150.000 € géife festhale fir dës Aarbechten ze maachen. Wat och Sënn ergëtt, well mir jo e Schantjen hunn. Wa mir dat nodréiglech géife maachen, da misste mir d'Keelebunnen nach eng Kéier ofmontéieren, fir datt mir kënne mat Gefierer driwwer fuere fir hanne bei d'Informatik ze kommen a virun allem well mir dann net mat engem „Steiger" kënne fuere fir d'Beliichtung nei ze maachen.

**Remacle Patrick (CSV):**

Ech wollt froen, ob do scho gewosst ass, wéini dee ganze Keelenzenter dann nees operationell ass, wéini do nees ka gespillt ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Jo, dofir war et wichteg, datt all Acteuren zesummen um Dësch souzen. Um Horizont steet Enn 2022 eng Weltmeeschterschaft, déi d'Keelefederatioun wëll organiséieren. Et ass virgesinn – wann alles klappt ewéi et soll klappen -, datt Enn des Mounts Januar mat den Aarbechten ugefaange kéint ginn, datt mir e Mount missten arechne bis dat realiséiert wier an datt dann de Keelenzenter funktionell wier. Och am Sënn vun der Planung vun der Keelefederatioun.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.9.

**Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.**

Travaux extraordinaires.

Travaux de renouvellement des installations techniques et des bassins de la piscine «PIKO» à Rodange: vote du devis adapté au montant de 24.300.000,00 euros (TTC) – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

An der PiKo si mer mat den Aarbechten ë bëssen an derselwechter Situatioun ewéi mam Dëschtennis, ma hei wësse mir, datt d'Envergure eng komplett aner oder vill méi eng grouss ass, déi u sech drop zeréckzeféieren ass duerch déi extraordinär Erhéijung vun de Präisser vum Material a vun de Réistoffer, déi gebraucht gi fir déi Saachen nees a Stand ze bréngen. Och bedéngt duerch d'Pandemie vum COVID-19 an duerch de weltwäite wirtschaftlechen Opschwong, déi u sech vigoréis ass an doduerch hunn d'Präisser och ugezunn.

Do sinn awer och Sue virgesinn, déi mir ufanks net virgesinn haten, an dat ass fir d'Fassad an d'Rei ze setzen. Mir wëllen eng nei Rutschban dohinner setzen an och verschidde Spiller installéieren, an och e „monte-charge", un deen net geduecht gi war, wat awer wichteg ass fir vum Keller verschidde Saachen eropzehuelen.

Wa mir de Projet un sech esou huelen, da sinn u sech d'Architektekäschten, mat alles wat do drun hänkt, vun 2.292.000 € op 3.467.042,61 € eropgaangen. Do ass et awer esou, datt verschidde Saachen nach net opgeschriwwe waren an datt mir do d'office eng Erhéijung virgesinn hu vun 20%.

Bei den Ingenieurskäschten ass et esou, datt mir scho beim Réibau d'office 2 Milliounen iwwer dem Devis louchen, well sech och do keng Firma fonnt huet, déi amstand war dës Aarbechten ze maachen. Do huet sech och mussen eng Associatioun grënne fir iwwerhaapt amstand ze sinn, dës Renovatioun ze maachen. A wéi gesot, do louche mir d'office schonn 2 Milliounen iwwer dem Devis, well mir just een haten, dee bei der Ausschreiwung matgemaach huet.

Vu Gobelet&Lavandier, dat ass d'Technik, do hu mir eng Erhéijung vum initiale Budget vun 8.123.000 € op 9.061.000 €. A wéi gesot, déi Zousätz, déi net virgesi waren, dat waren d'Rutschban, d'Fassad an dann de „monte-charge" an och déi verschidde Spiller, wou mir och nach eng Kéier 390.000 € fir dat virgesinn hunn. Esou datt mir un sech vum initialen Devis, dee virgesi war mat 19.204.377,51 € géingen dann de Gemengerot froe fir déi Zomm eropzesetzen op 24.300.000 €. An engems froe mir, ob de Gemengerot averstanen ass fir dës Aarbechten ze maache respektiv weiderzefueren. Mir géifen de Gemengerot och bieden, dësen ugepassten opgeronnten Devis vu 24.300.000 € och guttzeheeschen an e Kredit am Budget 2022 vun 13 Milliounen € am Artikel 4/823 „Piscine PiKo Rodange" unzehuelen.

D'Zil ass u sech fir Enn 2022 mam Schantje fäerdeg ze sinn. Wann d'Receptiounen da gemaach si géife mir opmaache fir d'Leit. Dat anert Zil ass einfach aus organisatoresche Grënn, an zwar datt eis Schoulen ab Februar nees kéinte vum PiKo profitéieren.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Ech hu just eng Zousazfro: ass scho gewosst oder ass dat scho virgesinn, wéi d'Schwämm duerno mam Wellnesszenter ka verbonne ginn.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

U sech hu mir an dësem Projet nach näischt virgesinn, datt dat esou ass. Mir mussen elo mol einfach kucken, wa mir amgaang si mat deem Projet vum Hotel, wou den Här Halsdorf drop ass, a wann dee realiséiert gëtt, da schwätze mir jo och eréischt vum Wellness an da kënne mir eréischt doriwwer schwätze wéi d'Verbindung gemaach gëtt. Zu dësem Zäitpunkt hu mir nach näischt virgesinn, well mir nach näischt Konkretes wëssen.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.10.

**Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.**

Travaux extraordinaires.

Travaux de remise en état et d'amélioration de la façade et des coursives de la maison relais «Dachse vun der Bich» à Rodange: vote du devis au montant de 625.000,00 euros (TTC) – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.2.

**Budget rectifié de l'exercice 2021 et budget initial de l'exercice 2022.**

Votes du budget rectifié de l'exercice 2021 et du budget initial de l'exercice 2022 – décisions.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Da kéime mer zum leschte Punkt vun dëser Dagesuerdnung. Dat ass de Punkt vun dem Vott vum Budget an dem rektifizéierte Budget 2021. Dir hutt op ärem Tableau eng Rei vun Informatioune vun Dossieren, déi mir geännert hunn. Mir hunn eng Rei ganz kleng Ännerunge gemaach, dat ass do, wou mir am rektifizéierte Budget festgestallt hunn, datt et eng Rei Depassementer ginn a wou méi Suen erakomm sinn ewéi Suen erausgaange sinn. Dofir komme mir do op ganz liicht Erhéijungen.

Dann hutt dir awer och – an dorop wëll ech agoen – e puer Minussen, déi en Afloss op d'Resultat huet, an dat am negative Sënn. An ech mengen, déi sinn awer wichteg fir genannt ze ginn.

Dat eent ass de Verkaf vun Terrainen un d'SNHBM. Do hate mir 450.000 € virgesinn am Kader vun deem ganze Projet, dee mir nach opstoen hu mat „An Atzengen“, déi mir nach zegutt hunn. Mir hunn eng 1. Tranche scho krut opgrond vun enger Konventioun wou mir mat der SNHBM haten. Et blouf nach e Solde, deen ze bezuele war. Mir haten do mat 450.000 € gerechent opgrond vun eisen Devisen. Et stellt sech awer elo eraus – dat ass elo berechent ginn a mir hunn dat net méi spéit ewéi gëschter der SNHBM als Dekont geschéckt – , datt d'Recetten, déi mir nach ze kréien hunn net bei 450.000 € ma bei 336.612,07 €. D'Ursaach dovunner ass, datt mir engersäits hinne Käschte verrechent hunn, op där aner Säit awer och géigerechne wa mir Subside kréien. An do sinn eng Rei Subsiden erakomm, besonnesch och vum Waasserwirtschaftsamt. Déi hu mir elo géigegerechent, esou datt den Deel, deen d'SNHBM eis elo nach muss bezuelen, net bei 450.000 € ma bei 336.612,07 €. A well mer dat och gär wëllen dëst Joer ofschléissen hu mir déi an de rektifizéierte Budget 2021 gesat an net an de Budget 2022. Dat bedeit, datt dat e Minus ass vun iwwer 113.000 €.

E weidere Punkt, wou mir am Minus leien a wat e bësse méi Importenz huet, ass dat, wat d'Madamm Conter virdru gesot huet a wou mir den Devis elo gestëmmt hunn. An zwar d'Isolatioun vum Daach vum ale Stadhaus. Do ware mer ursprénglech vun engem Devis vu 50.000 € ausgaangen. Mir hunn deen awer nach eng Kéier iwwerpréiwe gelooss a mir hunn an de Tëschenzäit en Devis vu 60.000 € kritt. Wéi mir iech deemools de Budget geschéckt hunn, do hu mir 50.000 € Ausgabe matgedeelt. Et sinn der awer elo 60.000 €, wa mer déi Aarbechten dann dat anert Joer maachen, esou wéi mer dat virgesinn. Dann ass dat e Plus vun 10.000 €.

E weidere Punkt ass d'Neigestaltung vum Zentrum vu Rodange. Do hate mir elo d'Dekonten esouwäit gemaach, an den Ingenieur hat mat 220.000 € gerechent. Mir sinn awer, wa mer elo den definitiven Dekont maachen, méi no bei 300.000 €. Mir leien do nach ëmmer am Devis, dat ass jo emol dat Wichtegst. Mä mir hate beim Dekont geduecht, mir kéinte manner Sue brauchen, awer mir brauchen der awer 300.000 € fir déi lescht Rechnung ze bezuelen. Awer nach eng Kéier, mir bleiwen nach ëmmer am Devis vun deem, dee mir hei am Gemengerot gestëmmt hunn.

Dann ass nach e Punkt, wou e ganz klenge Problem ass. Dat ass beim „Service de sauvetage – travaux d'entretien et de nettoyage et de répartition des bâtiments“. Dat setze mir elo erop vu 5.000 € op 20.000 €, also ëm 15.000 €. Et geet dorëm, datt se nei Ambulanze kréien, déi méi héich sinn. Si hätte gären de Plaffong erhéicht an op där aner Säit och nach eng nei Garagëpaart fir mat deenen neien Ambulanzen, déi dir an der Tëschenzäit jo och scho gesitt, eranzefueren. Mir hunn awer do hinne gesot, si missten dat iwwerhuelen, dat wier keng Charge vun der Gemeng. Mir mussen dat awer virstrecke well de CGDIS huet gesot, si géifen dat duerno am Dekont erëmbezuelen. Dat heescht, mir mussen engersäits de Kredit virgesi fir d'Suen am Fong ze bezuelen. Mir kréien se awer erëm. Dat ass e Minus vu 15.000 €. Hei gëtt vu engem Plus vu 15.000 € geschwat, bon e Plus vun den Ausgaben, awer dat gëtt duerno eng zousätzlech Charge vu 15.000 €. Ech gesinn awer elo och, datt, wa mer de Boni ausrechnen, da geet dee vu 7.230.000 € op 7.121.000 € erof. An dat schéngt mir net 100% richteg ze sinn. Et misst e bëssi méi sinn. Mir rechnen deen Total, deen hanne steet, nach eng Kéier no, well ech kréien e Minus vu 94.153,41 € an eise Büro kritt e Minus vu 109.153,41 €. Dat si genee déi 15.000 €, déi d'Differenz maachen. Wichteg ass, datt mir déi Artikele bäibehalen an déi kleng Ännerunge maachen, wéi dir se hei virgeluecht krut an dann de Budget och mat deene Modifikatioune stëmmen. An da loossen ech nach eng Kéier iwwer de Computer dat ausrechnen. Dat schéngt mir net de Solde vu 7.121.000 € zum Schluss ze sinn awer 7.236.000 €. Awer dat ass alles ënner Virbehalt datt mäin Handy do richteg rechent. Et kann awer och sinn, datt dat anert richteg ass. Et ass mer opgefall, datt dat hei, dee et e Plus vu 15.000 € hei steet, mä et hätt missen e Minus sinn, well et ass eng zousätzlech Charge. Mir kucken et no. D'Zuele si richteg an et sinn op deenen dote Plazen, wou mir méi Ausgabe brauchen. Och op där dote Plaz brauche mer méi Suen, déi mer awer duerno och zeréckkréien. Mir kënnen déi Recette awer net an de Budget setze well mir nach keng schrëftlech Bestätegung hunn, mir hunn se just mëndlech. Awer ech kann iech garantéieren, datt mir dat och schrëftlech hunn ier déi Aarbechten uginn an da kréie mer déi Suen och eran.

Zum Vott stelle mir dann de rektifizéierte Budget 2020/2021. Awer virdru wollt d'Madamm Conter iech nach zwou kleng Froe beäntwerten.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Et waren u sech 2 kleng Froen, déi ech gestallt kritt hat dee leschte Méindeg bei de Budgetsdiskussiounen. Bei där enger ass et ëm déi 3.500 € gaangen, déi net méi an deem leschte Volet stounge vum Budget betreffend d'Senioren. Déi sinn tatsächlech erausgeholl gi well se déi lescht Joren net méi benotzt goufe fir déi Aktivitéiten ze maachen, déi Interaktivitéiten, well de gréissten Deel vun den Aktivitéiten elo ëmmer vum Club Senior gemaach gi sinn, wou mir jo zu 4 Kordallgemengen dra sinn. Wann natierlech elo, wéi ech schonn ugedeit hat, eis Senioren oder d'Amiperas iergendwéi wéilten eppes Spezielles, eng speziell Aktivitéit, organiséieren, da kënnen si selbstverständlech un eis eruntrieden an da kucke mir fir dat an d'Rei ze kréie fir hinnen dann och déi Wënsch z'erfëllen.

Da war nach déi Fro komm iwwer de „coup de poing“ wat de Schoulservice ugeet. Dat ass och e Punkt, dee scho laang am Budget steet an esou wéi ech och richteg geduecht huet, huet dat mam Verkéier bei de Schoulen ze dinn. Wann do wierklech nees Problemer sinn, fir datt ee kann eng Publicitéit erauszegi fir d'Elteren ze motivéieren an nees drun z'erënnere fir no der Sécherheet vun hire Kanner ze kucken. An dat gëtt dann all Kéier gebraucht fir dat Ganzt ze lancéieren. Dofir sinn déi Sue virgesinn.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Dat zur Explikatioun. Mir fänken elo keng Diskussioun méi un. Wann nach eppes ass, da kënne mir nach eng Kéier drop zeréckkommen. Ech wollt elo keng Diskussioun méi opmaachen, well soss si mer nees „partis pour la gloire“. Et ware just déi konkret Froen, déi mir nach wollte beäntwerten. Ech mengen, elo gi mir zum Vott iwwer.

**Le budget rectifié de l'exercice 2021 est arrêté avec 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (déi gréng).**

**Le budget de l'exercice 2022 est arrêté avec 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (déi gréng).**

# Gemeinderatssitzung vom 17. Dezember 2021

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV)<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

/

### 1. und 2.

Die Punkte 1 und 2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Personal: Ernennung eines Beamten (m/w) der Gehaltsklasse D2 für die Dienststelle Verkehr und öffentliche Beleuchtung - Beschluss.

Herr Martins Ferreira Marco aus Rodange wird provisorisch als Beamter mit besonderem Aufgabenbereich (agent municipal) der Gehaltsklasse D2.

### 3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Schöffe Romain Mertzig gibt Antworten auf die von den Räten Arendt und Becker gestellten Fragen in der Gemeinderatssitzung vom 13.12.2021. Die Fragen betrafen die Themen „Tiny Forest“, „Partunika-Weiher“ und Dritt-Welt-Projekte.

### 4.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bestellung eines Delegierten für den öffentlichen Transport - Beschluss.

Mit 14 Ja-Stimmen, einer Gegenstimme und 2 Enthaltungen wird Romain zum Delegierten für öffentlichen Transport bestellt.

### 4.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Gebührenverordnung: Änderung des 1. Kapitels „Wasserdienststelle“, 2. Lesung – Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

### 5. - Personal.

Einigungsprotokoll im Hinblick auf die Erneuerung des Kollektivvertrags der Angestellten der Südgemeinden (CCT-Sud) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6. - Umwelt.

Aktionsprogramm des Syndikats „Sicona Su-Ouest“ für das Jahr 2022 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Tausch und den Erwerb von Grundstücken am Standort „A la Croix Cassée“ mit den Gesellschaften „Kalista Immo SA“ und „Horizon Sud Properties SA“ - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

**8. - Kanalisation.**

Gemeindeverordnung in Bezug auf die Wassersanierung - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**9.1. - Stadtplanung.**

Vorkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „Im Plon“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**9.2. - Stadtplanung.**

Vorkaufsrecht in Bezug auf zwei Katasterparzellen am Standort „rue de la Montagne“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.3. - Stadtplanung.**

Vorkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „rue des Jardins“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.4. - Stadtplanung.**

Vorkaufsrecht in Bezug auf zwei Katasterparzellen am Standort „rue de Schiffweiler“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.5. - Stadtplanung.**

Siedlungs- / Stückelungsanfrage von Frau Marie-Thérèse Ettinger im Hinblick auf die Aufteilung von zwei Grundstücken am Standort „rue Robert Krieps“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**9.6. - Stadtplanung.**

Siedlungs- / Stückelungsanfrage von „PRL SARL“ im Hinblick auf die Aufteilung von drei Grundstücken am Standort „rue Joseph Philippart“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Breyer hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**9.7. - Stadtplanung.**

Siedlungs- / Stückelungsanfrage von Herr Alen Miftari im Hinblick auf die Aufteilung von zwei Grundstücken am Standort „rue Guillaume“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Arendt hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**10. - Vereinsleben.**

Änderung der Verordnung in Bezug auf die Vereinszuschüsse - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**11.1.1. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Einrichtung eines Leitsystems für Fußgänger: Abstimmung über die Summe von 165.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Welter hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**11.1.2. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Auszuführende Arbeiten zum Nutzen der ländlichen Straßen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 55.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1.3. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Erweiterungsarbeiten am Tischtennissaal in Lamadelaine: Abstimmung über den angepassten Kostenvoranschlag über 2,9 Millionen Euro (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Becker hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**11.1.4. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Isolationsarbeiten am Dach des Rathauses in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 60.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1.5. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Installationsarbeiten an zwei neuen Heizkesseln im Schulgebäude „Am Park“ in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 158.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1.6. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Installation eines neuen Touchscreens im „Espace muséologique 9'44 – We shall never forget“ im Roten Haus in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 20.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1.7. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Arbeiten zur Instandsetzung der Kegelbahnen im nationalen Kegelzentrum in Petingen: Abstimmung über den endgültigen Kostenvoranschlag über 410.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1.8. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Erneuerungsarbeiten an den Elektroinstallationen sowie an den Kegelbahnen und den Tribünen des Nationalen Kegelzentrums in Petingen: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 150.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1.9. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Erneuerungsarbeiten an der Technik und den Becken des PiKo-Schwimmbades in Rodange: Abstimmung über den angepassten Kostenvoranschlag über 24,3 Millionen Euro (inkl. MwSt.) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1.10. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Außerordentliche Arbeiten - Instandsetzungs- und Verbesserungsarbeiten an der Fassade sowie den Laufgängen in der Kindertagesstätte „Dachse vun der Bich“ in Rodange: Abstimmung über den Kostenvoranschlag über 625.000 € (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.2. - Rektifizierter Haushalt 2021 und Haushalt 2022.**

Abstimmungen über den rektifizierten Haushalt 2021 sowie über den Haushalt 2022 – Beschlüsse.

Der rektifizierte Haushalt 2021 wurde mit 15 Ja-Stimmen sowie 2 Gegenstimmen (déi gréng) angenommen.

Der Haushalt 2022 wurde mit 15 Ja-Stimmen sowie 2 Gegenstimmen (déi gréng) angenommen.

---

# Séance publique du 31 janvier 2022

***Durée de la séance**: 15.00 à 16.30 heures*

**Présents:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, bourgmestre (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV) - *jusqu'au point 6.5 inclus*<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei)<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Absent et excusé:**

**Breyer Roland** (CSV) - *à partir du point 6.6*

# ORDRE DU JOUR

**Séance publique (15.00 heures)**

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Titres de recettes – décision.
   - 2.2. Démission d'un membre de la Commission des Finances, du Budget et des Règlements – information.
3. Enseignement: Convention avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse relative au fonctionnement d'une classe du Centre de Logopédie – décision.
4. Cimetières: Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant le 2e semestre 2021 – décision.
5. Personnel
   - 5.1. Création d'un poste de fonctionnaire communal (m/f) pour les besoins du service de l'Office des citoyens – décision.

5.2. Changement d'un poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité C1, sous-groupe scientifique et technique, en un poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité B1 pour les besoins de la cellule de sécurité – décision.

5.3. Modification des modalités de rémunération d'un poste de salarié (ancien employé privé) du service du secrétariat général, équipe des huissiers – décision.

6. Propriétés

6.1. Compromis concernant l'échange gratuit de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Belair», avec M. Marc Kneip et Mme Marina Hornick – décision.

6.2. Acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Jacques Chauvin», avec M. Raymond Masutti – décision.

6.3. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus», de la part de la société Toiture Immobilière Corvina SARL – décision.

6.4. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins», de la part de Mme Dawn Buxton – décision.

6.5. Acte concernant l'acquisition gratuite de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue de la Résistance», de la part de M. Francis Err – décision.

6.6. Convention d'occupation relative à une parcelle cadastrale sise à Pétange, lieu-dit «Rue Edward Steichen», avec l'État du Grand-Duché du Luxembourg - décision.

6.7. Acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Batty Weber», avec l'État du Grand-Duché du Luxembourg – décision.

7. Canalisations: Règlement communal relatif à l'assainissement des eaux: fixation du montant des amendes – décision.

8. Urbanisation

8.1. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Lamadelaine, lieu-dit «Avenue de la Gare» – décision.

8.2. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg» – décision.

8.3. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Rue de la Lasauvage» – décision.

8.4. Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp» – décision.

8.5. Projet d'aménagement particulier «Nouveau Quartier» concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «An Eigent» (nouvelle Maison Relais), pour le compte de l'Administration communale de Pétange - décision.

9. Transports et communications: Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rues Mathias Adam et Batty Weber – décision.

**Séance à huis clos**

10. Personnel

10.1. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département technique – décision.

10.2. Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe technique, pour les besoins du service eau et canalisation – décision.

10.3. Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

10.4. Mécanisme temporaire de changement de groupe: Promotion d'une fonctionnaire au groupe de traitement B1, sous-groupe administratif – décision.

10.5. Classement d'un salarié (ancien employé privé) du service du secrétariat général, équipe des huissiers.

---

# COMPTE RENDU

## 1.

### Communications du collège des bourgmestre et échevins.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech begréissen iech alleguer an der Gemengerotssëtzung vum 31. Januar. Et ass déi éischt am neie Joer. Ech wënschen iech alles Guddes am neie Joer an datt mir dann och an deemselwechte Geescht viruschaffen ewéi déi lescht Joren.

Am 1. Punkt geet et ëm d'Matdeelunge vum Schäfferot. Do wollte mir iech nach 3 Informatioune ginn. Déi alleréischt Informatioun ass eng positiv Informatioun, an zwar, datt mir eise Budget déi lescht Woch ouni Remarken erëmkritt hunn, esou datt d'Madamm Inneministesch dat dann och esou akzeptéiert huet ewéi mir en am Dezember gestëmmt hunn.

Da wieren nach zwou weider Informatiounen, déi mir iech wollte ginn. Do ass emol d'Madamm Conter, déi iech eng Informatioun wollt gi wat den Unterrecht ugeet. Duerno ass et dann och nach eng Informatioun vum Här Mertzig, wat de Centre QT ugeet.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Dir Dammen, dir Hären, mir hunn an der Schoulorganisatioun eng Ännerung an der Klasseverdeelung virhuelen. An zwar bedéngt duerch Ausfäll, déi mat Schwangerschaften ze doen hunn. An dir wësst jo ganz genee, datt, wa mir Persounen hunn, déi an aner Ëmstänn sinn, déi dann direkt an d'Dispens

ginn. An do hu mir am ganzen 9 esou Fäll gehat plus eng länger Krankeschäinsgeschicht. Do huet de Regionaldirekter eis eng Propose gemaach, wou hie Changementer virgeholl huet, alles natierlech am Geescht an ofgeschwat mat sengem „Comité d'école“, mat de „Présidents d'écoles“ fir de Kanner esou vill ewéi méiglech Remplacementer op laang Zäit ze ginn. Well hien huet gesot, e wier net grad erfreet driwwer wann hien ze dacks misst aner Remplaçanten an d'Klass dinn. Dofir huet hien eis eng ganz Lëscht eragi wou hien eis Persoune matgedeelt huet, wou si vum Schoulservice hir der Meenung sinn – a mir hunn dat och esou aktéiert -, datt dat déi bescht Léisung fir d'Schoulklasse wier.

Wa mir dann och haut domat averstane sinn, d'Lëscht läit vir. Ech wëll elo net hei ufänken, iech d'Lëscht hei virzeliesen, ma dir kënnt am Schoulservice nofroe fir déi Lëschten ze kréien, esou datt dir gesitt, wien als Remplaçant op laang Zäit agesat ginn ass a wien e ganzt Schouljoer kann e Remplacement maachen. Oder och wou deen een oder anere kuerze Quereinsteiger agesat ginn ass an d'Klassen, wou et net esou noutwenneg gehale ginn ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Ech hunn eng Kommunikatioun iwwer de QT, den nationale Keelenzenter. De 17. Januar 2022 ass eng Kopie vun engem Courrier an der Gemeng eragaangen, deen op den 13. Januar 2022 datéiert ass an als Destinataire d'NBS, déi international Keelefederatioun hat.

An deem Courrier un d’NBS deelt d'FLQ mat, datt si d'WM 2022 net méi ausféiere wëllen. Ech fannen et schued, datt mir als Gemeng, als Partner, just niewebäi iwwer déi Tatsaach informéiert goufen. Den 12. Oktober 2021 hu mir zesummen op der Plaz am QT en Zäitplang als Partner – d'Gemeng, d'FLQ, de Sportsministère an d'Firma – festgehalen. Den 18.10.2021 huet d'Firma eis Réckmeldung gi fir dës Aarbechten ze realiséieren. Ech bedaueren an dementéiere ganz kloer, wéi et deelweis an der Press an op de soziale Medien duergestallt ginn ass, an zwar datt et weder un der Gemeng nach um Sportsministère hänkt, an datt d'Gemeng esou wéi de Sportsministère alles gemaach huet fir datt dës Aarbechte sollen no deem zesummen ofgemaachten Zäitplang kënne realiséiert ginn. Ech zitéieren aus dem Bréif vun der FLQ un d'NBS: „trotz des unermüdlichen Einsatzes der Verantwortlichen der Gemeinde..." stoung an engem Saz dran. E grousse Merci un de Schäffe Jean-Marie Halsdorf, deen et fäerdegbruecht huet, d'Situatioun um administrative Plang national ze deblockéieren, souwéi och dem Sportsministère fir seng absolut Ënnerstëtzung.

Dozou hu mir e Courriel kritt vun der FLQ, an dat de 24. Januar 2022: „Gudde Moien. Mir musse feststellen, datt eis Ofso vun der Weltmeeschterschaft politesch genotzt gëtt fir déi Verantwortlech vun der Gemeng an der Ëffentlechkeet schlecht do stoen ze loossen. Mir sinn awer der Meenung, datt eise Communiqué kloer géif duerstellen, datt all déi Bedeelegt an dësem Dossier hiert Bescht ginn hunn. Den Drock vun der internationaler Federatioun, d'Fairness vis-à-vis vun de Sportler an hire Federatiounen, d'Ufroe fir d'Hotelbuchungen haten ugefaangen eranzekommen an d'Onsécherheet duerch d‘Pandemie hunn eis zu der getraffener Entscheedung gedriwwen. D'lescht Joer ware Problemer bei der Liwwerung vum Holz als Ursaach an d'Spill komm. Mir haten elo Angscht, datt et eventuell änlech ewéi bei den Autoen elo bei der neier Informatik vun der Anlag zu Verspéidunge kéint kommen, well vläicht elektronesch Baudeeler net do sinn. Mir wëllen eis haaptsächlech bei Iech fir déi politesch Kollateralschied entschëllegen an hoffe weider op Är Ënnerstëtzung, ouni déi mir net esou wäit wieren ewéi mir sinn, op déi mir awer an Zukunft net wëllen a kënne verzichten."

## 2.1.

### Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 7.999.440,48 euros (exercice 2021) – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Recettes les plus importantes:*

| | |
|---|---|
| *Fonds de dotation globale des communes – avance 4e trimestre 2021* | *7.048.043,00 €* |
| *Impôt commercial – 4e trimestre 2021* | *499.000,00 €* |
| *Esch2022: Remboursement des fonds avancés pour l'organisation des manifestations* | *120.000,00 €* |

**Accord à l’unanimité.**

## 2.2.

### Administration générale.

Démission d’un membre de la Commission des Finances, du Budget et des Règlements – information.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Il est pris acte de la démission de M. Tom Kerger.**

## 3.

### Enseignement.

Convention avec le Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse relative au fonctionnement d’une classe du Centre de Logopédie – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Mir hunn hei nees ewéi all Joer d'Konventioun virleie mam Educatiounsministère. An zwar geet et ëm de Fonctionnement vun enger Logopedie-Klass bei eis an der Gemeng. Et ass jo bekannt, datt mir eng Logopedie-Klass am Zyklus 1 hunn, wou mir maximal 8 Kanner kënnen ophuelen, déi Stéierungen am Developpement vun der Sprooch opweisen. Bis elo hate mir, wat och net ännert, 8 Kanner an där Klass, déi mir ophuelen an déi vun engem Spezialist aus der Logopedie ënnerriicht ginn. Mir kommen och op fir dat Material, dat do gebraucht gëtt an deene Klasse fir mat deene Kanner ze léieren.

Wat awer elo an där Konventioun changéiert, dat ass, datt mir bis elo ëmmer drastoen haten, datt déi Klass exklusiv fir Kanner vu Péiteng wier. Dat wëlle mir awer elo änneren an ausdrécklech op d'Demande hi vun der Logopedie selwer, déi un eis erugetruede sinn. Am Fall, wou 1 oder 2 Plaze géifen opbleiwen a wou mir net 8 Kanner hätte fir déi Klass opzefëllen, kéinte mir Kanner ophuelen aus enger anerer Gemeng. Esou datt mir geduecht haten datt, wann dir domat averstane sidd fir dat ze änneren, datt mir dat Wuert „exclusif“ an „prioritaire“ änneren. Dat heescht, datt nach ëmmer d'Kanner aus eiser Gemeng prioritär bleiwe fir eng Plaz ze kréien. Wann awer déi eng oder aner Plaz géif opbleiwen, da kéinte mir en anert Kand, e klengt Kand, fir e ganzt Joer eranhuelen, well et ëmmer ëm e ganzt Schouljoer geet a wou dann dat Kand kéint an de Genoss vu logopedescher Hëllef kommen. Ech mengen, dat wier eng flott Saach wa mir esou kéinten denken. A wann dir mat op dee Wee wëllt goen, da géife mir déi Konventioun haut esou hei stëmmen. Just mat deem Ënnerscheed, datt „exclusif“ mat „prioritaire“ géif geännert ginn.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.

**Cimetières.**

Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant le 2e semestre 2021 – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.1.

**Personnel.**

Création d'un poste de fonctionnaire communal (m/f) pour les besoins du service de l'Office des citoyens – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.2.

**Personnel.**

Changement d'un poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité C1, sous-groupe scientifique et technique, en un poste d'employé communal (m/f) du groupe d'indemnité B1 pour les besoins de la cellule de sécurité – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 5.3.

**Personnel.**

Modification des modalités de rémunération d'un poste de salarié (ancien employé privé) du service du secrétariat général, équipe des huissiers – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.1.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Belair», avec M. Marc Kneip et Mme Marina Hornick – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'échange des terrains se fait moyennant le paiement d'une soulte compensatoire estimée à 825,00 euros en faveur de l'Administration communale de Pétange.*

**Accord à l'unanimité. M. Martins Dias, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.2.

**Propriétés.**

Acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Jacques Chauvin», avec M. Raymond Masutti – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'échange des terrains se fait moyennant le paiement d'une soulte compensatoire estimée à 195,00 euros en faveur de l'Administration communale de Pétange.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.3.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,02 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue d'Athus», de la part de la société Toiture Immobilière Corvina SARL – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.4.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,32 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins», de la part de Mme Dawn Buxton – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.5.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite de terrains (0,05 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue de la Résistance», de la part de M. Francis Err – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.6.

**Propriétés.**

Convention d'occupation relative à une parcelle cadastrale sise à Pétange, lieu-dit «Rue Edward Steichen», avec l'État du Grand-Duché du Luxembourg – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La Commune concède à l'Etat un droit d'occupation gratuit sur une partie d'une parcelle communale située à Pétange, lieu-dit «Rue Edward Steichen», avec une contenance estimée à 0,18 are.*

**Accord à l'unanimité.**

## 6.7.

**Propriétés.**

Acte concernant l'échange de terrains sis à Pétange, lieu-dit «Rue Batty Weber», avec l'État du Grand-Duché du Luxembourg – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'échange des terrains se fait moyennant le paiement d'une soulte compensatoire totale de 239.750,00 euros au profit de l'Etat luxembourgeois. L'échange des terrains est réalisé dans*

*l'intérêt de la construction d'infrastructures d'accueil pour enfants et jeunes à Pétange.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.

### Canalisations.

Règlement communal relatif à l'assainissement des eaux: fixation du montant des amendes – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.1.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Lamadelaine, lieu-dit «Avenue de la Gare» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.2.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Pétange, lieu-dit «Rue Prinzenberg» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.3.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Rue de la Lasauvage» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 8.4.

### Urbanisation.

Droit de préemption relatif à une parcelle cadastrale située à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il est proposé de renoncer au droit de préemption sur le terrain en question.*

**Accord à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 8.5.

### Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier «Nouveau Quartier» concernant des fonds sis à Pétange, au lieu-dit «An Eigent» (nouvelle Maison Relais), pour le compte de l'Administration communale de Pétange – décision.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Hei geet et grad ëm dee Punkt, dee just virdrun ugeschwat ginn ass, well mir e Manktem u Plaz hu fir d'Kanner daagsiwwer ze betreien. An zwar geet et ëm de PAP fir de Bau vun enger neier Maison Relais „An Eigent" nieft dem Bau, deen de Moment schonn do funktionéiert, de „Reebou", eng Maison Relais, déi schonn e puer Joer do steet. Hei hätte mir elo eng Geleeënheet fir eng nei Maison Relais direkt dernieft ze bauen, wat a mengen Aen eng Noutwennegkeet a ganz wichteg wier grad op deem Campus, well mir amgaang sinn, d'„Eigent"-Schoul auszebauen, eng Maison Relais schonn do stoen hu wou kënne Synergië kënne stattfanne mat engem Neibau, wann deen zustane géif kommen. D'Sportshal Bim Diederich ass direkt déi aner Säit an och nach d'Schwämm fir d'Schoulkanner. Esou datt d'Weeër ganz kuerz wiere fir déi Kanner, déi do betreit kënne ginn.

Mir hu sämtlech Analysen, déi gefrot ware vum Ëmwelt-ministère, schonn duerchgezunn an och den Aval kritt. Dat Ganzt war och an der „Cellule d'évaluation". Vun der „Cellule d'évaluation" hu mir natierlech elo verschidde Punkten hei zur Diskussioun kritt, déi missten ugepasst ginn a wou mir och kënnen adaptéiere fir datt mir do kéinten déi Maison Relais hibauen. An zwar geet et haaptsächlech dorëms, datt mir operluecht kritt hunn an drop opmierksam gemaach gi sinn, datt d'Nettofläch vun elo misst ugepasst ginn. Do si Verbesserungen, déi misste gemaach ginn. An zwar hu mir uginn, mir hätten 28,32 Ar, déi wieren doranner situéiert an dem Quartier „nouveaux quartiers", an déi missten nogemooss ginn, well do schéngs just 25 Ar géifen zur Verfügung géife stoen. Dat geet awer bei Wäitem duer fir dat Haus ze bauen esou wéi mir dat virgesinn hunn. Et ass och en „alignement obligatoire"gefrot ginn, an deen ass och programméiert, esou datt mir och deem kënne Rechnung droe wat d'„cellule d'évaluation" eis hei freet.

Da war och nach am Plang selwer eng „liaison piétonne" agezeechent, déi awer net elo am éischte Lot soll a muss gemaach ginn. Déi ass net virgesinn, esou datt mir déi dann aus dem Plang komplett eraushuelen. Dat muss net sinn, dat soll och net duerch d'Haus féieren, dat wier guer net recommandéiert.

Déi graphesch Deeler, déi vun der „Cellule d'évaluation" recommandéiert sinn, ginn natierlech och ugepasst, an d'Koeffiziente gi richteggestallt.

Eng „indemnité compensatoire" ass net virgesinn, well mir als Gemeng jo selwer Bauträger sinn. Eng Objektioun koum natierlech vu Säite vun der Madamm Hamen, an dat war „à titre indicatif", do war op hirer Parzell e Biotop agezeechent. Déi Indikatioun ass awer net relevant fir dëse Projet, well mir och guer net an deen Terrain agräifen, esou datt mir déi Referenzen och aus dem grapheschen Deel kënnen eraushuelen.

No all deenen Ajustementer an Upassungen, déi vun der „Cellule d'évaluation" gefrot sinn, komme mir zu deenen 3 Punkten, déi haut solle gestëmmt gi fir de Bau vun enger zousätzlecher Maison Relais, wou mir hoffen, datt dat kann zustane kommen a wou mir 180 bis 200 Plaze fir Kanner kënne schafen an déi vun eiser Waardelëscht kënnen

ofbauen. An zwar ass deen éischte Punkt, de Recommandatioune vun der „Cellule d'évaluation“ bäizepflichten, déi adaptéiert Versioun vum 16.12.2021 PAP „Eigent“ Lot 1 unzehuelen an op eng „indemnité compensatoire“ ze verzichten.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech hunn zwou Froen. Déi éischt ass, wéi konnt dat geschéien, datt mir kee Mesurage gemaach hu mat Geometeren? Wéi kann et sinn, datt mir aner Moossen hunn an datt mir aner Zuelen hu wéi d'Kommissioun?

Déi zweet Fro ass: well jo do e Mini-Bësch verschwënnt, dee sollt kompenséiert ginn, wou gëtt dee kompenséiert? Geet et duer fir ze soen iergendwou, wou mir nach e fräien Terrain hunn oder wier et net sënnvoll fir en an der Géigend vun der Schoul oder der Maison Relais esou vill Gréngs zeréckzeplanzen ewéi méiglech?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Fir op är éischt Fro ze äntweren, den Terrain ass ausgemooss ginn op deene Pläng, déi mir haten. Et gëtt elo natierlech nach eng Kéier komplett nogemooss. De Büro, dee mir drop haten, dat war den Architektebüro „Ateliers du Sud“, deen de PAP hei ausgeschafft huet, deen ass warscheinlech vun den Evaluatiounen ausgaangen, déi do louchen. Wat och ze doen hat mat deem Terrain vun niewendrun, vun der Maison Relais. Ma et ass kee Problem, well mir genuch Terrain hunn, dat gëtt rektifizéiert.

Fir op är zweet Fro ze kommen, do ass een Deel vun deenen Hecken, déi effektiv ewechgeholl ginn. Och ee Bam gëtt ewechgeholl. Déi aner Beem bleiwe bestoen. Als Oplag hu mir kritt fir eng gréng Terrass ze maachen, fir eng gréng Fassad ze maachen. Do ass den Architekt de Moment amgaang drun ze schaffen. Do kucke mir fir och en Architekt extra derbäi ze kréien, deen sech domat befaasst, wéi mir sollen déi gréng Fassaden am beschten ajustéiere fir deem Rechnung ze droen, wat mir hei vum Ëmweltministère gefrot kruten. Ech mengen, dat sollt kee Problem sinn. Mir waren och scho mat de Verantwortleche vun der Maison Relais a mat den Architekte gewëssen Haiser kucken, déi esou Wänn hunn a wat gutt ausgesäit a wat natierlech Méikäschte si wann een dovunner ausgi wat dat alles mat sech bréngt. Do musse mir natierlech och dorun denke fir duerno déi richteg Spezialisten hunn, déi herno och d'Fleeg vun de grénge Fassaden iwwerhuelen. Ma ech mengen, deem musse mir Rechnung droen an dat wäerte mir schonn alles an deem Sënn hikréien ewéi mir dat gefrot kritt hunn. Wann déi Pläng alleguer räif sinn, da wäerte mir natierlech an de Gemengerot kommen an iech déi Pläng virleeën an iech weisen, wat do alles op dem Areal entsteet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech soen iech Merci fir d'Äntwerten. Eng gréng Fassad ass natierlech super, virun allem och fir de Banneraum, fir den Openthalt bannen.

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

An och nach eng Terrass. Mir sollen uewen nach eng grouss Terrass kréien, well et jo op verschidde Stäck ass, an do ass geplangt, datt mir eng gréng Terrass kréien, wou deementspriechend ageriicht gëtt a mir eben och nach vum Gréngs profitéiere kënnen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech wëll komplementar dozou soen, datt mir déi Demande am Kader vum Gesetz vum 18. Juli 2018 geschéckt. De Büro Luxplan huet déi ausgestallt de 5. November 2021. Mir waarden op d'Äntwert, an et wäert awer esou ausgesinn ewéi wa mir nach missten Eco-Punkte kafe fir dat do ze kompenséieren.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Also dat do ass ganz wichteg, datt mir dee Projet realiséiert kréien, well mir wëssen, datt d'Waardeléschte grouss sinn. Mir musse lues awer sécher d'Zuel vun eise méigleche Plazen an d'Luucht setzen. Ech wollt awer drop agoen – ech weess net, ob dru geduecht gouf – datt dat Personal, dat duerno do schafft, genuch Parkplazen zur Verfügung gestallt kritt. Sief dat ronderëm oder am Gebai selwer. Ass och virgesi fir eng Photovoltaikanlag anzebauen?

**Conter-Klein Raymonde, Schäffen:**

Also fir op d'Photovoltaikanlag zeréckzekommen, dat ass jo bal Standard bei eis an de Gebaier. Mir hunn dat jo och um „Reebou“, et ass virgesinn zu Lamadelaine um Bau, deen de Moment an der Finitioun ass. Wann dir natierlech elo d'Parkplazen uschwätzt, esou kënnt kee Souterrain drënner. Parkplaze sinn déi aner Säit beim Sportzenter Bim Diederich, a mir gi jo och op dee Wee – an ech mengen, mir solle jo all op de Wee goe fir esou vill ewéi méiglech den ëffentlechen Transport ze huelen. An dofir si mir och der Meenung, datt déi Leit, déi dohinner schaffe kommen – et läit alles relativ no am Zentrum, wou mir den TICE hunn a genuch Bussen hunn, déi fueren. A fir déi, déi vu méi wäit kommen, déi vu Rodange hir kommen, do ass jo och dru geduecht gi fir e groussen Opfangparking ze bauen. An ech menge vun do bis an den Zentrum vu Péiteng wäerte Méiglechkeete bestoe fir mam ëffentlechen Transport hinzekommen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech mengen, do kréie mir nach d'Méiglechkeet, wa mir de Projet selwer diskutéieren, fir nach eng Kéier dorop anzegoen.

**Accord à l'unanimité.**

## 9.

### Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rues Mathias Adam et Batty Weber – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei hu mir en zäitweilegt Reglement virleien. Et ass esou, datt mir e Reglement geholl hate bis de 27. Januar well do de Kanal geluecht gëtt a wou en Deel vun der Haaptachs vun der Nidderkuerer Strooss erofgeet bei d'Kor. De 25.01.2022 huet den Entrepreneur eis am Nomëtteg kontaktéiert, datt hien net fäerdeg géif gi mat deenen Aarbechten an ob dat Reglement net nach eng Kéier ëm 6 Deeg verlängert kéint ginn. Dëst Reglement bedéngt, datt mir an der rue Pierre Hamer tëscht der rue Mathias Adam an der rue J.B. Gillardin en „double sens“ gemaach hunn, esou datt d'Leit awer kënnen Accès hu bei hir Haiser an hir Garagen. Doduerch hu mer awer mussen en „stationnement interdit“ op deenen 2 Säite maachen.

Déi aner Säit bei der Sportshal an der rue Pierre Hamer, den Deel tëscht der rue Pierre Gregoire an der rue Mathias Adam respektiv der rue Batty Weber, rue des Ecoles, do leeft d'Zirkulatioun am „sens unique“ a Richtung vun der rue J.B. Gillardin. Wéi gesot, et ass eng strategesch Plaz, wou mir vill geplot sinn, well och nach derbäi komm ass, datt mir virun e „fait accompli“ gesat goufe mat der Collectrice, wou d'Strooss op eemol zou war. Mir mussen einfach weiderkomme mat den Aarbechten, mir hate keen anere Choix. An ech géif de Gemengerot och froe fir dëst Reglement guttzeheeschen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wollt do nofroen, wann déi iergendwann eng Kéier fäerdeg géife gi mat den Aarbechten an der Strooss, ob déi dann och verantwortlech gemaach gi fir de Parking nees a Stand ze setzen, deen se verhonst hunn an deen se zum Deel futti gemaach hunn a wou en hallwe Meter Bulli steet. Well si mussen awer och ugehale gi fir dat duerno anstänneg ze hannerloossen a propper ze maachen.

A wa mir scho vu Bulli schwätzen. Hei op der aner Säit vum Stadhaus leeft de Bulli den Härewee erof vum Schantjen op d'Haaptstrooss. Dat ass eng Sauerei an eng eenzeg. Do wier ech och frou, wann een eng Kéier zu deem Entrepreneur soen, e soll e puer Mol mat enger Stroossebiischt duerch d'Strooss fueren, well et ass eng Situatioun, déi einfach net méi zoumuttbar ass.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Fir op déi éischt Situatioun zeréckzekommen, do wäerte mir kucken, datt dee Parking erëm esou hiergestallt gëtt ewéi e war. Et war natierlech elo komplizéiert mat den Aarbechten, awer et ass jo och virdrun en „état des lieux" gemaach ginn. Effektiv bleift dann nach en Effort do ze maache fir mat der Kiermaschinn ze fueren.

Wat deen zweete Schantjen ugeet bei der BIL, do hutt dir komplett Recht, déi Fro ze stellen. Ech wëll iech awer och drop hiweisen, datt mir d'lescht Woch zweemol do intervenéiert hunn. De Buergermeeschter huet esouguer selwer intervenéiert, well effektiv, wéi déi do geschafft hunn a wat se do gemaach hunn, absolut net der Konformitéit entsprach huet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ma da soen ech iech villmools Merci dofir. Ech wëll iech awer dann nach mat op de Wee ginn datt, wann dir nach eng Kéier do musst intervenéieren, da sollen se och hanner der hëlzener Palissad – et ass jo schonn immens, datt mer eng hëlze Palissad hunn, esou datt d'Leit net mussen op déi aner Stroossesäit goen, datt de Schäfferot dat esou duerchgerongen huet fir de Schantjen esou z'installéieren ass top – déi aner Säit, do hunn se de Buedem getässelt, also den Aushub. Op enger Plaz fänkt se un agedréckt ze ginn a Richtung Strooss. A wann do eng Kéier Leit ginn an déi ganzen hëlze Palissad fält op déi Leit, dat ass net gutt. Also wann dir nach eng Kéier wéilt do „à charge" kommen, dann denkt dru fir dat och ze bemängelen. Ech soen iech Merci.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Merci fir d'Informatiounen. Mir wäerten nach eng Kéier zousätzlech d'Situatioun analyséieren an och dann direkt drop reagéieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 10.

**Le point 10 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.**

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un fonctionnaire (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département technique – décision.

Mme Mertzig Noémi est nommée provisoirement aux fonctions de fonctionnaire communale dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du département technique.

Nomination définitive d'un fonctionnaire communal – décision.

M. Daniel Gobert est nommé définitivement aux fonctions d'agent municipal avec effet au 1er février 2022.

# Gemeinderatssitzung vom 31. Januar 2022

**Anwesend:**

| | | |
|---|---|---|
| **Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV) | | **Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)<br>**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV)<br>**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP) |
| **Agostino Maria** (CSV)<br>**Arendt Patrick** (CSV)<br>**Breyer Roland** (CSV) - *bis einschließlich Punkt 6.5*<br>**Martins Dias André** (CSV)<br>**Remacle Patrick** (CSV) | **Birtz Gaby** (LSAP)<br>**Brecht Guy** (LSAP)<br>**Stoffel Marco** (LSAP) | **Becker Romain** (déi gréng)<br>**Scheuer Romain** (déi gréng)<br>**Goergen Marc** (Piratepartei<br>**Welter Christian** (Piratepartei)<br>**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP) |

**Abwesend und entschuldigt:**

**Breyer Roland** (CSV) - *ab Punkt 6.6*

### 1. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Bürgermeister Pierre Mellina gibt Auskunft darüber, dass der Haushalt 2022 von der Innenministerin gutgeheißen wurde.

Schöffin Raymonde Conter-Klein teilt mit, dass Änderungen in der Schulorganisation in Bezug auf die Klassenverteilung vorgenommen wurden.

Herr Romain Mertzig, Schöffe, teilt mit, dass aus einer Korrespondenz zwischen der FLQ und der NBS hervorgeht, dass die Kegelweltmeisterschaft 2022 nicht stattfinden wird. Er bedauert außerdem und weist entschieden zurück, dass die Presse und die sozialen Medien die Gemeindeverwaltung und den Sportminister als verantwortlich dafür dargestellt haben, dass die Arbeiten am QT nicht innerhalb des vereinbarten

Zeitrahmens durchgeführt wurden. Darüber hinaus würde die FLQ in einem Schreiben den unermüdlichen Einsatz der Gemeindeverantwortlichen in dieser Angelegenheit loben.

### 2.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in Höhe von 7.999.440,48 € (Jahr 2021) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 2.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritt eines Mitglieds im Finanz-, Haushalt- und Verordnungsausschuss - Mitteilung.

Tom Kergers Rücktritt wurde zur Kenntnis genommen.

### 3. - Schulwesen.

Konvention mit dem Ministerium für Nationale Bildung, Kindheit und Jugend in Bezug auf den Betrieb einer Klasse des Logopädiezentrums - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4. - Friedhöfe.

Konzessionsverkauf von Gräbern und Kolumbarien auf den Friedhöfen im Lauf des 2. Semesters 2021 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.1. - Personal.

Schaffung eines Beamtenpostens (m/w) für das Bürgerzentrum - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.2. - Personal.

Umänderung eines kommunalen Angestelltenpostens (m/w) der Gehaltsklasse C1 in einen Angestelltenposten (m/w) der Gehaltsklasse B1 für den Sicherheitsdienst - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5.3. - Personal.

Änderung der Zahlungsmodalitäten für einen Angestelltenposten im Generalsekretariat (Amtsdiener) – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.1. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den Tausch von Grundstücken am Standort „rue Belair“ in Petingen mit Herrn Marc Kneip und Frau Marina Hornick - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Martins Dias hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.2. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Tausch von Grundstücken am Standort „rue Jacques Chauvin“ in Petingen mit Herrn Raymond Masutti - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.3. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue d'Athus“ in Petingen von der Gesellschaft „Toiture Immobilière Corvina SARL“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.4. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue des Jardins“ in Petingen von Frau Dawn Buxton - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.5. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb von Grundstücken am Standort „rue de la Résistance“ in Petingen von Herrn Francis Err - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.6. - Liegenschaften.

Nutzungskonvention in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „rue Edward Steichen“ in Petingen mit dem Luxemburger Staat - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 6.7. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Tausch von Grundstücken am Standort „rue Batty Weber“ mit dem Luxemburger Staat - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7. - Kanalisation.

Kommunale Verordnung in Bezug auf die Wassersanierung: Festlegung der Bußgelder - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.1. - Stadtplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „avenue de la Gare“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.2. - Stadtplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „rue Prinzenberg“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8.3. - Stadtplanung.

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „rue de Lasauvage“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Goergen hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

**8.4. - Stadtplanung.**

Vorverkaufsrecht in Bezug auf eine Katasterparzelle am Standort „rue du Clopp“ in Rodange - Beschluss.

| |
|---|
| Beschluss einstimmig. Herr Goergen hat nicht an der Abstimmung teilgenommen. |

**8.5. - Stadtplanung.**

Teilbebauungsplan „Nouveau Quartier“ in Bezug auf Ländereien am Standort „An Eigent“ in Petingen (neue Maison Relais) für die Gemeindeverwaltung Petingen - Beschluss.

| |
|---|
| Beschluss einstimmig. |

**9. - Transport und Kommunikation.**

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung in den Straßen Mathias Adam und Batty Weber in Petingen - Beschluss.

| |
|---|
| Beschluss einstimmig. |

**10.**

Punkt 10 der Tagesordnung wurde in geheimer Sitzung abgehandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidung zu veröffentlichen:

Ernennung eines Beamten (m/w) in der Gehaltsklasse B1 für das Technische Amt - Beschluss.

| |
|---|
| Frau Noémi Mertzig wurde provisorisch als Gemeindebeamtin in der Gehaltsgruppe B1 für das Technische Amt ernannt. |

---

# Séance publique du 28 février 2022

***Durée de la séance**: 15.30 à 18.15 heures*

**Présents:**

<table>
<tr><td colspan="3">Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)</td><td colspan="3">Halsdorf Jean-Marie, 1er échevin (CSV)<br>Conter-Klein Raymonde, 2e échevin (CSV) - jusqu'au point 8 inclus<br>Mertzig Romain, 3e échevin (LSAP)</td></tr>
<tr><td colspan="2">Agostino Maria (CSV)<br>Arendt Patrick (CSV)<br>Breyer Roland (CSV<br>Martins Dias André (CSV)<br>Remacle Patrick (CSV)</td><td colspan="2">Birtz Gaby (LSAP)<br>Brecht Guy (LSAP)<br>Stoffel Marco (LSAP)</td><td colspan="2">Becker Romain (déi gréng)<br>Scheuer Romain (déi gréng)<br>Goergen Marc (Piratepartei)<br>Welter Christian (Piratepartei)<br>Bouché-Berens Marie-Louise (DP)</td></tr>
</table>

**Absent et excusé:**

| |
|---|
| **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) – *à partir du point 9.1.* |

# ORDRE DU JOUR

**Séance à huis clos (15.30 heures)**

1. Personnel
   1.1. Nomination d'un instructeur de natation – décision.
   1.2. Prolongation du service provisoire d'un fonctionnaire communal – décision.
   1.3. Promotion de deux fonctionnaires communaux – décisions.
   1.4. Démission volontaire d'un fonctionnaire communal – décision.
   1.5. Démission volontaire de trois employés communaux – décisions.
2. Enseignement musical: Classement de trois chargés de cours – décisions.

**Séance publique (16.00 heures)**

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
    4.1. Titres de recettes – décision.
    4.2. Nomination des membres dans l'équipe climat prévue dans le «Pacte Climat» - décision.
    4.3. Règlement-taxe: révision des chapitres I « ervice d'eau» et II «Canalisation et station d'épuration» - décision.
    4.4. Construction d'une nouvelle tribune avec vestiaires, d'un nouveau parking et de gradins au terrain de football à Rodange: vote du devis définitif – décision.
    4.5. Travaux de réaménagement de la place John F. Kennedy à Pétange: vote des plans du pavillon, du devis définitif et d'un crédit supplémentaire – décision.
    4.6. Aménagement d'un gîte touristique dans le cadre d'un projet de revalorisation de la région «Minett»: vote du devis définitif et d'un crédit supplémentaire – décision.
5. Enseignement: Règlement d'occupation des postes pour les instituteurs (m/f) – décision.
6. Personnel communal
    6.1. Fixation de la rémunération des salariés occupés à durée déterminée dans les piscines communales – décision.
    6.2. Convention avec un salarié pour l'obtention du permis de conduire BE – décision.
7. Affaires sociales
    7.1. Conventions concernant le fonctionnement du centre de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes «Péitenger Jugendhaus» pour l'année 2022 – décisions.
    7.2. Avenant à la convention bipartite 2021 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les Maisons Relais – décision.
8. Ordre public: Autorisation pour l'action de vente d'œufs de Pâques dans la commune organisée par l'association «Fir ee gudden Zweck Gemeng Péiteng ASBL» - décision.
9. Propriétés
    9.1. Avenant n°1 au contrat d'approvisionnement avec la société Munhowen SA pour le Centre sportif «Bim Diederich» à Pétange – décision.
    9.2. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Marie-Adélaïde», de la part de M. de Jesus Figueiredo José – décision.
    9.3. Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue Nicolas Biever», de la part de Mme Mirela Mehovic et M. Admir Rama – décision.
    9.4. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», à M. Francisco Marques Perdigao et Mme Elisabete Pires Gonçalves – décision.
    9.5. Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue des Prés», de la part de M. Sacha Heiderscheid – décision.
    9.6. Acte concernant l'acquisition gratuite de terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit «Avenue de la Gare», et à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte», de la part de M. Charles Colle et Mme Christiane Pütz – décision.
    9.7. Acte concernant l'acquisition gratuite de deux terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue Fontaine d'Olière», de la part de M. Alcino Ribeiro Araujo et Mme Ligia Teixeira Lage – décision.
    9.8. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Maragole», de la part de M. Claudio Moital Godinho et Mme Andreia Da Silva Pedrosa Godinho – décision.
    9.9. Acte concernant l'échange de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», avec la société Kalista Immo SA – décision.
10. Urbanisation
    10.1. Demande de lotissement / morcellement de la part de l'Administration communale de Pétange concernant un terrain sis Pétange, lieu-dit «Rue Pierre Hamer» - décision.
    10.2. Modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Croix St Pierre»: saisine - décision.
    10.3. Modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant des fonds situés à Pétange, au lieu-dit «route de Longwy»: saisine – décision.
11. Transports et communications
    11.1. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rues Mathias Adam, Batty Weber, des Écoles et Pierre Hamer – décision.
    11.2. Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue Jean-Baptiste Gillardin – décision.
12. Vie associative: Nouveau règlement interne de l'«Ordre de Chevalerie du 7e Centenaire de Pétange» - information.

# COMPTE RENDU

## 1. et 2.

**Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.**

Le conseil communal a décidé de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un instructeur de natation – décision.

M. Homan Alex, demeurant à Pétange, est nommé provisoirement aux fonctions d'instructeur de natation.

Démission volontaire d'un fonctionnaire communal – décision.

La démission volontaire à partir du 1er janvier 2023 de ses fonctions d'instructeur de natation et le titre honorifique sont accordés à M. Birlenbach Aloyse.

Démission volontaire d'un employé communal au service de l'Ecole de Musique – décision.

La démission volontaire à partir du 1er avril 2022 de ses fonctions auprès de l'administration communale est accordée à M. Alain Graf.

Démission volontaire d'une employée communale au service médico-socio-scolaire – décision.

La démission volontaire à partir du 1er mars 2022 de ses fonctions auprès de l'administration communale est accordée à Mme Mady Olinger. De plus, il a été décidé de supprimer ledit poste d'assistant social au service médico-socio-scolaire.

Démission volontaire d'une employée communale au service des piscines communales – décision.

La démission volontaire à partir du 1er octobre 2022 de ses fonctions auprès de l'administration communale est accordée à Mme Simone Reicher.

## 3.

**Communications du collège des bourgmestre et échevins.**

Néant.

## 4.1.

**Administration générale.**

Titres de recettes aux montants totaux de 810.541,97 euros (exercice 2021) et de 1.249.802,00 euros (exercice 2022) – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Recettes les plus importantes:*

*Exercice 2021:*

| | |
|---|---|
| *Vente de terrains à la S.N.H.B.M. et participation de ladite société aux coûts dans le cadre du nouveau lotissement « An den Atzengen » à Lamadelaine* | *336.612,07 €* |
| *TVA décembre* | *199.746,18 €* |
| *Subside dans le cadre de la construction de garages communaux* | *84.066,98 €* |

*Exercice 2022:*

| | |
|---|---|
| *Maisons relais – Part de Etat* | *1.243.802,00 €* |

**Accord à l'unanimité.**

## 4.2.

**Administration générale.**

Nomination des membres dans l'équipe climat prévue dans le «Pacte Climat» – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

**Votes secrets concernant la nomination des membres de l'équipe climat:**

**Agostino Maria: élue à l'unanimité**

**Arendt Patrick: élu à l'unanimité**

**Bouché-Berens Marie-Louise: élue à l'unanimité**

**Goergen Marc: élu à l'unanimité**

**Mertzig Romain: élu à l'unanimité**

**Rodrigues Yannick: élu à l'unanimité**

**Scheuer Romain: élu à l'unanimité**

**Stoffel Marco: élu à l'unanimité**

**Vote secret concernant la nomination de l'échevin Romain Mertzig comme président de l'équipe climat:**

**Les 17 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'.**

L'équipe climat du «Pacte climat 2.0» se compose comme suit:

- Agostino Maria (membre – conseillère communale)
- Arendt Patrick (membre – conseiller communal)
- Bouché-Berens Marie-Louise (membre – conseillère communale)
- Goergen Marc (membre – conseiller communal)
- Mertzig Romain (président – échevin)
- Rodrigues Yannick (membre – citoyen)
- Scheuer Romain (membre – conseiller communal)
- Stoffel Marco (membre – conseiller communal)
- Breyer Serge (expert, chef du service culture et communications)
- Kipchen Marc (coordinateur technique)
- Kolber Carine (conseiller de base)
- Linden Claude (expert / secrétaire, chef du service environnement)
- Majerus Samuel (conseiller spécialisé)

## 4.3

### Administration générale.

Règlement-taxe: révision des chapitres I «Service d'eau» et II «Canalisation et station d'épuration» – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Hei geet et ëm déi nei Waasserpräisser, déi mer an der Gemeng hunn. De Grondgedanke war deen, datt mer am Kordall sollten déi selwecht Waasserpräisser esou no wéi méiglech beienee kréien. Dat ass awer net méiglech.

De Spillraum ass hei relativ null, well et muss een am Fong geholl déi reell Käschten ëmsetzen. Dir gesitt jo och d'Variatioune bei de Präisser, de 15.12.2021 war et 3 Euro an elo sinn et 3,10 Euro zum Beispill fir d'Stéit. An d'Partie fixe wier 4,80 Euro an déi bleift d'selwecht. Dat ass elo e Beispill.

Bei den «eaux usées» ass d'Partie fixe 20%, 30 Euro an déi aner Partie ass 2,60 Euro pro m3. Dat ass fir d'Ofwaasser an do si mer bei 2,60 Euro bliwwen. Dat heescht, et si just ganz kleng Ännerungen.

Dat ass och éischter en administrativen Exercice wéi soss eppes. Mir hu kee Spillraum, well mer mussen déi reell Präisser applizéieren an et ass dat, wat mer maachen.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Mir sinn eis och bewosst, datt een dat muss käschtendeckend maachen. Ech kenne jo och déi ganz Struktur, wéi een et muss maachen. Et ass awer och esou, datt mir Piraten eng aner Iddi hunn, wéi d'Waasser soll berechent ginn, an zwar andeems de «fixe» op de Minimum sollt erofgesat ginn an an de Gemengen dann de Verbrauch vill méi héich soll sinn, fir datt Leit, déi d'Waasser verhonzen, méi bestrooft ginn. Well de «flexiblen» ass net wierklech ëmweltbewosst géintiwwer dem «fixe» an dofir wäerte mir och hei dergéintstëmmen. Well mer – wéi mer et schonns esou oft gesot hunn – éischter de «fixe» vill méi kleng gären hätten an dofir de «variable» vill méi grouss. Wat een natierlech och an der Ausrechnung esou kéint maachen, datt et käschtendeckend wier. Mä do hu mer einfach eng aner politesch Vue.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir hu versicht, fir an der Kontinuitéit ze bleiwe fir d'Bierger, fir d'Haushalten. An dofir hu mer net agesi fir elo esou eng sougenannte Revolutioun ze maache wéi dir se elo proposéiert. Dat kënnt vläicht eng Kéier, ma fir de Moment wollte mer an der Kontinuitéit bleiwen. Dat war fir eis de «mot d'ordre».

**Breyer Roland (CSV):**

Ech ka mech deene Wierder nëmmen uschléissen, déi de Jean-Marie Halsdorf gesot huet. Mir hunn als SIACH e bëssen d'Missioun iwwerholl fir ze kucken, mat deene 4 Gemengen déi selwecht Approche ze maachen. Dat ass net onbedéngt eis primär Missioun, mä mir si gutt placéiert fir haaptsächlech beim Ofwaassersecteur eis Rotschléi mat bäizeginn. A mir gesinn och hei, datt mer – wat d'Ofwaasser ubelaangt – relativ no beienee sinn an deene 4 Gemengen. De Waasserpräis selwer ass e bësse bedéngt duerch den Akaf, wou de Präis an d'Luucht gaangen ass. A wann d'Matière première an d'Luucht geet, dann huet dat eng Repercussioun, där mer musse praktesch follegen.

Mir sinn eis och eens gi mat deene 4 Gemengen, mat deene 4 Schäfferéit, datt mer all Joer eng éischt Approche maachen, an dat och reegelméisseg maachen esoubal de Kont vum Joer virdru virläit. Dat wier esou am Mee / Juni, an datt mer da schonn eng Approche maache mat den Servicer, wat déi Fraise vum lokalen Netz vun den Infrastrukturen ubelaangt. An da kënne mer och déi vum SIACH mat arechnen, esou datt mer do méi genee gesinn an éischter spieren, wéi de Präis an d'Luucht geet – wat d'Ofwaasser ubelaangt.

Dee wäert an d'Luucht goen, well mer elo am Gaange sinn ze investéieren. Mir si mat der drëtte Phas am Gaangen an déi wäert nach 2 Joer daueren. Do wäerte ronn 75 Milliounen investéiert ginn. A wa mer eiser Politik trei bleiwen, datt mer dee ganze Chiffer amortiséieren op déi Joren, déi noutwenneg sinn – do sinn Infrastrukturen, déi 25 Joer daueren, et sinn anerer, déi 35 oder 50 Joer daueren – a wann een déi 75 Milliounen op 50 Joer amortiséiert, da gëtt dat 1,5 Millioune pro Joer. A wann ee weess, datt mer 1 Millioun m3 Waasser an der Gemeng hei hunn, da weess een, wat dat ongeféier fir déi nächste Jore bedeit an den Ofwaasserpräis wäert an d'Luucht goen.

Do musse mer dru gleewen. D'Qualitéit kascht eppes a mir wëssen, datt déi véiert Stuf net wäit ewech ass. Esou datt den Investissement weidergeet. An de Staat mécht ëmmer manner. D'Subventioune waren an der Zäit gutt 90%. Dat schmëlzt awer elo séier zesummen a mir sinn am Gaange mam Waasserwirtschaftsamt ze streiden. Well mir haten et gutt gemengt, fir e Projet ze deposéieren, an duerch d'Ëmstänn elo komme mer net no, well mer d'Main d'oeuvre net op der Plaz fannen. An elo wëllen si déi ganz Subside sträichen. Et si keng roseg Aussiichten ënnerwee wat d'Ofwaasser ubelaangt. A beim Waasser ass et sécherlech d'selwecht.

Wa mer awer reegelméisseg méi no all Joer dat spieren an déi Rechnung maachen, da gi mer op alle Fall net iwwerrascht, wat d'Ennzomm ubelaangt. An dat wëlle mer och maachen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech kann dat nëmmen ënnerschreiwen. Am Waasserberäich sinn ech vun 2008 dobäi an ech muss soen, datt de Wee dee richtege Wee ass. Mir hunn et jo och misste maache well d'europäesch Direktiv eis dat virschreift, datt mer de reelle Waasserpräis musse rechnen. An ech fannen, datt et guer net esou schlecht ass wéi mer dat hei an der Gemeng gestréckt hunn. An d'Waasser ass déi eenzeg natierlech Ressource, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, an déi muss ee schonn esou héich halen.

An ech versti scho wat den Här Goergen gesot huet, datt dat e Gedanken ass, deen een net sollt ofweisen an datt een sech eng Kéier misst iwwerleeën, wéi een dat duerno kann anescht strécken. Mä et geet besonnesch drëms, fir dee soziale Volet dran ze kréie fir déi Leit, deenen et net esou gutt geet mat där ganzer Energiepolitik. Do komme schwéier Zäiten op eis duer. Ech hoffen, datt mer do Léisunge fannen – national a lokal – fir datt d'Bierger d'Kéier kréien. Well dat dote gëtt keng einfach Zäit, déi op eis zoukënnt.

Wéi gesot, ech si frou, datt hei e Konsens ass fir de reelle Waasserpräis.

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 4.4

### Administration générale.

Construction d'une nouvelle tribune avec vestiaires, d'un nouveau parking et de gradins au terrain de football à Rodange: vote du devis définitif au montant total de 15.000.000,00 euros (TTC) – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat hei ass e Projet, deen ech zesumme mam Romain Mertzig maachen. De Romain Mertzig mécht dee sportleche Volet an

ech maachen dee ganze Volet ronderëm d'Parkings-infrastrukturen.

Wat manifest ass, dat ass datt de Projet vill méi deier gëtt. E kascht elo 15 Milliounen, nodeems en der nëmmen 9,63 Millioune sollt kaschte laut dem éischten Devis, dee mer de 16.12.2019 hei am Gemengerot haten.

Ma dee grousse Käschtepunkt ass eben de Parking. De Parking gëtt schrecklech deier a kascht duerno 8,3 Milliounen an do sinn eleng bal 4 Milliounen Terrassementer dran. Dat ass d'Erklärung. Et ass esou, datt op deem Dreckstipp, deen do ass, Buerunge gemaach si ginn. Mä en Dreckstipp ass per Definitioun «très hétérogène». Dat heescht, do sinn 20 bis 30 Buerunge gemaach ginn, mä et war duerno nach ganz anescht wéi se geduecht hunn. An dunn hunn se méi missten an de Buedem pompelen, fir datt dat Ganzt stoe bleift. Dat ass ee vun den Haaptgrënn, firwat et esou deier ginn ass.

Dat ass een Haaptgrond, mä et ginn nach anerer. En aneren ass de Covid. Doduerch sinn d'Materialie schrecklech deier ginn. An eiser Deliberatioun stinn 1,5 Milliounen dra fir eleng just d'Material, wat relativ vill ass. An dann hunn och verschidde Saache missten anescht gemaach ginn, ë.a. d'Stabiliséierung vum Hiwwel, asw.

Esou datt mer elo e Projet hunn, wou de Parking 8,3 Millioune kascht, d'Tribün 5,3 Milliounen an den Hiwwel – fir deen ze stabiliséiere mat den Tribünen – kascht 1 Millioun. Dat mécht dann zesumme 15 Milliounen. Et ass leider esou, mä et gëtt e flotte Projet, deen eng Plus-value gëtt fir Rodange an dee ganzen Eck do.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Mir haten de Projet jo schonn emol hei, wou mer e bësse méi iwwer d'Detailer geschwat haten. Meng éischt Fro betrëfft éischter de Fussballsterrain. Ech verstinn, datt et elo méi deier gëtt. Et si vill Projeten – net nëmmen hei an der Gemeng – wou d'Präisser erhéicht ginn. Ech vertrauen iech och, datt der do gekuckt hutt, datt et net einfach aus Mumpitz erhéicht gëtt. Net wéi an anere Fäll am Land, wou d'Leit heiansdo gäre wollte profitéiere andeems se de Präis einfach emol eropgeschrauft hunn. Ma ech vertrauen iech, datt der dat genee gekuckt hutt.

De Punkt bei den Tribünen an och bei dem Terrain selwer ass d'Fro, wéi d'Gemeng dat an Zukunft wäert handhabe mat der Publicitéit. Do ass jo eng Publicitéit, wou d'Veräiner – wann een d'Bilane kuckt – zimmlech vill Geld erakréien. Dat sinn Diskussiounen, déi och an anere Gemenge lafen, datt dat awer eigentlech ëmmer op deene Gemengenetablissementer ass, wou d'Gemengen esou vill Millioune bezuelt hunn. Wéi wäert d'Gemeng do an Zukunft verfueren. Bleift dat zu 100% bei deem lokale Veräin, wou deen d'Recettë vun deene ville Publicitéite kritt, obwuel dat Ganzt op engem Gemengegebai hänkt a wou dat Ganzt eigentlech profitéiert gëtt, awer vun der Gemeng bezuelt ginn ass. Bleift et an där Strategie, datt d'Recette dovunner zu 100% fir de Veräin ass? Sollt d'Gemeng net e bëssen dovunner kréie fir op mannst e bëssen den Invest iwwer d'Joren ze kompenséieren?

Meng zweet Fro ass, wéi duerno d'Modalitéite vum Parking wäerte sinn. Ech gesi ganz kloer an, datt dee Parking säi Sënn huet. Wann ech richteg gesinn hunn, sollen duerno och Solarzellen drop kommen. Dat wäert wierklech e schéine Projet sinn. Ma mir hate jo eng Kéier d'Diskussioun, wat duerno d'Modalitéite wäerte si fir do ze parken. Wäert dee Parking payant sinn? Wäert et mam Disk sinn? Et war jo och nach d'Fro, wéi et duerno mat de Camionnettë wäert sinn. Well mir sinn net der Meenung, datt mer esou een deiere Projet sollte maachen, fir datt de Patron duerno seng Camionnettë gratis do parke ka goen. Esou datt hie bei senger Firma Geld spuert an d'Gemeng géif duerno e gratis Parking do stellen. Well dann hu mer duerno de Patron e bësse subventionéiert, wat jo u sech net de Sënn an Zweck ass, wa mer esou e grousse Projet maachen. Hutt der do schonn Informatiounen, wéi d'Modalitéite vum Parking wäerten oflafen?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir sinn am Gaangen e Parkkonzept auszeschaffen. Dat mécht de Romain Mertzig, well dat a senge Kompetenze läit. Dat hei ass och déi éischte Kéier, datt mer an eiser Gemeng esou ee grousse Parking hunn. Dee Parking kritt 182 Plazen. Wat och flott ass, et gëtt net vill versigelt. Et ass e flotte Projet, wou d'Leit kënnen higoen. Et ass esou, datt do effektiv keng Camionnetten drakommen. Fir d'Camionnetten – an do si mer an enger nächster Phas - wëlle mer uewen dee Parking, deen elo besteet, ëmfonctionéieren. Et ass dat, wann een an de Brouckerwee fiert, riets. Dee Parking soll amenagéiert gi fir Camionnetten.

Dat heite soll ee Parking si fir d'Bierger. Et gëtt e Konzept gemaach. Et muss een dovunner ausgoen, datt déi Saache laangfristeg payant ginn. D'Konzept ass nach an der Ausaarbecht, mä dat dote gëtt éischter e Laangzäitparking. Et muss een deene Leit déi do wunnen, dem Léierpersonal, dem edukative Personal, eng Méiglechkeet ginn. Et ass scho gutt, datt se mam Zuch kommen. U sech si mer zu Rodange privilegéiert. Et huet ee jo net wäit ze goe fir bis op d'Gare, mä et muss een awer de Leit d'Méiglechkeet ginn, fir datt se och mat hirem perséinlechen Auto kënne kommen.

Wat deen anere Volet mat der Publicitéit ugeet, esou hu mer do nach keng Decisioun am Schäfferot geholl. Ma de Romain Mertzig kann dozou méi soen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Effektiv hu mer dat nach net am Schäfferot beschwat. Ech ginn awer dovunner aus, datt dat esou wäert bleiwe wéi et ass, ausser et wier dem Gemengerot säi Wonsch, datt et net esou sollt sinn. Eppes muss ee wëssen: et ass d'selwecht wéi an den Halen. Do hänken och Publicitéiten. Ech mengen awer net, datt et der Gemeng hiren Intressi ass fir d'Autonomie vun de Veräiner ze beschneiden an do anzegräifen.

Wéi gesot, mir wäerten dat eng Kéier thematiséieren. Dat ass dat, wat ech iech kann dorobber äntweren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Ech war mer déi Saach haut de Mëtteg virum Gemengerot ukucken. Et kann ee verstoen, datt de Präis an d'Luucht geet duerch d'Material. Mä bei deenen 2 Milliounen, déi mer do hu wéinst der Stabilitéit an der «qualité du sol et des alentours des projets», well dat Parkhaus duerno relativ no beim Hiwwel steet, esou kann een sech d'Fro stellen, op een net schonn hätt kënnen am Virfeld wëssen, datt do Problemer kéinten op eis duerkommen. Och déi Saach mat der Tribün, mat der Stabilitéit, do wousste mer schonn, datt Problemer do wiere mat de Garagen, datt déi Problemer hätte fir iwwerhaapt nach kënnen an hir Garagen eranzefueren. Do hätt den Architektebüro scho kënnen am Virfeld dat mat aberechnen. Elo hu mer do e Supplement vun 2 Milliounen. Dat si jo awer vill Suen, déi do nach eng Kéier als Supplement kommen. Engem Architekt hätt dat jo missten am Virfeld an d'A stiechen.

Beim Parkhaus hutt der jo gesot, datt keng Camionnettë géifen dohinner kommen. Dat hate mer jo schonn eng Kéier an der Verkéierskommissioun diskutéiert. Zu der Problematik mat de Camionnetten hutt der beim Här Goergen schonn eng Äntwert ginn. Wa mer dat Parkhaus duerno do stoen hunn, da soll awer och eng Kontroll ronderëm si vun eise Pecherten. Well aktuell ass déi Situatioun mat de Parkplazproblemer nach ëmmer déi selwecht. Wann ee kuckt, déi Strooss, déi erof do

geet – et gëtt jo duerno eng Staatsstrooss – datt do ëmmer méi Residenze kommen, da ginn doduerch d'Parkproblemer och ëmmer méi grouss. Doduerch ass et gutt, datt dat Parkhaus dohinner kënnt. Mä d'Problematik ass nach ëmmer déi, datt mer d'Leit net kënne forcéiere fir dohinner parken ze goen.

Dir hutt och elo vum Schoulpersonal geschwat a vun deene Leit, déi ronderëm sinn. Wéi ech elo op der Plaz war, konnt ech gesinn, datt elo schonn de Parking voll ass. Et ass keng Plaz méi ronderëm. De Brouckerwee ass voll geparkt. Hannen a vir ass keng Plaz méi.

Wann een elo kuckt wéi d'Parkhaus do steet, da war eng Kéier gesot ginn, datt vun der Cité Knauf erop e Wee géif gemaach ginn, esou datt déi Leit aus där Cité en Accès hätte fir bei d'Schoul ze kommen. Dat wier méi einfach fir d'Leit, déi an deem ganze Quartier wunnen, esou datt se net duerch d'Gendarmeriestrooss erop misste goe fir an d'Schoul. Wann een elo gesäit, wéi dat Parkhaus soll stoe kommen, da kënnt een duerno u sech net méi richteg do bäi. Kënnt do duerno nach eng Kéier e Wee erop? Ass geplangt, datt eng Kéier e Wee aus Richtung Cité Knauf gemaach gëtt? Well déi Cité gëtt jo och nach vergréissert an da wier et net schlecht, wa mer do e Fousswee hätte fir do erop- an erofzegoen. Dat wier méi sécher fir d'Schüler a fir d'Leit, déi do ronderëm wunnen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech huelen déi Propositioun vun deem Wee, deen do erop soll kommen, mat. Ech weess, datt eng Kéier ganz vage doriwwer geschwat gi war. Ech bréngen dat nach eng Kéier zur Diskussioun mat eisem Architekt, deen um Projet ass.

Wat de Projet selwer vum Parkhaus ugeet, esou hunn ech gesot, datt – wann een op een Dreckstipp baut – et esou hétérogène ass, datt een net alles ka wëssen. An et ware vill Buerunge gemaach ginn. Et ass Luxplan, déi et gemaach hunn, an dat ass e seriöe Büro mat enger gudder Reputatioun.

Natierlech ass et och nach emol méi deier ginn duerch den Effet Covid. Deen huet och dozou bäigedroen. Mä ech ginn iech Recht. Mir hate schonn dee selwechte Projet, wou mer d'Sportshal gebaut hunn, déi vis-à-vis steet. Mir sinn net déi gréisste Gemeng vu Lëtzebuerg. Mir sinn eng kleng Gemeng a mir musse kucken, datt mer all déi Arealen, déi mer hunn, beschtméiglechst notzen. An ech fannen déi Iddi, fir d'Parkhaus dohinner ze bauen, eng flott Iddi. Do kréie mer 182 Parkplazen. Virdru waren et der héchstens 60. Dat heescht, mir hunn eng Verdräifachung, wat schonn net schlecht ass. A mir kréien d'Camionnetten och op d'Säit. Dat ass och besser fir d'Aen, wann déi beieneen do stinn. An d'Leit mussen sech och lues a lues dru winne fir op den ëffentlechen Transport ze goen. An ech mengen, do si mir zu Rodange an an eiser Gemeng ganz gutt opgestallt. Well déi wéinegst Gemengen am Land kënne behaapten, datt se an den Haaptzäiten 3 bis 4 Zich an enger Stonn hunn, déi an d'Stad fueren. Dat ass topp. An ech mengen, déi jonk Leit verstinn dat och.

Mä mir hunn och missten esou eng Struktur dohinner bauen. Well wann zum Beispill Matcher an der Sportshal sinn, da komme jo vill Leit kucken. Mir hu jo och wëlles fir dat alles ëmzeorganiséieren, de Buedem an der Hal frësch ze maachen, asw. Dat gëtt eng flott Saach an do kommen och vill Leit. An et ass besser, si stinn an engem Parkhaus wéi wann se lénks a riets stinn. An dat selwecht gëllt, wann e Futtballmatch ass, respektiv wa mer Festivitéite maache wéi zum Beispill den Televie, dee mer op der Plaz niewendru kënne maachen. Esou datt mer hei e flotte Package gestréckt hunn, dee sécherlech net bëlleg ass – do ginn ech iech Recht – wéinst dem Effet Covid an dem Effet Dreckstipp.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Beim Hang waren eis d'Hänn gebonnen. Mir woussten, datt mer dat eng Kéier misste maachen. Ech mengen, dee Projet datéiert vun 2005 oder 2007. Et muss ee wëssen, datt do deelweis illegal gebaut gi war. A well do de Projet verkaf ginn ass, well do Faillitte waren, hu mer déi Saachen alleguerten iwwer d'Geriicht missten nokucken. Dat huet leider esoulaang gedauert. Mä mir hunn awer leider misste reagéieren, well och den Accès fir dohinner zou war. An et war och kee schéint Bild. Dat muss een einfach soen. Ech mengen, dat hu mer awer elo definitiv geléist. Mä alles huet säi Präis.

**Agostino Maria (CSV):**

Och hei an dësem Dossier, grad ewéi a villen aneren Dossieren, spiere mer d'Nowierkunge vun der Pandemie, déi nach laang net fäerdeg ass, mä déi eis awer drun erënnert, dass alles, wat virum Corona geplangt war, net esou riicht leeft wéi virgesinn. Hei rechne mer mat enger Präisdeierecht vun +/- 15 %, wat enorm vill ass.

A wéi ech och schonn a menger Budgetsried gesot hat, solle mer frou sinn iwwer déi streng a konsequent Budgetspolitik aus de leschten 20 Joer, déi eis grad wärend dëse substantielle Präishaussen hëllefen dës Dossieren awer stemmen ze kënnen.

Mir musse mat enger Hausse vun 2.000.000 € rechne wéinst de schlechte Buedemverhältnisser vum neie Parking; net ze vergiessen dass et en alen Tipp war. Mä och hei stëmmen ech mat Jo, well jiddwereen, dee schonn op dësem Site op eng Organisatioun gaangen ass, weess ganz genee, wéi schwiereg et ass eng Parkplaz ze fannen.

De Bau vun de neien Tribüne mat Vestiairen an dem neie Parking mat engem gesamte Präis vu 15.000.000 € ass am Intressi vun de Sports- a Kulturaktivitéiten, awer och fir d'Aktivitéiten am Zentrum vu Rodange – de Commerce, d'Schoulen, d'Crèche, Maison Relais – an dofir ënnerstëtzen ech dëse Projet.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech kann nach eng Kéier widderhuele wat der gesot hutt. Mir hunn déi privilegiéiert Chance hei an der Gemeng Péiteng – an dat wäert der och gesi bei deenen anere Projeten déi méi deier ginn – datt mer déi alleguerte mat eise Gelder, déi mer de Moment hunn, kënne bezuelen. Mir maache keng Hypothéik fir déi kommend Generatiounen. Mir mussen net deene Leit Scholden hannerloossen. Mir hunn effektiv d'Chance an deenen Zäiten hei wou et net einfach ass, datt mer mat deene Mëttelen, déi mer hunn, déi Projete kënne finanzéieren.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

D'Madamm Agostino huet Recht. Et muss een ëmmer kucken, mat deem neien Outil, dee mer kréie mat der Tribün, schafe mer och zousätzlechen Espace fir d'Vestiairen. Et muss ee wëssen, datt mer en Haaptterrain, e syntheeteschen Terrain wou d'Jugend drop spillt an eng Sportshal hunn. Esou kréie mer awer dann och d'Vestiairen an der Sportshal deelweis liberéiert. Och wann dann emol zwou Manifestatiounen an der Sportshal sinn, geet dat gutt laanschteneen. A wat och en Objektiv fir d'Veräiner, déi di Hal notzen, wäert sinn, dat ass datt se Buvette och kënnen anstandslos notzen. Well dat war bis elo nach ëmmer d'Buvette vum Fussballsterrain.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

Meng Froe si schonns méi oder wéineger beäntwert ginn. Den Här Scheuer hat dat ugeschwat. Dir sot jo selwer, datt en Dreckstipp do war. Ech mengen, dat wosst den Architektebüro

jo och. Firwat dann net direkt méi héich usetze wann se jo net genee wëssen, wéi dee Buedem do beschafen ass. Dat sinn elo erëm 2 Milliounen, déi do méi op eis zoukommen. Elo kommen am Ganze ronn 5 Millioune méi op eis zou. Dat ass bedéngt duerch de Corona, mir wëssen dat. Dee ganze Projet ass awer immens an ech droen dee Projet och mat.

Wat ech mer géif wënschen dat wier, wann elo dat Parkhaus do ass, bleiwen dann déi puer Parkplaze rietser Hand bestoe fir déi Leit, déi séier wëllen op de Kierfecht eng Coup droe goen? Bleiwen déi puer Parkplaze bestoen, grad esou wéi déi Handicapéierteparkplaz, oder falen déi ewech, wann d'Parkhaus bis do steet?

Dir hutt elo d'Buvette ugeschwat. Mir maachen an deenen neien Tribünen esou schéi Buvetten. Och schonn zu Péiteng. An hei hunn ech elo gesinn, datt dëst och esou eng schéi Buvette gëtt. Dofir wollt ech froen, ob och aner Sportsveräiner déi Buvette kéinte benotzen. An den Här Mertzig huet jo elo déi Fro beäntwert.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Zum Parking wollt ech nach eng Kéier soen, datt dat Parkhaus op déi Plaz hikënnt wou elo alles opgerappt ass. Do bleiwe laanscht d'Strooss nach e puer Parkplazen, grad esou wéi déi Handicapéierteparkplaz. Et ass dat jo e Konzept. Uewenhinner komme jo dann d'Camionnetten. An déi nächst Majoritéit hei am Gemengerot muss decidéieren, ob een déi Buvette eventuell och op mécht fir Privatleit. Wat mir kloer schéngt ze sinn dat ass, datt ee muss eng Léisung sichen. Mir hunn 3 Veräiner, déi an der Sportshal spillen an dat ass den Handball, de Volleyball an de Basketball. An do kéint ee soen – dat heescht elo net, datt een et muss maachen - , datt ee seet, den Handball geet ëmmer op Péiteng an de Volleyball an de Basket deelen sech Rodange. D'Iddi ass och – an dat muss och déi nächst Majoritéit maachen – fir eventuell e flotten Holzbuedem an d'Rodanger Hal ze maachen, esou datt ee wierklech eng flott Basketballhal do kritt. An da kéint all Sportaart optimal hei an der Gemeng spillen. Eng optimal fir de Volleyball, eng optimal fir de Basket an eng optimal fir den Handball.

**Brecht Guy (LSAP):**

Am Fong geholl si meng Froe beäntwert ginn. Den Här Scheuer an d'Madamm Bouché hunn déi Froe scho gestallt. Ech menge mir haten deemools schonn esou Schwieregkeeten, wou mer dee syntheeteschen Terrain do gebaut hunn. An dofir sinn ech och der Meenung wéi meng zwee Virriedner, datt dat nach besser hätt missten iwwerpréift ginn. Mir wësse wat fir Schwieregkeeten, datt mer do hunn. Fir mech hätt dat onbedéngt missten den Architekt gesinn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech soen iech et nach eng Kéier: Si hunn eis dat esou erkläert a wat ech och verstinn, datt dat Ganzt heterogene ass. Ech weess zum Beispill vu Leit, déi fréier hei op der Gemeng geschafft hunn, an déi haut an der rue Titelberg wunnen, an deen huet mer gesot, datt do Plaze sinn, wou dat ganzt Material, wat op der Fonderie verschafft ginn ass, op Plazen do getippt ginn ass. Do si Plazen, do kënnt ee bal net derduerch. Wann ee bei de Buerungen esou eng Plaz geréit, da weess een och net, wéivill datt do läit. Sinn dat 10 Tonnen oder 100 Tonnen, dat weess keen. En Dreckstipp ass per Definitioun heterogene. An et ass eng Virwëtztut. An ech menge schonn, datt se hir Aufgab gemaach hunn. Et ass jo och vill méi deier ginn duerch den Effet Covid.

**Brecht Guy (LSAP):**

Hu mer dann do keng modern Mëttelen, fir emol ee vir allemol festzestelle wat effektiv do läit?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dach, si hu Forragë gemaach. Mä do ass alles getippt ginn. Ech soen nach eng Kéier: do si Plazen, do läit ganz vill Material wat do entsuergt ginn ass vun der Fonderie. Do läit da Goss an esou Geschichten. Do ass dann e feste Buedem. Op anere Plaze leien da vläicht nëmme mineralesch Saachen.

**Brecht Guy (LSAP):**

Ech mengen, mir haten de Problem och scho beim Titus, wou mer och keng Anung hate wat alles do géif leien.

**Accord à l'unanimité.**

## 4.5

### Administration générale.

Travaux de réaménagement de la place John F. Kennedy à Pétange: vote des plans du pavillon, du devis définitif au montant total arrondi de 3.650.000,00 euros (TTC) et d'un crédit supplémentaire de 1.310.000,00 euros.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir ware jo schonn e puer Mol hei am Gemengerot mat där Plaz an elo komme mer an déi lescht Etapp. An dat ass fir en definitiven Devis ze stëmme vun 3,65 Milliounen. Dat ass e Pak méi, mä dat ass duerch vill Imprevuen an et ass besonnesch doduerch komm, dass d'Konzept vun deem Pavillon, dee mer opriichten, an der Tëschenzäit geännert huet an deem Sënn, datt déi éischt Berechnunge gemaach si ginn op Grond vun enger Struktur, déi net esou stabil war. A well awer op dëser Plaz vill Camionen a vill schwéier Maschinne fueren, huet dat Repercussiounen op dee Pavillon. Et gëtt jo eng Struktur aus Stol a wann déi net déck genuch ass, da ginn dat Rëss an dann hält déi net. An doduerch ass et e Stéck méi deier ginn, dat muss een éierlech soen an dat huet eis den Architektebüro gesot.

Mä den Haaptkäschtepunkt ass manifestement deen, datt hei den Effet Covid voll zougeschloen huet. Doduerch gëtt et immens deier, well déi Materialie si ganz deier. Mä et ass e wonnerschéine Projet, fannen ech perséinlech. En ass mat Leit vum Fach ausgeschafft ginn. Dir wësst, datt Toiletten dra sinn, et sinn Handicapéiertentoiletten dran, et ass en Depot dra fir de Bistro ze exploitéieren, asw. Bannena si 4 oder 6 Dëscher a baussen ass och eng Terrass, déi ee kann iwwer d'Saison eraus benotze well se beheizbar ass.

Et ass e flotte Projet. Mir hunn en och deier fonnt a mir hunn ee Moment iwwerluegt, ob mer en iwwerhaapt solle maachen. Ma déi Ekipp vu virdrun hat déi Iddi. De Roland Breyer ass jo den Initiator vun deem éischte Pavillon. Mir hu gesot, datt mer en awer maache well – an elo kënnt dee Saz, deen ech virdru scho gesot hunn – mir kënnen et maachen ouni datt mer an d'Schold ginn. Mir brauche keng Schold ze maachen. Déi Sue sinn do. Mir kënnen dee Projet maachen. A wa mer schonn e Projet maachen, da solle mer och e schéine Projet maachen. Et sinn 12 Sëtzplaze mat engem flotte Comptoir. Et ass eng schéin Terrass. Et ass wierklech e schéine Projet. A mir hunn eng Toilette do, déi permanent ka benotzt ginn, dat heescht iwwer d'Joer ka benotzt ginn.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Déi ganz Plaz gefält mer ganz gutt. Et ass awer ëmmer eng Affaire de goût. Deen een huet deen ee Styl gären an deen aneren net. Ech fannen dat Modernt schéin, virun allem kombinéiert mat deem ale Stadhaus an dann huet een deen neien Deel dobäi. Et gesäit een et jo och op de Biller. Mir perséinlech gefält déi Architektur. Och wann et fir anerer net hire Styl ass, mä do kann een et ni zu 100% geroden.

D'Plaz u sech gefält eis ganz gutt. Et si just e puer kleng Detailer, wéi z.B. de Bicherschaf, dat deen och richteg zou ass. Dat geet net esou richteg aus de Biller ervir. Et ass scho richteg, datt e Bicherschaf dohinner kënnt, well dat ass schonn eng laang Fuerderung vun der Kulturkommissioun an hirer fréierer Presidentin Josette Conzemius. Mä et soll opgepasst ginn, datt en zou ass, fir datt d'Bicher net naass ginn. Dat ass awer just e Mini-Detail.

Déi méi grouss Detailer sinn – an dat iwwerrascht elo net – datt ech beim Pavillon éischter der Meenung sinn, datt mer et net sollen exklusiv un eng Brauerei verginn. Ech wär éischter der Meenung, datt et neutral gehale gi wier. Dat heescht, datt de Wiert en neutrale Comptoir oder net iwwert iergendee Kontrakt un eng Brauerei gebonne gewiescht wier. Da kéint d'Gemeng dat vill méi oppe benotzen a vläicht och d'Veräiner kéinte méi dovunner benefisséiere wéi wann et duerno un eng Brauerei gekoppelt ass. Well wéi sinn duerno d'Konditiounen? Ech hoffe jo, datt wann d'Veräiner sech fir eng aner Brauerei oder fir en anere Liwwerant géifen entscheeden, datt dat nach ëmmer méiglech ass. Net datt wann se e Fest do maachen, se musse bei deem selwechte kafe wéi de Pavillon. Ech huele jo un, datt dat duerno wäert fräi sinn. Ech denken do u grouss Feieren, wéi z.B. de Rockabilly, datt déi duerno fräi sinn ze kafen an datt et duerno net gebonnen ass un de Pavillon.

Bei den Toiletten ass et jo esou, datt een de Moment ëmmer muss Centen drageheien. U sech ass et fir eng touristesch Stad och immens flott, wann een einfach fräi Toiletten huet. Ech huelen un, datt déi Toiletten duerno net un de Pavillon gebonne ginn, mä do kënnen d'Leit einfach esou op déi Toilettë goen, wann se z.B. do e Buch géife liesen oder op de Bus waarden. Ass et méiglech, fir déi Toiletten duerno fräi ze benotzen oder ass dat just duerno liéiert op dee Pavillon? Dat ass eigentlech e ganz wichtegen Detail, wéi déi Plaz duerno ka genotzt ginn.

Bei der Tribün hunn ech gesinn, datt virun der Dier beim ale Stadhaus elo keng Tribün hikënnt. Da ginn ech dovunner aus, datt d'Veräiner elo ëmmer mussen eng Tribün ufroen, wat jo awer Käschte sinn. Oder gesäit d'Gemeng direkt eng mobil oder iergend eng Léisung vir, fir alleguerten déi Eventer, déi op där Plaz solle stattfannen, an esou d'Veräiner ze ënnerstëtzen? Oder huele mer déi Tribün, déi d'Gemeng elo schonn huet an déi schonn an d'Jore komm ass. Ech stelle mer dat elo net ganz schéi vir, wa mer déi déi eeler Bün op deen neie Site stellen. Ass do iergendwéi eppes virgesinn? Well et ass jo eppes, wat quasi bei all Fest wäert gebraucht ginn. Och wéi bei grousse Fester, wou jo emol méi Leit op deene Büne sinn, esou datt dat ka stattfannen.

D'Bushaische gefält mer gutt. Ech hoffen, datt d'Leit elo net méi esou naass gi wéi bei deem alen. Ech hoffen dat ass alles gutt getest wann et eng Kéier reent.

Mir gefält d'Plaz ganz gutt, esou datt mer och wäerte mat Jo stëmmen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech mengen dir hutt Recht. Et ginn «des goûts et des couleurs», dat ass esou. An ech mengen och, datt d'Madamm Conzemius frou ass, wann et säi Bicherschaf kritt.

Wat ech wollt zu den Toilettë soen ass, datt et sécherlech esou ass, datt déi Toiletten esou exploitéiert ginn, dass se op der enger Säit benotzt gi vum Café an awer och muss kënne genotzt gi vun de Leit. Do musse mer e Konzept ausschaffen. An dat Konzept geet éischter an d'Richtung, datt eventuell deen, deen dat iwwerhëlt, déi och botzt an dass deen dann och dofir bezuelt gëtt. Et muss ee kucken, wéi een dat mécht. Dat sinn nach Detailfroen, déi gekläert musse ginn. Ech sinn och frou, datt mer déi och hei undiskutéieren. Well alles, wat mir hei undiskutéieren, gëtt mat an d'Diskussioun geholl wa mer an déi lescht Phas eraginn.

Mä d'Konzept ass awer gutt, well mer heimadder emol anstänneg Toiletten op déi Plaz kréien. Dat war ni de Fall an ech mengen, datt dat eng Plus-value ass.

Wat d'Exploitatioun vum Pavillon ugeet, esou soll dat e bëssen esou änlech gemaach gi wéi am WAX. Mir wäerten och dat Ganzt umelle beim Enregistrement an da kréie mer och nach 200.000 Euro un TVA erëm. An da musse mer kucken. Am Prinzip wëlle mer d'Konditiounen esou maachen, datt een dat exploitéiert. Dat muss een da kucken, wéi dat elo geet, an datt déi Exploitatioun muss komplementar sinn zu deem, wat d'Veräiner maachen. Et soll een do kloer Linnen zéien, net datt falsch Saachen dran interpretéiert ginn. Eng autonom Exploitatioun ass awer fir mech den A an O. Et soll een elo net soen, datt wa Veräiner kommen, datt déi dat kënnen huelen an da gëtt nees zougemaach. Et soll wierklech eng Plus-value si fir d'Plaz, wou d'Leit sech kënnen hisetzen. A wann d'Veräiner kommen, da sollen déi vu verschiddene Moyenen, déi do deploiéiert ginn, kënne profitéieren. Esou gesinn ech dat. Am Detail kënne mer dat nach eng Kéier diskutéieren.

Ech fannen et och immens schéin. Et fënnt net jiddereen et schéin an dat verstinn ech och. Et ass och e Styl, deen ech gutt fannen, muss ech éierlech soen.

Iwwer d'Tribün hate mer jo schonn eng Kéier hei geschwat. Déi leschte Kéier ass behaapt ginn, d'Tribün géif net eragoen. Si géif awer elo eragoen, mir haten dat nämlech getest. Mä well dat awer ëmständlech ass, hu mer gesot, datt mer eng nei Tribün géife kafen. Mir hu schonn Devisen a si wäert ëm déi 60.000 Euro kaschten. Ech mengen, si steet schonn am Budget dran. An et gëtt eng Tribün, déi flexibel ass.

An déi aner Tribün hei virun der Gemeng bleift. Dat ass déi, wou een sech kann drop stelle wa méi kleng Saache sinn. Fir zum Beispill eng Ried ze halen.

Et si Leit, déi soen, si wier e bëssen agëenkt ginn duerch de Bicherschaf an duerch déi Strukturen op der Plaz, an dofir géif een net gutt bäikommen. Am Konzept ass gesot ginn, datt en Zelt vun enger bestëmmter Gréisst misst dohinner passen. An dat hu mer och gemaach. An elo gëtt et natierlech e Problem mat den Annexe vun den Zelter, mä do fanne mer scho Léisungen. Déi muss een dann diskutéieren an dofir si mer jo zesummen do. Mä ech fannen, datt et eng schéi Plaz gëtt. A wann an deene Backen emol Planzen dra sinn, da gëtt et immens schéin.

**Remacle Patrick (CSV):**

Ech hunn duerch meng beruflech Aktivitéit all Dag mat Firmen ze dinn an hunn och e ganz gudden Drot zu verschidden Architekten an Ingenieure vum Bâtiments publics. Wann een an den Diskussiounen héiert, wat a leschter Zäit um Marché leeft, da kann een dat nëmmen op 3 Punkte resuméieren:

Deen éischte Punkt ass, d'Firme kommen net schaffen, well se keng Ekippen hunn. Si hu keng Leit, si si krank, si sinn doheem, si sinn an Isolatioun, si kommen net.

Den zweete Punkt ass, d'Firme kréie kee Material erbäi, duerch d'Penurie vun de Baumaterialien.

An drëttens, an dat ass wat elo hei op zwee Punkten haut de Mëtteg hei ugeschwat ginn ass, dat ass, wann d'Firmen dann u Material kommen, dann ass et vill méi deier wéi et ursprénglech virgesi war. A genee dat ass, wéi gesot, elo hei geschitt.

Et bleiwen also der Gemeng keng 60 Méiglechkeeten, mä et bleiwen der genee zwou. Entweder mir maachen et oder mir maachen et net.

Dass de Schäfferot op de Wee geet fir déi Aarbechten ze maachen an esou op eiser Gemengeplaz e flotte Pavillon opzeriichten, kann ech nëmme begréissen. Jo, et ass deier, awer et ass eng Investitioun fir d'Biergerinnen an d'Bierger aus eiser Gemeng, an et ass op enger ganz strategescher Plaz.

Mat dëser Infrastruktur gëtt eisen Zentrum opgewäert a wa mir gären eng lieweg Gemeng hätten, da musse mer an déi dote Richtung goen. Ech ka mir virstellen, dass bei Evenementer op där dote Plaz déi Terrass ganz gutt besicht wäert sinn. Ech denken do z.B. un d'Concerte vum Syndicat oder och un Organisatioune vun der Gemeng selwer.

Wéi schonn d'Madamm Agostino virdrun ernimmt huet, huet eis Gemeng an deene leschte Joren eng finanziell Basis geschaf, fir och emol esou ee «coup dur» ewechzestiechen, ouni dass d'Schrauf op anere Plazen doduerch muss zougedréint ginn.

Ech freeë mech op alle Fall op eng nei funktionell Gemengeplaz a well elo d'Fréijoer virun der Dier steet a verschidde Veräiner hier Organisatioune scho geplangt hunn, wollt ech awer gäre vum Schäfferot wëssen, wéi den Timing vun de Reschtaarbechten hei ass. Ob do eppes opgestallt ass?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dir hutt elo e ganz gudde Kommentar gemaach zu där ganzer Situatioun. A wann der iech deen och op d'Long zitt, da verstitt der, dass den Timing net einfach gëtt.

Dat zweet, wat ech iech wollt soen – an et ass gutt, datt der et elo gesot hutt – an ech hunn elo dru geduecht, dat ass, datt mer eng Ausschreiwung gemaach haten an et hunn 2 Firmaen ofginn. Déi éischt, déi gewonnen huet, huet sech dunn zeréckgezunn a gesot, si géifen et awer net maachen. Elo méicht déi zweet Firma et an déi ass liicht 50.000 Euro méi deier wéi déi éischt. Elo si mer frou, datt mer iwwerhaapt een hunn.

Mä et gëtt e flotte Projet a mir hoffen, datt mer et fir de Summer stoen hunn. Et war elo d'Problematik mat der Kavalkad, datt mer net do virdru konnten ufänke well soss hätte mer scho vläicht ugefaangen. Dofir hu mer gesot, datt mer waarde bis d'Kavalkad laanscht ass, well mer soss an der Kavalkad e Schantjen hunn. Dat gëtt «Chaos-City». Dofir musse mer waarde bis Enn Mäerz fir mat den Aarbechten unzefänken. Déi Aarbechte wäerten och net esou laang daueren an ech sinn der Meenung, datt am Summer dat Ganzt steet.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech sinn net grad esou begeeschtert vun deem Projet a virun allem vun der Erhéijung. Well ee vun den Haaptargumenter – wéi ech elo eraushéieren hunn – ass, datt mer ëffentlech Toilettë solle virun d'Stadhaus kréien. An dofir 3,65 Milliounen op den Dësch ze leeë fir ëffentlech Toiletten, dat fannen ech einfach en Hohn. An ech fannen et souwisou en Hohn, dass mir hei an der Gemeng keng ëffentlech Toiletten hunn, beim Stadhaus, op der Maartplaz, bei der Kierch, an déi, déi do sinn, sinn zum Deel ausser Betrib, respektiv bei der Kierch sinn se ëmmer zougespaart. Mir sinn awer eng mat deenen eenzege Gemengen, wou keng ëffentlech Toiletten hunn. An dat hei wier dann emol eng gutt Geleeënheet fir ëffentlech Toilettë virun d'Stadhaus ze kréien, wann se dann och sollten ëmmer op sinn.

Déi nächst Fro ass nämlech déi, wann dee Pavillon eng Kéier sollt stoen, wéi dee geréiert gëtt. Ass deen ëmmer op? Ass dee just zäitweis op? Soll deen nëmmen op si wann de Gerant Loscht huet fir en op ze maachen? Dat sinn nach lauter Froen, déi opstinn. Ech mengen, dat ass souwisou nach net ausgeschafft, mä do misste mer dann awer och Informatioune kréien, well et gëtt eng deier Geschicht.

Ausserdeem hu mer gesinn, datt 12 Sëtzplaze bannen am Pavillon sinn. Ech mengen, dat ass just fir d'Majoritéit momentan. D'Oppositioun muss dann dobausse sëtzen. Geck an den Eck.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Um Comptoir ass Plaz.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Et sinn 20 Plazen. Do geet deen neie Gemengerot plus de Gemengesekretär eran.

**Becker Romain (déi gréng):**

Geck an den Eck. Ausserdeem ass déi ganz Plaz net esou realiséiert gi wéi mir eis dat gewënscht hunn a wéi mir et ganz am Ufank versprach kritt hunn, mat Gréngs a Beem. Elo sinn awer keng Beem do. D'Gréngs ass natierlech elo an de Backen, an dat ka jo och ëmmer erëm verréckelt ginn. Mä u sech ass kee Gréngs do wat Schied mécht. Wat eis elo virgeschwieft war, dat wier wa ronderëm Beem gestanen hätte fir Schied ze maachen, well déi Plaz sech enorm ophëtzt a well et mam Klimawandel ëmmer méi waarm gëtt an ëmmer méi Sonn gëtt. An do ass wierklech kee Schied. Do brauche mer da scho Seegelen, respektiv Zelter. Dat ass jo dann déi grouss Fro: Kréie mer d'Zelter eran oder kréie mer se net eran? Wat muss alles geréckelt gi fir en Zelt eranzekréien? Mä wa mer ronderëm Beem gesat hätten, dann hätten d'Leit sech kënnen op eng Bänk ënner e Bam setzen an dann hätten se Schied gehat. Natierlech géifen déi Beem ronderëm och fir CO2-Reduzéierung suergen.

Wat eis nach e bëssen um Mo läit, dat ass wéi z.B. de leschte Samschdeg déi Plaz spigelglat war. Wann et gefruer ass, dann ass déi Bëtongsplaz einfach e Spigel. Ech froe mech, wéi laang et dauert bis déi éischt Leit an der Gemeng reklaméieren, déi sech do Hals a Been gebrach hunn, well se op där Plaz gefall sinn. Well e Samschdeg de Moie war et richteg spigelglat an d'Leit hunn sech virun der Dier opgereegt doriwwer. An ech weess net, wéi mer dat an de Grëff sollte kréien.

**Stoffel Marco (LSAP):**

Dat ass nëmmen ee Mol d'Joer.

**Becker Romain (déi gréng):**

Et ass net, Här Stoffel, nëmmen ee Mol d'Joer. Dat ass jo keng Ausso. Dir kënnt net als Sozialisten dobaussen de Bierger soen, datt se sech eben ee Mol d'Joer mussen d'Been an den Aarm briechen. Dat geet jo net. Mir mussen als Gemeng dofir suergen, datt et net spigelglat ass. Well déi Steng ass eng Matière, déi eben esou ass. A mir kënnen och kee Salz streeën, well mer soss d'Steng géife futti maachen. Dat eenzegt, wat mer kéinte maachen, dat ass Gravel, respektiv Sand oder Seemiel dohinner ze maachen. Mir mussen dofir suergen, datt keen dobausse fält. Well et ass wierklech e Spigel.

Eng aner Fro ass déi mat deem aktuelle Bushaischen, wou d'Leit mech gefrot hunn, firwat datt d'Péitenger Gemeng hir Kréppchen nach do stoen hätt. Mä dat ass keng Kréppchen. Dat ass e Bushaischen. A mir sinn der Meenung, datt dann endlech en Haischen do ass wou d'Leit dann net naass gi wann se op de Bus waarden. Obwuel et ze kleng ass, well do sti vill Leit op de Bus ze waarden. Wou et déi lescht Wochen esou fuerchtbar gereent huet, huet ee gesinn, datt d'Leit, déi op de Bus gewaart hunn, net alleguerten ënnerdaach komm sinn. Do stoungen der nach lénks a riets vum Bushaische mam Prabbeli. D'Haischen ass ze kleng ugesat. Mir wëllen, datt d'Leit méi den ëffentlechen Transport huelen, mä mir bauen e klengt Bushaischen dohinner.

Et ass eis och opgefall, datt dat Bushaischen, wat elo do steet, plus déi Bänke relativ no bei der Strooss stinn. Kann een dat net e bëssen no hanne réckelen. Well et sinn nëmmen 1,5 bis 2 Placke vun der Bänk bis an d'Strooss. Wann do eng Kéier ee vun der Bänk opsteet a e fält no vir, da läit dee ratsch an der Strooss. Kann een dat net e bëssen no hanne réckelen? Ech weess net, wéi wäit een erëm alles muss futti maachen? Et ass zwar nach net alles ganz. Do sinn och nach Placken dobäi, wou e Risesputt dertëschent ass a wou d'Leit och mat de Schong dran hänke bleiwen. Och dat solle mer alles eng Kéier kucken, ier iergendeen do zu Schued kënnt.

Eng aner Saach ass de Bicherschaf, wat eng super Iddi ass. Wéi laang ass schonn hei am Gemengerot iwwer e Bicherschaf geschwat ginn? Elo hu mer en. An natierlech sollt en och – wéi virdru schonn ugeklongen – zougemaach ginn. Mä ech denken, datt dat nach kënnt, an datt do eng Dier dra kënnt oder eng Fënster, oder wéi och ëmmer.

An da wollt ech awer och nach wëssen, wien vun der Gemeng zoustänneg ass fir de Bicherschaf, wann do Vandalismus gemaach gëtt, wann do dat Ganzt a Brand gestach gëtt, wann do alles erausgerappt gëtt? Ass do en Service hei am Haus, deen sech dann ëm de Bicherschaf këmmert, respektiv kuckt fir déi Saachen, déi net do solle stoen, fir déi erauszehuelen, respektiv de Bicherschaf an der Rei ze halen?

Dat sinn e ganze Koup Saachen, déi eis e bëssen um Mo leien. Mä, wéi gesot, fir 3,65 Milliounen Euro ass awer e staarkt Stéck. Och wann den Här Halsdorf gesot huet, datt mer déi Suen hunn a mer déi Sue kënnen ausginn. Mä et sinn net eis Suen. Et muss een de Leit dobausse soen, datt et de Leit hir Sue sinn. Et sinn ëffentlech Gelder a mir mussen eis ëmmer bewosst sinn, datt et Sue si vun der Ëffentlechkeet.

Mir sinn net frou, datt dat esou deier ginn ass. Et ass kee Geheimnis, datt mer mat der ganzer Plaz net frou sinn, well et momentan aneschters ausgesäit wéi et deemools gesot ginn ass. An dofir kënne mer net mat deem Projet liewen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech verstinn, datt een an der Oppositioun Kriticke mécht. Ech verstinn awer och, wann een eppes schlecht wëll rieden, datt een dat dann och mécht. Mä ob dat dann esou schlecht ass wéi deen dat seet, dat wäert d'Zukunft eis da weisen. Ech wëll dee Kommentar net kommentéieren.

Ech ginn dann op déi eenzel Punkten an. Ech fannen et eng Frechheet wann der sot, mir hätten 3,65 Milliounen ausgi fir eng Toilette. Dat hutt dir gesot.

Dir hutt gesot, datt am Ufank e Projet do geleeën hätt a mir hätte Beem ewechgeholl respektiv mir hätten eppes geännert. Mir haten e Projet an et ass genee dee selwechte Projet. Mir hunn all Bam stoe gelooss. Mir hu praktesch näischt un där Plaz geännert.

Dir sot, datt d'Leit géifen drop ausrutschen. Déi Plaz ass säit 1995 esou. Da sot mer emol, wéi vill Leit datt do schonn ausgerutscht sinn.

Ech wollt iech just dat als Beispill soen. Ech ginn net méi drop an. Wéi dir elo hei schwätzt fannen ech net flott an ech fannen dat och net kollegial, wann een esou Oppositiounspolitik mécht. Ech fannen dat wierklech net gutt.

Och wann een da schwätzt vun der Kréppchen an all déi Geschichten, bon, dat ass är Meenung. Ech kann och ganz gutt domadder liewen. Mir wäerten eis déi Saachen, déi dir elo hei gesot hutt, op d'Long zéien, dat heescht, mir wäerte mat eisen Servicer kucken, wat dann do kann zeréckbehale ginn oder och net. An duerno wäerten d'Leit eis soen, wéi gutt datt d'Plaz ass. Ob se esou gutt ass wéi dir sot oder ob se esou gutt ass wéi mir soen.

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech hunn de Privileeg, datt ech e bësse méi al sinn. An dann erënnert een sech un eppes. Datt déi Plaz mat deene Placke läit, dat ass Dank iech, Här Becker. Well dir hutt déi Plaz esou deemools gestëmmt. Well déi Placken hutt dir gestëmmt an ech ka mech erënneren, datt dir do eng Majoritéit hat an datt dir dës Entscheedung als gréng Partei matgedroen hutt. An dann hunn ech awer e Problem domadder, datt der elo dëser Majoritéit virwerft, et wieren net genuch Beem do. Well virdru war op der Plaz nach wesentlech manner Gréngs. Well wann ech mech gutt kann erënneren, da waren do 13 Sprangbueren. Dat wëssen déi meescht heibannen net, mä deen heite weess dat awer nach. 13 Sprangbueren an do war net ee Strauch do, an dat gouf deemools vun der grénger Partei – an do waart dir dobäi – am Gemengerot matgedroen. Dat ass just dat, wat ech heizou wëll soen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ech wëll do dann nach eng Kéier nohaken. Ech ka mech erënneren, Här Buergermeeschter, un eng Zäit, do stoung déi Plaz voller Autoen. Ech ka mech erënneren un eng Zäit. Esou kënne mer elo hei net virun diskutéieren. Fréier war e Schlass do, dat hu mer och ewechgerappt, an do war kee vun eis dobäi. Esou komme mer net virun.

Mir hunn am Ufank déi Plaz mat begréisst. Mir hunn se matgestëmmt, well mer geduecht hunn a well mer och gesot kruten, datt déi Sträif Beem zu zwou Säite vum Gemengenhaus géif mat no vir gezu ginn. Elo ass dat natierlech net méi méiglech. Elo ass et net méiglech, datt mer déi Beem no vir zéien. An dofir hate mer och gefrot, ob et net méiglech wier fir da Beem ronderëm d'Plaz ze setzen, fir datt iwwerhaapt Schied do wier an datt et net esou eng Bëtongswüst ass. Mir sinn an der leschter Budgetsdiskussioun nach eng Kéier dorobber agaangen. Mä mir bleiwen do derbäi. Mir denken nach ëmmer, datt et méiglech ass fir ronderëm Beem ze setzen. Och wann dat fréier net esou virgesi war. Ech mengen, fréier war och alles aneschters. Fréier ass och d'Äerderwiermung net esou rapid weidergaange wéi elo. Fréier war déi Bëtongsplaz warscheinlech och net esou waarm ginn an huet net esou zeréckgestraalt wéi se elo zeréckstraalt. Mä momentan ass et esou, datt mer Beem brauche fir Schied a fir datt mer Beem brauche fir CO2 ze kréien.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Och wéi der elo argumentéiert ass et net koherent. An wann d'Leit dat dote liesen, da soen se, wat schwätzt deen dann do zesummen.

**Becker Romain (déi gréng):**

Ma da kucke mer elo, wat d'Leit soen.

**Bouché-Berens Marie-Louise (DP):**

De Pavillon fannen ech u sech ganz flott. Wat ech ganz begréissen dat ass, datt mer wierklech elo ëffentlech Toiletten hei op d'Plaz kréien. Well do hu mer jo en Manktem e bëssen iwwerall an der Gemeng. Ech schwätze vläicht munche Leit aus dem Häerz, déi hir Kommissioune mueres maache ginn, déi op de Bus waarden, et ass keng Toilette wäit a breet, ausser déi automatesch Toiletten op der Plaz do uewen.

De Pavillon fannen ech ganz schéin. Ech fannen de Projet u sech och ganz schéin. Et passt an dat ganzt Bild eran, wat mir elo oft maache mat deem Stol, mat all deene Fassen, déi mat deem Stol do gemaach ginn. Da wollt ech nach froen, et stoung am Artikel dran, datt et nëmmen «saisonnière» op wier.

Heescht dat, datt d'Terrassen nëmmen de Summer op sinn? Bleift de Bistro dat ganzt Joer op oder och nëmme saisonsweis? Well ech fannen, et ass jo awer e léiwe klenge Café, deen dat ganzt Joer kéint opbleiwen. Well wann en dann erëm zougemaach gëtt, da ginn d'Toilettë jo dann och erëm zougemaach, wann de Patron vun der Buvette sech ëm d'Botze vun den Toilettë bekëmmert.

Ech begréissen, datt Fotovoltaik op den Daach kënnt. Mä et hätt een dann och kënnen drun denke fir vläicht e bëssen den Daach ze begréngen. Well den Här Arendt hat jo schonn ugeschwat fir d'Bushaischen ze begréngen.

Da kommen ech zum Bicherschaf. Ech mengen, dat Ganzt wäert ongeféier 12 Joer gedauert hu bis mer dann elo endlech hei e Bicherschaf an der Gemeng hunn. Um Bild war en nach am Ufank ganz kleng gezeechent, ma ech begréissen awer, datt en elo vill méi grouss ass wéi um Bild. An ech hoffen, datt och geschwënn dann Dieren drakommen, fir datt d'Leit kënnen hir Bicher propper drasetzen.

Soss hätt ech näischt direkt weider ze soen. Ech ginn net méi op d'Miwwelen an. Ech hoffen, wann dat emol bis alles ugeplanzt ass, datt dat e ganz schéint Bild an eng Plus-value fir eis Gemengeplaz ass.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech soe Merci fir dës konstruktiv Aussoen, och wa verschiddener méi kritesch sinn. Esou sollt een och Politik maachen. Wat ech nach eng Kéier wëll soen ass, datt d'Iddi vun där Plaz déi war – wéi mer 2017 ugefaangen hunn – fir déi Plaz frësch ze maachen an se an der Essenz d'selwecht ze loosse wéi virdrun. Mä wat mer als Plus-value gären hätten ass, datt mer kënne Festivitéiten do ofhalen. Well soss hänke mer ëmmer am Hiwwel. Dat war also déi éischt Virgab.

A wann ech wëll en Zelt dohinnersetzen, wat ëmmer déi selwecht Gréisst huet, z.B. 40 op 25 Meter, da kann ech keng Beem méi setzen, well soss kann ech dat net dohinnersetzen. Also war et kloer, datt vun ufanks u konnte keng Beem dohinnerkommen. Dunn hu mer gesot, zweetens, datt mer op der Säit eng Spillplaz fir d'Kanner an och eng 'zone de loisirs' maachen, a mir loossen alles vu Beem stoe wéi et elo ass. Dat hu mer op deenen zwou Säite gemaach. A mir hu gesot, datt de Belag dee selwechte bleift wéi e säit 1995 war. De Buergermeeschter huet jo elo dem Här Becker gesot, datt et dee selwechte Buedem ass, deen elo säit 1995 do läit. Mir wollten déi Sue spueren. Och wann se elo en Deel futti gemaach hunn, esou kréie mer dat fir näischt ersat. Well d'Firma huet e futti gemaach an net mir. Dat wëll ech och nach kloer an däitlech soen.

Esou datt beim Basiskonzept net ganz vill geännert huet. Mir hu praktesch déi Plaz optimiséiert fir d'Veräinsliewen. An de Buergermeeschter sot – a mir hunn dat och gemaach – datt hie gäre Bänken op der Plaz hätt, esou datt sech d'Leit och kënnen op der Plaz begéinen. Net datt et nëmmen eng wäiss Plaz wier wou kee Mënsch drop ass. Dat hu mer dann och gemaach. Mir hunn déi speziell Bänken, déi vu verschiddene Leit kritiséiert goufen. Mä dat ass esou. Wann een dat eent mécht an dat anert, dann ass dat esou.

A wann een déi 'Kréppchen' duerno mat deem flotte Pavillon kuckt, dann ass dat dee selwechte Styl, déi selwecht Schrëft, an dat wäert ganz schéi ginn. Ech ka mer net virstellen, datt do vill Leit sech doriwwer opreegen.

Wat d'Sëtzplaze bei de Beeter ugeet, esou ass dat OK. Si sinn net direkt op der Strooss. Nieft dem Bushaischen ass direkt eng Sëtzplaz, an de Muere souz eng Fra do. An ech hat net d'Gefill, datt déi ze no géif un der Strooss sëtzen. Iwwerhaapt si ganz vill Bänken do, esou datt ech och denken, mir sollen emol dat Ganzt fäerdeg gesinn an da wäert dat och esou goen, wéi dir sot. Dat heescht, mir kucken och, datt dat iwwer d'Joer exploitéiert gëtt, wann dat ze maachen ass. Et muss een och kucken, ob et rentabel ass. Sécher ass awer, et gëtt méi wéi eng Saison. Wann een dat doten elo exploitéiert mat gehëtzter Terrass, da kann een op mannst 9 Méint am Joer dat exploitéieren. A wann et muss sinn, och 12 Méint. Dat gesi mer dann. Dat kucke mer elo. Mir komme jo nach eng Kéier erëm an de Gemengerot an da leeë mer iech déi Kontrakter vir an da schwätze mer doriwwer.

**Birtz Gaby (LSAP):**

Ech ginn elo net méi op d'Plaz an, wiem se gefält a wiem net, a wéi de Miwwel ass. Ma déi eenzeg Fro, déi ech mer gestallt hunn, dat war wou mer driwwer geschwat hunn, datt de Pavillon méi deier gëtt, do ass gesot ginn, datt dee méi deier gëtt wéinst der Stabilitéit a wéinst de Rëss, déi dann eventuell kéinten optrieden. De Pavillon setze mer op eng Plaz, déi mer amenagéieren, fir datt d'Veräinsliewen sech do ka besser entfalen. Mir stelle Bünen dohinner, mir stelle Buden op. Déi gi mat Camionen erabruecht. Do ass schonn eng gewësse Fluktuatioun vu grousse Saachen. An dann hu mer net wäit vum Pavillon ewech de Busarrêt, wou reegelméisseg all 10 bis 15 Minutten e Bus bäifiert. An dann hu mer do och nach eng 'place de livraisons' gemaach, fir beim Bäcker ofzeliwweren a wat och keng kleng Ween sinn. Dofir hunn ech mer ebe just d'Fro gestallt wann si och esou hir Déngen opstellen, dass de op eemol kanns vergiessen, datt op där Plaz relativ grouss Camionen hin- an hierfueren, a Bussen an esou Saachen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Do ginn ech iech net Onrecht, datt dat duerno eng Kéier gemierkt gëtt a gesot gëtt, mir mussen do eppes méi Konstantes bauen. Mä et ass richteg deier ginn duerch de Covid. D'Materialie si richteg deier ginn an et wëll kee schaffen. An déi, déi schaffen, déi maache Präisser wéi si se gären hätten a wat si arrangéiert. Wa mir elo an enger normaler Zäit wieren, da wier ech iwwerzeegt, datt dat Ganzt nëmmen 2/3 géif kaschte vun deem, wat et elo kascht. Mä mir mussen et awer fäerdeg maachen. Mir kënnen d'Plaz net si loossen.

Mä et kann een sech déi Fro stellen, déi der iech gestallt hutt. Dat ass richteg.

**Breyer Roland (CSV):**

Et ass elo vill iwwer d'Plaz geschwat ginn. Ech géif och gären e puer Gedanke maachen, well ech zanter méi wéi 10 Joer e bësse mat där Plaz verbonne sinn, an ech déi Zäit déi geckeg Iddi hat fir e klenge Bistro dohinner ze setzen, mat enger klenger Terrass dobäi. Dat war en éischte Versuch. Dat war am Ufank och net ouni Kritik iwwer d'Bün gaangen. Et huet awer e bësse manner kascht wéi elo. Et waren ongeféier 10% vun deem, wat et elo kascht, wat do investéiert gi war. Mir hate keng Corona-Zäit. Mir hate keen esou e schwéiert Ëmfeld a mir haten déi Zäit och méi ee knéckege Buergermeeschter, dee méi op de Sue souz. Wat awer gutt war, well mer elo déi Reserven hu fir e bësse méi wäit ze denken.

Mir schwätzen hei iwwer en Invest, wou mer awer op mannst déi nächst 25 Joer esou wäerte kënne kucken, esou wéi dat och virdrun de Fall war vun 1995 bis elo. Wa mer dann deen Amortissement op déi 3,6 Milliounen op déi 25 Joer gesinn, dann ass dat sécherlech net ze deier.

Et ass e schéine Projet. En ass och schéin deier. Dat gehéiert dann och dozou. Firwat ass en deier? Ma well mer effektiv e ganze Koup an d'Toiletten investéieren. Et ass e ganz grousse Raum, deen an d'Toiletten investéiert gëtt. Et si 25 m2 nëmme fir ëffentlech Toiletten. A wa mer se kucken – esou wéi se och

ausgeriicht sinn um Plang – sinn se alleguerte vu baussen ze bedéngen. Et huet ee keen Accès banne vum Bistro aus. Dat heescht, et ass e 'WC public' no baussen. Et huet näischt direkt mat der Wiertschaft ze dinn. Do stellen ech mer just d'Fro iwwer d'Fonctionnement an de Management vun deenen Toiletten. Ass dat géint Kautioun oder ass et am Dag fräi, asw.? Dat muss ee mam Reglement kucken. Och de 'WC pour personnes à mobilité réduite' schéngt mer e bëssen denivelléiert ze sinn. Dee steet e bëssen 'à l'écart' do. Do stellt sech d'Fro, ob en net vläicht op enger anerer Plaz besser wier, wou dat Denivellement net wier. Dat sinn einfach nëmmen technesch Gedanken, déi esou kommen.

Grad wéi ech och ëmmer an der Praxis vun der Funktionalitéit aus gekuckt hunn. Déi Raimlechkeeten, déi haaptsächlech mat Depot ze dinn hunn, esou ass et bis bei d'Entrée baussen nieft den Toiletten e relativ laange Wee, deen ee bis dohinner misst goen, well ee praktesch ronderëm déi Terrass misst goe mat de Fässer Béier. Et ass och eng Méiglechkeet fir iwwer d'Dreckskëschten eranzekommen oder iwwer de Bistro selwer eranzekommen, mä dat schéngt mer awer net zweckméisseg ze sinn. Et soll ee kucken, ob dee Wee richteg gutt ass. Well ech ka mech erënneren, an der Sportshal – dat war 1981, wou mer déi gebaut hunn – do hate mer och eng Buvette op den éischte Stack gemaach an hate ganz vergiess, datt och Béier misst eropkommen. Do hate mer d'Léisung fonnt, datt mer en Handicapéiertelift gemaach hunn, mat deem mer de Béier och transportéiert hunn. Duerno ass de Bëtong dann erëm opgerappt ginn. Heiansdo muss een aus der Funktionalitéit kucke fir Changementer ze maachen, déi méi praktesch sinn. Hei huelen ech un, datt d'Brauerei mat um Hiewel souz fir hiert d'Gutachten ze ginn, an ech huelen och un, datt dat dann och an deem Sënn wäert klappen.

D'Polyvalenz vun der Plaz ass déi, datt do sollen e ganze Koup Saache geschéien. D'Leit sollen sech do kënnen treffen, d'Kanner sollen do kënne spillen, déi Grouss sollen sech do wuelfillen, d'Veräiner kënnen Organisatioune maachen. Et ass net ëmmer einfach fir dee Spagat ze fannen, wann een dovunner ausgeet – wéi de Schäffen Halsdorf et gesot huet – wéinstens eng Plaz an der Mëtt brauch vun 30 op 20 Meter, déi garantéiert muss si fir iwwerhaapt eppes ganz Grousses kënnen opzezéien. Dat ass e Minimum. Wa mer 40 op 25 Meter hätten, dat wier besser. Mä dat schéngt net méi dran ze sinn. Et muss ee kucken, ob déi Saachen, déi mer fest equipéieren, net duerno en Handicap an der Funktionalitéit si fir z.B. Chaleten op d'Plaz ze kréien. Do fänkt et un enk ze ginn. A wa mer ufänken zouzemaachen, mat Biecherschief op der enger Säit a mat Terrassen op där aner Säit, dann ass de Beweegungsraum ganz kleng. Op jiddwer Fall ass en ze kleng fir eisen aktuelle Podium, dee mer hunn, an deen e massiivt Ongeheier ass. Fir deen ze manövréiere muss ee wierklech eppes kennen an domadder eens ginn. Et sinn der ganz wéineg, déi dat fäerdegbréngen an e brauch immens wäiten Ëmlaf. Esou datt d'Uschafe vun engem neie Podium – vläicht méi kleng awer vill méi handlech – vun Noutwennegkeet wier.

D'Exploitatioun vum Bistro ass wichteg, wat d'Kollaboratioun vun de Veräiner ubelaangt. Wien dierf do zapen, wien dierf do eppes verdéngen? Do muss ee kucken, wéi do den 'droit d'occupation' vun der Plaz ass. Dat muss de Schäfferot nach virbereeden. An déi eenzel Kommissioune solle kucken, wien do eppes ka maachen a wien net. Dat sinn nach Detailer, déi nach gekläert musse ginn.

Wat d'Polyvalenz ubelaangt, esou ass och déi Plaz niewent der aktueller Spillplaz. Do war ech am Ufank net esou waarm wéinst der Mixtur, déi do entsteet. Do ass eng Mixtur entstane vu Spillplaz, vu sportleche Geräter wou ee ka Fitness maachen, et soll och nach eng Petanquespist dohinnerkommen. Et soll do e ganze Koup kommen an do schéngt mer manner wier méi. Well do ginn et Konflikter, déi ech elo scho gesinn. Déi Fitnessgeräter ginn net vun deene Leit profitéiert, mä do ginn d'Kanner drop spillen, an déi grouss Kanner ginn op déi kleng Spillplaz. Do si scho Konflikter am Gaangen a wann do nach eng Equipe wëll Petanque spillen an hir Rou wëll behalen, da kann ech mer virstellen, datt dat net opgeet. Stellt iech emol vir, mir géingen zu Lamadelaine op der Petanquespist nach Spiller ronderëm setzen, da géif direkt eng Revolte kommen, well dat direkt en anere Publikum ass an deen een net mat deem aneren eens gëtt. Dat soll een sech nach iwwerleeën.

D'Spillplaz vergréissere wier eng Iddi. Well déi ass déck gefrot an do hu mer och eng Clientèle, déi touristesch kann exploitéiert ginn. Si komme mat den Autoe bäigefuer fir hei ze spillen an dat kënnen esouguer lokal oder kommunal Touriste ginn.

Alles an Allem fannen ech de Projet ganz gutt. En ass gefälleg. Mir sollen eis dat kënne leeschten an e Merkmal ze setzen, wat e bësse méi markant ass. Et ass och z'ënnerstäichen, datt déi Placken alleguerte profitéiert si ginn, gewäsch si ginn an erëm nei verluegt gi sinn. Dat ass och scho wäit geduecht an an d'Zukunft investéiert. Och ass et gutt, datt mer en Deel vum fréiere Bushaische konnten erëm eng Kéier nei profitéieren op enger anerer Plaz. Dat si scho Gedanken, déi ganz gutt sinn. Et ass net alles ewechgehäit ginn. An esou hoffen ech, wann a 25 Joer iwwer déi Plaz hei diskutéiert gëtt, net erëm alles op de Schrott gehäit gëtt an datt och dovunner nach Saache kënne gerett ginn.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Merci fir och dës Kommentaren. Ech widderhuele mech nach eng Kéier. Ech hunn et schonn zweemol gesot an ech soen et elo fir d'lescht. D'Iddi war, fir an d'Mëtt en Zelt hinzesetze mat enger Gréisst, déi mir net selwer festgeluegt hunn, mä déi festgeluegt ginn ass vu Leit, déi ë.a. Organisatiounen hei op der Plaz maachen. A mir hunn eis strikt un déi Gréisst gehalen. Dofir fannen ech et net esou gutt, wann een elo seet, et misst een nach hei an et misst een nach do maachen. D'Funktioune ware ganz kloer definéiert ginn. Et ass gesot ginn, an der Mëtt ass eng Plaz fir d'Zelter, op der enger Säit geet een an d'Gemengenhaus eran – an do setze mer jo och déi flott Skulptur vun der Madamm Hoffmann hin – an déi aner Säit soll eng convivial Plaz sinn, wou d'Mënschen sech begéinen. Doduerch ass d'Iddi entstanen, fir dernieft déi Petanquespist ze maachen, respektiv Jonk an Al beieneen ze bréngen. Wann dat näischt sollt ginn «ça ne va pas couter la peau des fesses», wann dat net geet, da maache vläicht dat anert no. Mä d'Iddi war, fir eng Mixitéit dohinner ze kréie vu Mënschen. Jonk Leit, eeler Leit, déi zesumme sinn.

Mir waarden elo emol of wa mer et emol exploitéieren. An da gesi mer dat alles. Mir si fir alles op. Mir huelen alleguerten déi Diskussiounen hei mat an d'Finalisatioun vun deem Projet. Wéi mer deen duerno exploitéiere, do schéngt mer kloer ze sinn, datt ee muss eng «tierce personne» drasetzen an da muss ee kucken, datt ee mat där eng Konventioun mécht. Dat wäerte mer nach eng Kéier mat iech hei diskutéieren an da wäerte mer kucken. Dat Konzept huet sech net geännert an et huet sech ganz kloer orientéiert un deem, wat am Ufank gesot ginn ass. An zwar fir an der Mëtt eng Plaz ze maachen, wou ee kann en Zelt opriichten an datt doduerch d'Maartplaz fräi gëtt an do Autoe kënne parken, asw.

An et ass och ni gesot ginn, datt mer géife Beem maachen. Et ass och ni gesot ginn, datt mer Beem géifen ewechhuelen. Mir hunn am Fong geholl just déi Bushaisercher ewechgeholl, well se déi Partikularitéit haten, datt ee sécher drënner naass ginn ass wann et gereent huet. Dat war dat eenzegt. Doduerch hu mer d'Plaz desenclavéiert. An ech soen nach eng Kéier: mir

hu versicht e bësse Liewen drop ze kréien, an doduerch ass d'Iddi komm mat deene Bänken a mat all deene Saachen.

Et ass e Projet, deen an der Kontinuitéit läit vun deem, wat tëscht de Joren 1995 an 2000 do opgebaut ginn ass. Mir hunn dat just elo e bëssen anescht ausgeriicht, e bësse méi perfektionéiert. An ech mengen, dee Pavillon ass en Eye-catcher an dee wäert d'Leit unzéien.

**Accord par 15 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (déi gréng).**

## 4.6.

### Administration générale.

Aménagement d'un gîte touristique dans le cadre d'un projet de revalorisation de la région «Minett»: vote du devis définitif au montant total arrondi de 800.000,00 euros (TTC) et d'un crédit supplémentaire de 150.000,00 euros – décision.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Dat hei ass dee Gîte touristique, dee mer och schonn hei am Gemengerot haten. Et geet drëm, fir am Kader vun Esch2022 esou eng Struktur hei am Fond-de-Gras am Minett Park opzeriichten. Mir hunn haut den definitiven Devis, deen 150.000 Euro méi deier gëtt wéi dat, wat mer am Ufank veranschlaagt haten. Dat ware 650.000 Euro an elo sinn et 800.000 Euro. Och hei ass déi Plus-value och komm duerch de Covid, mä besonnesch och well – wou se de Won ausernee geholl hunn – se gemierkt hunn, datt do vill méi kontaminéiert war. Déi Dekontaminéierung ass vill méi deier ginn. A si hunn och gemierkt, datt ganz vill Stol vun der Arbed mat ageschweesst gi war an dat huet alles missten erausgemaach ginn. Dat heescht, d'Mise en conformité fir deen neie Projet ass vill méi deier ginn. Dat war och net geplangt, well et huet jo keen hannert déi Wänn gesinn. Et wousst en, datt Asbest do wier, mä net wéivill. An doduerch sinn déi 150.000 Euro entstanen, esou datt mer haut en Zousazkredit vun 150.000 Euro musse stëmmen.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Mir waren eis dee Projet ukucken a mir hu gesinn, datt et och virugeet. Mir begréissen och dee Projet. Et gesäit nawell gutt aus, wat bis elo gemaach ginn ass. Et ass just e bësse schued, datt et net virugeet, warscheinlech och duerch d'Material an déi Saachen, wou der elo gesot hutt, déi net virgesi waren. Soss wier dee Projet warscheinlech scho méi wäit fortgeschratt. Wësst der schonns, wéini datt dee Gîte, dee Waggon a Betrib geholl ka ginn? Kënnt en och dohinner stoe wéi et elo op der Foto ass oder kënnt en nach op eng aner Plaz stoen?

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Am Prinzip steet en op där Plaz, wou e soll stoen a wou en och stoe bleift. D'Exploitatioun gëtt jo net vun eis gemaach, mä se gëtt vum ORT-Süden gemaach. Do sinn elo Diskussioune well eng Ausschreiwung gemaach ginn ass an déi war an der Vakanz gemaach ginn an et huet sech nëmmen ee gemellt. An elo ass d'Diskussioun, well sech nëmmen ee gemellt huet. Am Prinzip, wann dat sech alles reegelt, da kann dat an den nächste Méint lassgoen. Mir sinn an der Zäit.

Et muss een nach eppes soen. Et si vill Gemengen, déi e Projet am Kader vun Esch2022 agereecht hunn an et sinn der awer net vill, déi fäerdeg sinn. A mir sinn awer bei deenen, déi fäerdeg sinn.

**Goergen Marc (Piratepartei):**

De Waggon ass jo elo schonn e bëssen eng länger Geschicht, wou mer och an der Kulturkommissioun begleet hunn. Dat kann ee jo hei soen, well en ass jo elo op de Schinnen an e wäert zimmlech fix fir Esch2022 an den Asaz kommen. D'Iddi huet mer vun Ufank u ganz gutt gefall, well et huet ee jo elo rezent erëm gemierkt, wann auslännesch Fernsehsenderen heihinner kommen, dann ass den Train 1900 an dee ganze Kader eng riseg Pub fir eis. Sief dat beim Hape Kerkeling oder virdru bei «Schwiegertochter gesucht», wou dee Mann seng Fraen do presentéiert krut. Wat dann natierlech fir eis Gemeng eng riseg Pub ass, an dorobber wollt ech eigentlech eraus, net op dat, wat RTL send. Mä et ass eng riseg Pub, well et si Millioune Leit, déi da Péiteng gesinn. An ech mengen als Gemeng kann een och houfreg si wann een esou ee Site huet. Dofir fannen ech et och gutt, wa mer ëmmer erëm eppes Neies do maachen. Ech weess, dass et hei e bësse méi schwiereg war fir dee Waggon ze kréien. Et waren am Ufank Diskussiounen, wou d'Kulturkommissioun jo do begleet huet. An dofir ass et gutt, datt mer deen elo kréien an ech erhoffe mer och, datt et fir Esch2022 wäert riicht ausgoen. Wann ech den Här Halsdorf richteg verstanen hunn, dann hätte mer eng kleng Verspéidung, mä et wäert awer fir Esch2022 ze gebrauche sinn. An duerno huet dee sécherlech nach eng grouss touristesch Valeur fir eis Gemeng, wou mer kënne weider benotzen.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Mir hoffen, datt e sech an dat Konzept abett wat mer virleien hunn. Dat ass vum ORT opgebaut ginn. Mir hunn eis Hausaufgabe gemaach. Mir hunn e flotte Projet, dee wierklech nohalteg ass – géif ech emol behaapten – an och symbolesch ganz schéin ass. Dat do ass am Fong geholl net méi eise Ball.

**Accord à l'unanimité.**

## 5.

### Enseignement.

Règlement d'occupation des postes pour les instituteurs (m/f) – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*Il importe d'adapter l'ancien règlement à la situation actuelle et le texte du nouveau règlement a été établi par l'administration communale en collaboration avec les présidents des comités d'écoles.*

**Accord à l'unanimité. Mme Birtz et M. Goergen, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.**

## 6.1.

### Personnel communal.

Fixation de la rémunération des salariés occupés à durée déterminée dans les piscines communales – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 6.2.

### Personnel communal.

Convention avec un salarié pour l'obtention du permis de conduire BE – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Accord à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 7.1.

**Affaires sociales.**

Conventions concernant le fonctionnement du centre de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes «Péitenger Jugendhaus» pour l'année 2022 – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Accord à l'unanimité.**

## 7.2.

**Affaires sociales.**

Avenant à la convention bipartite 2021 avec le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse pour les Maisons Relais – décision.

*Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.*

**Accord à l'unanimité.**

## 8.

**Ordre public.**

Autorisation pour l'action de vente d'œufs de Pâques dans la commune organisée par l'association «Fir ee gudden Zweck Gemeng Péiteng ASBL» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La vente de porte à porte dans la Commune de Pétange aura lieu du 30.03.2022 au 16.04.2022.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.1.

**Propriétés.**

Avenant n°1 au contrat d'approvisionnement avec la société Munhowen SA pour le Centre sportif «Bim Diederich» à Pétange – décision.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

*Il est proposé de reconduire le contrat d'approvisionnement pour une durée de huit années.*

**Goergen Marc (Piratepartei):**

Et ass dëst ee vun den Themen, déi ech schonn e puer Mol ugeschwat hunn. Dofir ginn ech net nach eng Kéier an déi ganz Argumentatioun an a firwat mir der Meenung sinn, dass ee mat de Brauereien net esou Knebelverträg soll agoen. Déi lescht Woch ass och op nationalem Niveau dat Ganzt diskutéiert ginn. Et huet mech elo e bëssen erstaunt, datt op nationaler Bün den CSV-Spriecher a senger «heure d'actualité» gesot huet, dass een e bësse méi vun de Brauereie sollt ewechkommen. Well, wann ech mech richteg erënneren, de Moment d'Cafetieren zimmlech ausgenotzt géinge ginn, well d'Brauereien d'Präisser eropgesat hunn an d'Cafetieren e bëssen dra gefaange sinn. Dofir war ech e bëssen iwwerrascht. Mä dat ass een Detail. Ech verstinn, datt et do kleng Ënnerscheeder ginn.

Mä eng wichteg Fro, déi een sech an dësem Dossier ka stellen, wéi och an all deenen aneren Dossiere wou de Schäfferot bis elo mat der Firma Munhowen ënnerschriwwen huet, an do sinn ech am Gaange mat engem Affekot en «avis juridique» auszeschaffen, dee bis elo och an déi Richtung geet, datt eigentlech, wann de Schäfferot esou vill eenzel Kontrakter fir verschidde Sitte mécht, hie gezwonge wier fir dat auszeschreiwen. Well mer hei iwwer e ganz klore Montant komme wann een alles zesummen hëlt, WAX, Home, Centre de Quilles, asw. Wann een dat ganzt Gesetz vum Inneministère kuckt, dann dierf een dat net eenzel kucken, well d'Gemeng mat der Firma Munhowen iwwer déi järleche Chiffere kënnt, wou en eng Ausschreiwung muss maachen. An do ass meng Fro, wéi de Schäfferot dozou steet. Well menges Wëssens ass bis elo ni eng Ausschreiwung gemaach gi fir alleguerten déi Kontrakter. Et ass nun emol eng Firma an déi eenzel Sitte sinn net als eenzel ze betruechten, mä als Ganzt.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech weess net, wéi ee Montant der do wëllt huelen als Basismontant fir esou eng Konventioun. Dat hei ass eng Konventioun, déi 2013 ënnerschriwwe ginn ass vun deem deemolege Schäfferot. An do steet d'Méiglechkeet vun enger «reconduction tacite» dran an dat maache mer hei. Net méi an net manner. Dat heescht, wann déi elo alleguerte matenee lancéiert ginn, da wier ech d'accord. Mä hei engagéiert der iech fir eng gewësse Period, fir 8 Joer. Mir maachen dat elo nach eng Kéier fir 8 Joer. An d'nächst Joer kënnt eng aner Konventioun. Déi lafe jo net an enger Period. Mir waarden dann op ären «avis juridique» an da gesi mer jo, wat deen eis da seet. Dat hei maache mer säit ech an der Politik sinn. Säit 1987 schafft d'Gemeng Péiteng reegelméisseg mat där selwechter Brauerei, well dat eng Brauerei aus dem Eck hei ass. Mir stinn och dozou. Mir sinn der Meenung, datt wa mer eng Brauerei hei am Eck hunn, och mat där solle weiderschaffen. An dat mécht d'Gemeng, wéi gesot, säit 1987. Mir maache just d'Kontinuitéit. Mir hu gutt Erfarunge mat hinne gemaach.

Si schreiwen z.B. dran, et misst een 100 Hektoliter verkafen. An der Brauerei ginn doudsécher keng 100 Hektoliter verkaf, scho guer net wéi de Covid war. Mä do gëtt net driwwer diskutéiert. Dat heescht, do ass eng relativ grouss Vertrauensbasis vun deenen zwou Säiten do. A wa Problemer sinn, da kréie mer ëmmer gehollef. Et ass «du donnant-donnant». D'Gemeng kritt een Service an d'Gemeng huet e Partner.

Mir waarden dann op ären «avis juridique» a wann dat dann esou ass, da wäerte mer dat mussen änneren an dann och maachen, wann dat esou ass wéi dir sot. Kee Problem.

**Becker Romain (déi gréng):**

Wa mer déi Konventioun, esou wéi den Här Halsdorf gesot huet, schonn esoulaang erneieren, da kéint een eventuell och eng Kéier drun denke fir mat der Firma auszehandele fir eng Ännerung an der Konventioun ze maachen. Et ass minimal, mä an der Konventioun steet «à promouvoir plus spécialement, dans les catégories de produits suivants, la disponibilité des marques suivantes ...» a beim Waasser steet, datt mer eis engagéiere fir San Pellegrino, Panna, Vittel a Perrier ze verkafen. Dat kéint een iergendwann eng Kéier änneren, well mer jo och Rosport a Lodyss, an iwwerhaapt emol nationaalt Waasser verkafen an net Waasser vun der Firma Nestlé. Wa mer scho 35 Joer laang esou eng Konventioun hunn an se ëmmer erëm op 8 Joer verlängeren, da kéint een dat och zur Sprooch bréngen, ob een do net awer sollt där dote Firma soen – si sinn selwer bei Rosport a bei Lodyss impliziéiert – firwat mer mussen Nestlé ënnerstëtzen an net Waasser vu Lëtzebuerg.

**Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:**

Ech hat kierzlech nach eng Diskussioun mat deem Direkter, wou ech him justement gesot hunn, datt ech et net gutt fannen, datt se de Leit Bofferdinger Waasser imposéieren – wat jo och e lokaalt Waasser ass – mä datt se och musse kënne Rosport huelen. Si sinn averstanen, datt déi Caféen, déi hei an der

Gemeng sinn, och kënne Rosport de Leit ginn. An ech hunn och gesot, datt Lodyss a Rosport déi zwee Waassere sinn, déi mech interesséieren. Ob een hinnen dat ka verbidden, ass eppes aneres. Mä ech huelen de Message mat an déi nächste Kéier wou ech se gesinn, wäert ech hinnen dat och soen. Ech si selwer och op ärer Schinn, datt ech, wann ech emol kee Krunnewaasser drénken, ni Nestlé-Produiten huelen. Dat kann ech ganz haart hei soen. Do sinn ech op ärer Wellelängt. An ech soen nach eng Kéier: Si hunn eis déi néideg Flexibilitéit gelooss. Well mir haten elo eng nei Konventioun fir de WAX a mir hu gesot, datt ee muss déi zwee Lëtzebuerger Waasser kënnen do liwweren. A si waren domadder averstanen. Den Direkter sot OK. An ech hätt dat och gären, datt een do Rosport a Lodyss ka kréien.

**Accord par 14 voix 'Oui' contre 2 voix 'Non' (Piratepartei).**

## 9.2.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,13 are) sis à Pétange, lieu-dit «Rue Marie-Adélaïde», de la part de M. de Jesus Figueiredo José – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.3.

**Propriétés.**

Compromis concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,09 are) sis à Rodange, lieu-dit «Rue Nicolas Biever», de la part de Mme Mirela Mehovic et M. Admir Rama – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.4.

**Propriétés.**

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», à M. Francisco Marques Perdigao et Mme Elisabete Pires Gonçalves – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*La vente du terrain, d'une contenance de 0,29 are, se fait au prix de 217,50 euros.*

**Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.**

## 9.5.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue des Prés», de la part de M. Sacha Heiderscheid – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

*L'acquisition du terrain, d'une contenance de 0,08 are, se fait au prix de 60,00 euros.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.6.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite de terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit «Avenue de la Gare» (0,10 are), et à Rodange, lieu-dit «Rue Charlotte» (1,78 are), de la part de M. Charles Colle et Mme Christiane Pütz – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.7.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite de deux terrains (0,06 are) sis à Rodange, lieu-dit «Rue Fontaine d'Olière», de la part de M. Alcino Ribeiro Araujo et Mme Ligia Teixeira Lage – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.8.

**Propriétés.**

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain (0,43 are) sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue de la Maragole», de la part de M. Claudio Moital Godinho et Mme Andreia Da Silva Pedrosa Godinho – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 9.9.

**Propriétés.**

Acte concernant l'échange gratuit de terrains sis à Rodange, lieu-dit «Rue du Clopp», avec la société Kalista Immo SA – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.1.

**Urbanisation.**

Demande de lotissement / morcellement de la part de l'Administration communale de Pétange concernant un terrain sis Pétange, lieu-dit «Rue Pierre Hamer» – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 10.2.

**Urbanisation.**

Modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant des fonds sis à Rodange, au lieu-dit «Croix St Pierre» : saisine – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Wann dee Projet sollt realiséiert ginn, geet dat dann duerch de Broucker Wee oder d'rue des Vieilles Parts eran?

**Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Vum Broucker Wee eran ass et just e Fousswee. Fir den Accès an dee Quartier gëtt et duerch d'Vieilles Parts an duerch d'Croix St Pierre an en ënnerierdesche Parking. Och wann et elauter Eefamilljenhaiser sinn, esou hunn déi e gemeinsamen ënnerierdesche Parking. Si kënnen zu zwou Säiten erakommen an et geet direkt ënnerierdesch. Iwwert de Fousswee ass guer kee Verkéier. Déi eenzeg, déi doriwwer kënne fueren – an dofir muss et stabiliséiert ginn – dat sinn d'Pompjeeën. Mä soss ass do kee Verkéier op deem ganze Site.

Mä am Kader vum PAP kënne mer dat nach eng Kéier am Detail diskutéieren.

**Accord à l'unanimité.**

## 10.3.

### Urbanisation.

Modification ponctuelle du plan d'aménagement général concernant des fonds situés à Pétange, au lieu-dit «route de Longwy» : saisine – décision.

*Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.*

**Accord à l'unanimité.**

## 11.1.

### Transports et communications.

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rues Mathias Adam, Batty Weber, des Écoles et Pierre Hamer – décision.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Hei handelt et sech ëm e Règlement d'urgence an der rue Batty Weber, respektiv Pierre Hamer-Strooss, rue des Ecoles. Et ass u sech wou mer eis Reewaasserachs weiderféieren a wou mer virdrun um Parking nieft der Sportshal geschafft hunn. Elo geet et déi aner Säit weider Richtung Nidderkuerer Strooss.

Vum 11. Februar un hu mer e Reglement geholl fir d'Saach am Verkéier e bësse besser an de Grëff ze kréien. Mir wëssen, datt et net einfach ass an engem Schoulquartier. Wann ee gesäit wéi dee Schantjen ass, esou huet deen awer eng gewëssen Envergure. Dofir ass an der rue Mathias Adam u sech d'Circulatioun verbueden. Et ass och verbueden op deenen zwou Säiten ze parken. Fir d'Kompensatioun vun de Parkingen hu mer laanscht d'Sportshal – well mer do nach just e Sens unique hunn – Emplacementer gemaach. Och hannen an der rue des Ecoles, wou et an d'rue Batty Weber geet, hu mer nach verschidden Emplacementer agezeechent.

An der rue des Ecoles ass och de Verkéier verbueden an op der ongeruede Säit ass et verbueden ze stationéieren.

An der rue Pierre Hamer hu mer laanscht d'Sportshal Parkplazen agezeechent a mir hunn och uewen, wou d'Barrière bei der Sportshal ass fir op de Parking ze fueren, nach en zousätzleche Foussgängersträifen agezeechent, well et effektiv net einfach ass fir sech do ze beweegen.

**Breyer Roland (CSV):**

Ech wollt just froen, wéi laang d'Reglement dauert.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat Reglement hei hu mer fir 6 Méint virgesinn. Et muss een awer wëssen, datt wann se duerch d'rue Mathias Adam erop sinn, datt et dann duerch d'rue Batty Weber geet, laanscht de Schantje vun der Museksschoul a wou mer dann nieft der Shell erauskommen. 6 Méint sinn elo emol do virgesi fir ze schaffen.

**Breyer Roland (CSV):**

Dir wësst, datt d'Kavalkad och soll dee Wee goen, d'Pierre Hamer-Strooss era laanscht d'Hotel.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dat si mer eis bewosst. Dat hu mer och diskutéiert. Fir d'Kavalkad ass de Belag duerch d'Pierre Hamer-Strooss erëm esou wéi e soll sinn, esou datt een do anstänneg kann derduerch goen, respektiv fueren.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Et weess een, datt do, wou geschafft gëtt, et ëmmer Problemer ginn. Wann een elo aktuell gesäit, wéi déi Situatioun do ass – et ass jo eng Schoul an eng Maison Relais do – da ginn do vill Leit mat hire Kanner. Et kënnt och vill Personal mat de Kanner vun der Schoul fir an d'Maison Relais. Do ass awer heiansdo d'Situatioun esou, datt et beim Parking vun der Sportshal zimmlech enk ass. Ech hunn de Mueren zwar elo gesinn, datt et e bësse méi breet gemaach ginn ass, mä de Fousswee ass awer net ganz garantéiert. Et ass dat dee ganze Passage, wou se mam Begleetpersonal vun der Schoul do trëppelen. Wann der beim leschten Haus vun der Pierre Hamer-Strooss lénks kuckt, dann ass dat zimmlech enk an et ass och net ganz gutt ofgetrennt a sécher, wann een do geet.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Schwätzt der elo vun der Pierre Hamer-Strooss oder vun der Mathias Adam-Strooss?

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Vun der Pierre Hamer-Strooss. Wann der vun der Maison Relais musst goe fir Richtung Pierre Hamer-Strooss. Si gi meeschtens dee Wee fir an d'Park-Schoul ze goen.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Dofir hu mer och deen zousätzleche Foussgängersträife gemaach, fir datt een do kann eriwwer goen an dann iwwert de Parking ka goen. Et ass eng Noutléisung. Dir hutt Recht, et ass enk. Et wäert och enk bleiwen. Mir kënnen dat fir de Moment net vill änneren. Dofir hu mer probéiert, fir de Schantjen esou gutt ewéi méiglech ofzesécheren.

Ech soen nach eng Kéier: Wann der Saache gesitt, déi net ginn – ech mengen, den Här Goergen hat mech och op verschidde Saachen higewisen – da sot mer Bescheed an da bessere mer direkt no wann et méiglech ass.

**Scheuer Romain (déi gréng):**

Géif et da goen, datt uewe bei leschten Haus – ech mengen, et misst d'Nummer 30 sinn – eng Clôture géif gemaach ginn? Well wann der kuckt wéi d'Autoen do gefuer kommen obwuel et Zone 30 ass, dann halen se sech relativ lénks well de Schantje riets ass an dann ass keng Sécherheet fir d'Kanner an d'Personal, wat do trëppelt.

Ech hat och gefrot fir en aneren Accès ze kréien, well d'rue Edward Steichen-Strooss jo och zou war, fir datt d'Leit aus dem Quartier Lonkescher-Strooss, Bommert-Strooss, asw, aneschters kéinte bei d'Schoul bäikommen. Déi mussen theoretesch elo duerch de Zoning goe fir bäizekommen. Oder si mussen duerch d'Gillardin-Strooss goen. A wann se duerch

d'Gillardin-Strooss ginn, da kommen se erëm erop duerch d'rue des Ecoles an da lafen se permanent am Schantjen. Dir hutt dem Här Breyer jo gesot, datt dat 6 Méint wäert daueren, dann ass et just eng Fro vun der Zäit bis eng Kéier eppes do geschitt.

Wann der de Passage an der rue Mathias Adam-Strooss kuckt, da fannen ech et e bësse Schued, datt verschidde Leit, déi och an enger Verkéierskommissioun sëtzen, op Facebook Fotoe posten. Déi kéinte jo dann och op iech zoukommen a mat iech schwätzen a Plaz dat iwwer Facebook ze maachen. Mir maachen dat jo och. Den Här Goergen huet et gemaach an ech maachen et elo hei.

Et wier net schlecht, wa mer géife kucken, datt mer do e sécheren Accès hätte fir d'Schüler, esou gutt wéi och fir d'Elteren an d'Personal vun der Gemeng.

**Mertzig Romain, Schäffen:**

Der Prinzip ass deen heiten: Wann een esou ee Schantjen huet, wou esou déck Maschinne fueren, a wou mer gesi wéi breet datt déi Lächer sinn – well dat huet jo eng gewëssen Envergure – da soll am léifste keen do zirkuléieren.

U sech ass et virgesinn, datt se laanscht d'Maison Relais an d'Schoul ginn, well se do méi Plaz hunn. Natierlech, wann d'Leit sech net dorunner halen, dann ass et net ëmmer einfach. Ech kucke mer d'Saach nach eng Kéier un. Wann et verbesserungsfäeg ass, da wäerte mer dat maachen. Déi aner Doleance, wou der gesot hutt fir ronderëm opzemaachen, hu mer och erakritt gehat. Et muss ee wëssen, datt dat doten eng temporär Situatioun ass. Da mussen d'Leit leider verschidden Ëmweeër a Kaf huelen, a wann et nëmme fir d'Sécherheet vun hire Kanner ass. An ech fannen awer och, datt d'Elteren dat awer och vläicht missten agesinn.

**Accord à l'unanimité.**

## 11.2.

**Transports et communications.**

Règlement temporaire d'urgence de la circulation routière à Pétange, rue Jean-Baptiste Gillardin – décision.

*Explications par M. Romain Mertzig, échevin.*

*A partir du lundi 28 févier 2022, pendant la durée des travaux estimée à 365 jours et suivant l'avancement de ceux-ci, dans la rue Jean-Baptiste Gillardin à Pétange*

- *le stationnement sera interdit à la hauteur de la maison n°29,*
- *les piétons pourront utiliser la bande de stationnement qui sera sécurisée par des clôtures.*

**Accord à l'unanimité.**

## 12.

**Vie associative.**

Nouveau règlement interne de l' «Ordre de Chevalerie du 7e Centenaire de Pétange» – information.

*Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.*

**Il en est pris acte.**

# Gemeinderatssitzung vom 28. Februar 2022

**Anwesend:**

**Mellina Pierre**, Bürgermeister (CSV)

**Halsdorf Jean-Marie**, 1. Schöffe (CSV)
**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) - *bis einschließlich Punkt 8*
**Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)

**Agostino Maria** (CSV)
**Arendt Patrick** (CSV)
**Breyer Roland** (CSV)
**Martins Dias André** (CSV)
**Remacle Patrick** (CSV)

**Birtz Gaby** (LSAP)
**Brecht Guy** (LSAP)
**Stoffel Marco** (LSAP)

**Becker Romain** (déi gréng)
**Scheuer Romain** (déi gréng)

**Goergen Marc** (Piratepartei
**Welter Christian** (Piratepartei)

**Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)

**Abwesend und entschuldigt:**

**Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) - *ab Punkt 9.1*

**1. und 2.**

Die Punkte 1 und 2 wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Schwimmlehrers - Beschluss.

Herr Alex Homan aus Petingen wird provisorisch als Schwimmlehrer ernannt.

Rücktritt eines Gemeindebeamten - Beschluss.

Der Rücktritt des Schwimmlehrers Aloyse Birlenbach ab dem 1. Januar 2023 wird angenommen. Ihm wird ebenfalls der Ehrentitel zugestanden.

Rücktritt eines Gemeindeangestellten der Musikschule - Beschluss.

Der Rücktritt ab dem 1. April 2022 von Herrn Alain Graf bei der Gemeindeverwaltung Petingen wird angenommen.

Rücktritt einer Gemeindeangestellten aus dem „Service médico-socio-scolaire“ - Beschluss.

Der Rücktritt ab dem 1. März 2022 von Frau Mady Olinger bei der Gemeindeverwaltung Petingen wird angenommen. Des Weiteren wurde beschlossen, besagten Posten des Sozialarbeiters im „Service médico-socio-scolaire“ abzuschaffen.

Rücktritt einer Gemeindeangestellten bei den kommunalen Schwimmbädern - Beschluss.

Der Rücktritt ab dem 1. Oktober 2022 von Frau Simone Reicher bei der Gemeindeverwaltung Petingen wird angenommen.

### 3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Keine.

### 4.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 810.541,97 € (Jahr 2021) und von 1.249.802,00 € (Jahr 2022) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Ernennung der Mitglieder im Klimateam, welches im „Klima Pakt“ vorgesehen ist - Beschluss.

Geheime Abstimmung zur Ernennung der Mitglieder des Klimateams:

- Agostino Maria: einstimmig gewählt
- Arendt Patrick: einstimmig gewählt
- Bouché-Berens Marie-Louise: einstimmig gewählt
- Goergen Marc: einstimmig gewählt
- Mertzig Romain: einstimmig gewählt
- Rodrigues Yannick: einstimmig gewählt
- Scheuer Romain: einstimmig gewählt
- Stoffel Marco: einstimmig gewählt

Geheime Abstimmung zur Ernennung von Schöffe Romain Mertzig als Präsident des Klimateams:

Auf den 17 abgegebenen Stimmzetteln war eine Ja-Stimme vermerkt.

Das Klimateam des „Klima Pakt 2.0“ setzt sich wie folgt zusammen:

- Agostino Maria (Mitglied - Gemeinderätin)
- Arendt Patrick (Mitglied - Gemeinderat)
- Bouché-Berens Marie-Louise (Mitglied - Gemeinderätin)
- Goergen Marc (Mitglied - Gemeinderat)
- Mertzig Romain (Präsident - Schöffe)
- Rodrigues Yannick (Mitglied - Bürger)
- Scheuer Romain (Mitglied - Gemeinderat)
- Stoffel Marco (Mitglied - Gemeinderat)
- Breyer Serge (Experte, Leiter des Amtes für Kultur und Kommunikation)
- Kipchen Marc (technischer Koordinator)
- Kolber Carine (Berater)
- Linden Claude (Experte, Leiter des Umweltamtes)
- Majerus Samuel (Fachberater)

### 4.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Gebührenverordnung: Überarbeitung der Kapitel I „Dienststelle für Wasser“ und II „Kanalisation“.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

### 4.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Bau einer neuen Tribüne mit Umkleidekabinen, eines neuen Parkings sowie Zuschauerränge in und um das Fußballstadion in Rodange: Abstimmung über den definitiven Kostenvoranschlag über 15 Millionen Euro (inkl. MwSt.) - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 4.5. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erneuerungsarbeiten am John F. Kennedy-Platz in Petingen: Abstimmung über die Pläne des Pavillons, den endgültigen Kostenvoranschlag über 3,650 Millionen Euro (inkl. MwSt.) sowie den Zusatzkredit über 1,310 Millionen Euro - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (déi gréng).

### 4.6. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einrichtung einer touristischen Unterkunft im Rahmen der Aufwertung der Minetteregion: Abstimmung über den endgültigen Kostenvoranschlag über 800.000€ (inkl. MwSt.) sowie den Zusatzkredit über 150.000€ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 5. - Schulwesen.

Verordnung zur Besetzung von Lehrerposten (m/w) - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Birtz und Herr Goergen haben nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.1. - Gemeindepersonal.

Festsetzung der Entlohnung der Angestellten mit befristetem Arbeitsvertrag in den kommunalen Schwimmbädern - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 6.2. - Gemeindepersonal.

Konvention mit einem Angestellten zwecks Erwerb des BE-Führerscheines - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Frau Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 7.1. - Soziales.

Konventionen in Bezug auf den Betrieb des Begegnungs-, Informations- und Animationszentrums „Péitenger Jugendhaus“ für junge Leute für 2022 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 7.2. - Soziales.

Zusatz zur bilateralen Konvention 2021 mit dem Ministerium für nationale Bildung, Kindheit und Jugend für die „Maisons Relais“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 8. - Öffentliche Ordnung.

Genehmigung des von der Vereinigung „Fir ee gudden Zweck Gemeng Péiteng asbl“ organisierten Ostereier-verkaufs in der Gemeinde - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.1. - Liegenschaften.

Erster Zusatz zum Belieferungskontrakt mit der Firma „Munhowen SA“ für das Petinger Sportzentrum

„Bim Diederich“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss mit 14 Ja-Stimmen und 2 Gegenstimmen (Piratepartei).

### 9.2. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Marie-Adelaïde“ in Petingen von Herrn José de Jesus Figueiredo - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.3. - Liegenschaften.

Vorvertrag in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue Nicolas Biever“ in Rodange von Frau Mirela Mehovic und Frau Admir Rama - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.4. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Verkauf eines Grundstücks am Standort „rue du Clopp“ in Rodange an Herrn Francisco Marques Perdigao und Frau Elisabete Pires Gonçalves - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

### 9.5. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue des Prés“ in Lamadelaine von Herrn Sacha Heiderscheid - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.6. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb von Grundstücken am Standort „avenue de la Gare“ in Lamadelaine und „rue Charlotte“ in Rodange von Herrn Charles Colle et Frau Christiane Pütz - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.7. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb von zwei Grundstücken am Standort „rue Fontaine d'Olière“ in Rodange von Herrn Alcino Ribeiro Araujo und Frau Ligia Teixeira Lage - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.8. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den kostenlosen Erwerb eines Grundstücks am Standort „rue de la Maragole“ in Lamadelaine von Herrn Claudio Moital Godinho und Frau Andreia Da Silva Pedrosa Godinho - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 9.9. - Liegenschaften.

Akt in Bezug auf den Tausch von Grundstücken am Standort „rue du Clopp" in Rodange mit der Gesellschaft „Kalista Immo SA“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.1. - Stadtplanung.

Siedlungs- / Aufteilungsantrag der Gemeindeverwaltung Petingen in Bezug auf ein Grundstück am Standort „rue Pierre Hamer“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.2. - Stadtplanung.

Punktuelle Änderung des allgemeinen Bebauungsplanes in Bezug auf Ländereien am Standort „Croix St Pierre“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

### 10.3. - Stadtplanung.

Punktuelle Änderung des allgemeinen Bebauungsplanes in Bezug auf Ländereien am Standort „route de Longwy“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

**11.1. - Transport und Kommunikation.**

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung in Petingen – rue Mathias Adam, Batty Weber, des Ecoles und Pierre Hamer - Beschluss.

| Beschluss einstimmig. |
| --- |

**11.2. - Transport und Kommunikation.**

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung in Petingen: rue Jean-Baptiste Gillardin – Beschluss.

| Beschluss einstimmig. |
| --- |

**12. - Vereinsleben.**

Neue interne Verordnung des „Ordre de Chevalerie du 7e Centenaire de Pétange“ - Auskunft.

| Es wird zur Kenntnis genommen. |
| --- |

# *Questions des conseillers communaux*

# *Réponses du collège des bourgmestre et échevins*




**<u>Question écrite du 09.11.2021 de Mme Maria Agostino (CSV) et M. Patrick Arendt (CSV):</u>**

Betrëfft: Naturpakt

Well mer eis allen zwee mat där Thematik auserneesetzen, d’Maria als eis Vertriederin am Sicona, dem Emwëltsyndikat an de Patrick als Präsident vun der lokaler Emwëltkommissioun, wollte mir verschidden Denkustéiss ginn.

D'Gesetz vum 30. Juli 2017 zum Naturpakt ass nom Modell vum Klimapakt opgebaut. D'Gemenge ginn hei als onentbierleche Partner ugesinn, déi onbedéngt musse mat an d'Boot geholl gi fir national Ziler ze erreechen. An der Emwëltkommissioun ass dëse Message scho länger ukomm an am Kader vum Gemengerot ass dat scho méi wéi eng Kéier vun enger Rëtsch vu Conseillere queesch duerch d’Bänk ugeschwat ginn. Et fält allgemeng op an et ass een Intérêt vun eis all, vun eise Kanner a Kandskanner – mir hu Problemer déi engem dach ëmmer méi an d’Ae stiechen – de Klimawandel, den Aarteschwond, asw.

Mam neien Naturpakt ginn deemno och d'Beméiungen an der Vergaangenheet belount. Et ass jo scho villes geschitt – mä et däerf een d’Aen net zoumaachen, et ass nach munches unzepaken. Den Naturpakt besteet aus 6 Haapt-Themefelder:

Aus Kommunikatioun a Kooperatioun mat 8%. Den 2. Beräich besteet aus der Opstellung an Ëmsetzung vun der Naturschutzstrategie mat 15 %, wou een och kann op professionell Hëllef zeréckgräifen, dozou komme mir méi speit an eiser Question communale zeréck. De Bësch an d'Waasser (Dëmpelen, asw.) mat 18 % an de Wunnengsberäich (20%), dee jo och elo mat villen neie Projeten, déi d'Emwëltkommissioun promouvéiert wéi z.B. de Projet „Bam a Beetinselen" , de „Plogging", d’Aktioun „hei fänkt d’Mier un" oder eis Zigarettesammelbehälteren envisagéiert gëtt. D'Offenlandschaft ass mat 21% chiffréiert, an do hu mer jo z.B. schonn den een oder anere Bauer hei an der Gemeng, den d’Randberäicher notzt fir der Natur fräie Laf ze loosen oder aner Pisten, wou privat Leit z.B. Projeten ausschaffe mam Sicona (Uebstbeemusidelung z.B.) – an domadder eis als Gemeng ee Virbild sinn an hiren Deel dozou bäidroen, konkret dem Biodiversitéitsverloscht entgéintzetrieden. Fir all Moossnam sinn tëscht engem a 5 Punkte virgesinn, jee nodeem wat den Impakt vum Aarbechtsopwand duergestallt huet. Am Total kënnen 233 Punkte gesammelt ginn an et gëtt reegelméisseg een Up to Date gemaach. Jee nodeem wéivill Punkten ee sammelt, kann een sech den Titel vun enger Naturpaktgemeng sécheren an dat géif eis duerch genannte Grënn an duerch ugrenzend Noerhuelungsgebidder, wéi z.B. de „Giele Botter"(Minett-Unesco Biosphère) dach gutt zu Gesicht stoen. D'Basis läit do bei 40%, wat ka bis op Gold erop goen bei 70% vun den erreechten Ziler. Entspriechend dem Ofschneide fléissen dann och d'Aiden vum Staat. Fir all dës Challengen unzegoen - musse mir een Naturpaktberoder ernennen, dem sécherlech där Fuerderung nokënnt, datt mer een Ëmweltberoder an eiser Gemeng kréien, eng Fuerderung déi ënner anerem och vum honorabele Conseiller Carlo Gira gemaach gouf. Hei géif de Sicona een Naturpaktberoder stelle fir seng Membersgemengen, wat sécherlech eng optimal Léisung wier, wann een eleng nëmmen d’Erfarung an där Thematik unhëlt. Och d’Käschte vun der Berodung géifen intégral vum Staat iwwerholl

ginn. Fir den akute Problem vun der Biodiversitéitskris an d'Aen ze kucken, géif de Färderbetrag méi héich ausfale wat ee méi „Gas" an dem Dossier gëtt – an do menge mer, hätte mir jo awer schonn an der Vergaangenheet eng Rei Pisten ugaangen an deene leschte Joren.

Dofir eis Fro:

Wéi gesäit den aktuelle Schäfferot dësen Dossier an dës Chance, een Zeeche fir d'Zukunft vu eis all - inklusiv eis Ëmwelt mat hiren Aarten - no baussen ze setzen?

## Réponse écrite du 13.12.2021 du collège des bourgmestre et échevins:

Den 9. Dezember 2021 sinn d'Membere vum Schäfferot, genau wéi d'Membere vum Gemengerot vum Ëmweltministère, an Zesummenaarbecht mat dem Naturschutzsyndicat SICONA Sud-Ouest, invitéiert op en Informatiounsowend zum Thema „Naturpakt".

No dësem Owend analyséiert de Schäfferot natierlech d'Virdeeler an d'éventuell Contrainten, déi d'Bäitrieden zum Naturpakt fir d'Gemeng huet a wäert dann och vun eventuellen Opportunitéite profitéieren.

De Schäfferot kann dann, de Fall gesat, och op d'Propositioun vum Naturschutzsyndicat SICONA Sud-Ouest agoen, ee gemeinsamen Naturpaktberoder mat der Gemeng Déifferdeng ze stellen.

Och wäert de Schäfferot, genau wéi déi Jore virdrun, weiderhin den Naturschutz an d'Erhale vun der Biodiversitéit als wichtegen Deel vu senger Gemengepolitik ënnerstëtzen.

Den zoustännege Schäffen, den Här Romain Mertzig, hält de Gemengerot iwwer d'Evaluatioun an dësem Dossier um Courant.

## Question écrite du 28.12.2021 de M. Christian Welter (Piratepartei):

Betrëfft: Färderung an d'Notzung vu biologesch ugebauten Nahrungsmëttel an der Gemeng

1. Wéivill Prozent vun de Produkter, déi d'Gemeng fir hiren Eegekonsum bezitt, sinn aus 100% biologeschem Ubau?
2. Wéivill Prozent vun de Muelzéchten, déi an Organisatioune verbraucht ginn, déi vun der Gemeng finanzéiert ginn, sinn aus 100% Ingrédienten aus biologescher Hirkonft?
3. Wéi wäert d'Gemeng den Ubau an de Konsum vun Nahrungsmëttel aus biologeschem Ubau weider erhéijen?

## Réponse écrite du 27.01.2022 du collège des bourgmestre et échevins:

1. Den Eegekonsum vun der Gemeng, d.h. wat d'Gemengeverwaltung respektiv d'Gemengepersonal verbraucht, limitéiert sech just op folgend Gedrénks:

   Waasser: Krunnewaasser, Lodyss (Brasserie nationale), Viva (Sources Rosport), Jus: 'Pretemer Haff' vu Lampech (100% Uebst) a Café (Fair Trade).
2. Fir Receptioune vun der Gemeng gi just regional Produkter akaf an op de Fester, déi an Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner organiséiert ginn, gëtt och Wäert op regional Produkter geluecht. D'Muelzéchten, déi fir d'Maisons Relaisen an de Repas sur roues vu Sodexo gekacht ginn, bestinn zu ronn 20 Prozent aus Produkter aus biologeschem Ubau.
3. De Schäfferot wäert och weiderhi Wäert drop leeën, regional a lokal anzekafen, sou wéi mir dat verstäerkt déi lescht Jore gemaach hunn.

## Question écrite du 05.01.2022 de M. Marc Goergen (Piratepartei):

Betrëfft: Problemer mat engem Café zu Péiteng

Net wäit ewech vum Gemengenhaus ass eng owes gutt besichte Plaz fir eppes iessen oder drénken ze goen. Et ass flott, dass zu Péiteng an engem Zentrum Ausgéimëiglechkeete bestinn. Allerdéngs ass et esou, dass d'Clientèle vu verschiddene Caféen ee Problem fir d'Awunner vun dëse Quartieren ass.

Wien um Internet no de Schlagwierder "Kläpperei; Péiteng; Bagarre; asw." sicht, dee stéisst op eng Rëtsch Artikelen aus der Vergaangenheet, wou d'Police schonn huet missten intervenéiere fir de Situatioun Meeschter ze ginn. Hei just e puer Auszich vun deem, wat d'Residenten (an hir Kanner), déi an deem Quartier wunnen, esou materliewe mussen:

1. Kaméidi bis spéit an d'Nuecht eran;
2. Dreck, deen no all Weekend op de Stroosse leie bleift;
3. Clienten, déi géint d'Fassad urinéieren oder sech iwwerginn;
4. Drogekonsum- an Handel op oppener Strooss oder verstoppt um Privatterrain vun de Residenten;

5. Vandalismus vu Privatbesëtz, z.B. Autoen, déi an der Géigend geparkt sinn;
6. Gewaltdreeunge vu Clienten;
7. Kläppereien a Messerstëchereien op oppener Strooss.

D'Awunner an dëse Quartiere si geplot, gestresst a genervt. Natierlech kann d'Gemeng a ville vun deene Fäll net direkt tranchéieren, well dat d'Aufgab vun der Police ass. Allerdéngs huet d'Gemeng d'Méiglechkeet iwwer d'Gemengereglementer op esou Situatiounen anzewierken, notamment wat d'Affektatioun vu verschiddene Gebaier ugeet oder wat d'Autorisatioune betrëfft, fir bis an d'Nuecht eran dierfen opzemaachen.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wëll ech dem Schäfferot a Buergermeeschter an deem Zesummenhang dës Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Gemeng déi allgemeng Sécherheetslag op dëser Plaz? Existéiert hei an den Ae vun de Gemengeresponsabelen ee strukturelle Problem?
- Wat huet d'Gemeng an der Vergaangenheet ënnerholl, fir d'Situatioun op dëser Plaz fir d'Awunner méi agreabel ze maachen?
- Wéi eng weider Schrëtt wäert d'Gemeng an dësem Fall ënnerhuelen?

**<u>Réponse écrite du 04.02.2022 du collège des bourgmestre et échevins:</u>**

Am Prinzip ass d'Prozedur an dëse Fäll esou, dass wa Reklamatiounen erakommen, dann hëlt d'Gemeng direkt Kontakt mat den eventuellen Exploitanten op an d'Police gëtt a Kenntnis gesat fir op der betraffener Plaz verstäerkt Kontrollen ze maachen. Wa sech de Problem bestätegt, da stellt de Buergermeeschter fir eng länger Zäit keng fräi Nuechte méi aus.

Fir Iech e konkret Beispill ze ginn, de Buergermeeschter ass den 28. November 2021 ugeschwat ginn, dass an der Nuecht vu samschdes op sonndes op der betraffener Plaz owes spéit vill Kaméidi war an och an dësem Fall ass déi uewe beschriwwe Prozedur ugelaf. Ab dem Weekend vum 4. Dezember 2021 si keng fräi Nuechte méi am Zentrum vu Péiteng ausgestallt ginn an d'Police huet weider verschäerft Kontrolle gemaach.

De Moment stellt sech dës Fro souwisou net, well d'Caféen um 23.00 Auer mussen zoumaachen an dëst viraussiichtlech nach bis den 28. Februar 2022.

Betreffend der Affektatioun vun de Gebaier ass dëst eng Aufgab vum Gemengerot an hei kann all Gemengeconseiller eng konkret Propose maache wéi een dës Problemer kann ëmgoen. D'Autorisatioune ginn, wéi scho gesot, vum Buergermeeschter ausgestallt an am Fall vu nogewisene Problemer ginn och keng fräi Nuechte méi ausgestallt.

Ofschléissend wëll de Schäfferot awer och nach dorop opmierksam maachen, dass mer hei iwwer eng Plaz am Zentrum schwätzen. Dass hei méi Betrib ass wéi wann een ausserhalb wunnt ass gewosst an net ze verhënneren. Proximitéit huet leider seng Vir- an Nodeeler, mä dat weess ee wann een an den Zentrum wunne geet. Natierlech ass dës Situatioun net ze toleréieren an dofir hält d'Gemeng sech och un déi virgeschriwwen, uewen erkläerte Prozedur.

**<u>Question écrite du 18.01.2022 de M. Marc Goergen (Piratepartei):</u>**

Betrëfft: Museksschoul

An de Riede ronderëm de Budget ass de Spriecher vun der CSV op eis laangjäreg Fuerderung vun der Piratepartei agaangen, fir de Membere vu Museksgesellschaften aus der Gemeng Péiteng keng Rechnung auszestelle fir de Cours an der Museksschoul, sollt een aktiv an der Kultur an eiser Gemeng deelhuelen.

Wëssend dass eng national Reform wäert kommen, déi awer nach net dëst Joer wäert fäerdeg sinn, kéint een elo nach, ier déi Ännerung kënnt, esou eng kleng Reform ëmsetzen.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

- Ass de Schäfferot och der Meenung wéi den CSV-Fraktiounsspriecher?
- Falls Jo, wäert een op dee Wee goen?
- Falls Nee, wisou wëll de Schäfferot net déi zwou lokal Museksveräiner ënnerstëtze fir esou nei Musekanten ze kréien?

**<u>Réponse écrite du 17.02.2022 du collège des bourgmestre et échevins:</u>**

De Schäfferot fënnt dëst eng intressant Iddi, ass awer der Meenung, dat den Zäitpunkt fir gréisser Ännerungen am Moment nach verfréit ass. Eréischt wann dat neit Gesetz a Kraaft getrueden an déi nei Museksschoul a Betrib gaangen ass, kann dëse Sujet nach emol nei op de Leescht geholl ginn.

De Schäfferot ënnerstëtzt reegelméisseg seng kulturell Veräiner, dëst mat de Subsiden déi nom Reglement vun der Gemeng ausbezuelt ginn. Do derbäi koumen elo wärend der Pandemie och nach zousätzlech Hëllefen.

**Question écrite du 18.01.2022 de M. Marc Goergen (Piratepartei):**

Betrëfft: Internetzougang an de Schoulen

An dem Beräich vun der Educatioun ass fir d'Personal souwéi och fir d'Schüler ee performanten Zougang zum Internet gefrot. Wéi mir zougedroe ginn ass, sinn d'Schoulen an eiser Gemeng net mat WIFI/WLAN-Zougang ausgestatt.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Wéi eng Schoulgebaier si mat WIFI/WLAN-Zougang ausgestatt?
2. Wäerten déi Gebaier ouni Zougang mat engem aktuelle WIFI/WLAN-Zougang nogerëscht ginn?
3. Kann de Schäfferot schonn een Datum nennen, ab wéini den Zougang pro Gebai wäert online sinn?

**Réponse écrite du 17.02.2022 du collège des bourgmestre et échevins:**

All eis Schoulgebaier, mat Ausnam vum Gebai "Blobierg", si mat WIFI/WLAN ausgestatt.

Der Gemeng ass awer bewosst, dass den aktuelle WIFI an de Schoulen net esou geet wéi et soll sinn. Eisen Service Informatique ass dofir schonn am Gaangen un dësem Dossier ze schaffen.

Am Budget vun dësem Joer sinn och Sue virgesi fir d'Klasse besser kënnen informatesch auszestatten.

**Question écrite du 07.03.2022 de M. Christian Welter (Piratepartei):**

Betrëfft: Hygiènesproduiten an ëffentleche Gebaier

Den 21. Mee 2021 hat d'Inneministesch d'Circulaire n°3999 erausginn, an där si d'Gemengen ë.a. invitéiert hat, fir an ëffentleche Gebaier Hygiènesproduite fir d'Menstruatioun gratis ze verdeelen.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz wollt ech Iech froen, ob d'Gemeng dëser Invitatioun gefollegt ass an ob, Stand haut, all Gebaier mat Hygiènesproduiten equipéiert sinn? Falls Nee, wéi eng Gebaier sinn nach net equipéiert a firwat net?

**Réponse écrite du 06.04.2022 du collège des bourgmestre et échevins:**

Déi meescht ëffentlech Gebaier, Schoulen, Maisons Relais a Sportshale vun eiser Gemeng bidden den Dammen elo schonn d'Méiglechkeeten hir Hygiènesproduiten an engem separate Behälter kënnen z'entsuergen.

De Schäfferot huet decidéiert fir momentan keng Hygiènesproduite fir d'Menstruatioun an eisen ëffentleche Gebaier gratis zur Verfügung ze stellen.

---

# Règlements communaux

## Règlement de circulation

Le règlement de circulation à caractère temporaire de la séance du conseil communal du 31 janvier 2022 (point 9) dûment approuvé par:

- le ministère de la Mobilité et des Travaux publics en date du 16 février 2022
- le ministère de l'Intérieur en date du 8 mars 2022

a été publiée du 15 au 18 mars 2022 conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

## Règlement communal relatif à l'octroi d'une subvention dans le cadre de l'achat d'un vélo conventionnel ou d'un cycle à pédalage assisté (Pedelec25)

Formulaire de demande

Ledit règlement communal a été dûment publié du 28 au 31 mars 2022 conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.

# Morcellements de terrains:



**Lotissement / morcellement d'un terrain sis à Pétange, rue Pierre Hamer, n° cadastral 1347/7679.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 28 février 2022, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement de la part de la société SEIA MANAGEMENT SARL concernant deux terrains sis à Pétange, rue Guillaume n° 31, n° cadastraux 569/5211 & 570/8838.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 28 mars 2022, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

**Lotissement / morcellement de la part de la société MP PROMOTION SARL concernant un terrain sis à Rodange, rue Guillaume n° 39, n° cadastral 488/6441.**

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 28 mars 2022, a marqué son accord avec le morcellement sous rubrique.

La délibération précitée et les plans y afférents sont déposés au service de l'aménagement communal à Pétange, rue de la Chiers 1C où le public pourra en prendre connaissance.

*Conformément à l'article 29 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, tout lotissement de terrains réalisé dans une zone soumise à un plan d'aménagement particulier «Quartier existant» est décidé par le conseil communal et publié conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.*

*En exécution de l'article 13 de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives, un recours en annulation devant les juridictions de l'ordre administratif, un recours contre la décision intervenue est ouvert devant le tribunal administratif.*

*Ce recours doit être introduit dans les trois mois de la publication du susdit acte.*

# L'organique sans plastique - C'est esthétique !




Les déchets organiques sont une ressource naturelle et sont plus proches de la nature que tout autre déchet ménager. Ainsi, le plastique, les métaux et le verre n'ont pas leur place dans la poubelle bio pas plus qu'en pleine nature !

Malheureusement, le syndicat Minett Kompost observe encore fréquemment que des sacs en plastiques classiques sont utilisés pour collecter les déchets organiques de cuisine. Certains pensent que les agents peuvent plus facilement les collecter, mais c'est faux! Ces contaminants non compostables ne peuvent être séparés dans le processus de traitement qu'au prix d'un effort technique considérable et des coûts plus élevés.

Cela s'applique également aux emballages en plastique, en métal ou en verre. Si, par exemple, du fromage blanc ou de la confiture se sont gâtés dans le réfrigérateur, seul le contenu doit être jeté dans la poubelle bio, pas l'emballage!

Pour un compost de bonne qualité, il est très important que seules les substances compostables finissent dans la poubelle des déchets organiques.

Un aperçu des substances autorisées pour la poubelle des déchets organiques et des substances qui la contaminent est repris dans le graphique au verso:

# L'organique… sans plastique.

## GO!

**Organesch Offäll an Iessreschter**
***Déchets organiques de cuisine et restes de repas***
***Resíduos orgânicos de cozinha e restos de comida***

Iessreschter
*Restes de repas*
*Restos de comida*

Uebst- a Geméisreschter
*Restes de fruits et légumes*
*Restos de frutas e legumes*

Téi- a Kaffissatz
*Marc de café ou de thé*
*Borras de café e chá*

Kéis- a Fleeschreschter
*Restes de fromages et de viandes*
*Restos de queijos e carne*

Blummen a Planzen
*Fleurs et plantes*
*Flores e plantas*

Kichepabeier
*Papier cuisine*
*Papel de cozinha*

**Gaardenoffäll**
*Déchets de jardin*

Heckeschnëtt
*Tailles de haies*
*Aparas de sebes*

Laf
*Feuilles*
*Folhagem*

Wuesschnëtt an Onkraut
*Gazon et mauvaises herbes*
*Relva e ervas daninhas*

## STOP!

Plastikstuten, Plastiksverpackungen
*Sacs en plastique, emballages en plastique*
*Sacos plásticos, Embalagens de plástico*

Verbondverpackungen (z. B. TetraPak)
*Emballages TetraPak (briques)*
*Embalagens Tetra Pak*

Metaller
*Métaux*
*Metais*

Glas
*Verre*
*Vidro*

Kaffiskapselen
*Capsules de café*
*Cápsulas de café*

Wëndelen a Binden
*Couches et serviettes hygiéniques*
*Fraldas e pensos higiénicos*

Steng a Bauschutt
*Pierres, terre, gravats*
*Pedras, terra, escombros*

Äschen
*Cendres*
*Cinzas*

Kierreschter an Zigarettestëmp
*Balayures et mégots*
*Varreduras e pontas de cigarro*

Déirestree
*Litière pour animaux*
*Leitos para animais*

Staubsaugerbeidel
*Sacs d'aspirateurs*
*Sacos de aspirador*

Textilien a Schong
*Textiles et souliers*
*Têxteis e calçados*

MINETT-KOMPOST.LU

**Trenn gutt ! Triez bien !**